Compte rendu des séances publiques
N° 11 – Session ordinaire 2004-2005

| | | |
|---|---|---|
| 39e | séance, jeudi | 9 juin 2005 |
| 40e | séance, jeudi | 16 juin 2005 |
| 41e | séance, mardi | 21 juin 2005 |
| 42e | séance, mardi | 28 juin 2005 |

Chambre des Députés
LUXEMBOURG


## *Constitution pour l'Europe*

# La Chambre des Députés dit «oui»

### *42e séance – mardi, 28 juin 2005*

**En date du mardi 28 juin 2005, la Chambre des Députés a procédé au premier vote constitutionnel sur le projet de loi 5442 portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004. Ce vote s'inscrit dans la procédure retenue lors de la décision de consulter les électeurs et électrices par voie de référendum.**

**Le 8 juin, la Chambre s'est engagée formellement, par le biais d'une résolution prise à l'unanimité, de respecter le résultat du Référendum. Dans le cas d'un oui, elle procédera au second vote constitutionnel après un délai d'au moins trois mois. Si le non l'emporte, le second vote n'aura pas lieu, et en conséquence, la loi n'entrera pas en vigueur.**



## Ordre du jour

1. Communications
2. Dénomination de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire
3. Ordre du jour
4. 5442 - Projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale - Premier vote constitutionnel)*

***La Présidence de la séance publique est assurée à tour de rôle par M. Lucien Weiler, Président, M. Niki Bettendorf et M. Laurent Mosar, Vice-Présidents.***

***Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.***

***À 15.00 heures, M. le Président Lucien Weiler ouvre la séance publique.***

**M. le Président**.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Neen, Här President.

### 1. Communications

**M. le Président**.- Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Par lettre du 16 juin 2005, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 9 au 12 mai 2005:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un accord-cadre entre la Communauté européenne et la République d'Albanie établissant les principes généraux de la participation de la République d'Albanie aux programmes communautaires,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un accord-cadre entre la Communauté européenne et la Bosnie-et-Herzégovine établissant les principes généraux de la participation de la Bosnie-et-Herzégovine aux programmes communautaires,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un accord-cadre entre la Communauté européenne et la République de Croatie établissant les principes généraux de la participation de la République de Croatie aux programmes communautaires,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un protocole à l'accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, sur un accord-cadre entre la Communauté européenne et l'ancienne République yougoslave de Macédoine établissant les principes généraux de la participation de l'ancienne République yougoslave de Macédoine aux programmes communautaires,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un accord-cadre entre la Communauté européenne et la Serbie-et-Monténégro établis-



sant les principes généraux de la participation de la Serbie-et-Monténégro aux programmes communautaires,

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la signature, au nom de la Communauté européenne, de l'accord entre la Communauté européenne et la Confédération suisse concernant la participation de la Suisse à l'agence européenne pour l'environnement et au réseau européen d'information et d'observation pour l'environnement,

- résolution sur la violence et la criminalité qui sont le fait de l'autoproclamée «Armée républicaine irlandaise» (IRA) en Irlande du Nord, notamment le meurtre de Robert McCartney,

- résolution sur la stratégie de l'Union européenne en vue de la conférence d'Almaty sur la convention d'Århus,

- résolution sur le séminaire d'experts gouvernementaux sur les changements climatiques,

- résolution sur le soixantième anniversaire de la fin de la Deuxième Guerre mondiale en Europe (8 mai 1945),

- résolution sur l'évaluation du cycle de Doha suite à la décision du Conseil général de l'OMC du 1er août 2004.

## 2. Dénomination de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

Op Ufro vum honorablen Här Henri Grethen proposéiert d'Presidentekonferenz d'Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire ëmzebenennen a Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

## 3. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 22. Juni huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg diskutéiert d'Chamber de Projet de loi 5442, den Traité vun der Europäescher Verfassung.

Uschléissend stëmmt d'Chamber an éischter Lecture iwwert dëse Projet de loi of. Bei dësem Projet de loi ass eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt.

Muer steet dann op eisem Ordre du jour:

1) eng Interpellatioun vum Här Jean Huss iwwert de Projet „REACH";

2) de Projet de loi 5444, eng Direktiv iwwert d'Valeurs mobilières;

3) de Projet de loi 5409 iwwert den Assurancësecteur, a

4) d'Projets de loi 5360 an 5361 iwwert d'Institutions de retraite professionnelle. Dës béid Projete ginn nom Basismodell an enger Diskussioun behandelt.

Fir iwwermuer Donneschdeg hu mer um Ordre du jour:

1) d'Question avec débat N°3 vum Här Marco Schank iwwert d'Waasserqualitéit;

2) de Projet de loi 5449 iwwert den Aménagement communal, an

3) de Projet de loi 5455 iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Kautebaach a Wëlwerwolz.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou decidéiert.

D'Chamber befaasst sech also haut de Mëtteg mam Projet de loi 5442 iwwert den Traité vun der Europäescher Verfassung. D'Riedezäit ass nom Modell 4 festgeluecht an et si bis elo ageschriwwen: den Här Wolter, den Här Goerens, den Här Bodry, den Här Bausch, d'Madame Flesch, d'Madame Err, den Här Huss, den Här Meisch an den Här Castegnaro. D'Wuert huet elo fir d'éischt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 5442 - Projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg brauch d'Europäesch Unioun méi wéi iergendeen anert Land. D'Europäesch Unioun war an ass fir Lëtzebuerg säit dem Enn vum Zweete Weltkrich e Glécksfall, deen ons zu engem modernen, räichen a sozial gerechte Land gemaach huet. D'Europäesch Unioun ass d'Garantie fir ons Eegestännegkeet an ons Identitéit. Si schützt ons virun Nationalismus a Gläichmaacherei an Europa. Si hëlleft ons um Wee fir an d'Zukunft.


Wa mer den 10. Juli 2005 iwwert d'Europäesch Verfassung ofstëmmen, da stëmme mer och iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun of. Mir stëmmen derbäi iwwer en europäesche Gesellschaftsmodell of, dee modern Wirtschaft, soziale Schutz an Nohaltegkeet am Gläichgewiicht hält.

D'Europäesch Unioun ass eng eemoleg Entreprise an der europäescher Geschicht. Et ass de réusséierten Zesummeschloss vu souveräne Länner, déi aus fräie Stécker zesummeschaffen, fir Fridden a Wuelstand ze schafen. Dës Unioun huet sech iwwer en halleft Jorhonnert entwéckelt a gefestegt. D'Haaptzil war an ass et, duerch Zesummenaarbecht d'Géintenee vun de Länner, nämlech den Nationalismus ze iwwerwannen.

Trotz deem hallwe Jorhonnert Zesummenaarbecht, Dir Dammen an Dir Hären, bleift dës Konstruktioun eppes Fragiles. Dat ëmsou méi wéi et ënnert de Länner grondverschidden Opfaassungen iwwert dës europäesch Konstruktioun gëtt, an och iwwert d'Zukunft vun der europäescher Integratioun.

Mir wëlle Solidaritéit, anerer wëllen Egoismus. Mir wëllen en Europa fir d'Mënschen, anerer wëllen en Europa fir de Profit. Mir wëllen ons Sozialsystemer an öffentlech Déngschter erhalen an ausbauen, anerer wëllen se um Altor vum Wuesstëm opferen. Mir wëllen nohaltege Wuesstëm, anerer wëlle Wuesstëm zu egal wat fir engem Präis.

E Jo zur Europäescher Verfassung ass duerfir e Jo zur europäescher Zesummenaarbecht, ass e Jo um Wee weider zu méi a méi effikasser Zesummenaarbecht. En Neen ass eng Aventure, well kee weess wou en hiféiert. Den Neen a Frankräich an an Holland huet d'Europäesch Unioun an eng déif Kris gepucht. Wa Lëtzebuerg trotz dem Neen haut d'Constitutioun ratifizéiert an d'Vollek den 10. Juli doriwwer ofstëmmt, ass dat eng staark Ausso fir all déi Fortschrëtter, déi an der



Verfassung fir e bessert Europa stinn.

Här President, dat wat mer an där ganzer Campagne iwwert d'Verfassung opgefall ass, ass engersäit en déift Onverständnis vun der Europäescher Unioun, mä och d'Fuerderung no engem ganz aneren Europa wéi deem, wat mer 50 Joer a fräier Partnerschaft mat den anere Länner opgebaut hunn.

Mir hunn elo eng Europäesch Unioun mat 25 onofhängegen a fräie Länner, déi Deeler vun hirer Souveränitéit zesummeleeën an an der Europäescher Unioun zesumme géréieren. Dës Unioun däerf nëmme maachen, wat d'Länner wëllen dass se mécht. Et gëtt awer Leit, déi mengen, et kënnt ee Länner an eppes eraforcéieren, wat se net wëllen. Déi liewen nach a Virstellunge vu virun 1990.

Nun ass d'Europäesch Unioun awer keng Sowjetunioun, wou alles vun uewen erof décidéiert géif. Bréissel ass net Moskau!

***(Hilarité)***

Et gëtt der och, déi mengen, et kënnt een duerch en Neen zur Verfassung eng Neiverhandlung kréien an erfollegräich duerchzéien. Dat ass am beschte Fall eng Illusioun, am schlëmmste Fall e Bedruch. D'Illusioun ass amgaang a Frankräich ze platzen, wou d'Koalitioun vum Nee keng Alternativ fäerdeg bruecht huet, mä d'Europäesch Unioun an eng Kris gestierzt huet.

Déi Illusioun platzt och an Europa! Déi 25 Länner, déi mat vill Méi de Verfassungsvertrag ausgehandelt an ënnerschriwwen hunn, handelen nämlech keen neie Vertrag aus, och net no der Päif vum Här Emmanuelli, de franséische Kommunisten an Trotzkisten, oder den Hären Hoffmann, Turpel a Kompanie.

***(Interventions diverses)***

Ech warnen an deem Zesummenhang d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger virun eppes aneschters, wat hannert dem Neen a Frankräich an zu Lëtzebuerg läit. Et ass d'Virstellung vun engem anescht strukturéierten Europa wéi dat, wat mer elo hunn. Ënnert dem Deckmantel vun engem méi sozialen Europa soll en zentraliséiert Europa entstoen, wa méiglech no franséischem Muster. En Europa, an deem d'Steieren an de Sozialstat vun uewen erof décidéiert solle ginn. En Europa, an deem d'TVA iwwerall esou héich wéi a Frankräich soll ginn. En Europa, an deem d'franséisch Steierverwaltung an de Lëtzebuerger Banken aus an a géif goen.

Am Europa vum Här Emmanuelli huet Lëtzebuerg keng Chance, seng Nischen ze besetzen, seng Flexibilitéit a seng Trëmp auszespillen. Den Här Emmanuelli huet schonn e puermol kloergemaach, dass en net frou mat Lëtzebuerg ass. Mir sinn no sengen Aussoen en „paradis fiscal" an en „État antisocial", deen duerch en anert Europa bekämpft muss ginn. Et ass deeselwechten Här Emmanuelli, deen de Comité vum Neen op Lëtzebuerg invitéiert, fir d'Lëtzebuerger zum Neen ze bekéieren.

Här President, an der Verfassung gesinn ech sechs wichteg Schrëtt no vir:

Fir d'éischt ginn all bestehend Vertragsbestëmmungen an engem Text zesummegefaasst. Doduerch gëtt et fir jiddferee méi einfach, d'Grondlagen an d'Bestëmmunge vun der Europäescher Unioun ze verstoen.

Deen éischten an deen zweeten Deel hu konstitutionelle Charakter, mä och den drëtten Deel, well e beschreift, wéi d'Repartitioun vun de Kompetenzen tëschent de Memberlänner an der Unioun genee verleeft.

Zweetens enthält d'Verfassung d'Grondwäerter an d'Normen op déi d'Europäesch Unioun opbaut. Si enthält den europäesche Gesellschaftsmodell mat de Finalitéiten, déi d'Länner zesummen ustriewen: eng Sozialmaartwirtschaft, dat heescht eng fräi Wirtschaft, déi an der Welt vun haut konkurrenzfäeg ass; e soziale Modell, deen ëmverdeelt a schützt; Solidaritéit ënnert de Leit, de Länner an de Regiounen, Nohaltegkeet an Ëmweltschutz.

Dat, mat där Klorheet niddergeschriwwen, ass eng verfassungsméisseg festgeluechten Obligatioun. Et ass fir d'éischt an där Klorheet d'Visioun vun der europäescher Gesellschaft.

Drëttens verbessert d'Verfassung de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun no bannen an no baussen.

Véiertens gëtt d'Europäesch Unioun méi demokratesch a méi transparent, mat méi Pouvoire fir d'Europaparlament an d'national Parlamenter am europäesche Gesetzgebungsprozess.

Si deet sech op fir d'Bierger duerch de verfassungsméisseg festgeluechte Sozialdialog, wéi och den Agréff vun der Zivilgesellschaft an d'politescht Liewe vun Europa.

Fënneftens enthält d'Verfassung wichteg Bestëmmunge fir d'Aussepolitik an d'Sécherheetspolitik vun de Länner ze verstäerken.

A sechstens gëtt et méi einfach zesummen, fir eis bannenzeg Sécherheet ze schaffen an e Raum vu Recht a Gerechtegkeet ze schafen.

Här President, et gëtt vill Froen iwwert d'Europäesch Unioun an iwwert de Verfassungsvertrag an der Populatioun. Et ass nun awer net esou - an dat wëll ech hei an dëser Chamber ganz kloer soen - wéi wann déi Verfassung elo op eemol aus dem Näischt entstane wär.

Vill Organisatiounen, Beruffschamberen, wirtschaftlech a sozial Akteuren hu sech zum Vertrag ausgedréckt. Et muss een hinne Merci soe fir hir Aarbecht. Et ass och d'Geleeënheet fir de Kolleeginnen an de Kolleegen aus der Chamber Merci ze soen, déi sech an deene leschte Joren am éischten, wéi am zweete Konvent investéiert hunn - déi zwee Konventer wore keng Constituanten, mä trotzdeem demokratesch an offe Veranstaltunge fir d'éischt an der Geschicht vun der Europäescher Unioun -, si verdénge weder d'Ironie vum Conseil d'État, nach d'Frechheete vun de Gurue vum Neen.

Am éischte Konvent fir d'Ausaarbechtung vun der Charta vun de Grondrechter waren dat hei aus der Chamber: den Här Paul-Henri Meyers, d'Madame Simone Beissel, d'Madame Renée Wagener an ech selwer.

Am zweete Konvent: den Här Paul Helminger, d'Madame Renée Wagener, den Här Gast Gibéryen…

***(Interruption et hilarité)***

**Plusieurs voix**.- Oh!

**M. Ben Fayot** *(LSAP), rapporteur.*- …an ech selwer fir d'Chamber, an den Här Jacques Santer an den Här Nicolas Schmit fir d'Regierung.

Déi Konventsmitglieder hunn offen an öffentlech iwwer Europa diskutéiert. D'Chamber huet an de Joren 2000, dunn 2003 Auditiounen organiséiert. Si hat Débaten iwwert d'Ausriichtung vun deenen zwee Konventer. Si huet all Kéiers eestëmmeg déi Orientatioune festgeluecht, déi d'Vertrieder vun der Chamber an deene Konventer verfollegt hunn.

Et gëtt dozou Motiounen, déi all Fraktioun hei matgedroen huet.

***(Interruption)***

Nëmmen ee Beispill: Mir hunn dënschdes, den 1. Juli 2003 nom Enn vum zweete Konvent hei eestëmmeg eng Motioun ugeholl, ënnerschriwwe vum Här Gibéryen,…

***(Interruption)***

…vum Här Helminger, vum Här Claude Wiseler a vum Här Jos Scheuer a mir selwer. Eestëmmeg heescht och déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl ginn an dat heescht och, dass den Deputéierte vun déi Lénk, den Här Serge Urbany, se deemools matgestëmmt huet.

***(Interruptions)***

An där Motioun gouf d'Réussite vum Konvent begréisst, et gouf begréisst, dass d'Démocratie participative agefouert gëtt, dass d'Charte vun de Grondrechter an d'Verfassung integréiert gëtt, dass d'Wertegemeinschaft op eng Verfassungsbasis gesat gëtt an dass d'Roll vun den nationale Parlamenter verstäerkt gëtt.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Ben Fayot** *(LSAP), rapporteur.*- Haut ass dat laang hier. Keen erënnert sech méi drun, weder den ADR, nach déi Lénk, déi monter op d'Verfassung klappen.

Déi Konventer u sech waren e wichtege Schrëtt hin zu méi Transparenz an Demokratie.

Mir wëssen, dass de Verfassungsgeber an Europa d'Regierunge sinn. Si hunn deenen zwee Konventer Mandater ginn an d'Konventsmitglieder hu sech an deem Kader beweegt an dofir konnten se och net déi bestoend Verträg ëmänneren oder nei Kompetenze fir d'Europäesch Unioun schafen. Sou laang d'Europäesch Unioun e Bond vu 25 onofhängege Staten ass wäert dat esou bleiwen.

D'Chamber huet duerch hir Mataarbecht an de Konventer eng Responsabilitéit un deem Ganzen an dofir ass et nëmmen normal, dass se d'Campagne fir d'Verfassung matmécht, mat Auditiounen, mat Versammlungen uechtert d'Land, an dat op eng oppen a fair Manéier ouni Matraquage, ouni Materialschluecht, dëst ass am Respekt vu verschiddene Meenungen geschitt a geschitt all owes weider.

Dëst ass, fannen ech, beispilllos an der Geschicht vun dëser Chamber. Et ass bei all deem souzesoen net zu innenpolitesche Grabenkämpf

komm. D'Chamber huet den Interesse vu Lëtzebuerg an Europa am A an huet sech an all hiren Aktiounen duerno orientéiert.

Ech wëll elo net vergiessen, dass déi ganz europäesch Zeen - wat oft ënnert den Dësch fält wann hei zu Lëtzebuerg iwwert d'Verfassung an de Konvent geschwat gëtt - vu wirtschaftlechen a sozialen Akteuren, vun ONGen aus deene verschiddenste Beräicher, vu Lobbyen, e groussen Undeel un deem Resultat vum Konvent an also och vun där Verfassung hunn.

Ech erënnere mech drun, dass mer zu enger 40 an deem Konvent mat dem europäesche Gewerkschaftsbond, mat sengem deemolege Chef dem Emilio Gabaglio, mat Politiker aus alle politesche Familljen en Aarbechtsgrupp iwwer Sozialfroen imposéiert hunn an dass mer zesumme mat deenen Akteuren an och aus dem Wirtschafts- a Sozialrot déi Artikelen a Formulatiounen duerchgesat hunn, déi dem Vertrag eng aner, eng méi sozial Nues ginn, wéi all Vertrag virdrun.

Datselwecht war iwwregens schonn de Fall am éischte Konvent iwwert d'Kapitel Solidaritéit an der Charta, en neit Kapitel am Vergläich zur Europäescher Mënscherechtskonventioun op déi d'Charta sech an der Haaptsaach baséiert.

An dofir - dat muss ech éierlech soen - freeën ech mech iwwert dee breeden Accord vun de grousse Gewerkschaften: vum europäesche Gewerkschaftsbond, wéi deen och vum OGB-L an dem LCGB, de Beruffschambere vu Salariat a Patronat.

Mir freeën eis selbstverständlech och iwwert dee liewegen Débat an der Populatioun an do begräifen ech selbstverständlech all déi an, déi deen Débat och animéieren, ob dat de Comité fir de Oui oder den Non ass.

Här President, ech wëll hei virun allem op sechs grouss Froen agoen, déi ëmmer erëm am Zesummenhang mat der Verfassung opgeworf ginn.

Fir d'éischt ass et d'Fro, firwat dass mer dann hei vu Verfassung schwätzen.

D'Diskussioun heiriwwer war net ëmmer vun der gréisster Logik gekennzeechent. Déi eng hu behaapt, elo géif alles definitiv an de Marber gestanzt, elo kéint fir déi nächst 50 Joer näischt méi geännert ginn, wéi wann ni eng national Verfassung geännert gi wär. Déi aner hu sech iwwert den Ausdrock Verfassung opgereegt oder amüséiert a gemengt et géifen heimat falsch Virstellunge geschafen.

Dorop ass ze äntwerten, dass d'Verfassung reng juristesch selbstverständlech en internationale Vertrag tëschent 25 Länner ass - 25 onofhängeg Länner, déi och onofhängeg wëlle bleiwen - an dee Vertrag ass wéi all Vertrag ze ännere wann dann d'Konditiounen et verlaangen a wann d'Länner och alleguerten domat averstane sinn.

Dëst ass an der Vergaangenheet e puermol geschitt, et geschitt och an Zukunft nach oft, an dass dee Vertrag, wéi déi meescht europäesch Verträg bis elo, op onbeschränkt Zäit ofgeschloss gëtt ännert näischt dorunner.

Just eng Klamer dozou: Et ginn all Dag nei Argumenter géint d'Verfassung erfonnt. Et gëtt do Droitsprofesseren, Assistenten op den Unien, déi deen Text kräiz a quer duerchkucken an déi dann ëmmer erëm nei Saache fannen. An ech hunn da fonnt, dass dann och fonnt ginn ass, dass et schrecklech wier dass dee Vertrag elo géif op onbeschränkt Zäit ofgeschloss ginn. Dobäi steet dat do an allen europäesche Verträg, ausser am CECA-Vertrag vun 1952, deen 2002 ausgelaf ass. Mä ëmmer sinn déi Verträg op onbeschränkt Zäit festgehale ginn, well mer jo och hei an enger Entreprise sinn, déi soll an der Geschicht daueren, déi soll weidergoen, déi sech soll weiderentwéckelen.

Dofir, mengen ech, ass dat just eng Remarque wäert, esou eng Oppositioun. Mä et mierkt een, dass ëmmer erëm d'mënschlech Inventivitéit nei Argumenter géint d'Verfassung fënnt, an nei Argumenter, déi näischt weider bréngen.

Här President, d'Virstellung vum Konvent war et, am éischten an am zweeten Deel d'verfassungsméisseg Bestëmmungen zesummenzefaassen, fir endlech d'Europäesch Unioun verständlech ze maachen an aus der Europäescher Unioun méi ze maache wéi e Maart, nämlech eng Wertegemeinschaft gradewéi eng politesch staark integréiert Unioun.

D'Diskussioun iwwert déi zwee Deeler war intensiv a richtungsweisend. A wann Der um Internet gekuckt hutt, wéi vill Amendementer zu deenen éischten Artikele vun alle Säiten am Konvent komm sinn, vu baussen och vum Konvent, also vun där Zivilgesellschaft, déi sech dofir interesséiert huet, da gesitt Der wéi ausféierlech déi Diskussioun war a wéi intensiv déi Diskussioun war.

Als Beispill wëll ech d'Diskussioun iwwert d'Gläichheet vu Fraen a Männer zitéieren. D'Fro war am Artikel 2 vum éischten Deel, ob et néideg wär, niewent der Gläichheet allgemeng, nach spezifesch d'Gläichheet zwësche Fraen a Männer als Grondwäert vun der Europäescher Unioun ze betounen. Dëst war eng Fuerderung vun der Fraelobby vu ganz Europa; huet vill Frae mobiliséiert, an alle Länner. An déi Leit, déi am Konvent waren, krute Mailer vun hire Vertrieder vun där Lobby an de jeeweilege Länner.

An et ass dann och esou erauskomm, dass an deem Artikel iwwert d'Grondwäerter och d'Gläichheet vu Fraen a Männer als e Grondwäert agesat ginn ass.

Et sinn also wuel Verfassungsbestëmmungen, an dat ass och esou bestierkt gi vun deene Leit, déi dat ausgeschafft hunn an déi dorunner deelgeholl hunn, déi an deem éischten an am zweeten Deel enthale sinn.

Mä och den drëtten Deel huet konstitutionelle Charakter. An deem Sënn, dass déi Kompetenzen, déi am éischten Deel an déi Grondrechter, déi am zweeten Deel festgeluecht ginn, am drëtten Deel genee beschriwwen an ëmschriwwe ginn.



D'Europäesch Unioun ass nun emol kee souveränen Nationalstat. D'Europäesch Unioun ass e Bündnis, dat nëmmen déi Pouvoiren huet, déi d'Nationalstaten em ginn. An dofir d'Noutwendegkeet vun enger verfassungsméisseger Ëmschreiwung vun de Kompetenze vun deem Bündnis.

Déi zweet Fro, déi ëmmer erëm opgeworf gouf a gëtt - all Dag héiert Der se -, ass déi vum sou genannten neoliberale Charakter vun der Verfassung.

D'Europäesch Unioun ass e Bündnis vu Länner, déi alleguer fir déi fräi Maartwirtschaft a géint eng staatlech dirigéiert Wirtschaft sinn. Ënnert deene Länner gëtt et der, déi méi liberal sinn, anerer, déi et manner sinn. Et gëtt der, déi 40 Joer laang de real existéierende Sozialismus am Sowjeträich erfuer hunn an näischt méi vun dirigéierter Ekonomie wësse wëllen.

Lëtzebuerg ass säit jeehier wirtschaftlech en äusserst liberaalt Land, mat engem enke Sozialnetz. Onse wirtschaftleche Liberalismus huet ons dozou gefouert vun Délocalisatiounen ze profitéieren an Nischen ze besetzen. Onse Räichtum, mat deem mer onst Sozialnetz gradewéi ons öffentlech Verwaltungen an öffentlech Déngschter bezuelen, berout op offene Mäert a Konkurrenzfäegkeet, op gläiche Chancë fir d'Länner alleguer.

D'Fro ass awer haut net méi déi vun der Maartwirtschaft, d'Fro ass haut déi vun der Äntwert vun onse Länner op d'Erausfuerderunge vun onser Zäit.

Fanne mer als Europa eng Äntwert zesummen op d'Konkurrenz mat China, Indien, Japan, den USA? Si mer konkurrenzfäeg oder gëtt Europa zu enger Géigend, déi stagnéiert an hannendra fält? Kënne mer d'Aarbechtslosegkeet zesumme bekämpfen oder maache mer dat, wéi mer dat elo maachen, jiddferee fir sech?

Dëse Verfassungsvertrag, an ech muss soen, dat ass menger Ansicht no e Manktum, enthält keng nei Mëttelen a Weeër an där Hinsicht, well kee Land seng Beschäftegungspolitik ofgi wëllt. De Lissabon-Prozess begnügt sech mat der Koordinatioun vun eegestännegen nationale Politiken. Souwuel um steierleche Plang wéi um Plang vun der Schoul an der Beruffsbildung behalen d'Länner hir voll Souveränitéit. D'Steiere bleiwe vun der Unanimitéit bestëmmt, sou wéi Lëtzebuerg dat an der Regierungskonferenz gefrot huet.

Den Exposé des motifs vum Projet de loi seet awer - ech wëll dorobber hiweisen, ech fannen et eng interessant Orientatioun -, dass à terme d'Unternehmensbesteierung harmoniséiert soll ginn, fir den Dumping social ze verhënneren. An domat kéint een dann och, seet den Exposé des motifs, nach eng Dosis Majoritéit aféieren.

D'Unien an d'Fuerschung sinn a bleiwen national Kompetenzen. D'Europäesch Unioun kann op deem Plang mat hirer Compétence d'appui héchstens Austauschprogrammer virschloen. An der Fuerschung soll mol en europäesche Fuerschungsraum geschafe gi mat pluriannuelle Rahmeprogrammer, deenen hir Existenz awer natierlech vun den néidege Finanzmëttelen ofhänkt.

Wesentlech fir déi fräi Maartwirtschaft ze encadréiere sinn déi sou genannt horizontal Artikelen am Ufank vum drëtten Deel vun der Verfassung, déi gär iwwersi ginn, déi awer eng grouss Bedeitung hunn an och, zum Deel wéinstens, ganz nei sinn. Si bestëmmen, dass d'Gläichheet vu Mann a Fra, de Kampf géint d'Ongläichheeten allgemeng, den Asaz fir en héije Beschäftegungsgrad, fir Sozialschutz, géint all Diskriminéierung, fir den Ëmweltschutz an de Verbraucherschutz, an all Politik musse respektéiert an aktiv bedriwwe ginn.

Hei si wichteg a ganz konkret verfassungsméisseg festgeluechten Hiewele fir Parlament a Conseil, fir ONGen a Gewerkschaften, op alle Gebidder équilibréiert Léisungen duerchzesetzen.

Am Zesummenhang mat der Diskussioun iwwert den Neoliberalismus geet vu sozialem Dumping Rieds an direkt duerno och vun der Bolkestein-Direktiv an der Aarbechtszäitdirektiv. Sou leeft d'Argumentatioun ëmmer an de Versammlungen; mir wëssen dat, well mer dat schonn oft matgemaach hunn.

De sozialen Dumping behält Lëtzebuerg mat senger sozialer Gesetzgebung am Grëff.

Onst Aarbechtsrecht gëllt fir jiddfereen, deen zu Lëtzebuerg schafft, ob vu baussen oder vu bannen. Weder d'Verfassung, nach déi bestehend Verträg, stellen dat a Fro. Dozou komme gesetzlech Instrumenter, déi d'Europäesch Unioun ons an de leschte Jore ginn huet, wéi zum Beispill d'Entsenderichtlinie, déi d'national Mäert och géint den Dumping aus Niddreglounlänner schützt.

Déi zwou uewe genannten Direktiven, déi wéi Arguments massue vun den Nee-Vertrieder gebraucht ginn, hu mat bestehende Verträg ze dinn, déi an der Verfassung net geännert ginn. Et gëtt awer ëmmer bei der Diskussioun iwwert déi Direktiven oder déi Projets de directive ënnerschloen, dass et se nach net gëtt. Et gëtt gemaach wéi wa se scho fest do wären.

Eng Oflehnung vun der Verfassung géif also weder déi Direktive vernichten, nach se änneren, well déi bestehend Verträg bestoe bléiwen, awer dann ouni déi zousätzlech sozial an ekonomesch Garantien, déi an der Verfassung stinn.

Am Géigendeel kann d'Ratifikatioun vun der Verfassung nei Instrumenter ginn, fir esou Direktive besser ze bekämpfen, wa se dann zum sozialen Ofbau féiere géifen.

Déi drëtt Fro, déi ëmmer erëm opgeworf gëtt, betrëfft déi öffentlech Déngschter. Och dat ass eng Diskussioun, déi bei de Beschäftegte vun onser Eisebunn an aneren öffentlech-rechtleche Betriber a Verwaltunge fir Diskussioun an Onrou suergt.

Ob een dobäi vu Service public oder vu Service d'intérêt économique général schwätzt, ass a mengen Aen e Wuertspill ouni Bedeitung, wann dann d'Objektiver kloer si vun deem, dee schwätzt.

D'Europäesch Unioun bekëmmert sech net ëm Services publics net kommerzieller Natur. Dat heescht, dass se sech net ëm d'Schoul, net ëm de Gesondheetsdéngscht mat Spideeler, Medezin, Fleeg bekëmmert. Si bekëmmert sech net ëm Sozialdéngschter an och net ëm d'Mindestakommes, net ëm déi öffentlech Kranken- an Altersverséecherung. Dëst ass d'souverän Kompetenz vun all Land.

D'Europäesch Unioun huet gedeelte Kompetenze fir Transportmëttelen op der Strooss an der Schinn, fir Telekommunikatiounen, Post an Energie.

Et ass einfach falsch ze behaapten, d'Europäesch Unioun wëllt déi Servicer duerch Libéralisatioun a Privatisatioun futtimaachen. Sou leeft dat net!

D'Europäesch Unioun huet villen öffentleche Betriber e grousse Maart opgemaach a se doduerch zur voller Entfalung bruecht. Dat gëllt a Frankräich zum Beispill fir d'EDF an d'SNCF. Dat gëllt fir d'Lëtzebuerger Post an Telekommunikatioun, déi haut eng héich profitabel a performant Entreprise ass, déi op hir Clienten ageet. Och d'CFL gëtt ëmmer besser an hiren Déngschtleeschtunge fir Clienten am Land an an der Grossregioun.

An och fir de Fret setzt dës Regierung voll op d'Schinn am Land wéi och iwwert d'Grenzen eraus. Kee wëllt den öffentlechen Déngscht futtimaachen, mä villméi him Chancë fir d'Zukunft opmaachen.

Hei besteet sécher en echte Problem ze wëssen, wat öffentlechen Déngscht ass a wat ënner Konkurrenz fält, dat heescht wat nach öffentlech finanzéiert ka ginn a wat net. Dëse Problem gouf och intensiv am Konvent diskutéiert, an doraus entstoung dee wichtegen Artikel 122, deen och net aus dem Näischt entstanen ass, einfach esou, mä aus engem konsequenten Asaz vu ville fir den öffentlechen Déngscht. Domat gëtt eng legal Base geschaf, fir en europäescht Gesetz iwwert d'öffentlech Déngschtleeschtungen auszeschaffen.

Véiert Fro: Vill Mëssverständnisser gëtt et am Zesummenhang mat der Charta vun de Grondrechter. Déi eng fannen, dass nach vill méi Rechter drastoe missten, wéi den Droit au logement, den Droit à divorce, den Droit à l'avortement an esou weider. Déi aner reege sech op, dass den Droit au travail duerch den Droit de travailler ersat géif.

Mir hunn x-mol an onse Versammlunge gehéiert, wat alles net an der Charta wär. Mir hunn awer net eng Kéier gehéiert, wéi wichteg et ass, dass et déi Charta vun de Grondrechter iwwerhaapt gëtt! An dass se nach verstäerkt gëtt duerch d'Absicht vun der Europäescher Unioun, déi an der Verfassung verankert ass, fir als Europäesch Unioun der Europäescher Mënscherechtskonventioun bäizetrieden.

Et war zu Nice am Dezember 2000 net méiglech, d'Charta an de Vertrag opzehuelen. Si ass deemools eng reng Deklaratioun bliwwen. Si war domat net bindend. Dat bréngt dës Verfassung fäerdeg. Duerfir loosse mer eemol positiv sinn an ënnersträichen, dass et kee Kontinent gëtt, deen esou emfaassend akloerbar Grondrechter fir seng Bierger virgesäit wéi Europa duerch d'Europäesch Unioun an duerch déi Charta.

D'Charta vun de Grondrechter ass kee komplette Katalog vun alle méigleche Rechter. Dee Katalog gëtt et och net an den nationale Verfassungen. Och d'Lëtzebuerger Verfassung enthält weder e Recht op Scheedung nach e Recht op Ofdreiwung. D'Charta enthält awer déi wesentlech Grondrechter vun all Europäer, esou wéi se säit 50 Joer an der Europäescher Mënscherechtskonventioun bestinn an onst Liewe bestëmmen.

Dës Grondrechter kënnen, wann d'Verfassung da kënnt, virum Europäesche Geriichtshaff ageklot ginn, géint d'Kommissioun, géint d'Institutiounen, géint den Nationalstat, wann en europäescht Recht exekutéiert. Derniewent behält all Bierger seng national Rechter wéi se a senger Verfassung stinn a wéi seng Gesetzgebung se ausféiert. Dat heescht am Kloertext, dass den Divorce, deen eng national Kompetenz ass, net vun der Charta beréiert gëtt, dass den Avortement, deen eng national Kompetenz ass, net vun der Charta betraff ass.

An da wëll ech och nach soen: Op déi Fro, déi ëmmer erëm gestallt gëtt, ob dann elo dës Verfassung mat all hire Komponenten déi national Verfassung géif ersetzen, géif zréckdrécken, ass et jo kloer, dass dës Verfassung um europäesche Plang hire Wäert huet, an déi national Verfassung selbstverständlech bestoe bleift a voll hir Effete bréngt.

En anert gesellschaftspolitescht Thema ass déi berühmt Gottesreferenz, déi vum Vatikan verlaangt gouf. Während dem Konvent war dat eng laang Diskussioun. Lëtzebuerg insgesamt huet dat net matgemaach, an dat ass gutt esou. D'Präambel vun der Verfassung schwätzt vu kulturellen, humanisteschen a reliéisen Ierfschaften.

Den Artikel 52 am éischten Deel seet, d'Europäesch Unioun géif dee Statut respektéieren, deen d'Kierchen an d'net kierchlech a philosophesch Organisatiounen an de jeeweilege Länner hunn. An den Artikel 52 seet och, dass d'Europäesch Unioun den Dialog mat de Kierchen an de philosopheschen Organisatioune sicht. Ech muss soen, déi meescht - esou wéi och ech - hate kee Problem mat deem Dialog.

Här President, deen Artikel heescht - dat ass och net oninteressant trotzdeem ze ënnersträichen, well mer dat oft och an de Versammlungen héieren -, dass all Land säi Verhältnis mat senger Kierch oder senge Kierchen a sengen Organisatioune selwer bestëmmt. De Voile oder net, d'Schächten oder net, Statskierch oder laizistesch Trennung vu Kierch a Stat, alles dat ass national Kompetenz, an déi d'Europäesch Unioun sech net mëscht. Si weist awer op hir Wäerter an Normen hin, wéi Netdiskriminéierung, Gläichheet, Toleranz, Fräiheet, Respekt virun der Diversitéit.

An do gëtt et sécher tëschent deenen allgemenge Wäerter vun der Europäescher Unioun an deenen nationale Regelunge Konfliktpotenzial, wou mer dann och europäesch Geriichtshäff hunn, och den Europäesche Geriichtshaff vun de Mënscherechter zu Stroossbuerg, fir dat Konfliktpotenzial ze entschärfen, och da besonnesch wann d'Europäesch Unioun an déi Mënscherechtskonventioun adhéréiert.

Här President, wéi d'Chamber am Joer 2000 - dat ass och scho laang hier - un all Haushalter vu Lëtzebuerg e Questionnaire iwwert d'Europäesch Unioun verschéckt huet, krut se vun iwwer 10.000 Biergerinnen a Bierger als Haaptmessage erëm, dass zwou Saache misste verbessert ginn, nämlech déi bannenzeg Sécherheet an d'Optriede vun Europa no baussen.

Déi fënneft Fro, déi ech also uschwätze wëll, betrëfft de Raum fir Fräiheet, Sécherheet a Gerechtegkeet. An engem Europa ouni Grenzen ass déi international Kriminalitéit eng Gefor. Et ass eent vun de sensibelste Gebidder, wou d'Länner am stäerksten op hir Souveränitéit halen: Zesummenaarbecht vun de Policen an der Justiz, Froe vun Unerkennung vu Geriichtsuerteeler, Asyl- an Immigratiounspolitik, Rapprochement vu Strofrecht an Zivilrecht si sensibel a komplex Gebidder, op deenen am Konvent grouss Fortschrëtter erreecht goufen.

Sou gëtt an Zukunft d'Gestioun vun de Baussegrenze gemeinsam organiséiert. Eng gemeinsam Asylpolitik mat Protection subsidiaire a Protection temporaire gëtt ausgeschafft. Och d'Immigratiounspolitik soll gemeinsam traitéiert ginn, ouni dass allerdéngs d'Zuel vun den Immigrante gemeinsam festgeluecht gëtt. De Mënschenhandel, besonnesch och vu Fraen a Kanner, soll gemeinsam bekämpft ginn. Souwuel Europol wéi Eurojust sollen iwwert d'europäesch Gesetzer weiderentwéckelt ginn. D'national Parlamenter sollen och an Zukunft an d'Kontroll vun Europol matagebonne ginn.

Och den Europäesche Geriichtshaff gëtt kompetent um Gebitt vun der geriichtlecher Zesummenaarbecht am Strofrecht an der Kooperatioun vun der Police. De Geriichtshaff kann och d'Mesurë géint physesch Persounen am Kader vun der Aussepolitik kontrolléieren. Eenzelpersoune kënnen an Zukunft méi oft virun de Geriichtshaff goen, well se net mussen direkt an individuell concernéiert sinn, mä nëmmen direkt.

Nächst Fro a sechst Fro, lescht Fro, d'Optriede vun Europa no baussen a seng Sécherheet vis-à-vis vun anere Länner. Europa ass e Block vu 450 Milliounen Awunner an déi éischt Wirtschaftsmuecht vun der Welt. Europa huet an der Verfassung Objektiver no baussen, ouni déi et seng Objektiver no bannen net erreeche kann. Fridde schafen, anere Länner hëllefen sech entwéckelen, d'Charta vun der UNO hëllefen duerchsetzen, also un der Gouvernance vun der ganzer Welt deelhuelen.

Europa brauch Stabilitéit a Sécherheet u senge Grenzen. Déi ganz Action extérieure vun Europa muss kohärent an hire verschiddenen Zilsetzunge sinn. D'Aussen- a Sécherheetspolitik war an ass oft Objet vu grousse Meenungsënnerscheeder tëschent de Memberlänner. Déi eng wëllen e staarkt Europa an der Welt, als Géigegewiicht zu Amerika, déi aner wëllen hir eegen national Aussepolitik. Besonnesch déi grouss Länner halen op hir Eegestännegkeet. Frankräich an England denken net drun, hire Sëtz am Sécherheetsrot vun der UNO opzeginn.

Den Irak-Krich huet gewisen, dass all Land seng voll Handlungsfräiheet a Froe vu Krich a Fridde behale wëllt. Dorunner ännert d'Verfassung näischt. D'Eestëmmegkeet bleift de Prinzip, et ka kee Land forcéiert ginn, opzerüsten. Et gëtt och keng europäesch Arméi. Zu Lëtzebuerg gëtt och de Militärdéngscht net méi agefouert. Mir musse muer och net sozial ofbaue fir ons Mëttelen ze ginn, an der internationaler Solidaritéit géint den Terrorismus virzegoen.

Zwar gëtt et en Ausseminister, mat engem Fouss am Conseil a mat engem Fouss an der Kommissioun. Engem Mann oder enger Fra d'Fiedem an d'Hand ginn ass en institutionelle Fortschrëtt, mä keen inhaltlechen. Wann och d'Verfassung déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik net revolutionéiert, mécht d'Sécherheets- an d'Verdeedegungspolitik e Sprong no vir.

Den éischte Punkt dovunner ass d'Solidaritéit ënnert de Länner. Et gëtt eng Solidaritéitsklausel no där d'Europäesch Unioun an hir Memberlänner engem Land vun der Europäescher Unioun hëllefe wat ënner enger terroristescher Attack oder ënner enger Katastroph ze leiden huet an et gëtt eng zweet Solidaritéitsklausel, déi seet, dass d'Länner sech ënnereneen hëllefe wann ee Land militäresch ugegraff gëtt.

D'Sécherheets- an d'Verdeedegungspolitik vun Europa huet als Zil Konflikter un de Grenze vun Europa ze verhënneren an d'international Sécherheet an Respekt vun der UNO-Charta ze verstäerken.

Sécher wësse mer, dass Europa dobäi e Problem huet: Et gi véier neutral Länner an de Rescht si Membere vun der NATO. Déi an der NATO si wëllen d'NATO als Schutzmëttel net opginn an déi aner wëllen hir Neutralitéit net opginn. Si sinn awer alleguer bereet als Europäer fir de Fridden ze kämpfen; dat ass de Créneau op dee mer schaffen. Net Europa der NATO ausliwweren, net Europa den USA ausliwweren, mä Europa seng eegestänneg Verantwortung fir de Fridde ginn, also Europa stäerken; och op deem Punkt.

Domat wëllt d'Europäesch Unioun keng imperialistesch Muecht sinn, déi Ugrëffskricher géif féieren. D'Europäesch Unioun huet bis elo mat vill Diplomatie an och dem Scheckheft agéiert. An Zukunft gëtt se sech militäresch an zivil Mëttele fir un de Grenze vun Europa an ausserhalb Europa anzegräife fir Fridden ze erhalen oder ze schafen.

D'Fro stellt sech fir Lëtzebuerg, ob et dat matmaache wëllt oder sech do eraushale wëllt. All Land ass do fräi ze décidéieren. Ech sinn der Iwwerzeegung, dass Lëtzebuerg säi Bäitrag zum internationale Fridde maache soll. Musse mir dofir oprüsten? Muss Lëtzebuerg sech - wéi da gesot gëtt - militariséieren?

Et gëtt ëmmer erëm op deen Artikel 41 higewisen an deem ee Saz steet: «Les États membres s'engagent à améliorer progressivement leurs capacités militaires.» Och deen Text muss ee gelies sen. Do steet net oprüsten, do steet seng militäresch Capacitéite verbesseren: also Qualitéit, net Quantitéit. Dat heescht sech un dat upasse wat u militäreschen Auseneanersetzungen op eis duerkomme kann.

Mir sinn haut net méi am Kale Krich mat der Course aux armements. Mir sinn an enger Zäit mat neien Erausfuerderunge fir eis Sécherheet. Haut brauche mer keng Panzerdivisioune géint d'Sowjetunioun, mir brauche keng Rakéite méi no Oste gericht, mir brauche keng atomar U-Booten, mir brauche keng Massen Zaldoten, mä mir brauche gutt ausgebilten a spezialiséiert Zaldoten, militäresch Mëttele fir Asätz a Krisegebidder, Vehikele fir eis Zaldoten ze schützen, Transportméiglechkeete fir schnell op d'Plaz ze komme fir ze hëllefen, Démineurspezialiste fir e Land erëm opzeriichten.

Domat stäerke mer Europa a maachen Europa och méi onofhängeg vun den Amerikaner a mir behalen dobäi eis Lëtzebuerger Entscheedungskraaft wann et heescht iwwer Krich oder Neutralitéit ze entscheeden.

Här President, et gëtt wéineg iwwer wichteg demokratesch Errungeschaften an déi Straffungen an der Verfassung geschwat. Et gëtt da gesot, dat huet mat Institutiounen ze dinn an dat interesséiert also keen. Ech verstinn dat eigentlech net, well et handelt sech hei eigentlech ëm d'Muechtverdeelung. Wichteg Weiche ginn an der Verfassung gesat, déi an Zukunft och d'Matsproochrecht vun de Bierger an d'Kontroll vun der europäescher Politik duerch d'national Parlamenter verbessere wäerten.

Déi éischt ass zum Beispill déi méi kloer Andeelung vun de Kompetenzen: Wie mécht wat an der Europäescher Unioun, d'Memberstaten oder d'Europäesch Unioun? Déi Andeelung mécht et de Bierger méi einfach ze verstoen, wat dann an der Europäescher Unioun geschitt.

Eng aner Fro zum Beispill betrëfft d'Kontroll vun der Subsidiaritéit duerch national Parlamenter; dat klèngt komplizéiert, ass et awer net. Eis Chamber wäert an Zukunft Gesetzprojete vun der Bréissler Kommissioun als Éischt kréien an ënnersichen ob se néideg si fir op engem Gebitt virunzekommen. Mat anere Wierder: Bréngt dee Projet eppes fir d'europäesch Politik, dat heescht fir d'Länner all zesummen, oder ass et besser, dass d'Länner dat fir sech maachen oder op eng aner Manéier?

Dir wësst, dass mer dat mam drëtte Paquet ferroviaire probéiert hunn, dat gëtt net einfach, mä ass awer néideg an erlaabt onser Chamber direkt um Bols vun der europäescher Gesetzgebung ze sinn.

Déi aner Weich ass d'Ausweidung vum Matentscheedungsrecht vum Europaparlament. An dëst Parlament, an deem mer sécher sinn eis sechs Sëtz ze behalen, kritt ëmmer méi Poids an der europäescher Politik an Unerkennung vun de Bierger.

Ech fannen et och wichteg, dass de Kommissiounspresident vum Parlament gewielt gëtt, onse Conseil d'État begréisst dat, bedauert awer och, dass d'Europäescht Parlament op Grond vun enger eenzeger Kandidatur entscheede muss. Méi demokratesch wier et, seet de Conseil d'État, dass d'Parlament méi Kandidature virleien hätt oder wann och d'national Parlamenter mat agebonne géifen; dat gëllt och fir de Choix vum nationale Kommissär, menge mir an der Chamberskommissioun.

Lëtzebuerg behält seng Hiewelen an der Europäescher Unioun fir säin Afloss geltend ze maachen. Et behält säi Kommissär bis 2014; duerno ass Lëtzebuerg an zwou bis dräi Kommissioune vertratt. Lëtzebuerg huet och nach d'Présidence vum Conseil während sechs Méint. An Zukunft gëtt mat duebeler Majoritéit ofgestëmmt an dobäi huet Lëtzebuerg eng Stëmm wéi all déi aner, awer natierlech nëmme 450.000 Awunner. Fir d'Verfassung ze ännere kann an Zukunft och nach e Konvent aberuff ginn.

Här President, fir ofzeschléissen wëll ech dräi Grënn soen, firwat ech fir de Jo zum Verfassungsvertrag sinn. Ech mengen, ech hunn der an dësem Rapport - am schrëftlechen an am mëndlechen - genuch gesot, ech fannen dëst awer einfach elo emol esou reng perséinlech.

Den éischte Grond betrëfft déi Fräiheet, déi mer all Dag ganz konkret hunn duerch Europa. Gëschter hunn ech op der Lëtzebuerger Televisioun e Reportage iwwer eng Lëtzebuerger Famill gesi vun där de Mann hei zu Lëtzebuerg schafft an an Europa wunnt. Hie verdéngt seng Suen hei a gëtt se hei an a Frankräich aus. Hien huet en Haus a Frankräich gebaut a geet all Dag iwwert d'Grenz ouni Problem, huet d'Openthaltsrecht an engem friemen Land, schéckt seng Kanner do an d'Schoul, huet seng Familljen hei zu Lëtzebuerg, lieft a Frankräich an zu Lëtzebuerg ouni Problem.

An zur gläicher Zäit, deeselwechten Dag gëschter hate mer mazedonesch Parlamentarier zu Besuch a fir op Lëtzebuerg ze kommen hunn déi Leit e Visa gebraucht an hunn dofir laang Queuen an Ambassaden, Ëmweeër misse maache fir op Lëtzebuerg ze kommen an hunn eis gesot, wéi si an och hir Jugend an hire Grenzen agéengt sinn an net erauskommen. E Liewe wéi ëm 1950 an net vum 21. Jorhonnert; also e Grond fir Europa weider auszebauen, déi Fräiheet, déi mer all Dag hunn an déi mer iwwerhaapt scho bal net méi ze schätze wëssen.

Den zweete Grond ass selbstverständlech - besonnesch och wann een dat an enger historescher Perspektiv kuckt a wann een e bësse Geschicht studéiert huet, da weess een, wéi schlëmm Lëtzebuerg domat bal a senger ganzer Existenz bis nom Zweete Weltkrich gestallt war - d'Sécherheet an d'Sécherheet fir d'Existenz vun dësem Land, déi vun den anere Länner vun der Europäescher Unioun mat garantéiert gëtt. An ech mengen dat sollen d'Leit och emol dobausse wëssen, et ass e gutt Gefill, dass een net all gudde Broutdag ëm déi Sécherheet muss fäerten.

En drëtte Grond betrëfft de Gesellschaftsmodell. Mir sinn e Land mat enger héich entwéckelter Ekonomie an engem staarke Sozialnetz. Mir wëllen dat halen an ausbauen an zugläich kompetitiv sinn; dat ass net evident an enger moderner Welt. Ech mengen dës Verfassung respektéiert onse Sozialmodell an eis wirtschaftspolitesch Fräiheet a wëllt zugläich Nohaltegkeet durchsetzen.

Dat sinn déi dräi Grënn, déi ech elo emol einfach esou an de Raum stellen, an déi, mengen ech, awer d'Lëtzebuerger an d'Lëtzebuergerinne missten iwwerzeegen.

Här President, no den zwee Neen an Holland an a Frankräich huet d'Europäesch Unioun sech weder Finanzperspektive fir déi nächst siwe Jore ginn nach huet se d'Perspektiv fir an hirem Fonctionnement besser ze ginn. Si entwéckelt keng nei Dynamik, wa mer net dëse Verfassungsvertrag op d'Schinne bréngen.

Déi nächst Présidence ass elo net onbedéngt dofir bekannt, dass se frou mat dëser Verfassung oder mat engem staark integréierten Europa wär, dofir soen ech, dass mer eng schwiereg Zäit erliewen an ech sinn och iwwerzeegt, dass ee massive Jo vun der Chamber haut - bei deem ech sécher sinn - an och e massive Jo vun onse Biergerinnen a Bierger den 10. Juli, deen ech mer innegst erbäiwënschen, déi beschten Äntwert op dës schwiereg Zäit ass.

Si weist en Auswee iwwert déi Errungenschaften, déi an der Verfassung sinn. Si weist, dass dëst dee beschtméigleche Kompromiss ënner 25 Länner ass, fir dee mer eis mussen asetzen, och offensiv, an nach an deenen nächsten Deeg bis den 10. Juli. Mir mussen eis elo géint all Verdréiunge fir de Jo asetzen an dat och zesumme maachen, ouni innenpolitesch Hannergrënn, nëmme mat dem A fir dat europäescht Ideal.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 10. Juli kuckt ganz Europa op Lëtzebuerg. Mir, déi ugefaangen hunn, andeem mer gemengt hunn, mam Referendum géife mer e Spadséiergang duerch 60 Joer Europapolitik zu Lëtzebuerg gestalten, sinn an eng Situatioun, wou duerch eng Rei vun Ëmstänn, déi eis de Kalenner, respektiv d'Ausland eragefouert huet, komm, dass de Referendum vum 10. Juli zu engem richtungsweisende Rendez-vous vun der europäescher Integratiounspolitik ginn ass.

Doduerch dass mer an der Chamber déi lescht Woch um Datum festgehalen hunn - en Datum, deen an engem Moment kënnt, wou zwar schonn zéng Länner Jo gesot hunn, wat ee kaum dobaussen héiert, awer zwee Länner Neen zu deem Verfassungsvertrag gesot hunn, an et sech dobäi och nach ëm zwee Länner handelt, déi zu de Grënnungsmembere vun der Europäescher Unioun zielen -, wäert den 10. Juli op en Neits d'Stonn schloen, wou dat klèngt Lëtzebuerg, wat en Dausendstel vun der Bevëlkerung vun deem Europa ausmécht, wat mer haut hunn, eng ganz wichteg Roll an engem wichtege Processus wäert spillen.

Soen d'Lëtzebuerger souverän den 10. Juli, no Frankräich an Holland,



Nee, da gesäit et, an dat muss een objektiv gesinn, schlecht aus fir den europäeschen Integratiounsprozess. Well dann déi, op déi ganz Europa ëmmer kuckt, déi, déi als Modell dohinner gestallt gi vun der europäescher Geschicht, déi, déi, wann ee mat Auslänner, och besonnesch aus deenen neie Länner, zesummekënnt, ëmmer als dat Land duergestallt ginn, wou en fin de compte déi europäesch Zilsetzungen erreecht sinn, sech dann och an de Camp vun deenen eragestallt hunn, déi Schwieregkeeten hu mat der europäescher Entwécklung.

Et gëtt, an dat hunn déi lescht zwou, dräi Wochen eis kloer gewisen, e Boost fir alleguerten déi, déi net en integréiert Europa wëllen, déi en anert Europa wëllen, déi sech gescheckt am Hannergrond halen, déi waarde bis all déi aner sech ausgeschwat hunn, fir dann ze kucken op wat fir ee Quai se sech da musse placéieren, op wat fir eng Säit se da musse goen.

Seet Lëtzebuerg oder soen d'Lëtzebuerger den 10. Juli awer Jo, esou wéi zéng Länner dat an Europa scho gemaach hunn an esou wéi an deenen nächste Méint och nach eng Rei vu Länner et wäerte maachen - Zypern, Malta, Estland an d'Belsch -, da gëtt de Camp vun deene méi grouss, déi op déi Zuel vun 20 histeieren. Déi Zuel vun 20, déi een an enger éischter Etapp brauch fir dat ze verhënneren, wat verschidde Leit gären hätten, a wat mer eis de leschte Freiden, den Här Schmit an ech, op enger Table ronde hu missen unhéieren, nämlech deen Text do an eng Poubelle ze geheien an en ze begruewen.

Vu Lëtzebuerg kann also den 10. Juli, Dir Dammen an Dir Hären, e Signal vun Hoffnung ausgoen, e Signal vun Hoffnung fir all déi an Europa, an et ginn der vill an Europa, déi no deenen zwee Neeën, mat deene ganz wéineg Leit eppes kënnen ufänken en fin de compte, well se keng Alternativen opzeechnen, ee Jo wëllen an hoffen, dass e kënnt.

Den Traité, Dir Dammen an Dir Hären, ass net dout - net dout! - wéi déi, déi haut de Courage net hate fir haut heihinner ze kommen, dobaussen iwwerall soen.

Den Traité ass lieweg, en ass ganz lieweg, an Dir wäert gesinn, dass wann 20 a méi Länner um Enn vum Ratifikatiounsprozess mat Jo gestëmmt hunn, wéi lieweg deen Traité dann eréischt gëtt, wa sech d'Blat wennt. Nämlech dass déi, déi den Nee um Fändel hunn, net méi déi sinn, déi diktéieren, mä déi, déi de Jo gesot hunn, da mat deene Länner, déi Nee gesot hunn, an eng Diskussioun wäerten triede fir ze kucken, wéi et da virugeet.

Wann Der an engem Club sidd an et gëtt iwwert d'Statuten ofgestëmmt, an et ass eng grouss Majoritéit vu Länner, déi fir déi Statuten ofstëmmen, da sinn net déi am Handlungszwang an am Explikatiounszwang, déi d'Statuten ugeholl hunn, mä da kommen déi an den Handlungszwang an an den Explikatiounszwang, déi d'Statuten ofgelehnt hunn. Well se mussen da fréier oder spéider erklären, ob se am Club wëlle bleiwen oder ob se net am Club wëlle bleiwen.

An dofir menge mer, dass d'Lëtzebuerger sech den 10. Juli an d'Reie vun deene stellen, déi ëmmer méi grouss ginn, déi fir de Jo antrieden, déi fir en integréiert, politesch handlungsfäegt Europa, och fir déi nächst Joren, plädéieren. En Europa, wat kengem Land méi bruecht huet wéi deem Land, an deem mir liewen.

Ech géif dem Rapporteur, dem Här Fayot, wëlle Merci soen an och eise Respekt ausdrécke fir déi aussergewéinlech Aarbecht, déi e sech an deene leschte Méint gemaach huet. Hien huet wéi keen aneren heibannen déi ganz Geschicht hei verkierpert. Hien huet se ëmgesat, hien huet se begleet. Hien huet als President vun där zoustänneger Kommissioun an als Rapporteur bewisen, dass en ee Mann ass, deen Europa am Blutt huet an deen un dat gleeft, wat en an deene leschte Wochen a Méint gemaach huet.

Här Fayot, ech wollt Iech am Numm vun eiser Fraktioun ee ganz groussen éierleche Merci ausdrécke fir déi wierklech vill Aarbecht, déi Der hei fir d'Parlament geleescht hutt.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Dir Dammen an Dir Hären, am Laf vun der Zäit ass déi Diskussioun, déi den 10. Juli dann zu engem Ofschloss wäert kommen, duerch d'Vollek, aus enger reng akademescher Debatt zu engem Sujet ginn, deen d'Land an Otem hält. Ni ass zu Lëtzebuerg esou vill iwwer Europa diskutéiert gi wéi haut.

Mir wollten, lassgetrennt vun Nationalwahlen an Europawahlen, eng Kéier roueg mam Vollek iwwer eis europapolitesch Ausriichtung diskutéieren. Mir wollten dat mat engem rouege Kapp maachen a mir waren ugetrueden an der Gewëssheet, dass dat, well och keng aner Signaler während Joren a Jorzéngte komm sinn, zu engem méi gemittleche Spadséiergang, wéi ech dat gesot hunn, géif ginn.


Abee, mir hu misse feststellen, dass, wann ee mat de Leit diskutéiert a wann een d'Leit opfuerdert mat engem ze diskutéieren, dass d'Leit net ëmmer op deem Toun mat engem diskutéieren, deen ee gären hätt. Doriwwer kann een traureg sinn an doriwwer kann ee sech awer och freeën, well et wichteg ass, dass een net nëmmen ëmmer den Enthousiast erausspillt, mä dass een och op dat ageet, wat d'Leit engem da soen.

Et bestinn an Europa, an dat däerf een net verkennen, eng ganz Rei Zweifel iwwert de Wee, deen d'Europäesch Unioun an de leschte Joren ageschloen huet. An déi vun eis, déi elo säit enger Rei vu Wochen um Tour sinn, déi ginn all Owend mat deenen Ängschte konfrontéiert. Dat si Froen, déi d'Leit sech stellen iwwert déi Aart a Weis, wéi an Europa d'Décisioune geholl ginn. Ganz oft kënnt dat Bild vun deem Europa, wat vun de Leit wäit ewech iwwert de Kapp vun de Leit diskutéiert, dobei eraus: Nähe zum Vollek, déi net gespuert gëtt, an och de Sënn vun enger ganzer Rei vun Décisiounen, dee bei de Leit net esou ukënnt wéi dat misst sinn.

Villes, wat d'Basis vum europäeschen Engagement vun eisem Land ausmécht, gëtt och als selbstverständlech dohinner gestallt. Virun engem bis annerhallwem Mount war ee jo net schrecklech populär wann ee gesot huet, dass Europa fir d'éischt emol eng Friddensinitiativ ass. Et war een net populär, well et en fin de compte vu ganz ville Leit als eng Selbstverständlechkeet haut ugeholl gëtt, dass Europa eng Friddensinitiativ ass an dass d'Leit och mengen, och wann een an dat Europa net weider géing investéieren, dass et dann esou viru géif goen.

An et sinn eréischt déi lescht Wochen, déi gewisen hunn an der europäescher Diskussioun, dass et och aner Weeër, aner Modeller gëtt, wat d'wirtschaftlech Entwécklung ubelaangt, wat den Opbau an den Ofbau vu gemeinsame Grenzen ubelaangt.

Wat ass dann net alles geschitt an deene leschten dräi, véier Wochen, säit deem duebelen, franséischen an holläneschen Neen? Zum engen eng ganz Rei vu Reaktiounen, nationalistesch Reaktiounen, déi een am Fong an deene leschte Joren net méi esou oppen héieren huet, vu Leit, déi der Meenung sinn, dass Europa e Self-service, dass Europa eng Institutioun wier, wou ee sech dran zerwéiert an näischt méi brauch eranzeginn, respektiv vu Leit, déi d'Souveränitéit nees vum Nationalstat entdecken, déi der Meenung sinn, wéi a



Frankräich en Deel vum Non, dass en fin de compte nëmmen e staarkt Frankräich an e schwaacht Europa de richtege Wee ass.

Op där anerer Säit sinn et ganz liberal Reaktiounen, déi een aus England awer och aus Holland zum Deel héieren huet vu Leit, déi der Meenung sinn, et wier dann elo um Moment fir mat de sozialen Errungenschafte vun de Leit am Fong opzehéieren, fir dat Wirtschaftsliberaalt, de Maart an d'Fënster ze setzen an ze probéieren, eng Kéier ze kréie fir dovun ze profitéieren, vun deenen zwee Neen, fir dat Europa an eng komplett aner Direktioun eranzedränge wéi en fin de compte den Inhalt vun deem Traité, dee mer haut solle stëmmen, Europa bréngt.

An zum Drëtten eng ultrasozial Reaktioun vu Leit, déi aus enger ganzer Rei vu Grënn der Meenung sinn, dass, nëmme wann een am Sozialen nach méi géif drop setzen, een am Fong e Message misst ginn, dass deen Traité hei, déi Verfassung hei den definitiven Aus wär vum Schutz vun de klenge Leit, an dass ee géint dat Wirtschaftsliberaalt a géint déi Verfassung hei am Fong an eng Richtung vun engem anere Sozialmodell nees wéilt goen, e Sozialmodell, deen zum Deel, wann een de Sproochgebrauch vu verschiddene Leit op den Tables rondes lauschtert, déi do opgetruede sinn, een erënnert u Systemer, déi während 40 a 45 Joer hei zu Lëtzebuerg net de Beweis konnten untrieden, dass déi Philosophie, an där si sinn, an déi Philosophie, fir déi si plädéiert hunn, en fin de compte besser fir d'Leit wier.

Mech huet perséinlech an deem ganzen Tableau d'Schwächt vun den europäesche Spëtzepolitiker e bëssen iwwerrascht, déi manifestement net preparéiert waren op déi Reaktioun vun de Leit an enger Rei vu Länner, wat keng eenheetlech Reaktioun war, mä wat eng divergent Reaktioun war.

An déi Saach vun där Denkpaus, déi en fin de compte e bëssen aus der Verzweifelung vun enger Rei Leit entstanen ass, a wou, wann een d'Leit gelauschtert huet an Europa, een net richteg verstanen huet, ob een elo soll ophale mat denken an am Fong dee ganze Prozess soll op d'laang Bänk schieben, oder ob et sech ëm eng Denkpaus géif handele fir am Fong nees Otem ze huelen an duerno mat Courage virunzefueren. Dee Message, deen huet een nom duebelen Neen a Frankräich an an Holland vermësst.

E staarke Message vun Europa wär zum Beispill gewiescht, wann een dat gemaach hätt, wat eis Regierung scho viru Jore proposéiert hat, nämlech d'Referenden, déi nach ausstinn, dann op engem gemeinsamen Datum ze organiséieren, esou wéi viru Joren d'Lëtzebuerger Regierung scho gesot huet, dass een deen europapolitesch wichtegen Datum do net dem Dominoeffekt soll am Fong zum Opfer fale loossen, mä dass een an engem Dag, wéi een et bei den Europawahlen décidéiert huet, an Europa 450 Millioune Leit géif mateneen doriwwer ofstëmme loossen an da sonndes owes kucke géif, wat d'Resultat da vun deenen engen a vun deenen anere wier. Och dee Message, deen ass net komm.

Dofir menge mer, dass et wichteg war - an dat wëll ech nach eng Kéier hei bekräftegen -, dass mir, déi zu Lëtzebuerg säit Wochen a Woche mat de Leit am diskutéiere waren a sinn, an engem Moment, wou d'Leit sech fir d'Fro massiv interesséiert hunn, net op déi Bremspedall gedréckt hunn, déi vu verschiddene Leit europawäit préconiséiert ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och zu Lëtzebuerg an der Diskussioun mat de Leit huet ee festgestallt, dass mer zwar eng Diskussioun hunn, mä en fin de compte iwwer villes diskutéieren. Mir hu während Wochen, an den Här Fayot un der Spëtzt, eis ganz vill Méi gi fir iwwert d'Verfassung ze diskutéieren, de Leit ze erklären, wat an der Verfassung géif drastoen.

A mir sinn an d'Versammlunge komm an dann hu mer festgestallt, dass d'Leit wäit iwwert d'Verfassung ewech aner Froen eis géife stellen. Froen iwwert d'Zukunft vun Europa, Froen iwwert de Stellewäert vun eisem Land an der Europäescher Unioun, Froen, wéi et da virugeet an der Wirtschafts- a Sozialpolitik, Froe vun de Grenze vun Europa, d'Fro vun der Erweiderung a vum Tempo, deen Europa soll huelen.

Et huet an de Gespréicher mat de Leit, an dat huet ee festgestallt, och eng gewësse Konfusioun geherrscht während laanger Zäit - mir si lues a lues amgaangen do erauszekommen -, wat mer en fin de compte och hei zu Lëtzebuerg mat deem Referendum do géife bezwecken.

Mir hu ganz vill Leit begéint, déi sech d'Fro gestallt hunn, firwat dass mer da grad just bei deem heiten Traité d'Leit géifen ëm hir Meenung froen, wou mer jo virdru bei deene successiven Traitéen a bei den Erweiderungen hir Meenung net gefrot hätten.

Ech begéine ganz vill Leit, nach dëser Deeg, déi soen: „Mä lauschtert, firwat hu mer Iech gewielt? Mir hunn Iech en fin de compte gewielt, well mer der Meenung sinn, dass Dir - besser wéi mir - kënnt feststellen a wëssen, wat da fir eist Land an deem Europa d'Wichtegkeet ass."

A mir hunn eis virun allem op engem Punkt mat de Leit während Woche missen ausenaner setzen, an dat ass dee vun der Alternativ. Et ass een Text dohinner geluecht ginn, et ass een Traité dohinner geluecht ginn, et ass eng Verfassung dohinner geluecht ginn, déi de Kompromiss ass tëschent Politiker, tëschent Vertrieder vun 28 Länner, iwwer 200 Leit, déi während engem Joer an engem Konvent beienee waren, déi mat ganz villen anere Leit diskutéiert hunn, a sech duerno op en Text gëeenegt hunn.

D'Leit hätten am Fong am léifste gehat, wann eng zweet Verfassung oder eng drëtt Verfassung dernieft geleeën hätt, eng liberal Verfassung oder eng sozialistesch, kommunistesch Verfassung, dann hätt een dräi Verfassunge gehat an dann hätt ee kënne fir déi eng a géint déi aner, oder fir déi aner a géint déi eng ofstëmmen.

Et huet ee vill Schwieregkeete gehat, an dat ännert sech eréischt an deene leschten zwou Wochen an der Meenungsbildung, de Leit kloerzemaachen, dass et en anert Europa ka ginn, dass et aner Weeër gëtt, an dass déi do stinn a waarden, dass dat heiten Europa, deen heite Wee vun engem sozialen Europa näischt géif ginn, fir de Relais ze iwwerhuelen an Europa dann an eng aner Richtung ze brénge wéi mir et gären hätten.

Et kënnt een also net derlaanscht op dëser Plaz och e puer Wierder ze verléieren iwwert déi Punkten, déi net direkt an der Verfassung stinn, well ee soss d'Fro net komplett ofgegrenzt huet a well een dann och deelweis géint d'Argumentatioun vun de Leit géif goen, wéi se och an de Versammlungen an an de Gespréicher, déi ee mat de Leit huet, développéiert gëtt.

Do ass d'Fro vun der Erweiderung, déi een an all Versammlung gestallt kritt a wou mir als CSV der Meenung sinn, dass ee keng Angscht mat der Erweiderung op 25 Länner fir Europa soll hunn.

Ech ka mech erënneren - do war ech nach ganz jonk -, wéi d'Englänner koumen, ass sech Froe gestallt ginn. Wéi Portugal a Spuenien an d'EU komm sinn, ass sech gefrot ginn: „Oh Mamm, wat wäert dann aus där Europäescher Unioun ginn, wann déi elo an d'Unioun dobäikommen!" Bei all Erweiderung an der Vergaangenheet hunn d'Leit sech Froe gestallt.

An dës Erweiderung, Dir Dammen an Dir Hären, ass an deem Sënn méi komplizéiert, well et eng Erweiderung ass op Länner, déi mer net kennen. Mir eenzel, individuell, kennen déi Länner net gutt, well et Länner waren, déi bis 1989/90 an engem komplett anere System gelieft hunn, déi en fin de compte tabu waren, wou een net konnt higoen a wou een net déiselwecht historesch Relatiounen huet wéi zu deene Länner, déi an den Erweiderunge virdrun an d'Unioun komm sinn.

Wann een awer d'Realitéit kuckt, wann een d'Ängschte kuckt, déi véhiculéiert ginn, déi an eng Richtung gi fir ze soen, elo setzt sech do massiv e Vollek a Beweegung, an déi kommen a Westeuropa eis d'Aarbechtsplazen ewechhuelen, da stellt een einfach fest, dass déi Erweiderung op 25 dat net provozéiert huet, mä dass d'Erweiderung op 25 Länner de Contraire bewierkt huet, nämlech deen, dass, wann der d'Wirtschaftsentwécklung vun deene 25 Länner kuckt, un der Spëtzt haut déi Länner sti mat deene gréisste Progressiounszuelen, déi eréischt méi nei an der Europäescher Unioun sinn, dass an deene Länner richteg eppes lass ass, an dass de Fait, dass se an d'Europäesch Unioun koumen, eng Méiglechkeet war, fir sech wirtschaftlech ze entwéckelen.

A wann ee mat deene Leit schwätzt, wann een an deene Länner war, mierkt een, dass iwwerhaapt kee Besoin besteet, fir bei eis ze kommen, well eng Perspektiv, endlech eng Perspektiv an deene Länner besteet, dass si och selwer an hir Leit kënnen eng wirtschaftlech, an doduerch och eng sozial Entwécklung an deenen nächste Jore kréien.

A wär dann d'Alternativ gewiescht, dass mer gesot hätten 1989, 1990, 1992, 1995: „Kuckt, dass Der eens gitt. 45 Joer hutt Der misse kucken, dass Der eens gi sidd. Mir loossen Iech elo eleng, mir bleiwen a Westeuropa hei ënnert eis."? An denke mer emol eng Kéier driwwer no, wat da geschitt wier oder wat hätt

kënne geschéien, wa mer deen dote Wee gaange wieren. Da wäre mer haut vläicht an engem ganz anere Film, da wäre mer nees an engem Film vun der Konfrontatioun tëschent Systemer an tëschent Modeller. An duerfir menge mer als CSV, dass een net virun där Erweiderung do soll Angscht hunn, dass ee se als eng Chance soll gesinn.

De Statsminister huet d'lescht Woch a senger Ried richtegerweis gesot, dass no dräi Joer eis Betriber an déi zéng Länner vun der EU, déi bäikomm sinn, scho méi exportéiere wéi an Amerika. Och dat ass en Zeeche fir eis ganz kloer, dass et Länner sinn, wou mer Perspektiven hunn, wou mer wirtschaftlech Handelsperspektiven hunn, wat och an eisem Sënn ass.

D'Limite vun Europa ass eng weider Fro, déi gestallt gëtt, permanent. D'Limite vun Europa, d'Leit soen d'Limite vun Europa an denke selbstverständlech un d'Türkei. D'Türkei, wat eng Fro ass, déi ëmmer erëmkënnt, a wat eng reell Fro ass, déi een och net soll negéieren, déi een net ewech kann drécken, well et einfach e Land ass, wat eng aner Kultur huet, eng wesentlech aner Kultur huet wéi mir se haut hunn, an dat bei de Leit eng ganz Rei vu Befierchtunge mat sech bréngt.

Mir kënnen eis nach drun erënneren, 1997 an der leschter Présidence, wien dann déi waren, oder wat fir eng déi Regierung war, déi bis zulescht en fin de compte an eng gewësse Richtung plädéiert huet. Mir hunn an der Chamber d'lescht Joer eng Diskussioun heiriwwer gefouert, a mir hu jo net décidéiert als Chamber, dass d'Türkei an deenen nächsten zwee oder dräi Joer géif an d'Unioun kommen. Mä mir hu gesot, dass d'Verhandlunge géifen ugoen, dass d'Verhandlungen oppe wieren, an dass misst gekuckt ginn am Laf vun der Zäit, ob oder ob net déi Gesellschaft sech esou ännert an der Türkei, dass se d'Erausfuerderungen erfëllt, déi noutwendeg sinn, fir an där Wäertegemeinschaft Europa, déi duerch dës Verfassung en fin de compte fir d'éischt emol niddergeschriwwe gëtt, kënnen ze sinn.

An doraus gesi mer oder schléisse mer, dass, wa mer déi Verfassung unhuelen, e Bäitrëtt vu Länner, vun alle Länner, an Zukunft méi kompliziéiert gëtt, an deem Sënn, dass et kloer muss sinn, dass d'Gesellschaft, an där se liewen, d'Wäerter vun der Europäescher Unioun akzeptéiert ier se an Europa era kënne kommen.

Eng drëtt Fro, déi gestallt gëtt, ass d'Fro vun der Prédominance vu Wirtschaft oder Soziales. Et ass d'Fro, ob sech de Maart duerchsetzt, oder ob sech d'Protektioun vun deem Eenzelnen duerchsetzt. Eis Partei ka mat deem Traité hei net nëmme liewen, mä ass ganz zefridden, dass de Prinzip vun der sozialer Maartwirtschaft an den Traité agefouert gëtt.

De Prinzip vun der sozialer Maartwirtschaft, deen en fin de compte aus der kathoulescher Sozialléier erauskënnt an dee vun eis scho säit Joren a Jorzéngten als Ausgläich tëschent deenen zwee Wirtschaftsfacteuren, déi et op der Welt gëtt, nämlech dem Kapital an de Leit, soll déngen, an net als en Element wat déi zwee soll trennen, dee Prinzip kréie mer an d'Europäesch Verfassung eran. Dat ass an eisen Aen e ganz grousse Schrëtt an déi richteg Richtung.

Et gëtt da véiertens d'Gespenst vun enger Rei vu Leit iwwert de Sujet vun der Militariséierung gefouert: d'europäesch Arméi, den obligatoresche Militärdéngscht, deen zu Lëtzebuerg nees géif agefouert ginn, wa mer den Traité géife stëmmen. D'Fro, déi mer eis musse stellen, an déi mir mat Jo beäntwerte vun der Säit vun der CSV aus, ass déi, ob Europa wierklech wëlles huet, sech d'Moyenen ze gi vu sengen Ambitiounen. Kënne mer, wëlle mer ëmmer dann, wann et an Europa schwiereg ass, op d'Amerikaner mussen zielen, fir dann dat auszebigele wat mir als Europäer op eisem Kontinent net à même sinn, selwer an d'Hand ze huelen? Dat ass eng kruzial Fro, déi mer eis musse stellen. Dat huet näischt mat Militariséierung ze dinn, dat huet eppes domadder ze dinn, ob ee sech wierklech d'Moyenë wëllt gi vun deenen Objektiver, déi ee sech setzt.

Mir sinn der Meenung, dass deen Traité hei e Friddenstraité ass, dass et en Traité ass, deen Europa d'Méiglechkeet gëtt, zesumme mat sengen amerikanesche Partner nach ze schaffen, mä Europa och emol erstmoleg an der Geschicht d'Méiglechkeet an d'Moyenen an d'Hand gëtt, fir op sengem Kontinent, wa Krisesituatioune sinn - an et gëtt an Europa nach eng ganz Rei Plaze wou et net esou ass wéi bei eis, wou et schwiereg ass, wou de Fridden net ofgeséchert ass -, do dann, an och op Wonsch vun deene Länner an deene Populatiounen, ëm déi et da geet, kënnen an engem positive Sënn ze interveneieren.

A wann da Budgetsmoyenen dozou mussen zur Verfügung gestallt ginn, a wann och zu Lëtzebuerg am Budget d'Erhéijung da muss kommen, fir do kënne matzemaachen, da si mer der Meenung, dass mer dat musse maachen. Net well mer an d'Course vun der Militariséierung wëllen antrieden, mä well mer der Meenung sinn, dass dat do eng vun deene fundamentalsten Erausfuerderungen ass, där sech eng politesch Europäesch Unioun fir d'Zukunft muss stellen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Striewen no Perfektioun, dat ee bei verschiddene Leit an deene leschte Woche spierbar gemaach kritt huet, dat sech doranner erginn huet, dass een eenzel Artikelen ëm d'Ouere gehae kritt huet, dass een eenzel Wierder aus eenzelnen Artikelen am Fong virgehale kritt huet, fir dann aus engem Räsonnement vun engem Deel vun engem Artikel eng Konklusioun ze zéien, dass e ganzen Traité net an der Rei wier, dat ass eng Approche an Aart a Weis, déi mir net kënnen deelen.

Och Roum ass net an engem Dag gebaut ginn. Och Europa ass net an engem Dag gebaut ginn. Mir gesinn deen Traité hei an enger Successioun vun Traitéën, déi an deene leschte 50 Joer gestëmmt gi sinn. Et ass e wesentlechen Traité, mä et ass e Schrëtt no vir. Et war, mengen ech, net d'Ambitioun, och net vun deenen, déi am Konvent waren, fir déi absolut Perfektioun nidderzeschreiwen, déi et d'ailleurs op däser Welt net gëtt. Mä et war d'Ambitioun vun de Leit am Konvent, an et war d'Ambitioun vun de Regierungen duerno, fir eng Verfassung op den Dësch ze leeën, déi a wesentleche Punkte besser a méi wäit géif goe wéi dat, wat mer haut an de bestehenden Traitéën hunn.

An duerfir géif ech gären a siwe Punkten op déi wesentlech Grënn agoen, déi d'CSV dozou beweegt huet, fir haut mat Jo ze stëmmen an der Chamber, an och d'Leit ze froen, fir den 10. Juli mat Jo ze stëmmen. Mir hunn dat an engem Flyer resüméiert, dee mer och dobaussen ausdeelen, wou op eng ganz pragmatesch Aart a Weis a siwe Punkten déi wesentlech Saache gesot ginn.

Éischtens si mer der Meenung, dass duerch dësen Traité Europa méi staark an der Welt gëtt. Et gëtt en Ausseminister geschaf, et gëtt en Embryo vun enger Aussen-, an et gëtt virun allem eng Verdeedegungspolitik geschaf. Et ass e Punkt, wou d'CSV net ongäre gehat hätt, dass ee méi wäit gaange wier. Et konnt een awer net méi wäit goen an däser Phas, well einfach d'national Intérête vun enger Rei vu Länner an där Situatioun, wou mer haut an Europa sinn, nach net esou sinn, dass een zu enger kohärenter, „full-fledged" europäescher Aussepolitik ka kommen.

Mä de Fait, dass en Ausseminister geschafe gëtt, de Fait, dass an Zukunft duerch ee Mond eng gewësse Politik soll verdeedegt ginn, ass an eisen Aen awer e wesentleche Fortschrëtt par rapport zu där Situatioun, an där mer hei sinn, a kloer um Wee ze gesinn, an deenen nächste fënnef, zéng, 15 Joer, Richtung méi gemeinsam Aussepolitik.

Zweetens, Europa gëtt eng Gemeinschaft vun de Wäerter, an dës Wäerter sinn och eis Wäerter. D'Fräiheet, d'Gläichheet, d'sozial Ofsécherung, d'nohalteg Politik, de Respekt virun der Ëmwelt, d'Gläichberechtegung, d'Solidaritéit tëschent de Generatiounen, dat ass net nëmmen eng Déclaration d'intention, dat ass och en Optrag, deen ee sech gëtt, fir Politik ze maachen, en Optrag, deem mir zu Lëtzebuerg, mengen ech, probéiere parteiiwwergräifend och am Dagdeeglechen nozegoen, och wann et eis net ëmmer honnertprozenteg geléngt.

Mä de Fait, dass dës Prinzipien an déi Verfassung erakommen, ass e wesentleche Fortschrëtt, well en en fin de compte de ganzen Traité, déi drëtt Partie, déi jo esou vill diskutéiert gëtt, an en anere Kontext setzt. E setzt se an de Kontext vun der sozialer Gerechtegkeet, vun der Fräiheet, vun der sozialer Ofsécherung a vun der Gläichberechtegung andeems Europa eng sozial Dimensioun kritt. Mir kënnen net mat deenen d'accord sinn, déi der Meenung sinn, dass et sech hei ëm e sou genannten neoliberalen Traité géif handelen, dee keng sozial Dimensioun hätt.

D'Ziler vun der Unioun, déi festgeluecht ginn - de soziale Fortschrëtt, déi sozial Ofsécherung, de Kampf och géint déi sozial Ausgrenzung -, si wichteg Prinzipien, déi mir gären europawäit géife kréien, woubäi et och fir eis wichteg ass, dass eise Sozialmodell net ugetaascht gëtt an eis Politik, déi mir gemaach hunn, soulaang mer se selbstverständlech kënne finanzéieren, soulaang mer gutt genuch si fir nei Betriber op Lëtzebuerg ze kréien, soulaang mer Steiereinnahmen hunn, déi et méiglech maache fir eng aktiv Politik ze maachen, dass mer domadder eis Pensiounssystemer, eis Krankekeesesystemer, no eiser Aart a Weis wéi mir se gesinn, kënne géréieren.

Europa kritt dann eng gemeinsam Sécherheets- an Asylpolitik. A wat hu mir dann an deene leschte Joren eis net gefrot, wéi wichteg dass et wier, dass mir endlech op deem Punkt vun der Unanimitéit géifen ewechkommen an dass Europa an ee System kéint erakomme wou et iwwer ee System vun der Majoritéit sech eng gemeinsam Sécherheets- an Asylpolitik kéint ginn.

Stëmme mer dësen Traité, da gi mer an déi Richtung vun enger gemeinsamer Politik, déi och fir ee klengt Land a besonnesch fir ee klengt Land wéi eist, wat ganz vill Schwieregkeeten huet sech eleng mat deene Froen do ronderëm ze klappen a wat all Intérêt huet dat a méi engem grousse Raum ze maachen, ganz wichteg ass.

Fënneftens: Europa respektéiert d'Souveränitéit vun de Länner. Mir ginn net ee Federalstat, mir mussen net eis Identitéit ofginn. Ee vun de Grënn, firwat dass deen Traité esou kompliziéiert, esou komplex ass, esou déck ass, ass jo précisément deen, dass der Vielfalt an Europa Suerg gedroe ginn ass, dass opgepasst ginn ass an der Redaktioun vun all deenen Artikelen, dass eben Europa net Amerika ass, dass et sech net ëm eng Gesellschaft handelt, mä datt et sech ëm een Zesummeschloss vu 25 onofhängege Länner handelt, mat hiren Eegestännegkeeten a ganz oft nach an deenen eenzelne Länner och nach mat Minoritéiten, déi geschützt sinn, an déi dat och solle bleiwen.

Ee sechste Punkt, iwwert dee mer jo an der Chamber scho vill diskutéiert hunn, ass dee vum Matbestëmme vun den nationale Parlamenter. Duerch dësen Traité kréie mir eng nationalpolitesch Dimensioun. D'Parlamenter, deene jo ganz oft virgeworf ginn ass, si wären en fin de compte just d'Ofstëmmungsmaschinn vun deem wat dann zu Bréissel géif décidéiert ginn a si kéinten dorunner näischt änneren, kréien haut elo - déi 25 Parlamenter - déi Méiglechkeet, wa se sech dann zu gesoch zesummeschléisse fir Initiativen ze iwwerpréifen, fir ze kucken ob si dem Prinzip vun der Subsidiaritéit och entspriechen an ob se domadder och deem entsprieche wat Europa ass a wat et net ass.

A last but not least - ee wesentleche Punkt fir all déi, déi mol eng Kéier ee Fouss an Europa scho gesat hunn - schaaft dësen Traité den institutionelle Kader, fir dass dat Europa mat 25 Länner ka funktionéieren. Mir funktionéieren haut mat enger Organisatioun, déi opgebaut ass op een Europa vu sechs, a mir kréien domadder eng Aart a Weis fir ze funktionéiere mat 25; och dat ass e wesentleche Fortschrëtt par rapport zu deem wat mir haut hunn.

Wann also och déi Texter do net perfekt sinn, wann net jiddereen alles dat erëmfënnt, wat hie gären hätt, wat allerdéngs net aneschters machbar ass wann ee gären ee Kompromëss tëschent 25 Länner hätt, sou gesi mir awer an deem Traité, an där Verfassung hei wesentlech Argumenter, déi eis an der Balance vun den Argumenter vum 'Pour' a vum 'Contre' dozou bruecht hunn, dass mer ee klore Jo zu där Verfassung ausschwätzen.

Ee Wuert nach, Dir Dammen an Dir Hären, zur Bedeitung vun dësem éischte Vote. Et gëtt jo dobaussen diskutéiert iwwert dat, wat dann eran ze interpretéieren ass oder wier, iwwert dat, wat mir de Mëtten hei an der Chamber maachen. Fir d'CSV ass dee Vote, dee mir haut maachen, deen éischte Vote. En indikative Vote, eng wichteg Etapp am Processus, deen de Leit et soll erlaben den 10. Juli hir Stëmm ofzeginn. Kënnt Dir lech eng Sekonn ee System virstellen, wou mir den 10. Juli d'Leit opgeruff hätten ze wielen, an déi eenzel Parteien an der Chamber hätten net am Virfeld dovunner de Leit gesot, wéi hir Meenung dann dozou ass?

An dofir ware mir och net der Meenung vun deenen, déi haut de Mëtten hei net ugetruede sinn an d'Politik vun der „chaise vide" bedreiwen, dass d'Parlament seng Meenung net soll soen.

Ech weess, dass et den Här G. - wéi soll ech soen - an deene Kapitele vun deem Buch, wat ech virun e puer Wochen eng Kéier ugeschwat hunn, ganz staark arrangéiert, dass hien haut géint hallwer siwen, siwen Auer net op de Knäppche muss drécken.

Well wann een aus enger Situatioun hierkënnt, wou een als Partei am Konvent war, wou ee bei der Ofschlossfoto vum Konvent net no genuch un de President vum Konvent koum, wann ee sech a senger europapolitescher Broschür fir d'Wahle vum leschte Joer mam Här Valérie Giscard d'Estaing als dee gréisste Verfechter a Verdeedeger vun der europäescher Integratiounspolitik ofliichte gelooss huet, wann een am europapolitesche Kapitel als Partei an d'Wahle gaangen ass vum leschte Juni an et huet een zu de Leit gesot: „Mir hätte gären, dass Dir eis stëmmt, well wann Dir eis stëmmt, dann hutt Dir d'Garantie, dass mir eis dofir asetzen, dass deen Traité hei ratifizéiert gëtt" - well et ass dat, wat am parteipolitesche a wahlpolitesche Programm vum ADR drastoung -, an et muss een dann d'Kéier maachen, déi ee muss maache well een an engem Kongress mat 36 géint 33 Stëmmen an d'Minoritéit gesat ginn ass, nodeem een eng neutral Positioun wollt anhuelen, duerno och vum Speerspëtzt vum Nee ginn ass, an déi lescht Woch zu Wolz annoncéiert huet, wa 24 Länner mat Jo géife stëmmen, da géif den ADR selbstverständlech och just nach hannert dem Tony Blair och fir déi Verfassung hei ofstëmmen, dann ass et net verwonnerlech, Dir Dammen an Dir Hären, dass een de Mëtten dat mécht, wat een hei mécht, nämlech dass ee seng Verantwortung net hëlt, dass een de Leit net wëll soe wat ee seet, an dass een domat seng Verantwortung virun der Geschicht vum Lëtzebuerger Land voll a ganz ausser Uecht gelooss huet. Ech muss soen, dass ech mat deene schäerfste Wierder esou eng Politik muss uprangeren, déi hei haut de Mëtte gemaach ginn ass.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech kommen zum Schluss. Et ass en Text, deen net perfekt ass, et ass en Text, deen awer vill positiv Punkte mat sech bréngt. Et ass en Text, deen Europa zu méi mécht wéi grad just zu enger europäescher Maartplaz, an där jidderee sech zerwéiere geet.

Deen Traité, déi Verfassung, déi mir stëmmen, ass en Text, dee sech an d'Geschicht vun Europa als Fridde stëftend Initiativ aschreift. Et ass en Text, deen de wirtschaftleche Kräften, déi et an Europa gëtt an déi wichteg si fir Europa, d'Méiglechkeet gëtt fir sech ze entfalen. Et ass en Text, deen d'Grenzen opmécht fir d'Leit, fir d'Servicer, fir d'Produkter. Et ass en Text, deen d'Méiglechkeete léisst, wann d'Politik et wëll a wa si Majoritéiten huet, fir landeswäit sozial Ofsécherunge vun deenen eenzelne Länner a vun deenen eenzelne Leit esou ze maache wéi si dem Standard entspriechen, deen dat Land dann an deem Moment erreecht huet.

Et ass en Europa, wat eng weider politesch Integratioun méiglech mécht an et ass also en Europa, wou mir mengen, dass ee soll an déi Richtung virufueren.

De Jean Monnet, deen huet, wéi hien eng Kéier iwwert d'Ziler vun Europa geschwat huet, folgende Saz gesot, an ech mengen deen ass haut méi aktuell wéi jee: „Nous ne coalisons pas les États, nous unissons les hommes."

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Charles Goerens. Här Goerens.

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank vun däser Debatt wollt ech och eng Partie Mercie soen.

Merci un all déi Kolleegen, déi an de leschte Wochen a Méint enorm Effortë gemaach hu fir deem grousse Explikatiounsbedarf nozekommen, dee mir gespuert hunn uechtert d'Land. Mir hu versicht eis esou ze organiséieren hei an der Chamber, datt jiddereen een Deel konnt vun de Laaschten droen. Mir haten och zu eiser Säit excellent Organisateure stoen, déi mat Verstand an Häerz dru gaange sinn.

Ech denken do och un de President vun der aussepolitescher Kommissioun, de Ben Fayot. Ech denken un déi ganz Kommissioun. Ech denken och un d'Commission constitutionnelle, déi iwwert d'Révision constitutionnelle ze befannen hat. Ech denken och un all déi Regierungsmembere mat hiren Equipen, déi iwwert déi lescht sechs Méint hu missen zu Bréissel gerued stoe fir d'Politike weiderzebréngen, an dat an enger Phas, wou de Mainstream net méi esou kloer ze erkenne war.

Ech denken awer och un déi Beiträg, déi mir d'lescht Woch hei an



der Chamber héieren hunn a besonnesch un déi vum Statsminister Jean-Claude Juncker, deen doudsécher mat sengem Credo deem ganze Prozess en zousätzlechen Touch vu Crédibilitéit verliehen huet.

Lo kéint e jo bal soen, no esou laangen Debatten, a wou mer eis jo praktesch all owes Rendez-vous ginn op enger anerer Plaz, do wier alles gesot, just nach net vu jiddferengem. Mä well et e Bekenntnis ass vun eis alleguer, ass et besser mir soen et eng Kéier ze dack wéi eng Kéier ze mann.

Et ass sou villes an där Verfassung, wat schonn erwähnt ginn ass, wat scho justifiéiert ginn ass. Mä wat een nach eng Kéier muss rappeléieren an ëmmer erëm an engem neie Liicht presentéiere wëllt: Mir wëssen, d'Konkurrenz schléift net. Mir kréien et net einfach gemaach bei Saachen, déi eis einfach schéngen. Mir kréien et net einfach gemaach wa mer eng Kéier eng schlecht Phas hunn an et geléngt eis net, iergendee Prozess awer ganz plausibel ze erklären; dann hu mer verluer. Da musse mer wëssen, datt mer erëm eng Kéier do mussen ufänken, wou mer dann an där Phas versot hunn.

Et ass evident, datt mer och net kënnen noloosse bis den 10. Juli, well mir fäerten alleguer, datt dee Score extrem knapps gëtt. Mir kréien näischt geschenkt, well et ee groussen Ënnerscheed gëtt tëschent der representativer Demokratie, wou jiddferee muss heibanne geruedstoe fir dat wat e mécht an eng Rechenschaftsflicht vis-à-vis vum Wieler huet, an deenen déi herno an de Kabinnen am Anonymat kënnen ofstëmmen. Mir fäerten, datt der do eng Partie Ofrechnunge menge missen ze begläichen. Ofrechnungen, déi näischt mat der Constitutioun ze dinn hunn. Mä wann ee weess wéi dat do funktionéiert, da muss een dat do mat an de Kaf huelen.

An duerfir ass déi ganz Operatioun, déi eis nach vun elo bis zum 10. Juli trennt, eng Opération vérité, wou mer wierklech musse bis an den allerleschten Eck vum Land goen an déi Explikatioune weiderdroen. Well et steet enorm vill um Spill fir Europa an och fir Lëtzebuerg.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Fir Europa steet vill um Spill, well et ass déi éischte Kéier, datt mer aus Verträg, déi haaptsächlech eng ekonomesch Connotatioun haten, elo Verträg kréien, déi vill méi eng politesch Connotatioun kréien, an all deene Phasen, déi elo scho beliicht goufen, an ech wëll se nach eng Kéier rappeléieren.

Dës Chamber ass no dem Akraafttriede vun deem Verfassungsvertrag net méi déiselwecht, well mir mussen eis ëmorganiséieren. Mir musse vill méi aktiv ginn a vill méi no bannen an no baussen erkennbar gi loossen, datt dat ganzt Vertragswiesen sech och op eis Aarbechtsmethoden an op eis Dynamik heibanne wäert auswierken.

Mir kréien elo endlech dat, wat oft ageklot ginn ass, ze maachen, nämlech kucken ob déi, déi am Numm vun der Europäescher Unioun Entscheedungen ze treffen hunn, ob se déi och maachen am Kader vun hire Kompetenzen oder ob se déi maachen ausserhalb vun hire Kompetenzen. Wa se se am Kader vun hire Kompetenze maachen, ass deen Examen, dee mer hei am Parlament ze maache kréien, net ëmsoss. Wa se et ausserhalb vun hire Kompetenze maachen, dann ass deen Examen, dee mer hei am Haus ze maachen hunn, och net ëmsoss, well da kënne mer eis zesumme mat anere Parlamenter géint Abus de compétence wieren. Mir kënnen dat maachen, andeems datt mer souguer duerno iwwert d'Regierung virun d'Cour de Justice ginn an Abus de confiance akloen.

Dat ass e ganz kloren Hiweis a Richtung méi Demokratie. Dat ass och e ganz kloren Hiweis a Richtung méi Transparenz, well mir wësse vun elo un, wat Compétences exclusives sinn, mir wësse vun elo un, wat Compétences partagées sinn, a mir wëssen och, wat Compétences d'appui sinn. Mir wësse wou d'Europäesch Unioun vill ze soen huet, matzebestëmmen huet, eng Koordinatiounsmissioun ze erfëllen huet, a mir wëssen och wou d'Europäesch Unioun näischt ze dinn huet. Dat hate mer an där doter Kloerheet bis elo net. Dat ass och e ganz kloert Signal a Richtung méi Transparenz.

Mir hunn an deene verschiddene Kapitele vum Verfassungsvertrag eng ganz Rei vun Dispositiounen, déi deem Vertragswierk vill méi eng sozial Note conféréieren, wéi dat bis elo de Fall war. Mir kréien d'Méiglechkeet, elo um europäesche Plang d'Sozialpartner beieneen ze bréngen, e strukturéierten Dialog ze maachen tëschent deenen, déi Aarbecht ze verginn hunn, tëschent deenen, déi Aarbecht kréien, an tëschent deenen, déi d'politesch Responsabilitéiten ze droen hunn. Dat ass fir eis selbstverständlech, mä dat war bis elo an Europa net de Fall. Dat do ass e ganz kloren Hiweis a Richtung méi sozial Méiglechkeeten, méi sozial Gerechtegkeeten.

Mir kréien d'Méiglechkeet fir an der Aussepolitik an engem ganz anere Kader ze operéieren. D'Aussepolitik kritt net nëmmen eng Telefonsnummer, si kritt och nach ee Gesiicht. Mir hunn do d'Méiglechkeet fir eis esou ze organiséieren, datt mer kënnen dee Message, dee mer bis elo no banne konnte vernehmen an dee mer och no bausse probéiert hunn erauszeginn, nach vill méi kräfteg a vill méi transparent a vill méi visibel no baussen artikuléieren. Dat ass och ee ganz kloert Bekenntnis a Richtung méi Multilateralismus.

Dat Kapitel vun der Aussepolitik ass enorm wichteg, well bis elo d'Europäesch Unioun jo ëmmer als e wirtschaftleche Ris an als e politeschen Zwerg gegollen huet. Et ass enorm wichteg, well dat do am Fong de Profil vun där Entitéit „Union européenne" méi schäerft. Et ass e wichtegt Signal an d'Richtung vun deenen, déi gär wëssen a wat fir engem Referenzkader hir Zukunft gestalt gëtt.

Wa mer dann am Kapitel Aussepolitik weiderkucken, da gesi mer do e Saz, wat wierklech sech zu engem Reizwuert entwéckelt huet a wat zu engem onwahrscheinlechen Dialogue des sourds Ulass gëtt; d'Militarisatioun vun Europa.

D'Militarisatioun vun Europa, wann een dee Saz eleng isoléiert, esou aus sengem Kontext erausrappt, da stellt ee sech natierlech Froen an da kéint een esouguer zur Konklusioun kommen, dat wier eng ongléckelech Formulatioun. Wann een awer kuckt, wat alles an dee Beräich do eraspillt, an et hëlt een zum Beispill den Artikel 1, 3, 4 - also ganz am Ufank -, wou kloer gesot gëtt, datt d'Europäesch Unioun nëmme just kann am Kader vum Respekt vu gewësse Kompetenzen, vu gewësse Valeuren agéieren, déi heesche Respekt vun de Mënscherechter, Respekt vun de Minoritéiterechter, Respekt vun anere Verträg, wou eis 25 Memberstate mat Signataire waren a ratifizéiert hunn.

Kuckt een dat mam Artikel I-41 zesummen, et liest een d'Partie IV vum Vertrag, déi sech befaasst mat der Aussepolitik, an et kuckt een a wat fir engem Kader datt do kënnen Défense-Aktioune gestart ginn, dann huet ee scho ganz villes gelies an et huet een nach keng eng Kéier d'Wuert Europäesch Arméi fonnt, well d'Europäesch Arméi kënnt an deem Vertragstext do net vir. Well et keng Europäesch Arméi gëtt. Et gëtt en Zesummeschloss vun europäesche Kräften, déi kënnen «dans une situation donnée» intervenéieren.

Fir wat ze maachen? Mir mussen dach mol kucken, a wat fir enger Welt, datt mer haut liewen. Mir liewen haut an enger Welt, wou heiansdo Souverainetéit sech reimt mat dem Begrëff Monstruositéit. Wa Souverainetéit a Monstruositéit sech d'Hand ginn, da kann een dat reaktiounslos nokucken. Da maache mer just datselwecht wéi dat, wat mer an den 90er Jore gemaach hunn, faute de cadre décisionnel suffisant. Da kucke mer no, mir schécken héchstens Kameraen dohinner fir eis ze berichte wéi minabel datt mer sinn, well mer net drop reagéieren, a mir soen dann: Jo, hätte mer dann den décisionnellë Kader, da kéinte mer vlaicht eppes ënnerhuelen.

Elo kréie mer endlech déi Méiglechkeete fir net méi reaktiounslos dat hinzehuelen, wat mer bis elo vill ze vill oft vun de Kamerae virgefouert kruten, a mir hunn endlech eng Situatioun wou mer kënnen an engem rechtlech kloer ofgestachene Kader Décisiounen huelen.

Wann een dee ganze Vertragstext liest, da fält engem och op, datt déi Aktiounen, op déi ech mech elo referéieren, ganz kloer musse kompatibel si mam internationale Recht. Se mussen UNO-kompatibel sinn. Se mussen UNO-kompatibel sinn, dat heescht se musse kompatibel si mat de Prinzipie vun der Charte des Droits fondamentaux vun de Vereenten Natiounen.

Da gëtt gesot: Jo, mä dat ass schéin a gutt. D'Europäesch Unioun kënnt awer och eventuell ënner gewëssen Ëmstänn Aktioune starten, déi kee Mandat hätte vum Conseil de Sécurité vun den Nations Unies.

Et stëmmt, datt dat net ausdrécklech drasteet. Da muss ee sech awer d'Fro stellen: Wat maache mer dann, wa mer virun enger Situatioun sti wéi am Kosovo an et gëtt kee Mandat erlooss vum Conseil de Sécurité vun de Vereenten Natiounen? Gi mer dann eng Käerz op d'Place Clairefontaine ufänken an da soe mer: „Mir hätte jo nawell gär eppes gemaach, mä de Conseil de Sécurité vun den Nations Unies huet eis nach kee Mandat ginn?" Si mer bereet eis mat esou enger minabler Faillite vun eiser Responsabilitéit ofzefannen, oder si mer bereet nach eppes ze maachen, wat nawell UNO-kompatibel ass?

Ech sinn der Meenung, egal wéi grouss datt déi Zerräissprouf do ass, datt awer d'Méiglechkeet ginn ass, opgrond vun deem Vertragstext hei, datt mer eis Responsabilitéiten iwwerhuelen an do agéieren, wou et noutwendeg ass a wou mer kënnen Äntwerte liwweren, esou wéi d'Communauté internationale se vun eis amstand ass ze verlaangen.

D'Europäesch Unioun gëtt sech alsо elo eng ganz Partie Méiglechkeeten, déi se bis elo hätt kënnen ënner vill méi schwierege Bedingunge maachen. Dat ass positiv, dat huet absolut näischt mat Militarisatioun ze dinn. Déi Diskussioun ass just eng Vermëschung vun Zweck an Zil. An d'Ekonomie, d'Défense, dat si Mëttelen, déi hunn eng dienend Funktioun. An d'Prinzipien, no deenen däerf gehandelt ginn, stinn och ganz kloer an deem Text dran iwwert dee mer haut an enger éischter Lecture ofstëmmen.

Europa gëtt um soziale Plang ganz staark op d'Prouf gestallt. An ech si wierklech erstaunt, wéi riseg datt de Gruef am Verständnis ass, tëschent der Europapolitik an den europäesche Méiglechkeeten op deem Plang, an deem, wat op nationalem Plang kann a soll entscheet gi bis elo. Mir kréie ganz oft gesot, jo mä da kënne jo elo déi, déi aus deenen neie Länner kommen, fir näischt schaffe kommen op Lëtzebuerg - also quasi fir näischt schaffe kommen.

Mir däerfen awer och rappeléieren, datt mer e Gesetz hu vun 1995, wat den Droit du travail d'ordre public erkläert. Wann elo een aus Polen kënnt den August an e seet, ech wëll mol e bëssen op Lëtzebuerg baue kommen, jo da brauch deen nëmme just de Kollektivvertrag vum Secteur de la construction gewisen ze kréien, do steet dran, datt een zum Beispill déi Zäit net däerf zu Lëtzebuerg bauen, well dat e Bestanddeel ass vum Kollektivvertrag an deen ass bei der Gewerbeinspektioun déposéiert an do gëtt och driwwer gewaacht. Mir sinn an engem Rechtsstat an et gëtt Moyenë fir dat do ze opposéieren.

Wann en da seet, da kommen ech de September erëm an ech bezuele meng Leit mat 600 Euro de Mount, da kann ee soen, dann hat Dir Pech, well am Kollektivvertrag stinn aner Besoldungen wéi déi, déi Dir virgesinn hat. Mir hunn also Moyenë fir hei am Land eng ganz Partie Geforen, déi vum Ausland kënnte kommen, an déi kënnten e Bradage vun eisen Acquis sociaux maachen, ofzewieren, ofzeschmetteren - ganz kloer rechtlech ofzeschmetteren. Datselwecht gëllt fir d'Entsenderichtlinie.

Et gëtt nëmme just e puer Problemer, wou mer mussen natierlech op der Hutt bleiwen. Beim Travail intérimaire, a mir kennen de System Kralowetz a mir wëssen, datt et heiansdo Leit gëtt, déi dem Gesetz ze staark sinn, an déi kënnen eenzel Dispositiounen ënnerlafen. Wann ee sech, als faux indépendant déguiséiert, op Lëtzebuerg etabléiere kënnt, an deen ass bereet fir e Sklaveloun ze schaffen, ass et net ëmmer evident, wat fir eng rechtlech Moyenen een deem opposéiert.

Mir mussen awer wëssen, datt mat deem Ganzen d'Kierch am Duerf bleift an datt mer genuch Moyenen hunn, fir dat do ofzewieren.

A wann dann och nach Leit an de Versammlungen eis froe kommen: „Wéi wierkt dat sech dann aus mat Hartz IV hei zu Lëtzebuerg?" Da muss ee mol soen, do hutt Dir lech am Land geiert. Dat ass an Däitschland, an et ass kee Mënsch, deen deene verbitt e sozial Mindestloun anzesetzen. Et ass kee Mënsch, deen anere verbitt sozial Standarden an hir Gesetzgebung ze schreiwen. Et ass kee Mënsch, deen deene verbitt Flächekollektivverträg bäizebehalen. Et ass keen, dee si gezwongen huet, dat opzeginn.

Wann déi natierlech fäerten, dann däerfen se awer net Europa do d'Schell unhänken, da mussen se bei sech selwer kucken, ob si net Adaptatioune gemaach hunn, déi se net vun der Europäescher Unioun imposéiert kruten, mä si sinn da selwer dofir responsabel.

Also, ech mengen - der langen Rede kurzer Sinn -: Et gëtt Aufgaben, déi kënne vun der Europäescher Unioun geléist ginn. Et gëtt Signaler a Richtung méi Solidaritéit och um soziale Plang. Versucher gi gewot fir Standarden ze kréien, déi iwwerall applicabel sinn, mä ze mengen, mir kënnten elo hei zu Lëtzebuerg iwwerschwemmt gi vu Leit, déi aus engem anere Land kommen, déi en Akommesgefäll mat Lëtzebuerg ze verzeechnen hunn, dat ass carrément d'Leit fir vill méi domm gehalen, wéi mir se halen.

Well wann dat do nämlech wouer wier, a mir kucken e bësse wéi et an der Grossregioun ass, wou en Différentiel am Akommes ass, qui varie très souvent du simple au double, da wiere mer scho laang mat bëllegen Aarbechtskräften iwwerschwemmt ginn.

Ech kucken den Här Castegnaro ganz staark an d'Aen, an ech mengen, hie ka mer do net Onrecht ginn. Mir behalen also eng enorm Marge fir selwer nach eisen Alldag hei ze prägen. Dat, wat vun eis verlaangt gëtt, dat ass, datt mer eis esou behuelen, datt mer an där internationaler Gemeinschaft vun elo 25 Staten eist dozou bäidroen, datt d'Zesummeliewe méi sozial gëtt, méi gerecht gëtt, méi responsabel gëtt, méi berechenbar.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Verfassungsvertrag gëtt et Saachen, déi apparemment contradictoire sinn, dat gëtt mer gesot. Mä mir hu jo awer kee rechtsleere Raum. Eenzel Dispositioune kënnen duerno an hirer praktescher Uwendung ageklot ginn.

Mir sollen de toute façon net eis der Versuchung higinn an elo alles matenee vermëschen. Mir däerfen net matenee vermëschen europäesch Kompetenzen an national Kompetenzen. Dat hunn ech elo versicht ze soen. Mir däerfen net matenee vermëschen dat, wat deen Eenzelne ka maachen, an dat, wat e vum Stat verlaangt, an dat, wat d'Europäesch Unioun mécht. Jiddfereen huet op sengem Niveau en Deel vun der Responsabilitéit ze droen.

An op kee Fall kënne mer den Europäesche Verfassungsvertrag verwiessele mat der Politik a mat der Dynamik, déi mat esou enger Politik verbonnen ass. Wat heescht Dynamik, oder wat heescht iwwerhaapt Politik? Ass d'Politik net einfach ze résuméiere mat e puer Wierder als Gestaltung vun der Zukunft? Wann d'Politik d'Gestaltung vun der Zukunft ass, da liest een am Verfassungsvertrag doudsécher net all Léisung op déi Problemer, déi op eis duerkommen, mä da liest een do Méiglechkeeten, an deenen hirem Rahmen ee kann Solutiounen envisagéieren; da liest een do eng ganz Partie Opportunitéiten.

Politesch Gestaltung heescht also, datt een an engem Verän kann aktiv ginn, wou d'Regele bekannt sinn, weess, wat jiddfereen ze soen huet, an - wat enorm wichteg ass fir e Land wéi Lëtzebuerg - dass net nëmme mir eis da mussen un déi Regelen halen, mä besonnesch déi aner. Well et gouf jo mol eng Zäit, do hat Lëtzebuerg d'Méiglechkeet fir a säin Text ze schreiwen, wat et wollt. E perfekten Text konnte mer de Lëtzebuerger virweisen als Verfassung. Deen Text war 1940 zimlech an der Rei. Do war och net vill ze beanstanden drun.

D'Fro war just déi: Wat konnte mer an enger spezifescher Situatioun ufänken? A fir méi prezis ze sinn: Wat konnte mer den 10. Mee 1940 mat deem Text ufänken? Den 10. Mee 1940 konnte mer domat net vill ufänken, well den onerwënschte Besuch ass awer erakomm. Dat ass haut an där Schicksalsgemeinschaft, an där mer dra sinn, net méi méiglech.

An déi Schicksalsgemeinschaft, déi huet et ëmmerhi fäerdeg bruecht, datt aus deene Länner, déi nach virun enger geraumer Zäit Diktature waren, fest etabléiert Demokratië gi sinn. Dat war de Fall fir Spuenien, dat war de Fall fir Portugal, déi ënner faschisteschen Diktature gelidden hunn. Déijéineg vun eis, déi nach net ze vill Joren um Bockel hunn, awer genuch, déi kënnen sech un de Prozess vu Burgos nach erënneren, wou der sollten e puer geköppt ginn. Déi kënnen sech erënneren ënner wat fir engem Drock datt do huet missen Afloss geholl ginn op Spuenien. Dat ass haut net méi méiglech, well mir hunn eis verflicht fir d'Doudesstrof ofzeschafen.

Portugal kënnt aus enger faschistescher Diktatur. Griichenland, e Land wat méi spéit an d'Europäesch Unioun komm ass, dat hat eng Diktatur vun de Colonellen, eng rietsextrem Diktatur. Och do konnte mer d'Demokratie festegen. An dann huele mer déi aacht Länner, déi aus Zentral- an Osteuropa kommen, déi hunn och bis viru 15 Joer nach alleguer an Diktature gelieft, an och do konnt d'Demokratie gefestegt ginn. Mir sinn haut an enger Schicksalsgemeinschaft, déi „grâce à l'existence des traités existants" sech konnt entwéckelen op deen Niveau, wou se haut ass.

Ech hat gesot, d'Politik ass d'Gestaltung vun der Zukunft. D'Gestaltung vun der Zukunft huet mat Dynamik ze dinn. Dat kann also net eleng erauszeliese sinn aus dem Text, deen d'Verfassung duerstellt. Dynamik, wat ass dat? Ma Dynamik, dat ass den Enthusiasmus, dat ass d'Begeeschterung, mat där een e politesche Projet entwerft, a mat där een en duerchzitt. D'Dynamik, dat ass d'Fäegkeet, fir iwwert d'Kassandrariff ewechzegoen an dat ze maachen, de Contraire ze maache vun deem, wat de Mainstream engem seet, wa se net wëlle virugoen, wa se duerch d'Angscht sech guidéiere loossen.

Dynamik, dat heescht zum Beispill op d'Ouer goen, an d'international Verhandlungen, an dann do soen, den Zougang zu de Medikamenter fir déi, déi keng Suen hunn, „ce n'est pas une question de fric, c'est une question d'éthique". Dat ass Dynamik. A wien huet da fir déi Dynamik do responsabel gezeechent, wann net d'Europäesch Unioun? Ouni d'Europäesch Unioun hätte mer deen doten Acquis net kritt, dann hätte mer net kënnen aus deenen einfachen a simple Räsonnementer, „qui étaient liés à la propriété intellectuelle et qui l'ont réduit à une question de fric", eng Question d'éthique maachen.

Bis viru fënnef Joer hunn d'Kassandra an d'Skeptiker geruff, zum Beispill wat den Zougang vun de Medikamenter fir d'Aidspatienten an Afrika ubelaangt: Dat ass vill ze vill deier, et kascht 14.000 Dollar pro Joer. Haut hunn déi sech duerchgesat, déi un d'Dynamik vun de Prozesser geduecht hunn, déi net opginn hunn, an déi an enger Zäit, wou keen dru gegleeft huet, sech duerchgesat hunn. Déi hunn et fäerdeg bruecht, datt haut sage und schreibe déi Medikamenter zougänglech sinn, net méi fir 14.000 Dollar pro Joer, mä fir 140 Dollar pro Joer. Dat ass Dynamik.

Dat ass dat wat de Jean Monnet nennt „les croyants des heures désespérées". De Jean Monnet huet gesot, dat wat mech interesséiert, dat sinn net „les résistants de la dernière heure", dat wat mech interesséiert, dat sinn „les croyants des heures désespérées". Mir sinn heibannen alleguer „des croyants des heures désespérées". Mir gleewen heibannen drun, well mer et wëssen, an et ass net engem verbueden, deen d'Gnod hat vun der spéider Gebuert, wéi den Helmut Kohl emol eng Kéier gesot huet, dass een, dee 25 Joer al ass, et ass deem net verbuede fir eng Kéier e Geschichtsbuch ze huelen an ze kucken, wéi et déi 25 Joer virdru war.

Et wäert awer och nach kee sech missen entschëllegen, wann en haut seet, datt dat ganzt europäescht Integratiounswierk eng fridensstëftend Funktioun huet, wéi et elo grad vu mengem Virriedner gesot ginn ass. Et wäert awer och nach kee sech missen entschëllegen, wa mer et fäerdeg bruecht hunn, datt mer déi Mentalitéit vun der Maginotlinn iwwerkomm hunn, déi gemengt huet, et kënnt ee sech hannert enger einfacher Défenselinn esou organiséieren, datt keen aneren engem kéint draschwätzen.

Mir wësse jo, datt déi Mentalitéit säit 1940 och schonn hir Zäit gemaach huet, a mir wëssen och, datt déi Approches malthusiennes och net fonctionnéieren, déi doranner besti fir ëmmer nëmmen ze mengen, wat et deenen anere méi schlecht géing goen, wat et eis géing besser goen. Wirtschaftlech kréie mer all Dag just de Contraire bewisen, a mir brauchen nëmme just d'Statistike vun eisem Wuesstëm nozekucken, fir erauszefannen, datt all Kéiers dann, wann et an Däitschland, Frankräich a Belgien wirtschaftlech lues geet, et bei eis net séier geet. Wann et deene schlecht geet, geet et eis net gutt, a wann et deene gutt geet, geet et eis besser. Dat kann een alles noliesen.

Dat wat den Différentiel ausmécht, dat ass am Fong dat wat mir profitéiert hunn, vun eiser Integratioun an den europäeschen Integratiounsprozess. Et ass dat wat et fäerdeg bruecht huet, datt dëst Land sech konnt net nëmme wirtschaftlech behaapten, mä och politesch.

Et sinn der eng ganz Partie heibannen, déi a verschiddene Gremië sinn, vun de Regierungsmemberen ofgesinn, déi ganz vill an d'Ausland kommen. Ech gesinn den Ausseminister do sëtzen, ech gesinn den delegéierten Ausseminister do sëtzen, ech gesinn hei fréier Kolleegen, d'Anne Brasseur, den Henri Grethen, ech gesinn anerer hei, de Michel Wolter, alleguer si mer an iergendenger Funktioun vill an d'Ausland komm.

Et huet kee Mënsch eis brauchen drun ze erënneren, datt mer kleng sinn, dat wosste mer. Mä et goufen awer Zäiten, do wosst emol iwwerhaapt keen, datt et eis géif ginn. Wann emol all Mënsch weess, datt mer kleng sinn, dat ass ëmmerhi schonn eppes. An et ass och eppes, datt mer duerch den europäeschen Integratiounsprozess emol iwwerhaapt op d'Weltkaart gesat gi sinn.

A wann ee gesäit wat och an der Présidence méiglech war a leschter Zäit, alles dat wat gemaach ginn ass, a wat ech nach eng Kéier wëll nodréiglech begréissen an ënnersträichen, an lech dofir félicitéieren, dat hänkt jo awer och mat Lëtzebuerg zesummen, an dat gëtt mat Lëtzebuerg ëmmer erëm associéiert. Déi Roll hätte mer ni kënne spillen, wann et nëmme just eng Fräihandelszon gewiescht wier, a wa mer nëmme just hätte kënne wéi Epiciere ronderëm den Dësch handelen iwwert de leschte Centime.

Ech hu gesot, datt mer mat deenen Approches malthusiennes net vill kënnen ufänken. Well dee ganzen europäeschen Integratiounsprozess, dat ass eng „win-win"-Strategie. Alles dat wat mer dran investéiert hunn, dat hu mer mat vill méi héijen Dividenden erëmbezuelt kritt, net nëmmen Intérêten, mä och nach Kapital. Et ass schonn oft drun erënnert ginn: Aus engem vun den äermste Länner um europäesche Kontinent si mer zu engem vun de räichste ginn, a mat wat fir enger Méiglechkeet fir Politik ze gestalten!

Dat hate mer ni virdrun, an déi, déi mengen, datt déi aktuell Verträg duerginn, fir dat weiderzeschreiwen, déi kënnten sech emol gewalteg ieren, well et soll emol ee mir soen, wéi een da kann an deene Coopérations renforcées, déi elo an deenen aktuelle Verträg dra sinn, a wou déi Méiglechkeet virgesinn ass, wéi een do kann eng Dynamik ukuerbelen, mat zwee Länner, déi zu de Grënnungsmembere gehéieren, an déi supposéiert waren, do e Rôle moteur ze spillen, wéi een do kënnt a wesentleche Politikfelder grouss Fortschrëtter maachen. Dat bleift mir jiddefalls bis elo e Rätsel.

Also wann dëse Vertrag net a Kraaft trëtt, dann trieden net nëmme just déi Méiglechkeete fir méi Transparenz net a Kraaft, dann trieden net nëmmen déi Méiglechkeeten net a Kraaft, déi eis méi Demokratie bréngen, dann trieden net nëmmen déi Méiglechkeeten net a Kraaft, déi eis méi Gestaltung am Rescht vun der Welt, méi Solidaritéit no baussen an no bannen erlaben, da ginn och eng ganz Partie vun de Méiglechkeeten, déi am bestehende Vertragswierk dra sinn, paralyséiert, an da si mer wierklech voll an der Kris dran.

Duerfir, wa mer eis jo d'Wuert ginn, a mir si jo e bësse wéi déi Eintracht im Tale, momentan, a mir sinn „des croyants des heures désespérées", da loosse mer wëssen, nach eng Kéier, wat den 10. Juli um Spill steet. Fir Europa steet enorm vill um Spill. Mä wann ech dat vergläichen, wat fir Europa um Spill steet, an ech vergläichen dat, wat fir eist klengt Land um Spill steet, „il n'y a pas de commune mesure"!

Dat wat fir eis um Spill steet, ass eng Question d'être ou ne pas être. Et sinn d'Lëtzebuerger Potenzialitéiten, déi um Spill stinn, a mir kënnen den 10. Juli e formidabelt Signal no bannen an no bausse ginn, an ech hoffen duerfir, datt den 11. Juli den Dag ass nom Jo, nom kloren, däitleche Jo, no engem klore Bekenntnis zu engem politeschen Europa mat all deene Potenzialitéiten, déi an deem Text hei drastinn, wat keen Ersatz ass fir Politik, mä wat eng Méiglechkeet ass, fir méi an eng besser Politikgestaltung fir d'Zukunft ze maachen.

A wann alles vergiess ass, an no 50 Joer weess kee méi, wien hei an der Chamber war, vläicht kënnen d'Leit sech nach drun erënneren, wien de Statsminister war, mä dat wäert awer och alles sinn. Mä wat se awer och nach wëssen, dat ass wéi mer den 10. Juli gestëmmt hunn, a wien de Courage hat, fir sech ee Moment géint e soi-disant Mainstream ze stäipen.

Ech menge mir kënnen de Rescht vum Land an deem dote Sog, an deem mir elo dra sinn, mat virunhuelen. Dat ass net hinnen eppes imposéiert, mä dat ass dësem Land a besonnesch der Jugend eng ganz Partie Méiglechkeeten opgemaach, an duerfir brauche mer eis nu wierklech net ze entschëllegen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

Dir hutt d'Wuert, Här Bodry.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber steet sécherlech virun enger wichteger Ofstëmmung haut den Nomëtteg an dat an duebeler Hisiicht, duerch den Inhalt, duerch d'Tragwäit vun deem internationalen Traité, deen d'Ambitioun huet der Europäescher Unioun eng Verfassung ze ginn, mä awer och duerch de politesche Kontext vun dëser Entscheedung, déi getraff gëtt an engem Klima vu politescher Verounsécherung an Europa, knapp 14 Deeg virun dem Referendum vum 10. Juli, deen éischte Referendum dee Lëtzebuerg zënter 68 Joer op nationalem Plang virhëlt.



An och wann d'Chamber ausnahmsweis an där heiter Fro net déi allerlescht politesch Décisiounsgewalt huet, läit déi Gewalt dës Kéier beim Wieler iwwert de Referendum. Sou muss een dach soen, dass et wichteg ass, dass dëst Parlament haut an dëser Debatt an an der Ofstëmmung seng Verantwortung iwwerhëlt an dass d'Parlamentarier, alleguerten déi 60, gebiede si fir haut hir Verantwortung ze iwwerhuelen, fir d'Richtung unzeginn a fir Faarf ze bekennen an enger kruzialer politescher Fro. D'Parteien hunn an all demokrateschem System déi fundamental Aufgab, fir zur politescher an ëffentlecher Meenungsbildung bäizedroen.

A wien haut hei net Faarf bekennt, wie sech senger Verantwortung net stellt, wie feig doheem bleift, deen huet menger Usiicht no den Usproch verwielt als politesch Partei hei zu Lëtzebuerg ze kënnen d'Wuert ze ergräifen an nächster Zäit.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Et ass blamabel fir eng politesch Partei wa si sech net dëser Erausfuerderung stellt. Et versteet een natierlech ganz gutt, firwat dass den ADR haut net hei ass. Den ADR, dee grouss ginn ass - hien huet jo glécklecherweis e klengen Dämpfer kritt bei deene leschte Wahlen -, mä deen iwwer Jore gewuess ass duerch Ënnerstellungen, duerch Attacke vun deenen aneren an deen elo op eemol an déi Situatioun erakënnt, dass hien an engem wichtege politeschen Dossier mat senger eegener Verantwortung, mat senger eegener Vergaangenheet konfrontéiert gëtt, mat senger eegener Wankelmëtegkeet, an engem Sënn mat senge Reviremen ter, mat senger andauernder Girouettefonctioun, déi hien an deem heite wichtege politeschen Dossier während zwee Joer ageholl huet.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Bal war et de Jo, bal war et den Neen a fir deen, deen et net gleeft, well si streiden dat jo andauernd of, hunn ech mer awer erlaabt der Chamber nach eng Kéier dat Dokument hei matzebréngen: „Wahlen zum Europäischen Parlament am 13. Juni 2004. Konsequent fir Lëtzebuerg!", de Programm vum ADR zu den Europawahlen. A well se haut keng Stëmm hunn - soss erliewen ech jo ëmmer, dass si hei oft net richteg hir Argumenter kënne virdroen -, wëll ech mech dann eng Kéier fir déi Minoritéit hei am Parlament asetzen…

***(Hilarité)***

…a ganz gären aus hirem Wahlprogramm zu den Europawahlen, déi Europawahlen, déi virun engem Joer hei zu Lëtzebuerg stattfonnt hunn, zitéieren: „Wir sagen Ja zum Europäischen Verfassungsvertrag." Ech kéint och hei zitéiere wat den Här Gibéryen, Member vum Konvent, gesot huet am Juni 2003 wéi de Konvent eriwwer war a wou e Bilan gezu ginn ass mat deenen anere Membere vum Konvent a wou hie genee de Contraire vun deem behaapt huet, wat elo zënter e puer Woche behaapt gëtt vun därselwechter Partei, déi elo ewell de Superstat Europa erëm entdeckt huet. Den Här Gibéryen huet awer den 19. Juni 2003 virun der Press just de Contraire gesot huet: „…es entstehe kein Europäescher Staat sondern ein Europa der Staaten, dem keine zusätzlichen Zuständigkeitsbereiche eingeräumt worden seien."

En ADR, deen elo net midd gëtt dat Soziaalt an de Viergrond ze stellen, well dat anscheinend guer net géif berücksichtegt ginn am neien europäesche Verfassungstext. Mä deeselwechten ADR huet erëm eng Kéier am Virfeld vun de leschte Chamber- an Europawahle just de Contraire behaapt, wéi a sengen Texter ze liese war: „Der europäische Konvent hat in dem Entwurf der Europäischen Verfassung die sozialen Mindestnormen beschlossen, die die Grundlage für das soziale Europa bilden müssen." Just de Contraire vun deem also wat en haut behaapt. Dat ass net seriö!

Dat erënnert mech eigentlech un e Sproch vum Edgar Faure. Den Edgar Faure e bekannte liberale Politiker aus der Quatrième République a Frankräich, dee bekannt war, dass hien ëmmer dobäi war, bei all Regierungen, déi gebilt si ginn, an deen eng Kéier, wéi hien d'Fro gestallt kritt huet vun engem Journalist, wéi da seng Positioun ze erkläre wier, ob dann net seng Positioun mat där vun engem Wiederhinchen ze vergläiche wier, geäntwert huet - hie war ëmmer ganz schlagfäerdeg -: „Ce n'est pas la girouette qui tourne, c'est le vent."

***(Hilarité)***

Sou wäerten et och den Här Gibéryen a seng Kolleege vum ADR halen. Mä elo awer zu eis. Ech si jo eigentlech net de Fraktiounssprie cher hei vum ADR.

Ech mengen et ass ganz kloer, dass mer den 10. Juli nëmmen iwwer eppes ofstëmmen. Mir stëmmen of iwwert den Entworf vun engem neien europäeschen Traité, dem Traité constitutionnel. Mir stëmmen net of den 10. Juli hei zu Lëtzebuerg iwwert de Bäitrëtt vun der Türkei. Mir stëmmen net of iwwert d'Bolkestein-Direktiv a mir stëmmen och net of iwwer eng eventuell personell Ëmbesetzung un der Spëtzt vun der Lëtzebuerger Regierung. Dat sinn alles wichteg Froen, mä Froen déi näischt awer och guer näischt mam Verfassungstext vun der EU ze dinn hunn, deen eenzeg an alleng mat Jo a mat Nee muss beäntwert ginn.

Mir stëmmen also of iwwert d'Ziler, iwwert d'Regelen no deenen d'Europäesch Unioun an Zukunft soll fonctionnéieren. Mir stëmmen am Verglach zu deenen Texter, déi haut gëllen, eenzeg an eleng iwwer Verbesserungen of par rapport zum geltenden europäesche Recht.

Ech waarden nach ëmmer drop, dass ee mer hei am Land soll soen a wat fir engem Punkt konkret deen Text, deen elo zur Ofstëmmung virläit, eng Verschlechterung géif duerstelle par rapport zu deenen europäeschen Traitéen, déi haut an Europa a fir Lëtzebuerg gëllen. Ech hunn nach haut dee Beweis net bruecht kritt fir esou eng Verschlechterung. Iergendeng Verschlechterung misst jo ze fanne sinn an deem risegen Text do! Mä nach bis elo ass net een, dee konnt esou eng Verschlechterung nennen. Et sinn also nëmme Plus-valuen ze verzeechnen an deem doten Text par rapport zu deem, wat europäescht Recht fir de Moment hei ass.

Et ass sécher, dass vill Leit Europa - a streckeweis mengen ech hu se guer net Onrecht - als ze bürokratesch, net genuch demokratesch, net genuch sozial ausgeriicht gesinn. A well se Recht hunn a villem wat se soen a wat se mengen, si mir als Sozialisten der Meenung, dass ee muss Jo zu deem Verfassungstext stëmmen, well grad dee Verfassungstext eng Äntwert versicht ze ginn op déi Saachen, déi vläicht an Europa net esou gutt lafe wéi se kënnte lafen, a probéiert déi Mängel an der europäescher Praxis an an den europäeschen Texter auszebigelen.

Duerfir also, wann Der wierklech kritesch sidd deem Europa géigeniwwer wat haut besteet, wann Der dat eent oder dat anert bemängelt, kuckt Iech déi nei Texter un, vergläicht se awer wann ech gelift mat deenen Texter, déi haut Gültegkeet hunn an da stëmmt Der Jo zu deem neien Text, well e ganz kloer an déi Richtung geet fir eng Verbesserung ze bréngen am Fonctionnement, an der Transparenz vun der europäescher Politik.

Wann Nee gesot gëtt, dann hutt Der nëmmen eng Garantie, d'Garantie dass alles beim Ale bleift. Da bleiwen déi Texter en vigueur, déi esou vill kritiséiert ginn haut. Dat ass déi eenzeg Sécherheet, déi Der hutt. Dir hutt guer keng Aussiichten, dass iergendwann an nächster Zukunft en aneren Text kënnt, deen da besser wier wéi dat, wat momentan an der Diskussioun ass.

An deen Duercherneen, deen nom Neen a Frankräich an an Holland an Europa entstanen ass, déi Ongewëssheet wéi et soll weidergoen an dee Sträit, deen eigentlech ausgebrach ass iwwert d'Orientéierung vun der Politik an Europa, beweist, dass et keng Alternativ gëtt, wéi ëmmer behaapt ginn ass, et wier guer kee Problem, dat géif alles esou roueg eroflafe wa géif Nee gestëmmt ginn. Da géif iergendeen opstoen an hie géif a seng Täsch gräifen an hätt dann de berühmte Plan B, deen dann all d'Problemer géif op ee Schlag léisen a wou jiddereen da spontan géif an d'Hänn klappen a soen, dat doten ass et, deen alen Text kënne mer vergiessen, hei ass deen neien Text, de Plan B spillt an dann ass alles an der Rei.

Et gëtt kee Plan B! Oder - géif ech soen - et ginn der honnert, vläicht nach méi. Jiddereen huet säi Plan B, mä et weess keen a wat fir eng Richtung dass et eigentlech sollt goen. Dat ass dat, wat den Neen ausgeléist huet. Dat ass kee schéint Bild, wat ee momentan an Europa an deem dote Punkt gesäit. Dat beweist op jiddfer Fall, dass d'Argumentatioun vun de Leit vum Non an anere Länner falsch war an dass se iwwert déi wierklech Konsequenze vun engem Nee hinweggetäuscht hunn.

Deen Text, deen eis virläit, ass e prekären Equiliber tëschent ganz verschiddenen Opfaassunge vun Europa. Equiliber tëschent de Positioune vu 25, 28 verschiddene Länner, mat hirer eegener Geschicht, mat hirer eegener Kultur, mat hiren eegene politesche Prioritéiten.

Et ass en Text, dee versicht en Equiliber duerzestellen tëschent Sozialisten, Sozialdemokraten, Gréngen, Liberalen, Chrëschtdemokraten, Konservativer. Alles dat probéiert en ze maachen. An ech géif soen, en hätt et fäerdeg bruecht, deen Equiliber do hierzestellen. Woubäi een dann och net däerf dohinnerkommen an ee Saz erauszéien aus deem Ganzen a soen: „Aha, do gesitt Der jo, do verstoppt sech dee liberalen Däiwel." Oder: „Oho, do ass jo dann den europäesche Superstat."

Et muss een dee ganzen Text liesen an et kann een nëmmen dee ganzen Text interpretéieren, wann een all Artikele berücksichtegt a wann een all Dispositioun à la lumière vun enger anerer Dispositioun vum Text interpretéiert. Esou kann een nëmmen un deen doten Text erugoen. Well et eben e Kompromisstext ass, wou deen ee sech éischter op deem enge Punkt duerchgesat huet, deen aneren op engem anere Punkt, mä dat Ganzt esou ausgefeilt ass, dass jiddfereen sech iergendwéi an deem ganzen Text do erëmfënnt. An da kann een net eppes erausbriechen a soen: „Dat ännere mer elo!", well da brécht déi ganz Konstruktioun zesummen, an dat kënne mer jo alleguerten net wëllen.

Dofir muss ee sech kloer bewosst sinn, wat et heescht eigentlech an esou enger grousser Gemeinschaft mat all deene verschiddene Sensibilitéiten et iwwerhaapt fäerdeg ze bréngen, esou e Verfassungstext op d'Been ze stellen.

Kompromisser och tëschent de Fédéralisten an de Souverainisten. Alleguerte fannen si sech an eenzelnen Aspekter vun deem Ganzen erëm. An dat ass mengen ech immens wichteg, dass een do de Leit näischt virmécht. Duerfir sinn ech der éierlecher Iwwerzeegung - ech gi vläicht Lige gestrooft vun der Entwécklung an deenen nächste Méint a Joren -, dass deen heiten Text am Endeffekt net dout ass. E schéngt dout fir de Moment. Mä wéi heescht et: „Totgesagte leben länger."

Deen heiten Text kritt menger Ansicht no eng frësch Vigueur, wa mol d'Prozeduren an alle Länner duerchgezu ginn a wa mol gekuckt ginn ass, wat dann eng Alternativ kéint sinn zu deem doten Text. Da sinn ech der Meenung, dass deen heiten Text duerchaus eng reell Chance huet, schlussendlech sech awer durchzesetzen, um Enn vun alle Prozeduren.

An et ass jo net nëmmen esou, wéi wa Lëtzebuerg elo totale Cavalier seul géif an deem ganze Beräich maachen. Net nëmmen d'Lëtzebuerger hunn décidéiert, hir Ratifikatiounsprozedure virunzedreiwen. Datselwecht gëllt fir d'Belsch, déi matzendra sinn, wou awer nach eng Rei vu regionale Parlamenter mussen hir gréng Luucht ginn. Dat gëllt fir Malta, gëllt fir Zypern, gëllt fir Estland.

All déi Länner si praktesch zäitgläich mat Lëtzebuerg amgaange mat hire Ratifikatiounsprozeduren duerchzesinn, och wann dat parlamentaresch Ratifikatiounsprozedure sinn. Haut si mer jo och hei als Parlament zesummen, fir deen éischte Vote zu deem heiten Text virzehuelen. Gutt d'Halschent vun den Europäer hunn haut schonn ofgestëmmt iwwert deen doten Text. Sollt déi aner Halschent sech net däerfen äusseren zu deem Text? Ass et einfach nëmmen eng zäitlech Folleg vun de Ratifikatiounen an eenzelne Länner déi bestëmmt wien däerf ofstëmmen a wien net däerf ofstëmmen?

Hei muss all Stëmm gläich gëllen an och d'Stëmm vun de Lëtzebuerger muss dat gläicht Gewiicht kréie wéi all déi aner Stëmmen. Mir kënnen et net de Fransousen an den Holländer oder aneren iwwerloossen an eiser Plaz praktesch iwwert déi Fro ze décidéieren, déi den 10. Juli dann de Bierger sech wäert virhuelen.

Mir mussen op eng wesentlech Fro äntweren. Jiddferee muss dat fir sech maachen. Mir haut als Chamber, an da jiddfer Bierger fir sech: Wat bréngt deen heiten Text Lëtzebuerg, de Lëtzebuerger? Wat bréngt en Europa an den Europäer?

Kloer ass fir mech, dass d'Rechter vun de Bierger ausgebaut ginn duerch deen heiten Text, net ofgebaut. Kloer ass et och, dass d'Positioun vu Lëtzebuerg duerch deen heiten Text gestäerkt gëtt, zementéiert gëtt an net zréckgesat gëtt. A kloer ass et fir mech och, dass duerch deen heiten Text Europa kann e Stéck méi staark ginn an op jiddfer Fall net d'Ambitioun huet, fir méi schwaach ze ginn op internationalem Plang.

Dësen Traité bréngt keng Maartgesellschaft an Europa eran, wann en och op der sozialer Maartwirtschaft opgebaut ass. Mä et ass en Traité, dee sech als iewescht Zil gesat huet, eigentlech en nohaltegen Entwécklungsmodell durchzezéien a sämtleche sektorielle Politiken.

An eent muss och de Kritiker vu lénks kloer sinn, dass et sécherlech esou ass, dass d'Grousskapital, wat jo oft an de Viergergrond gestallt gëtt, ganz gutt kann ouni Verfassung an Europa liewen a ganz gutt a vill besser ka liewen ouni Regelen, an dass eigentlech d'Bierger an all déi, déi hei en europäesche Sozialmodell verteidegen an un eng sozial an ökologesch Maartwirtschaft an Europa gleewen, als Modell, deen een eventuell kann esouguer international exportéieren, all Intérêt drun hunn dofir ze suergen, dass Regele festgesat ginn. Dee Versuch gëtt iwwert deen heiten europäeschen Text och ganz kloer ëmgesat.

Egal wéi de Referendum ausgeet, wëll ech am Numm vun der LSAP schonn zwou Konklusiounen zéien. Zwou Konklusiounen, déi mer an eisen Ae mussen ëmsetzen, wéi gesot, egal ob Jo oder Neen hei zu Lëtzebuerg gestëmmt gëtt.

Déi éischt Konsequenz, mengen ech, dat ass, dass eist nationaalt Parlament, eis Chamber sech muss fundamental reforméieren, an och wann déi nei Regelen nach net gëlle schonn elo sollt sech d'Instrumenter ginn, fir kënnen ze fonctionnéieren, wéi wann deen neien Text do wier.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Dat heescht dofir ze suergen, dass mer fréizäiteg als Parlament an déi legislativ europäesch gesetzlech Prozeduren erakommen. Dat bedeit e fundamentaalt Ëmkrempele vun deem, wat mer hei an der Chamber vu Fonctionnement an deem dote Beräich hunn. Dat heescht och, dass mer méi systematesch mussen öffentlech Debatte siche goe mat de Leit. Net nëmmen hei am Plenum, mä mat de Leit zu wichtegen europäeschen Themen.

Et geet net duer, dass mer deen Exercice all puer Jorzéngten eng Kéier hei zu Lëtzebuerg maachen. Dat huet e mengen ech ganz kloer gespuert an där Campagne, déi elo déi lescht Méint hei zu Lëtzebuerg gelaf ass. Dat sollt een elo schonn als gemeinsam Konklusioun festhalen.

Zweet Konsequenz, déi mer elo scho sollten zéien, ass, dass mer et musse fäerdeg bréngen, deenen europäeschen Enjeue méi Fräiraum ze ginn, se méi an Evidenz ze setzen. Dat geschitt nëmmen doduerjer, dass mer et fäerdeg bréngen, d'Europawahle vun den Nationalwahlen ze entkoppelen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Sief et iwwer e verschiddenen Datum, sief et zumindest iwwer e Verbuet vun duebele Kandidature bei Europa- a bei Chamberwahlen. Dat sollten an eisen Aen d'Konklusioune sinn, déi mer elo schonn zéien, egal wéi dee Referendum do ausgeet.

De Michel Wolter huet siwe Grënn genannt, firwat ee sollt Jo stëmmen a firwat och seng Fraktioun wäert Jo stëmmen zu deem heiten Text. Ech erlabe mer der zéng ze nennen. Awer ech maachen et méi kuerz wéi hien.

Mir Sozialiste wëlle Jo soen, well doduerch ganz einfach d'Leit an Europa eiser Usiicht no weider a Fridden, Fräiheet a Sécherheet liewe kënnen, an enger Gemeinschaft vu Wäerter, déi mer deelen.

Mir soen och Jo zu deem heiten Text, well doduerjer d'Onofhängegkeet, de Wuelstand an d'Interesse vu Lëtzebuerg an Europa fir weider Jore gefestegt ginn.

Mir soe Jo, well doduerch Europa e Stéck méi sozial gëtt.

Mir soe Jo, well duerch dësen Text Europa och wäert e Stéck méi demokratesch ginn a méi transparent an handlungsfäeg.

Mir soe Jo, well duerch deen heite Verfassungstext d'Charta vun de Grondrechter vun den EU-Bierger rechtlech verbindlech gëtt.

Mir soe Jo, well doduerch Europa an der Welt méi staark gëtt a sech domadder och ka politesch a wirtschaftlech international besser behaapten.

Mir soe Jo, well dësen Text en éierleche Kompromiss duerstellt tëschent alle Memberstaten, mat ënnerschiddleche politeschen a kulturellen Usiichten.

Mir soe Jo, well dës Constitutioun e valabele Kader duerstellt fir eng fortschrëttlech Politik an Europa méiglech ze maachen, wann dat politescht Kräfteverhältnis dat zouléisst. An dat Kräfteverhältnis do, dat gëtt entscheet duerch national Wahlen, duerch national Regierungen, déi sech aus den nationale Wahlen erginn, an duerch d'Kompositioun vum Europaparlament. An et ass an eisen Aen do wou muss ugesat ginn. Wann ee wëllt eng fundamental nei Orientéierung kréien, da muss d'politescht Kräfteverhältnis an Europa dat méiglech maachen, well soss brauch ee guer net dovunner ze schwätzen.

A schliesslech si mer der Meenung, dass mer Jo sollte stëmmen zu dësem Text, well mer als Lëtzebuerger wëllen Europa aus der Kris vum Neen erëm erausbréngen.

Ech menge méi wäit brauch een hei net ze goen. De Fayots Ben huet op seng bekannte remarquabel Aart a Weis dat als Rapporteur gemaach.

Ech wëll zum Schluss just nach Folgendes soen: Ech sinn der fester Iwwerzeegung, dass mer als Lëtzebuerger sollten net ängstlech an net misstrauesch un eis Zukunft an och un d'Europäesch Unioun erugoen. Et ass jo dat, wat een deelweis e bësse spiert dobaussen, déi Veronsécherung, déi kënnt.

Et soll een awer trotzdeem däerfen ee klenge Bléck no hanne werfen an einfach feststellen, dass déi 60 laang Jore vu Fräiheet, vu Sécherheet, vu Fridden, an deene mir däerfe liewen als Lëtzebuerger; dee Wuelstand, deen iwwert déi lescht Jorzéngten hei geschafe ginn ass; déi wirtschaftlech Performancen; deen héije Sozial- an Ëmweltstandard, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn: Dat alles ass dach net erreecht gi géint Europa. Mä et ass erreecht gi mat Europa a gréisstendeels duerch Europa.

Dofir soe mer: Loosse mer keng Angscht hu virun der Zukunft! Loosse mer kucken, wat war, loosse mer kucken, wat ass, an da gi mer mat Zouversiicht a mat Courage un déi nei Erausfuerderungen erun, well ech si sécher, dass mir dann hei zu Lëtzebuerg an Europa weiderkommen. Europa brauch eis. Dofir solle mer Jo stëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht och am Numm vun der grénger Fraktioun dem Här Fayot net nëmme Merci ze soe fir säi Rapport, deen hien hei gemaach huet, mä och fir säi ganzen Engagement iwwert déi lescht Méint ronderëm déi Hearingen. Ech mengen, hien hat oft keen einfache Stand hei. Hien huet dat awer relativ gutt gemaach eiser Meenung no…

**Une voix**.- Relativ?!

***(Hilarité)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- …an ech wëll him duerfir hei am Numm vun eiser Fraktioun Merci soen.

Relativ gutt, dat heescht den Ëmstänn entspriechend - wéi heiansdo d'Situatioun war, soen ech. Dat war elo net schmälernd fir den Här Fayot.

**Une voix**.- Très bien!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht fir d'éischt versichen e klengen Historique ze maachen, fir eigentlech déi Fro ze klären, déi elo an deene leschten Deeg jo vill an der Diskussioun war, déi sech vill erëmgespigelt huet an den Debatten, déi mer haten, sief et op de Biergerversammlunge respektiv op anere Plazen, wou mer als Politiker an deene leschte Wochen ënnerwee waren.

Nämlech ass déi Fro: D'Europäesch Unioun, esou wéi mer se haut kennen, dat heescht, zum Zäitpunkt vun deem Traité, dee mer haut hei diskutéieren an iwwert dee mer den éischte Vote constitutionnel virhuelen, déi Europäesch Unioun vun haut, ass dat schonn eng politesch Unioun oder ass et am Moment éischter eng Wirtschaftsunioun?

A fir dat ze erklären, muss een e bëssen zréckgoen an der Geschicht, an zwar bis op 1945, dat heescht nom Zweete Weltkrich, wéi



déi éischt Diskussiounen ugefaangen hunn, wéi éischt Bilanë gezu gi sinn nom Debakel vum Zweete Weltkrich, mä awer och vun deem Éischte Weltkrich, a wéi do eigentlech vun enger Rei Virdenker d'Grondiddi opkomm ass, fir ze soen, d'Haaptursaach vun deenen zwee Kricher am 20. Jorhonnert, vum Éischten a vum Zweete Weltkrich, déi war deen éiwege Wirtschaftskampf, déi éiweg Wirtschaftskonkurrenz tësche Frankräich an Däitschland, an datt, wann ee wëllt laangfristeg eng Garantie hu fir Europa, datt esou Kricher, esou grausam Kricher net méi géinge virkommen, datt een et da misst fäerdeg bréngе virun allem déi zwou grouss europäesch Wirtschaftsnatioune méi zu enger wirtschaftlecher Zesummenaarbecht ze kréien, an dann deementspriechend och eng Garantie kéint bestoen, datt an Zukunft esou Kricher net méi géife méiglech ginn.

An alles dat huet dozou gefouert, datt no éischten Diskussiounen 1951 zu Paräis den CECA-Vertrag ënnerschriwwe ginn ass, an 1957 zu Roum d'EWG gegrënnt ginn ass. Europäische Wirtschaftsgemeinschaft heescht EWG op Däitsch.

Et ass also relativ kloer: Dat, wat do lancéiert ginn ass, dat war deemools net eng politesch Unioun, mä effektiv eng Wirtschaftsunioun, déi am Ufank an och an deene Jorzéngten duerno haaptsächlech déi Zilsetzung hat, déi ech do elo am Ufank beschriwwen hunn, déi aus enger Konklusioun erauskomm ass vun den zwee Weltkricher an der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert.

1986 den Acte unique, e weidere wichtege Grondsteen an der Entwécklung vun der Europäescher Gemeinschaft. Och do ass et drëms gaangen erëm iwwer e gemeinsame Maart ze diskutéieren, deen nach ze verdéiwen, him nei Kompetenzen ze ginn, natierlech och scho mat der Perspektiv vun Erweiderungen.

An 1992 ass mam Maastrichter Vertrag a mat dem definitive Grondstee vun der Währungsunioun déi definitiv Verdéiwung geschitt vum europäesche Wirtschaftsraum.

Et ass natierlech esou, datt wéi 1992 de Maastrichter Vertrag verabschiet ginn ass, dat heescht de Wirtschaftsraum sech definitiv verdéift huet, just virdrun 1989 eppes Historesches passéiert ass, vun deem zumindest bei der Signature vum Acte unique 1986 kee Mënsch hätt kënne virausgesinn, datt et 1989 passéiere géif. No 44 Joer brutaalsten, kommunisteschen, diktatoresche Regimer ass deem 1989 iwwer en historeschen Akt en Enn gesat ginn.

Et sinn deelweis ganz nei Länner entstanen, déi eis Geographie iwwerhaapt net kannt huet virdrun. Dat heescht, mir hunn eigentlech eng komplett nei Verdeelung kritt, eng nei Verdeelung kritt, net nëmme vun de politeschen Donnéeën, mä och de Wirtschaftsraim als solch hu sech breetstens opgemaach mat allen ze erwaardende Konsequenzen, déi dorauser entstane sinn.

Mir hunn dunn dee bankrotte Planwirtschaftssystem virfonnt, deen net nëmme wirtschaftlech bankrott war, mä och sozial bankrott war, well et waren haaptsächlech zwee Grënn, déi dozou gefouert hunn, datt dee Prozess sech beschleunegt huet: Dat eent war natierlech e fundamentalen, demokrateschen, mä dat Zweet, dat war och e fundamentale soziale Bankrott.

D'Situatioun an deene Länner huet sech déi lescht Joren, während deenen déi Regimer existéiert hunn, sozial dramatesch verschlechtert. Vun der Ëmwelt wëll ech iwwerhaapt mol net schwätzen, well wat mer virfonnt hunn am Ëmweltberäich, dat war eng eenzeg Katastroph.



Ech wëll och hei eng kleng Parenthèse opmaachen, déi mengen ech awer ubruecht ass an dësem Kontext an an den Diskussiounen, déi mer déi lescht Wochen erliewen, nämlech datt et och gewëssermoossen e bëssen e Paradox ass, datt déi Vertrieder hei aus dem Parlament oder och ausserhalb vum Parlament, aus der Zivilgesellschaft, déi sech de Moment fir de Verfassungsvertrag hei organiséieren, datt déi bestänneg Lektiounen ausgedeelt kréien an der Ëffentlechkeet am Moment vu Leit, déi bis 1989 déi Diktaturen an dee bankrotte System mat Haut an Hoer verteidegt hunn.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Dorënner sinn der och - dat muss ech mol eng Kéier soen, fir datt mer d'Geschicht awer erëm op d'Féiss setzen - derbäi, déi haut nawell en zimlech groussen Helleseschäin um Kapp hunn, a maachen, wéi wann dat keen Deel vun hirer eegener Geschicht wier.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Besonnesch schockant ass et natierlech, datt déi nämlecht Leit, déi dat während Jorzéngte bis 1989 verteidegt hunn, haut gréisstendeels am Kontext vun der Diskussioun iwwert dës Verfassung un déi ënneschte Gefiller appeléiere géint déi nei Länner, déi solle bäitrieden, woubäi mer da Saachen héiere wéi, do wieren d'Léin esou niddereg an déi sozial Konditiounen esou schlecht.

Dat sinn awer déi Länner, déi aus deene Regimer ervirgaange sinn, déi si bis 1989 verteidegt hunn, an dann ass et esou, datt si eis elo wëllen erkläre kommen, mir dierften op kee Fall oder mir hätten op kee Fall dierfen dofir suergen, datt no deem historesche Broch vun 1989 ee versicht hätt deene Mënschen do eng nei Zukunft ze bidden.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Parenthèse zou.

Ech kommen zréck op 1992, de Maastrichter Vertrag. Déi gréng Fraktioun hat beim Maastrichter Vertrag an dësem Parlament eng ganz kritesch Haltung. Mir hunn och dergéint gestëmmt deemools.

Mir hunn dergéint gestëmmt wéinst zwee wesentleche Punkten. Iwwregens wëll ech och soen, datt deemools, 1992, net nëmme Gréngen Bedenken hate par rapport zu deem Prozess, wéi mer deemools verfuer si ronderëm Maastrecht, mä et queesch duerch Europa och innerhalb vun den eenzelne politesche Famillje ganz grondsätzlech Meenunge gi sinn a grondsätzlech Bedenke gi sinn.

Wat waren eis Haaptbedenken? Et war net d'Währungsunioun, déi mer wollten, wou mer e Problem haten, oder souguer d'Verdéiwung vum Wirtschaftsraum. Mir ware fir d'Währungsunioun. Mä mir haten zwee grondsätzlech Problemer.

Dat Éischt, dat war deen ominöse Stabilitéitspakt, well natierlech dee Stabilitéitspakt 1992 an engem Geescht ausgeschafft ginn ass vun den 80er Joren, ee Geescht aus den 80er Joren, deen een natierlech och haut nach ëmmer gäre virgehale kritt, deen et och haut nach ëmmer ganz staark gëtt, dee sou genannten neoliberalen, monétaristesche Geescht, wou eigentlech an der Ekonomie alles op d'Offer gesat ginn ass, wou eigentlech an der Ekonomie alles op Präisstabilitéit gesat ginn ass, op monetär Stabilitéit gesat ginn ass, wat d'Konsequenzen natierlech waren, duerch eng Situatioun, déi mer no 1973 hu missen erdulden, wéi d'Vereenegt Staaten d'Verträg vu Bretton Woods gréisstendeels, vläicht net opgekënnegt hunn, mä se awer a Fro gestallt hunn, virun allem doduerjer, datt se bei de Währungen als solches ugefaangen hunn, d'Parité fixe ofzeschafen.

Mä dee Stabilitéitspakt, dee war an deem Geescht ausgeschafft ginn, a mir hunn deemools gesot, dee féiert dozou, wa mer a wirtschaftlech schwieregen Zäite sinn, datt en eis all Spillraum ewechhëlt als Politik, fir kënnen aktiv gestalteresch anzegräifen, fir de Maart ze relancéieren, fir op Basis vun der Relance iwwert d'Demande nei Aarbechtsplazen zum Beispill ze schafen, an datt een duerfir natierlech hätt missen duerfir suergen 1992, bei der Schafung vun där gemeinsamer Währung, datt mer Stabilitéitskritäre kréien, mä datt awer déi vill méi flexibel hätte misse gehandhabt ginn, wéi dat deemools geschitt ass.

An eigentlech huet d'Geschicht eis Recht ginn. Well wat ass geschitt viru kuerzem? Mir hunn dee Stabilitéitspakt geännert. Mir hu gewësse flexibel konjunkturell Donnéeën drabruecht, déi an der Zukunft wäerte versichen, deenen Aspekter méi Rechnung ze droen.

Deen zweete Punkt, firwat datt mer deemools reservéiert a skeptesch waren, dat war well mer gesot hunn, mä mir ginn hei zu engem Zäitpunkt, wou mer duerch 1989, duerch dee geschichtleche Broch, dee mer erlieft hunn, a mat der Perspektiv, datt wahrscheinlech déi Europäesch Unioun relativ séier wäert wuessen, hin an dann zäume mer e bëssen d'Päerd vun hannen op.

Mir verdéiwen de Wirtschaftsraum, ouni datt mer awer de politesche Raum schafen. Dat heescht, ouni datt mer eis de reglementaresche Kader ginn, deen dann duerno, zumools bei enger vergréisserter Europäescher Unioun an ënner méi schwierege Bedéngungen, duerfir misst suergen, fir datt mer effektiv eng gewësse sozial Kohesioun an Europa kënne behalen, fir datt mer effektiv och gewëssermoosse méi demokratesch Verhältnisser, zumools an engem méi vergréisserte Raum, géinge behalen.

Dat waren, wéi gesot, déi zwee Punkten, déi mer deemools abruecht hunn. Wann een och d'Debatt kuckt de Moment an der Ëffentlechkeet, virun allem op deene Versammlungen, wou mer de Moment alleguer duerch d'Land rennen, da stellt ee fest, datt eigentlech, ech wëll kee Prozentsaz soen, mä ech géing awer gäre soen den iwwergroussen Deel vun de Suergen a vun den Ängschten, déi d'Leit de Moment zum Ausdrock bréngen, och souguer wa se mat dem Sozialen zum Beispill ze dinn hunn, zréckzeféieren ass op eng Erweiderungssituatioun, déi d'Leit an den 90er Joren, well se natierlech och esou schnell gaangen ass, net genuch erkläert kritt hunn, wou d'Leit d'Gefill haten, datt se net genuch abezu gi waren, wou d'Leit fonnt hunn, datt de politesche Kader insgesamt, de reglementaresche Kader net gutt genuch wier, fir datt mer dat kéinte verkraaften.

Ech mengen och, datt et duerfir wichteg ass, deen historesche Kontext vun der Unioun vun deemools op haut ze erklären, fir dann awer zu deem Punkt ze kommen, dee besonnesch paradoxal ass, an zwar datt mer, nodeems mer en Echec haten zu Nice, oder zumindest en Deeléchec, e Konvent agesat hunn, wou bal iwwer zwee Joer diskutéiert ginn ass, wou d'Zivilgesellschaft matdiskutéiert huet, wou och während deem Konvent - an dat muss een och emol eng Kéier hei soen, oft kréie mer de Moment dobausse virgehalen, mir hätten d'Leit missen nach méi fréi froe wéi haut - déi Leit, déi do am Konvent täteg waren, Versammlungen am ganze Land organiséiert haten, wou Toute-boîte verdeelt gi waren, wou all Biergerinnen a Bierger d'Méiglechkeeten och deemools scho gehat hätten, fir sech ze informéieren, leider awer déi Versammlunge ganz, ganz schlecht besicht waren, datt e Questionnaire während dem Konvent an all Lëtzebuerger Haushalt gaangen ass, wou 10.000 Exemplairen zréckkomm sinn.

Mä awer wann ech all Lëtzebuerger Haushalt soen, an et sinn der 10.000 zréckkomm, da sinn dat der eigentlech rose wéineg par rapport zu der Gesamtpopulatioun. Dat heescht, datt dee Konvent do während zwee Joer an enger offener Struktur mat Abezéiung vun der Zivilgesellschaft geschafft huet, fir endlech zu engem Text ze kommen, deen dat géing nohuelen, wat 1992 verpasst ginn ass, wou mir gesot hunn, wou mir Schwieregkeeten hate mam Maastrichter Vertrag, fir nämlech deem Wirtschaftsraum och endlech e politesche Kader ze ginn, e reglementaresche Kader ze ginn, datt grad zu deem Zäitpunkt, wou deen Text virläit, - well dat ass jo dat wat eigentlech nei ass an deem Traité, dee mer haut virleien hunn - dee gréisste Widderstand an der Bevölkerung entsteet.

Duerfir ass et och eis Meenung, datt, wann een natierlech dësen Text, esou wéi en elo virläit, oflehnt, mer eigentlech dann zréckfalen op de Wirtschaftsraum, op dat wat an deem ëmstriddene Kapitel 3, wat jo hei einfach bäigepafft ginn ass - dat ass jo deen Deel, deen net am Konvent ausgeschafft ginn ass, mä wat awer näischt aneschters ass, wéi d'Realitéit vun haut, dTexter, wéi se haut existéieren -, da fale mer doduerjer dorobber zréck, an déi positiv Elementer, déi an deenen zwee éischte Kapitelen drastinn, op déi ech nach ze schwätze kommen, déi verléiere mer, déi leien dann ënnert dem Dësch.

An et ass och relativ kloer, an ech wäert dat nach herno beleeën, datt grad an deenen Deeler dee reglementaresche Kader besteet, dee mir als en éischte Schrëtt gesinn, fir datt mer och erëm en Zréck kréien zu der Politik par rapport zu der Ekonomie an Europa. Et ass net esou, an dat soll een de Leit och net virmaachen, datt duerch dësen Text eleng d'Europäesch Unioun an deenen nächste Joren automatesch géing méi sozial oder méi ekologesch ginn, mä et ass awer esou, datt mer duerch dësen Text, wa mer deen hei hunn, endlech déi Instrumenter an de Grapp kréien, déi et eis erlaben als Politik, besser duerfir anzetrieden, besser ze agéieren, fir datt mer méi en ekologescht a méi e soziaalt a méi en demokratescht Europa kréien.

Ier ech am Detail op déi Aspekter aginn, déi wou mir fannen eigentlech extrem wichteg sinn an e wichtege Schrëtt no vir sinn, wëll ech awer e puer Sätz verléieren nach iwwert d'Campagne als solches an iwwert dee sou genannte Camp du Non, dat Lager wat sech gebilt huet vun deenen, déi hei wëllen Nee soen.

Fir mech gëtt et véier Kategorië bei deene Leit, déi Nee soen:

Dat éischt ass eng Kategorie vun éierlechen, besuergten an och oft ganz engagéierte Leit, déi entweder a Comitéën aktiv sinn oder souguer a Parteien. Mir hunn an eiser Partei och Leit, déi net fir den Text sinn. Mir hu souguer een Deputéierten, dee kritesch par rapport zum Text ass. Oder et sinn Individuen, déi sech an der Gesellschaft einfach esou asetzen, déi dat maachen aus enger éierlecher politescher Iwwerzeegung eraus, well se eng Rei Ängschten a Suergen hunn. Och wann ech hir Konklusiounen net deelen, respektéieren ech déi Leit, an ech fannen, datt se souguer an der Gesamtdebatt ganz wichteg sinn, well et soll jo och drëms goen, dat war jo och d'Zil vum Referendum, fir datt mer endlech emol eng Kéier e kontroversen Débat iwwer Europa kréien.

Da gëtt et eng zweet Kategorie vu Leit, déi aktiv sinn an deem Beräich Neen, déi géing ech emol ënnert enger Kategorie vun de Stimmungsmacher wëllen erëmginn. Dat si Leit, déi souwisou en anere Gesellschaftsmodell wëllen. Dat si Leit, déi wëllen d'Gesellschaft bewosst destabiliséieren. Dat si Leit, déi och an der Vergaangenheet bei all Geleeënheet, déi sech gebueden huet, wou se nëmme gemengt hunn, d'Gesellschaft kéint an eng gewësse Kris erarutschen, um éischte Plang opgetaucht sinn, well se do eng nei Chance gesinn hunn, fir d'Gesellschaft kënnen an Instabilitéit ze bréngen, a chaotesch Zoustänn ze bréngen. Ech mengen net, datt sech vill Leit hei zu Lëtzebuerg mat deene kënnen identifizéieren.

Da gëtt et eng drëtt Kategorie. Dat sinn der, déi natierlech elo versichen, bei deene berechtegten Ängschten a Suergen, déi d'Leit hunn, an déi Froen, déi sech stellen, fir déi ze instrumentaliséieren, fir sech un deem Seel aus enger politescher Versenkung erëm eropzezéien, an déi se vun de Wieler awer viru kuerzem gescheckt gi sinn.

An da kënnt eng véiert Kategorie vu Leit, an do muss ech jo soen, dat sinn déi, déi mech besonnesch schockéieren, dat si Leit, déi eigentlech selwer ee politesche Curriculum hunn, nach ni fäeg waren, en éierleche Bilan zu deem ze zéien, gären aner Leit Lektiounen ausdeelen, an oft alles aneschters wéi integer sinn, an och oft alles aneschters wéi demokratesch sinn. Dozou gehéieren der, déi sech haut als Friddensengelen opspillen, an déi bis 1989 all Diktature verteidegt hunn op engem gewëssenen Deel vun der Äerd an och all Militärinterventiounen do verteidegt hunn.

Dozou gehéieren awer och Politiker, an do kommen ech haaptsächlech op een ze schwätzen. Ech géing mer déi Méi net maachen, wann en net sech selwer géing d'Méi maachen, fir den nächste Samsdeg hei zu Lëtzebuerg opzedauchen an als grousen, neien, internationalen Held opzetrieden am Camp vum Non. Politiker wéi den Här Emmanuelli, deen den nächste Samsdeg invitéiert ass fir hei eng grouss Konferenz ze halen zu Lëtzebuerg, fir d'Lëtzebuerger ze iwwerzeege fir mat Neen ze stëmmen den 10. Juli.

Den Här Fayot huet virdrun a sen- ger excellenter Ried schonn drop higewisen, wat fir eng Astellung deen Här do huet par rapport zu klenge Länner, wéi selbstherrlech-arrogant deen Här argumentéiert par rapport zu klenge Länner an der Europäescher Unioun, wat seng Virstellungen do sinn. Dat ass eigentlech scho relativ grave, dat wat en do seet. Grave genuch fir datt een eigentlech deem Här misst soen, et wier besser hie géing dann net an déi kleng Länner pilgere goen an do nach de Leit, der Bevölkerung, wëlle Lektiounen ausdeelen.

Mä wat nach vill méi grave ass wéi dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, datt deen Här do selwer eng Biographie huet, déi alles aneschters wéi propper ass. Den Här Emmanuelli ass jo - wéi Dir wësst - ee Politiker, dee sech an deene leschte Joer ganz markant géint den Dumping fiscal agesat huet, deen ëmmer mam Fanger op all vermeindlech oder sou genannte Steierparadieser vun Europa, ënner anerem och op Lëtzebuerg, weist, dee fënnt, datt déi Steierparadieser d'Fransousen ausbludden an dass déi schold sinn un dem ganze Misère a Frankräich.

Hie selwer, an d'Leit insgesamt, de Mënsch a sech, funktionéieren éischter mam Kuerzgedächtnis wéi mam Laangzäitgedächtnis an dofir muss een dat emol erëm eng Kéier rappeléieren, datt deen Här selwer 1997 zu $2^1/_2$ Joer Privation des droits civiques condamnéiert ginn ass an zu $1^1/_2$ Joer Prisong mat Sursis, sou datt hien eigentlech seng politesch Mandater hätt missen opginn, an zu enger Geldstrof vun 30.000 franséische Frang - an elo haalt lech u firwat - wéinst Financement occulte vun enger politescher Partei, well hien a Frankräich déi Zäit bei den öffentlechen Ausschreiwungen Tricksereie gemaach huet fir eng Partei ze finanzéieren. Deen Här kënnt e Samschdeg hei op Lëtzebuerg fir de Lëtzebuerger ze erkläre wéi si sech solle verhalen den 10. Juli bei dësem Referendum.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger erwuesse genuch si fir sech kënnen unhand vun der politescher Diskussioun hei am Land selwer ee Bild ze maachen a si brauchen net op esou komesch lichtscheu Gesellen zréckzegräife wéi deen doten, fir sech eng Meenung ze bilden.

Ech kommen dann zu de positiven Aspekter eiser Meenung no, Här President, déi eis dozou bewegen, fir fir dësen Traité ganz engagéiert anzetrieden.

Dat Éischt ass, ech hunn am Ufank gesot, wat der Europäescher Unioun gefeelt huet, dat ass eng politesch Dimensioun an dat ganzt Kapitel 1, wou déi gemeinsam Wäerter an Ziler a Rechter fir 450 Millioune Bierger festgeleucht ginn, dat gehéiert dozou. A wann ëmmer dobausse behaapt gëtt, et stéing näischt iwwer Soziales dran, et stéing näischt iwwer Ëmwelt dran, et stéing näischt iwwer sozial Gerechtegkeet an iwwer Demokratie dran, dann ass dat einfach d'Onwourecht gesot an de Leit Angscht gemaach. Well, et ass ganz däitlech den Artikel I-3, deen d'Ziler vun der Unioun definéiert. A wat ass dat dann, d'Ziler definéieren? Dat ass jo näischt aneschters, wéi datt déi Gemeinschaft vu 25 Länner a 450 Millioune Bierger soen: Dohinner wëlle mir hikommen. An do stinn all déi Saachen dran.

Do steet dran, datt mir en ausgewogene Wirtschaftswuesstum musse kréien, datt mir eng wettbewerbsfäeg Sozialmaartwirtschaft musse kréien, datt mir d'Vollbeschäftegung ustriewen, datt mir de soziale Fortschrëtt ustriewen an datt mir en héicht Mooss un Ëmweltschutz ustriewen, datt mir eng Verbesserung vun der Ëmweltqualitéit ustriewen. Et steet och dran, datt mir déi sozial Ausgrenzung wëlle bekämpfen an Europa, datt mir d'Diskriminéierunge wëllen ofbauen, datt mir wëlle sozial Gerechtegkeet a soziale Schutz ustriewen, Gläichstellung vu Männer a Fraen, Solidaritéit zwëschent de Generatiounen.

Dat sinn dach alles keng eidel Wierder, déi an deem Text do drastinn. A wann een dann och nach weess, datt effektiv zu deene Wäerter an zu deenen Ziler, déi mir eis gesat hunn, eng horizontal Klausel zu dem Kapitel III - natierlech zu deem Kapitel wat jo an der Öffentlechkeet am meeschten ëmstridden ass, well dat natierlech all Politikfelder eenzel beschreift - drasteet, déi seet, datt an Zukunft all nei europäesch Gesetzgebunge mussen am Aklang stoe mat de Wäerter an Ziler, déi mir am Ufank beschriwwen hunn, da soll dach kee mir ziele kommen, datt dat keen neit Instrument wier, wat d'Zivilgesellschaft, wat d'Politik an de Grapp kritt, fir aktiv ze ginn um europäeschen Niveau, ee politescht Instrument fir effektiv fir méi sozial Gerechtegkeet oder méi demokratesch Verhältnisser ze suergen.

Mä dat ass net deen eenzegen Aspekt, d'sozial Dimensioun gëtt insgesamt endlech emol gestäerkt duerch deen Text. Mir kréien eng Gläichsetzung vun de soziale Rechter mat de klassesche Mënscherechter. Mir kréie méi eng staark Roll wéi et haut ass fir d'Sozialpartner. De sozialen Dialog gëtt iwwert dësen Text institutionaliséiert an der Europäescher Unioun. Mir kréien elo mol endlech dat Konzept vun der sozialer Maartwirtschaft, wat am Réimescher Vertrag 1957 net drasteet, festgeschriwwen an een Text.

Am Ëmwelt- an am Verbraucherschutz ass et datselwecht, mir kréien nohalteg Entwécklung als Zil vun der Unioun. Mir kréien eng horizontal Klausel - d'selwecht wéi fir de soziale Beräich - fir den Ëmweltschutz, déi mir an Zukunft kënne massiv asetze fir fir Ëmweltrecht anzetrieden. Mir kréien eng horizontal Klausel och fir den Déiereschutz.

Alles dat sinn dach Punkte fir déi et derwäert ass hei anzetrieden. D'autant plus datt ee weess, datt dat do jo déi nei Saache si par rapport zu der Situatioun wéi se haut ass. A wann da gesot gëtt, mir kréien ee Superstat a Lëtzebuerg huet herno strictement näischt méi ze soen, da muss een dach och do nëmme soen, datt dat absolut Ligen si wann esou eppes behaapt gëtt.

Et ass esou, datt an Zukunft an deene wichtegste Froen, a vill vun deenen, déi jo elo och nawell gären an der Öffentlechkeet no vir bruecht ginn, wéi dee ganze Sozialberäich, do alles an der Unanimitéit bleift, do ka Lëtzebuerg mat sengem Veto alles blockéiere wa versicht gëtt eppes am Sozialen ze ënnerhuele wat Lëtzebuerg net passt. An da soen ech nëmme jiddferengem heibannen an och dobaussen, ass et dach eigentlech un der Zivilgesellschaft um nationalen Niveau fir Drock ze maachen op déi eege Regierung, fir datt dann, wann et eng Kéier sollt zu eppes kommen an Europa wat sozial net deem entsprécht, wat d'Leit sech virstellen, de Veto agesat gëtt wann esou Décisioune solle geholl ginn.

Och de Ministerrot als solches gëtt méi transparent. Mir kréien an Zukunft vill méi Transparenz wat d'Délibératiounen an d'Ofstëmmungen ubelaangt. Mir kënnen an Zukunft vill besser novollzéie wat, wéini, wou diskutéiert gëtt a wien, wou a wat ofgestëmmt huet, wéi dat haut de Fall ass; e wichtegt Element wat mir laang, laang Zäit gefuerdert hunn, zumools fir d'national Parlamenter och am Sënn vun hirer Kontrollfunktioun vun de Regierungen.

Déi sechs Sëtz, déi mir de Moment am Europaparlament hunn, ginn endlech festgeschriwwen, ee wichtegen Acquis, dee guer net evident war. Mir wësse jo alleguerte wéi vill mir hu misse kämpfe vun Nice un, fir datt mir dat endlech festgeschriwwe kréien. An dann natierlech virun allem déi sechs Lëtzebuerger, déi eis am Europaparlament wäerte vertrieden, kréie méi Afloss, well d'Befugnisser an d'Matbestëmmungsrechter vum Europaparlament wäitgehendst ausgedehnt ginn.

**Une voix**.- Très bien.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Nëmmen nach bei ganz wéinege Saache muss an Zukunft net d'Codécisioun spillen, Europaparlament an de Ministerrot.

D'Zivilgesellschaft kritt och nei Instrumenter an de Grapp, déi wichteg sinn an der zukünfteger Alldagspolitik, fir sech kënnen europäesch méi ze engagéieren. An der Diskussioun an der Öffentlechkeet gëtt immens oft esou lapidar iwwert déi eng Millioun Ënnerschrëften, iwwert deen Droit d'initiative wann een eng Millioun Ënnerschrëften huet, diskutéiert. Et gëtt da vun de Géigner gesot, dat ass zwar ee klenge Fortschrëtt, mä dat ass jo net bindend.

Éischtens muss ee jo soen: Dat ka jo och net aneschters sinn. Et ka jo net esou sinn, datt et géing duergoen, datt eng Millioun Ënnerschrëfte géingen an Europa gesammelt gi fir iergendeng Fuerderung an da wier d'Parlament gezwonge mam Ministerrot zesummen dat ëmzesetzen. Dat ka jo net sinn.

Mä et ass awer esou, datt, vu datt déi Millioun Ënnerschrëften an engem representativen Deel vun deene 25 Länner musse gesammelt ginn, fir datt si, respektiv deen Droit d'initiative do, deen dat Gesetz, wat dann agefuerdert gëtt, jee nodeem bei wat et grad ass, eng Gültegkeet hunn, da jo natierlech eng europäesch Campagne muss gemaach ginn an deene 25 Länner, ob déi Iddi, déi do vertruede gëtt, déi déi Leit gären hätten, iwwer Gesetz soll ëmgesat ginn. An do soll awer kee mir wëlle soen, datt, wann eng Campagne europawäit - ech soe mol als Beispill vum europäesche Gewerkschaftsbond - während Wochen a Méint fir zu där Millioun Ënnerschrëften ze kommen, fir eng Sozialfuerderung gestallt gëtt fir e Gesetz ze kréien, datt dat keen Impakt hätt op d'Politik.

Ech ka jo nëmme staunen, wann ech d'Leit héiere soen: Dat hätt keen Impakt. Wann dat jo esou wier, dann hätt jo all Manifestatioun vu Gewerkschaften oder all Revendicatioune vu Gewerkschaften, ni een Impakt gehat an ni eng Chance gehat sech duerchzesetzen. Dat gëtt ee wichtegt neit Instrument fir ze agéieren an der Alldagspolitik an Zukunft.

An et ass och dofir kloer, déi EU-Verfassung hei gëtt eis vill Spillraum - der Regierung, der Chamber, de Gewerkschaften an der Zivilgesellschaft, insgesamt allen Akteuren, déi si optimal kënnen an Zukunft ausnotzen -, fir kënne besser op d'europäesch Politik anzewierken.

An da kommen ech zu engem leschte wichtegen Instrument, dat och an déi Kategorie gehéiert, a wat och eng laang Fuerderung ass vun eis als Gréng a wou mir frou sinn, datt déi endlech an deem Text hei ëmgesat gëtt, mä net nëmme mir Gréng hunn dat verlaangt, och vill aner politesch Kräften oder Leit an der Zivilgesellschaft, an dat ass, datt d'national Parlamenter erëm een neien Afloss kréien an deem ganzen europäesche Prozess oder iwwerhaapt emol een Afloss kréien an deem europäesche Prozess: de Subsidiaritéitsprinzip, deen agefouert gëtt. An d'Kontroll virun allem vun dem Subsidiaritéitsprinzip gëtt et och schonn haut, mä dee gëtt haut just après coup kontrolléiert an nach nëmme vu sengem juristeschen Aspekt hier, an zwar vum Europäesche Geriichtshaff.

Wat elo hei iwwert deen Text geschitt, dat ass, datt mir, wann deen Text hei adoptéiert gëtt, als national Parlamenter en Avis mussen ofgi bannent sechs Wochen iwwer Direktiven, déi d'Kommissioun wëllt proposéieren. Dat heescht, datt mer agebonne sinn zu engem Stadium, wou déi Direktiven nach net am Ministerrot zum Beispill verofschit sinn, mä vill méi fréi virdrun, an datt dat natierlech ee wichtege Bestanddeel ass. Net nëmme well mer kënnen e Veto aleeën. Dir wësst, wann 1/3 vun de Parlamenter fannen, datt de Subsidiaritéitsprinzip net respektéiert ass, da muss d'Kommissioun se iwwerschaffen oder souguer zréckzéien. Mä dat ass net deen eenzege Punkt, deen hei wichteg ass.

Duerch de Fait, datt déi Avisë mussen an den nationale Parlamenter gemaach ginn, muss éischtens all nationaalt Parlament dat maachen, wat den Här Bodry zu Recht a senger zweeter Fuerderung am Numm vu senger Fraktioun hei verlaangt huet, nämlech: Mir mussen eis vill méi an eisem Alldag an Zukunft mat Europapolitik mol beschäftegen an dësem Parlament. Dat huet natierlech als direkt Konsequenz, wann am nationale Parlament d'europäesch Gesetzer diskutéiert ginn, dann ass déi national Press vill besser mat agebonnen. Dann ass d'national Öffentlechkeet besser mat agebonnen. Dat heescht, da kënnen d'Lëtzebuerger an d'Lëtzebuergerinnen iwwer hir Organisatiounen an engem ganz fréie Stadion en Afloss huelen, iwwer hir national Parlamenter, op den europäesche Prozess.

Elo soll jo awer wierklech kee mer soe kommen, dat wär net e wesentleche Fortschrëtt an dem demokratesche Fonctionnéiere vun der Europäescher Unioun. Ech géing bal behaapten, dat wär e Meilesteen an dem demokratesche Fonctionnéiere vun der Europäescher Unioun, par rapport zu deem wéi et haut ass. Dat ass een Aspekt, deen et och wichteg mécht, datt mer deen Text hei kréien.

Elo ass et natierlech esou, datt an där Verfassung, an deem gesamten Traité hei, well an deem Kapitel III villes einfach dra gepaakt ginn ass, et widdersprëchlech Saache gëtt, déi do drastinn. Et gëtt Saachen dran, déi eis als Gréng iwwerhaapt net schmaachen. Saachen, déi mer och an der Vergaangenheet bekämpft hunn, déi mer haut bekämpfen, mat deene mer guer net zefridde sinn, déi mer gär geännert hätten.

Mä et ass awer esou, datt wann do Widderspréch dra sinn a wann och, wéi dat elo vu verschidde Leit gesot gëtt, well déi Widderspréch dra wären, elo immens vill Jurisprudenze wäerte kommen, déi déi opdecken an déi wäerte weisen, datt do villes am Widdersproch zum Beispill steet zu deem wat am Kapitel I an den Ziler, an de Wäerter definéiert gëtt, da soen ech: Ma Gott sei Dank wann dat endlech bewise gëtt. Gott sei Dank wann endlech Jurisprudenz kënnt. Da komme mer jo méi séier weider, well da kréie mer endlech beluecht, datt verschidde Saachen, déi an deem Kapitel III drastinn, net mat der Konzeptioun vun deem politeschen Europa an Aklang sinn, wat mer eigentlech jo awer alleguerte wëllen.

Dann ass dat dach näischt Negatives. Dann dréit dat dach éischter derzou bäi, datt mer vill méi séier derzou kommen, datt mer déi negativ Aspekter, déi mer an deem Kapitel III dran hunn, verännert kréien. An dofir ass och dat éischter ee Grond fir deen Text hei ze stëmmen, wéi géint deen Text hei ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als gréng Fraktioun der Meenung, datt een Neen zu dësem Text absolut net zwangsläufeg zu engem besseren Vertrag wäert féieren. An, wann een déi Diskussioune suivéiert huet, no deem duebelen Neen an Holland an a Frankräich, wat do eenzel Politiker an Europa gesot hunn, net nëmme Regierungschefen, betounen ech, den Här Blair war dee gréissten Akteur op där Bühn vun der Fräihandelszon an deene leschte Wochen, mä hien ass net deen Eenzegen, dee sech op där Bühn beweegt.

Mir hunn am September an deem gréisste Land vun der Europäescher Unioun Neiwahlen, a wann Der lech mol eng Kéier zu Gemitt féiert, wat do verschidde Parteien am Moment amgaange sinn ze proposéieren, déi an dem Schattekabinett sëtzen, fir nëmmen drop ze waarden, fir op déi grouss europäesch Bühn optrieden ze kommen, da stellt Der fest, datt dat alles an déi nämlecht Richtung geet wéi dat, wat den Här Tony Blair an England an deene leschten zwou Woche proposéiert huet.

An och wann ee kuckt wat a Frankräich de Moment diskutéiert gëtt, wann ech kucke wat de groussen Hoffnungsträger vun der UMP a Frankräich, den Här Sarkozy, de Moment an der Öffentlechkeet alles vu Virschléi mécht, wat fir Konsequenzen erauszeliese si fir hien aus dem Neen a Frankräich, da stellt ee fest, datt dat och alles éischter an déi Richtung geet vu Fräihandelszon, wéi vum politeschen Europa.

An duerfir, wann elo Leit mengen, déi Gréng oder anerer géingen dat elo missen an d'Feld féieren, well dat hinne grad wëllkomm oder passend géing kommen, an den Asaz wär, dee mer de Moment féiere fir den 10. Juli hei ee Jo erauszekréien, dann ieren se sech gewalteg. Well déi doten Argumenter, déi hu mir schonn zënter Méint an d'Feld gefouert. Dat sinn och déi Argumenter, déi ons besonnesch beweegt hunn, fir op eisem Kongress eng grouss Majoritéit ze kréie fir dëse Verfassungsvertrag.

An et ass och relativ kloer, wann déi Nee-Logik hei zu dësem Text weidergeet, da kréien déi Leit nach méi Iwwerwaasser an der Europäescher Unioun an da wäerte wahrscheinlech ganz kloer déi Leit leider d'Verléierer ginn, déi sech heibannen an och dobaussen an och bei deenen, wéi ech am Ufank gesot hunn, bei där Kategorie, déi sech éierlech engagéiere géint dësen Text, déi sech mat deenen Argumenter dofir engagéieren, da wäerten déi alleguer mat zesummen d'Verléierer ginn.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 10. Juli, dat ass eng Richtungswahl hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng Richtungswahl, wou de Jo bedeit, datt mer endlech en Astieg kréien, en éischte Schrëtt an dat politescht Europa, wou mer eis endlech een éischte Schrëtt woen, fir deem wirtschaftlechen Europa e gewëssene reglementaresche Kader ze ginn, deen Europa an der Alldagspolitik net automatesch méi sozial, méi ekologesch mécht, mä dee wéi gesot endlech der Politik déi Instrumenter gëtt, déi se brauch, fir dofir kënnen ze suergen, datt dee sou genanntene fräie Maart Regele kritt an datt e seng Blannheet ewechgeholl kritt par rapport zu sozialen, ekologeschen oder demokratesche Froen.

A beim Neen, an do sinn ech fest dovun iwwerzeegt, bleift et beim wirtschaftlechen Europa, wat mer haut hunn, mä doriwwer eraus stäerke mer déi Leit, déi dat souwisou vun Ufank un arrangéiert huet, déi d'Neiheeten an dësem Text souwisou vun Ufank un net wollten, déi nëmme vun Ufank u souwisou eng Fräihandelszon wollten. Dat stäerkt grad déi Leit. Dat stäerkt also d'Adeptë vun deem sou genannten Neoliberalismus.

An Dir braucht nëmmen och an der Geschicht nozekucken, deen angelsächsesche Modell an d'an-

gelsächsesch Konzeptioun vun der Europäescher Unioun, dat war an deene leschte 50 Joer, wann een d'ganz Geschicht vun der Europäescher Unioun kuckt, ëmmer eng ganz aner wéi d'Konzeptioun, wéi se éischter a Länner wéi de Benelux-Länner oder Däitschland oder Frankräich verstane ginn ass vun Europa.

An et ass een éiwegen Asaz an eng éiweg Zerräissprouf an eng éiweg Ausenanersetzung gewiescht têschent deenen zwou Konzeptiounen, an dee Referendum hei, an net nëmmen de Referendum zu Lëtzebuerg, den Asaz an d'Ausenanersetzung ronderëm dësen Traité ass eigentlech e weideren Akt an deem Ganzen.

Duerfir bedeit een Nee vum 10. Juli zu Lëtzebuerg net eng Stäerkung vum politeschen Europa, mä eng Stäerkung vun der Fräihandelszon. An duerfir hoffe mir Gréng, datt all d'Leit zu Lëtzebuerg sech dat gutt iwwerleeën an duerfir den 10. Juli mat Jo stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Bausch. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet haut de Mëtteg jo an éischter Linn ëm den Traité fir eng Europäesch Verfassung. Den Inhalt ass diskutéiert ginn, en ass déi lescht Méint diskutéiert ginn an der Ëffentlechkeet, hei am Haus, op anere Plazen.

Et geet änner anerem doriëms, datt mer e Fonctionnement vun der Europäescher Unioun kréien, dat et mat 25 Länner erlaabt, awer nach fonctiounsfäeg ze bleiwen. Et geet drëms, Europa de Bierger méi no ze bréngen. Et geet drëms, méi Participatioun fir de Bierger ze erméiglechen. Et geet och drëms, fir transparent Décisiounsstrukturen ze schafen. Et geet drëms, de Subsidiaritéitsprinzip, zu deem mer eis jo alleguerten an ëmmer erëm bekennen, nach eemol ze verankeren a konkret mat Liewen ze fëllen.

Et geet ëm ee Matsproocherecht vun deenen nationale Parlamenter. Et geet och ëm eis gemeinsam Grondwäerter, zu deene mer eis dann zu 25 Länner wëlle bekennen.

Et geet och ëm en europäeschen Ausseminister, deen dann dozou soll bäidroen, mat enger ganzer Rei vun aneren Instrumenter, fir d'Roll vun Europa an der Welt nach kënnen ze verstäerken. Et geet ëm d'Solidaritéit och têscht den europäesche Länner am Fall vun Terrorattacken, am Fall vun Naturkatastrophen. Et geet och ëm d'Plaz, a selbstverständlech och ëm d'Plaz vu Lëtzebuerg an Europa, an den Institutioune vun Europa, sief et am Parlament, an der Kommissioun, awer och ëm déi kruzial Froen, déi fir Lëtzebuerg wichteg wäerte sinn, wéi zum Beispill d'Unanimitéit, déi jo bäibehale gëtt, a sämtleche Steierfroen.

All dës Froe sinn diskutéiert ginn, solle weider diskutéiert ginn, fir de Biergerinnen a Bierger hei am Land nach eng Kéier duerzeleeë bis den 10. Juli, firwat et wichteg ass, hei mat Jo ze stëmmen.

Et geet awer mëttlerweil jo och ëm méi wéi den eigentlechen Text. Mir wëssen, datt zwee Länner bis ewell mat Nee gestëmmt hunn. Mir wëssen, datt eng Rei vun anere Länner hir Ratifikatiounsprozedur op Äis geluecht hunn. A mer wëssen, datt spéitstens och nom Sommet vun der leschter Woch Europa an enger Kris ass. Dat sinn net nëmmen ech, deen dat seet, mä dat liese mer an der ganzer europäescher Press.

Doduerjer och huet dëse Referendum vum 10. Juli hei am Land eng enorm Bedeitung kritt fir Lëtzebuerg an och fir Europa. Et geet



ebe mëttlerweil och drëms, ob Lëtzebuerg kann dozou bäidroen, datt de Ratifikatiounsprozess erëm och europawäit relancéiert gëtt, oder scheitert d'Iddi vun enger gemeinsamer Europäescher Konstitutioun vläicht grad hei zu Lëtzebuerg?

Et ass duerfir eben net den Ament fir taktesch Spillereien, fir parteipolitescht Geplänkel, fir nationalpolitesch Ambitiounen. Et ass och net den Ament fir Neen ze soen, well Europa vläicht net zu honnert Prozent eisen eegene Virstellungen entsprécht.

***(M. Laurent Mosar prend la Présidence)***

Deen, deen hei Nee seet, setzt villes op d'Spill, wat déi vergaange Jorzéngte Stéck fir Stéck opgebaut gouf. Deen, deen hei Nee seet, hannergeet d'Efforten, déi zënter dem Zweete Weltkrich Schrëtt fir Schrëtt gemaach goufen, fir Europa e Stéck méi sécher, méi friddlech a méi solidaresch ze maachen.

Deen, deen hei Nee seet, ass da vläicht fir en anert Europa, dréit awer am Endeffekt mat senger Iwwerzeegung dozou bäi, datt just manner Europa dobäi wäert erauskommen. An deen, deen hei Nee seet, muss wëssen, datt en der europäescher Integratioun méi wéi nëmmen ee Stolpersteen an de Wee leet.

Am Fall vun engem Nee wäert de Retour zur Dagesuerdnung, zum alldeegleche Geschäft also den 10. Juli net méi esou einfach méiglech sinn. An deen, deen hei Nee wëll soen, soll sech fir d'éischt emol ausmolen, a wat fir engem Europa mir an 20 oder 30 Joer wäerte liewen, wann eben net an engem gemeinsamen Europa, wou fest Regele gëllen, dat staark no baussen an effikass no bannen agéiere kann.

Wëlle mir en Europa, wou d'Stäerkt vun engem Land méi zielt wéi dat Argument, wat et virdréit? Ech mengen net!

Wëlle mir en Europa, dat an der Welt mat e puer Stëmme schwätzt? Dat an Zäiten, wou schonn déi grouss Länner an Europa heiansdo Problemer hu sech Gehéier ze verschafen, sech géigesäiteg behënnert a blockéiert? Wëlle mer en Europa, wou déi national Interessen erëm an de Viergergrond geréckelt ginn? En Europa, wou et net méi selbstverständlech ass, datt déi räich Länner deenen aarmen hëllefen? En Europa, wou et eis hei egal ass, wat an deene Länner geschitt, déi méi wéi en halleft Jorhonnert ënner Krich an Diktatur gelidden hunn? En Europa, an deem Länner net méi gehollef kréien, hire Retard a puncto Infrastrukturen a Wirtschaftskraaft auszegläichen? En Europa, wou deen aarm bleift, deen aarm ass?

All déi, déi een anert Europa wëllen, si bis ewell d'Äntwert schëlleg bliwwen, wéi hiert Europa da soll ausgesinn: manner solidaresch, méi Entscheedunge mat qualifizéierter Majoritéit, méi oder manner Matbestëmmung vun de Bierger?

Et ass einfach géint eppes ze sinn, mä vill méi schwiereg kloer ze soen, wat dann eng realistesch Alternativ zu dësem Verfassungsvertrag kéint duerstellen. E Verfassungsvertrag, mir wëssen et, et ass oft genuch gesot ginn, deen e Kompromiss ass tësche 25 Länner, wou natierlech net jiddferee mat all eenzelnem Punkt kann d'accord sinn - Wéi wär dat méiglech bei engem Kompromiss tëscht esou vill Länner? - a wou bestëmmt och jiddferengem heibannen an deem engen oder aneren Artikel nach eppes géing afale fir nach dobäizesetzen, wou een nach e Schrëtt méi wäit hätt kënne goen.

Mä wou wär déi Alternativ, déi dann och herno erëm vu jiddferengem kéint matgedroe ginn? Sinn d'Alternativen, datt mir elo erëm op déi solle lauschteren, déi haut nach net verdaut hunn, datt de Kommunismus an Europa net méi present ass?

Si mir gutt beroden, wa mir an esou enger eminent wichteger Fro op d'Utopisten an d'Populiste vu riets a vu lénks lauschteren? Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen: Neen!

Meng Generatioun huet den Ufank vun der europäescher Integratioun net méi materlieft. Mir wëssen och just vum Héieresoen, zu wat den Nationalismus ka féieren. Fir eis ass et normal, datt mir queesch uechter Europa studéiere ginn, datt eis Diplomer iwwerall unerkannt ginn, datt hei zu Lëtzebuerg allerlee Sprooche geschwat ginn, net zulescht duerch d'Presenz vu ganz villen EU-Fonctionnairen aus allen europäesche Länner, an och well Lëtzebuerg sech an dësem Europa konnt zu enger internationaler Finanzplaz entwéckelen.

Mir kënnen eis scho bal net méi un d'Grenzkontrollen erënneren, an et ass och guer net esou laang hier, datt mer nieft dem Belschen a Lëtzebuerger Frang nach regelméisseg D-Marken an de Franséische Frang an der Täsch hu missen hunn, fir wa mer mol eng Kéier knapps hannert der Grenz waren, eis do duerchzeschloen. Trotzdeem huet den Euro sech etabléiert an ass haut schonn net méi ewechzedenken, mä dat sinn eréischt e puer Joer hier.

Ech gehéieren dann och zu enger Generatioun, déi sech zwar net méi un den Zweete Weltkrich, mä duerfir awer ganz gutt un de Kale Krich kann erënneren, an duerfir nach weess, wat et heescht, wann d'Konfrontatioun vun de Systemer sech um europäesche Kontinent ofspillt.

Jo, et ass nach net laang hier, datt mir gesinn hunn, zu wat e Wirtschafts- an e Gesellschaftssystem ka féieren, wou d'Fräiheet vum Eenzelnen dat Lescht ass, no wat gekuckt gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Europa ass mat Sécherheet net perfekt an e grousst Stéck vum Wee läit nach virun eis. Mä duerfir elo déi europäesch Iddi komplett a Fro ze stellen, dat kann net de richtege Wee an d'Zukunft sinn.

Wie mengt, datt am Eescht Lëtzebuerg oder och en anert Land géing an enger globaliséierter Welt méi erreechen, wann et eleng a jiddferee sech fir sech misst behaapten, deen iert.

Wien huet dann d'Illusioun, datt et géing duergoen, ronderëm eist Land oder ronderëm aner europäesch Länner erëm eng Mauer queesch duerch Europa ze zéien a scho wär de Wuelstand fir déi nächst Generatioune garantéiert?

Ech weess, datt et méi schwiereg ass ze erklären, datt et och an eisem Interessen ass, datt mir eis zu deenen neie Länner opmaachen. Datt all Euro, deen haut do investéiert gëtt, och erëm eng Kéier zréck wäert fléissen. Datt mam Wuelstand an deene Länner och de Konsum wäert wuessen, datt mir mar wichteg Handelspartner do wäerte fannen. Dat allerdéngs wäert net geschéien, wa mer eis zoumaachen, an eis nees erëm op eis selwer konzentréieren.

Lëtzebuerg huet sech am Laf vun deene leschte Jorzéngte strukturell enorm geännert. Dat wär mat Sécherheet ouni déi heiten Europäesch Unioun net an deem dote Mooss méiglech gewiescht. Lëtzebuerg wäert sech och an deenen nächste Jorzéngte mussen ëmmer erëm a Fro stellen, grad wéi all anert Land ronderëm eis och. Mat Scheiklappe virun deene konkrete Problemer, internationalen Evolutiounen, wirtschaftlechen Ëmbréch ass d'Zukunft net ze gewannen. Et ass awer grad déi Suerg, déi ech hunn, wann ech de Protagoniste vum Nee nolauschteren. Déi, déi fir de Jo sinn, sollen allerdéngs net de Feeler maachen, d'Suergen an d'Ängschte vun eise Bierger net eescht ze huelen.

Et ass formidabel, mat wat fir engem Enthusiasmus a mat wat fir engem Engagement déi lescht Wochen iwwert de Sënn an Zweck vun Europa debattéiert gouf. Et muss dat eng Debatt sinn, déi och nom 10. Juli muss virugefouert ginn, eng Debatt iwwert den europäesche Wee, iwwer eis Plaz an engem groussen Europa, an och iwwer konkret Politikinhalter um europäesche Plang.

Esou eng Diskussioun kann nëmmen dozou bäidroen, datt Europa e Stéck méi no erëm bei d'Bierger réckelt, datt mir Europa net nëmmen als eng Saach vun de Politiker an de Bréisseler Bürokrate gesinn, mä datt mer all Dag an der Diskussioun erliewen, wat Europa ganz konkret fir all Eenzelne vun eis ka bedeiten a bewegen, wat Europa ka maache fir kloer Ziler a Froe vun der Aussen- a Sécherheetspolitik ze definéieren, wéi mir all zesummen esou ambitiéis Ziler ewéi d'Strategie vu Lissabon erreeche kënnen, wéi déi nei Länner sech de Wuelstand erschaffe kënnen, fir esou op déi effektiivsten an effikasste Manéier de Sozialdumping ze évitéieren. Esou eng Debatt däerf nom 10. Juli net zu Änn goen, mä se muss no engem klore Jo, wéi mer hoffen, hei zu Lëtzebuerg eréischt richteg lancéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Blo soen och Jo zu Europa, an dat net nëmmen den 10. Juli, mä och doriwwer eraus. Mir schloen dowéinst vir, datt d'Chamber sech regelméisseg och an esou Debatten, wéi mer se haut erlieft hunn, wéi mer se d'lescht Woch erlieft hunn, äussere soll iwwer europäesch Froen an hei diskutéieren an e Meenungsaustausch soll hunn an de Point maachen, fir déi europäesch Diskussiounen aus der Vue vu Lëtzebuerg kënnen ze féieren.

An ech wëll och nach mol drun erënneren, datt d'DP schonn zënter längerem duerfir antrëtt - an ech si frou, datt den Här Bodry hei déi ähnlech Iwwerleeung nach eng Kéier gefouert huet -, fir den Dag vun den Europawahle vun de Chamberwahlen ze trennen.

D'Lydie Polfer an den Henri Grethen hate virun enger Rei vu Joren och an deem Sënn schonn eng Kéier eng Proposition de loi hei abruecht, a vläicht bréngt dat eis elo - wann ech héieren, datt aner Kolleegen och aus anere Fraktiounen déi doten Iddi nach eng Kéier derwäert fannen ze diskutéieren - dann do e Stéck virun. Mir kéinten eis do op e Konsens eenegen.

Ech mengen, datt dat doten eng Fro ass, déi wichteg wär, fir déi Diskussioun, déi mer elo hunn, regelméisseg op d'mannst dann all fënnef Joer och mat der Populatioun kënnen ze féieren. Mir wëssen, datt et leider esou ass, datt am Fall vu gemeinsame Wahle fir d'Chamber a fir d'Europarlament, datt do déi national Politik oft dominéiert, datt d'europapolitesch Diskussioun oft ze kuerz kënnt. Ech hoffen, datt wa mer…

**M. le Président**.- Här Meisch, entschëllegt, den Här Gira wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Här Meisch, ech wollt Iech froen, ob d'Demokratesch Partei dann och d'accord ass fir d'Trennung vun de Mandater vum Europadeputéierten a vum Buergermeeschter?

**Une voix**.- Wat?

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Ech hunn…

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- D'Trennung vum Europadeputéierten a vum Buergermeeschter zu Lëtzebuerg.

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Ech sinn der Meenung, Dir sollt Buergermeeschter zu Biekerech bleiwen.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- An net méi an d'Chamber kommen.

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Eis Partei huet kloer Aussoe gemaach wat d'Mandat ubelaangt, souwuel dat vum nationalen Deputéierte mam Buergermeeschter zesummen an och dem europäeschen Deputéierte mam Buergermeeschter zesummen, dat am Kontext vun engem Pabeier, dee mer viru kuerzem presentéiert hunn, wat déi territorial Opdeelung ubelaangt vun eisem Land an d'Aufgabe vun de Gemengen ubelaangt.

An do hu mer eis fir eng Incompatibilitéit ausgeschwat, souwuel wat den nationalen Deputéierte wéi den europäeschen Deputéierten ubelaangt. Wann en dat wëllt maachen, muss en dat eleng maachen a kann net Buergermeeschter, op jidde Fall net an enger grousser Gemeng, sinn, an eisen Aen. Ech mengen, domadder hunn ech onmëssverständlech op Är Fro geäntwert.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Et freet mech, déi Positioun vun Ärer Partei. Bei der Reform vun Wahlgesetz waart Der nämlech nach net d'accord.

***(Interruption)***

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Neen, neen, ech wëll nach eng Kéier, bei der Reform vum…

**M. le Président**.- Den Här Meisch huet ganz eleng d'Wuert!

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Bei der Reform vum Wahlgesetz war et och esou, datt mir d'Propositioun gemaach haten, fir d'Datumer vun deenen zwou Wahlen ze änneren, mä leider war et awer esou, datt mer do kee Konsens konnte fannen. Mir mengen, an dat héiert een awer elo ganz oft, wann ee mat de Leit am Land schwätzt, wann een op déi Réunioune geet, datt ganz oft déi Propositioun gemaach gëtt; ma kommt mir maachen dat heite méi oft, separat Wahlgang fir europapolitesch Froen. Ech mengen, da si mir als Politiker gefuerdert, d'Leit si gefuerdert, fir do nach eng Kéier Kontakt mateneen ze huelen an iwwert d'Europapolitik ze

schwätzen. Dann, mengen ech, kréie mer eng grouss an eng sënnvoll europapolitesch Debatt hei am Land, a mir sollen déi Fro nom 10. Juli onbedéngt nach eng Kéier op den Ordre du jour huelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Nächst Riednerin ass d'Madame Err. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP)*.- Lëtzebuerg huet, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, haut an och den 10. Juli e Rendezvous mat der Geschicht, e Rendezvous bei deem et geet ëm d'Zukunft, net nëmmen déi vun eisem Land, mä och déi vun Europa a senge Leit, an net nëmmen deene vun haut, mä och deene vu mar, deene kommende Generatiounen. Ech géing souguer behaapten, dass dëse Rendez-vous och de Rescht vun der Welt iwwer Europa eraus interesséiert.

Grond genuch also, sech d'Saach gréndlech ze iwwerleeën a richteg ze entscheeden an aller Objektivitéit an a voller Eegeverantwortung. A wëssend, dass, och dann, wann et en Acquis communautaire gëtt, et „en matière communautaire" näischt wéi en Droit acquis gëtt, an dass, wa mer dat Europa net weiderentwéckelen, mer dat Europa, wat mer haut hunn, a mat deem mer deelweis onzefridde sinn, verléiere kënnen.

D'Iddi vun Europa an d'Visioun vun engem vereente Kontinent ass a bleift faszinant an erstriewenswäert, trotz alle Schwieregkeeten, déi Europa de Moment huet. D'lescht Woch huet d'Buergermeeschtesch vun Tübingen am Europarot zu Stroossbuerg dës Tatsaach fräi nom Heinrich Heine a mengen Ae ganz treffend a folgende Wierder kommentéiert: „Denk ich an Europa in der Nacht, bin ich um den Schlaf gebracht."

Dat kann een där Fra, denken ech, gutt noemfannen. Mä amplaz elo haut driwwer ze streiden, wiem seng Schold dës Kris ass, mengen ech, wiere mer gutt beroden, ze kucken, wat mer aus där Kris eraus opbaue kënnen, well all Kris ass och eng Chance fir eng Erneierung. Den Traité, dee mir hei diskutéieren, ass nämlech net deen éischten, deen eng Hürd verpasst huet an trotzdeem a Kraaft getruede wier. A wéi den Alex Bodry elo grad a senger Ried treffend gesot huet: „Totgesagte leben länger".

Loosse mer net vergiessen, dass Europa eis en halleft Jorhonnert Fridde bruecht huet, Fridden net nëmmen eleng, mä och Fridden a Wuelstand. Fridden ass fir déi Leit, déi heibanne sinn, en natierlecht Element, esou wéi d'Waasser en natierlecht Element ass fir de Fësch, an de Verglach, mengen ech, drängt sech op. Wa mer näischt dofir maachen, fir de Fësch am Waasser ze behalen, iwwerlieft en net; wa mer näischt fir Europa maachen, iwwerlieft och vläicht Europa, an domat och de Fridden net. Dat kënne mer eis alleguerten net erlaben.

Haut an den 10. Juli geet et net ëm dat Europa vun haut, mä ëm dat Europa vu muer. An et ass dat eben, wat d'Saach e bësse komplizéiert mécht, well wann ee wëll d'Intérête vun deem Traité weisen, da muss een dat vergläichen, wat mer haut hunn, an dat, wat mer kënnte kréien. Dat setzt viraus, dass gewosst wier, wéi Europa haut fonctionnéiert. Elo wësse mer awer, dass dat bei ville Leit leider net de Fall ass, an duerfir gëtt ganz oft och intuitiv iwwer aner Saachen ofgestëmmt wéi iwwert déi Fro, ëm déi et eigentlech geet.


Duerfir wëll ech kloerstellen, dass haut an och den 10. Juli net iwwert d'Bréisseler Bürokratie zum Beispill ofgestëmmt gëtt, déi d'Tendenz huet, d'Leit munchmol ze nerven. Och net iwwer en europäesche Jargon, Sproochejargon, deen d'Leit ganz oft net verstinn, an deen och heiansdo net gutt ze verstoen ass. Wéi sollen d'Leit och verstoe wat e COREPER ass, wat d'JAI ass, wat d'Kritäre vu Kopenhagen genee bedeiten, oder wat d'Strategie vu Lissabon heescht. Mir missten eis uwinnen, egal wéi dee Referendum an déi Décisioun hei ausginn, eng Sprooch ze schwätzen, déi och verstane gëtt vu Leit, déi net am Europarecht spezialiséiert sinn. Mä och dorëms, iwwert de Sproochejargon, geet et net.

Et geet och net drëms, dass Europa a senger Struktur relativ komplex ass an net ëmmer ganz einfach duerchzegesinn ass. Mä ee Wuert Erklärung vläicht dozou. Europa huet sech an de 50er Joren aus dem Näischt erfonnt. Europa ass och haut esou vill Joren, bal en halleft Jorhonnert duerno, ëmmer nach en Unikum an huet sech am Fong vun Element zu Element selwer weidererfonnt a weiderentwéckelt. Dat erkläert, dass de Langage an och déi Strukturen, déi mer hunn, net ëmmer dat sinn, wat se dem Numm no ze si schéngen, an dat mécht et natierlech och net evident, fir ze verstoen ëm wat et geet.

Et geet och net ëm d'Delokalisatiounen a Chômage, well dee gëtt et wéinst der Globaliséierung an net wéinst Europa, mä deem ouni Europa op jidde Fall nach vill méi schwéier bäizekommen ass wéi dermat. Et geet och net ëm d'Deierecht vum Liewen oder de Stau op der Strooss, an et geet och net ëm de Bäitrëtt vun der Türkei, an och dozou wier vill ze soen. Well ob de Bäitrëtt vun der Türkei kënnt oder net, mengen ech, dass et am Intérêt vun all Mënsch ass, dass d'Türkei Efforte mécht, fir dee berühmtenen Acquis communautaire probéieren ze erfëllen. Ob en dann erfëllt ass oder net, wann d'Décisioun fält, ass et kloer, dass all Fortschrëtt net nëmme gutt ass fir d'Türkei, mä och gutt ass fir Europa an doriwwer eraus.

Et geet och net ëm eise Premier den 10. Juli, an et geet och net drëms, där enger oder där anerer Partei eventuell eng auszewëschen, esou ze soen en passant.

Et geet drëms, fir eng Verstäerkung vun Europa duerch eng politesch Dimensioun ze verdéiwen, fir dem Wirtschaftsris Europa zu enger ugepasstener Roll och um internationale Plang ze verhëllefen. Et geet drëms, d'Logik vum Krich ze ersetzen duerch eng erneiert a gefestegt Kultur vun der Négociatioun, op engem Kontinent, wou Länner ënner sech net méi wéi fréier mat Waffen, mä mat Argumenter fir d'Intérête vun hire Länner a vun hire Leit kämpfe wäerten. Et geet ëm eng Ausdehnung vun eisem Patriotismus an eisen Heemechtsgefiller, vun engem Land op e Kontinent, mat gedeelten Wäerter, Objektiver, Rechter an och Symboler.



Besonnesch Lëtzebuerg, eent vun deenen äermste Länner wéi Europa gebuere ginn ass, wat entretemps eent vun deene räichste Länner ginn ass, e Lëtzebuerg, wat déi meeschten europäesch Institutiounen huet, wat am meeschte bis elo vun Delokalisatiounen op Lëtzebuerg profitéiert huet, wat als klengt Land am meeschten um internationale Plang u Prestige gewonnen huet, géif gutt drun doen, zu Europa ze stoen, och a schwéiere Momenter, well fir Lëtzebuerg ass Europa déi eenzeg Chance fir zesummen, och politesch, iwwer sech selwer erauszewuessen.

Virun ongeféier 50 Joer scho war probéiert ginn, e politescht Europa opzebauen, an och deemools scho mat der CED ass d'Grande Nation virun hirem eegene Courage zréckgeschreckt an huet décidéiert, si kéinten am Kollektiv net weiderexistéieren. An ech résistéieren net der Tentatioun, lech eng Diskussioun vun 1983 zwëschent dem François Mitterand an dem Jean-Pierre Chevènement erëmzeginn, an engem Moment, wou ech mengen déi éischte Kéier de Chevènement aus enger franséischer Regierung ausgetrueden ass a wou se eng Diskussioun haten, fir ze kucken, wat d'Ursaache wieren. Et ass festgestallt ginn, dass se eng eenzeg Differenz haten, an zwar déi iwwert d'Roll vu Frankräich an der Welt.

De Mitterrand huet wuertwiertlech dat heiten dem Chevènement geäntwert: «Vous avez raison, nous avons un différend. Vous pensez que la France a encore un rôle à jouer, mais moi, je sais que c'est fini. La France sans l'Europe n'est plus rien, sa seule chance d'exister est d'être au cœur de l'Europe.» Dat ass och haut nach richteg fir Frankräich, a sécherlech och virun allem fir Lëtzebuerg.

Fir dass Europa sech weiderentwéckele kann, brauche mir dësen „Traité établissant une Constitution pour l'Europe" als Kader mat verbesserte Strukturen, déi och adaptéiert si fir zu méi weider ze kommen, e Kader, an deem déi europäesch Politik sech aschreift an dee bestëmmt gëtt, net vum Kader selwer, mä vun der parteipolitescher Gewiichtung, notamment am Europaparlament. Well all Verfassung, och all national Verfassung, setzt net d'Politik op éiweg an ëmmer fest, déi hänkt dovun of wat déi Leit, déi d'Verantwortung ze droen hunn, mat deem Kader, mat där Verfassung maachen.

Ech ka vläicht ee Beispill aus der rezenter Vergaangenheet hei zitéieren: An den Debatten iwwert d'Reform, notamment iwwert dësen Traité, iwwert d'Majorité qualifiée méi prezis, war ënnert dem Aznar a Spuenien op eemol alles blockéiert. Spuenien zesumme mat Polen hu gemengt, si géife bei deem neie Majoritéitssystem méi schlecht ewechkomme wéi bei deem alen an et war alles blockéiert. Du koum dat dramatescht Attentat zu Madrid, duerno e Regierungswiessel a Spuenien a mat därselwechter Verfassung huet datselwecht Land mat engem anere politesche Responsabelen déi nei qualifizéiert Majoritéit ugeholl an Europa konnt virugoen, well Polen eleng näischt méi konnt blockéieren.

Dat just fir lech ze beweisen, dass dee Kader, deen hei fixéiert ass, all d'Politike méiglech mécht, awer nëmme wann déi richteg Parteien, déi sozial engagéiert Parteien, gestäerkt ginn. Deen Text, ëm deen et hei geet, ass e Komproëss, kee perfekten also, mä een dee vill besser ass wéi dat, wat mir haut hunn an een, deen och mar nach ka besser gemaach gi wéi en elo um Pabeier steet. De gesonde Mënscheverstand misst eis logescherweis dozou bréngen, léiwer e Spatz am Grapp wéi eng Dauf um Daach ze hunn, oder aneschters ausgedréckt: léiwer 50% vun engem méigleche Fortschrëtt wéi 100% vun Nullperspektiv.

Wat bréngt deen Traité vu Fortschrëtter? Verschidde Saachen - an ech hu se a sechs Kategorien opgedeelt.

1. Vereinfachung an Transparenz. Ech gi ganz séier driwwer ewech, well een als x-te Riedner oder Riednerin hei soss riskéiert ze villes ze widderhuelen.

Ee Buch, een Text, eng Struktur, eng Unioun an eng Unioun mat enger Personnalité juridique, déi et der Unioun erlabe wäert der europäescher Mënscherechtskonventioun bäizetrieden an esou domadder och intern an Europa eng extern Kontroll vun eisen eegenen Institutioune méiglech ze maachen.

Eng Clarificatioun vun de Kompetenzen. Dobäi wëll ech kuerz an engem Niewesaz just soen, dass Europa nëmmen déi Kompetenzen huet, déi d'Länner bereet waren oder sinn, Europa ze ginn - an dat sinn der de Moment nëmme véier -, an dass alles dat, wat doriwwer erausgeet, wéi zum Beispill d'Sozialpolitik, natierlech net kann um europäeschen Niveau eleng geregelt ginn, mä um nationalen, well do d'Kompetenze leien.

De Conseil muss deemnächst, wann den Traité géif duerchgoen, an öffentleche Sëtzungen iwwer europäesch Gesetzer - well dann hätte mer keng Direktive méi - diskutéieren an décidéieren.

2. Deen zweeten Avantage vum Traité ass d'Verstäerkung vun den Institutiounen. Et ass schonn hei drop higewise ginn, de Conseil européen an d'Europaparlament mat méi Pouvoiren, en europäeschen Ausseminister, eng besser qualifizéiert Majoritéit, etc..

3. En drëtte Punkt, dee mir perséinlech als Avantage ganz wichteg ass, ass méi Demokratie. An zwar net nëmmen iwwert de Wee vum Europaparlament, mä och iwwert de Wee vun den nationale Parlamenter. Ech si frou, dass hei scho gesot ginn ass, dass mir eis mat oder ouni dësen Traité als nationaalt Parlament musse virbereede fir dat Europa, dat mer haut hunn an dat ze wäit vun eise Bierger ewech ass, de Leit méi no ze bréngen, doduerch dass mer eis Verantwortung op alle Pläng an europäeschen Décisiounen och am Lëtzebuerger Parlament huelen an och déi Margen ausnotzen, déi deen neien Traité den nationale Parlamenter zougesteet.

D'Initiative populaire ass ugeschwat ginn an och dat ass en Instrument vun der Demokratie, wat net ze ënnerschätzen ass, wéi och net d'Consultatioun vun der Zivilgesellschaft oder den Accès zu Dokumenter, dee bis haut nach ëmmer deelweis problematesch ass.

4. Eng europäesch Citoyennetéit ass och fir mech ganz wichteg. Mä wat ass dat dann, froen d'Leit. Dat ass net nëmmen d'Recht ze circuléieren, sech ze etabléieren, ze schaffen an ze liewen an anere Länner zesumme mat aneren Europäer, mä dat ass och en Droit de vote actif a passif a verschiddene Wahlen, eng Protection communautaire et diplomatique fir d'Lëtzebuerger, an ech mengen, dass dat praktesch dat wichtegst Argument ass, well mir wëssen alleguerten, dass Lëtzebuerg net vill Ambassaden an der Welt huet. An dat heescht och en Droit de pétition an e Recht fir sech un den europäesche Médiateur ze wenden.

5. Last but not least kommen ech bei d'Mënscherechter. Dësen Traité bréngt méi Mënscherechter. A wéi Mënscherechter seet, seet natierlech och Fraerechter, seet d'Festschreiwung vu Wäerter a vun Objektiver vun engem europäesche Gesellschaftsmodell, deen et bis haut néirens gëtt, Dir Dammen an Dir Hären, Wäerter wéi mënschlech Dignitéit, Fräiheet, Demokratie, Egalitéit, Mënscherechter, Rechtsstaatlechkeet an Objektiver wéi Fridden, Bien-être vun de Leit, Sécuritéit, Économie sociale de marché an Ähnleches, déi véier klassesch Libertéiten, a Symboler fir Europa, Symboler wéi e Fändel, eng Devise, eng Hymne an e gemeinsame Feierdag fir d'Zesummegehéieregkeetsgefill an eisem Europa ze verstäerken. An do musse mer eis agestoen, dass et dobäi wierklech nach happert. Mir hu wierklech Intérêt, och dëse Facteur net ze vergiesse wa mer d'Prétentioun hunn, dat Europa vu muer de Bierger vu muer méi no ze bréngе wéi et haut de Fall ass mat de Bierger vun haut.

6. Dann hu mer och méi Soziales am Traité, och da wa mer wëssen, dass d'Sozialpolitik national bleift. Mir hunn eng Économie sociale de marché mat anere Prioritéiten, mat aneren Objektiver wéi nëmme Wirtschaftsperformancen, wéi zum Beispill den Niveau de l'emploi, d'Garantie de la protection sociale, d'Lutte contre l'exclusion sociale, asw., déi fir d'éischt an engem europäeschen Traité dra stinn, wéi och d'Services d'intérêt général, also eis Service-publicen. An niewebäi gesot, ginn och d'Rechter vun de Kanner an dësem Traité verstäerkt, genee sou wéi d'Kohesiounspolitik, wat erëm esou e Jargonswuert ass aus dem europäesche Kontext, well en fait ass och Kohesiounspolitik Sozialpolitik, mä net fir eenzel Leit, mä fir d'Regiounen an Europa.

Zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech lech just un engem Beispill de Fortschrëtt vum neien Traité demonstréieren, an zwar dee vun der Egalitéit tëschent de Männer an de Fraen.

Éischtens steet an deem neien Traité an der Partie I, Artikel 2 iwwert d'Wäerter, also am éischten Artikel wou et op de Fong geet, dran, dass d'Egalitéit ee vun den europäesche Wäerter ass. Dat heescht, wa muer nei Adhésioune kommen, ginn déi Länner och am Kader vun de Kritäre vu Kopenhagen drop gepréift, ob si d'Egalitéit tëschent Männer a Fraen - jo oder nee? - respektéieren. Dat gëllt och fir e hypothetesche Bäitrëtt vun der Tierkei an enger gewëssener Zäit.

Zweetens hu mer eppes, wat mer de Moment zu Lëtzebuerg an engem Koalitiounsprogramm hunn, mä wou mer nach net vill dovu gesinn hunn, an zwar den Gender mainstreaming, deen net nëmmen am Virspann oder an der Charta steet, mä och an der Partie III am Artikel 116, en Article horizontal dee seet, dass all d'Politike vun der Unioun, dat heescht also och Aussepolitik, Justice, Affaires intérieures, drop kënne kontrolléiert ginn, ob se déiselwecht Konsequenzen hunn op d'Männer wéi op d'Fraen. Och dat ass méiglecherweis e redoutabelt Instrument fir d'europäesch Akten um legale Plang ze kontrolléieren.

Dann hu mer drëttens en Gender mainstreaming net nëmmen um Prinzip vun der Egalitéit, mä en Gender mainstreaming op alle Froe vun Netdiskriminatioun. Dësen Traité ass och deen internationalen Traité, deen am meeschten Elementer opzielt, firwat et an Europa verbueden ass diskriminéiert ze ginn. Ech brauch se net opzezie-

len, well si si bekannt. Mä och dat ass e Fortschrëtt, net nëmmen, mä och fir d'Egalitéit tëschent de Männer an de Fraen.

An da kënnt zum Schluss nach d'Charta vun den Haaptrechter an och do wëll ech lech just een Artikel virliesen, an zwar den Artikel 83, deen d'Egalitéit tëschent de Männer an de Fraen ubelaangt an dee seet: «L'égalité doit être assurée dans tous les domaines, y compris l'emploi, le travail et la rémunération et le principe ne fait pas obstacle et n'empêche pas le maintien ou l'adoption de mesures prévoyant des avantages spécifiques en faveur du sexe sous-représenté.» Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, heibannen eppes wat mir zu Lëtzebuerg an 20 Joer net fäerdeg bruecht hunn, net an där Form, net an där Stäerkt an och net mat deem prakteschen Nährwäert, wéi dat hei elo steet.

Mir hunn dann och nach en Artikel II-127, an deem et geet ëm d'Lutte contre la traite et l'exploitation sexuelle.

A schlussendlech hu mer nach d'Deklaratioun Nummer 13 déi virgesäit, dass d'Länner alleguerten opgefuerdert ginn alles ze maache wat se kënnen, fir d'Violence domestique an de Grëff ze kréien. Mir wëssen, dass dat a ganz Europa een enorme Fléau ass. Et kann een also soen, an ech soen dat net eleng, dat soen och Organisatiounen wéi beispillsweis de Lobby européen des femmes oder den europäesche Juristinneverband, déi, mengen ech kënnen ze soen, Spezialistinnen op dëse Gebitter sinn, vun Europa an och vun der Egalitéit. Och si sinn zefridden a qualifiéieren dësen Traité als e Fortschrëtt, och da wann eng Paritéit bei der Besetzung vun allen europäeschen Institutiounen net an dësem Traité konnt duerchgesat ginn. Mä mir ginn eis hei jo och nach net sou séier geschloen.

Duerfir sinn ech mat grousser Iwwerzeegung fir dësen Traité, wéi meng ganz Fraktioun iwwregens, an net nëmme well ech un Europa gleewen, mä och well sech keng Alternativ zu dësem Traité ofzeechent. Och well d'Bolkestein-Direktiv, oder d'Bolkestein-Gesetz, wann et nom Traité kënnt, ouni dësen Traité komme kann, mä an deem Fall mat manner Awierkungsméiglechkeete wéi wa mer den Traité hätten, notamment vum Europaparlament a vun den nationale Parlamenter.

Och well ech net wëll, dass Europa nëmmen a klenge Gruppen nach sektoriell weiderkomme kann, well dat e grousse Solidaritéitsverloscht fir Europa géif bedeiten, an och well eng reng hypothetesch Neiverhandlung riskéiert méi liberal a manner sozial ze ginn a souwisou egal wéi géif Zäitverloscht bedeiten.

Och well ech kee Frënd vun Nationalismus, Egoismus a Friemefeindlechkeet sinn an déi dräi Begrëffer carrément refuséieren. Ech sinn europafrëndlech, vläicht souguer nach e bësse méi. Mä ech si realistesch genuch, fir net dat Blot vum Himmel vun engem Vertrag ze verlaangen, deen och mar an iwwermar nach ka verbessert ginn.

Mä ech sinn iwwerzeegt, dass mat deem Traité, deen haut zur Ofstëmmung virläit, Europa besser gëtt, méi staark a méi effikass, méi demokratesch, méi offen a méi verständlech, méi no bei de Leit - an do si mer alleguerte gefuerdert -, méi sozial an och, Dir Dammen heibannen, méi fraefrëndlech.

Et ass also kloer, dass e positive Vote an dëser Fro net nëmme besser ass fir Europa, mä och iwwer Europa eraus, seng Bevëlkerung an och a ganz besonnesch fir d'Fraen. Ech géing souguer gäre behaapten, an dat ass mäi leschte Saz, dass et och favorabel ass iwwert d'Grenze vun Europa eraus, dass dat Europa, wat haut zur Ofstëmmung virläit, mar Realitéit gëtt.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Ech soen der Madame Err Merci an als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jiddereen, dee mech kennegeléiert huet, an och jiddereen, dee mech haut kennt, dee weess datt en et mat engem iwwerzeegten Europäer ze dinn huet. Jiddereen, dee meng politesch Aktivitéiten an deene vergaangenen 20 Joer, zënter der Grëndung vun deene Gréngen, verfollegt huet, konnt héieren, datt ech mech ëmmer fir eng méi staark politesch demokratesch, sozial an ekologesch Integratioun vun engem gemeinsamen Europa agesat hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn och haut fir de Prinzip vun enger europäescher Verfassung, well eng Verfassung ka mat dozo bäidroen, fir eng gewëssen europäesch Identitéit ze schafen; eng Identitéit, déi onofhängeg vum Jo oder Nee absolut noutwendeg ass.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst alleguerten, datt ech am Januar vun dësem Joer op engem gréngе Kongress fir en Nee zu deem virleiende Verfassungstext plädéiert hat an ech hat och géint deen Text gestëmmt. Ech hat deemools awer och deklaréiert, ech géif mech trotzdeem beim Vote hei an der Chamber un de Mehrheetsbeschloss vum dësem Kongress halen, an ech géif awer ëmgekéiert als fräie Bierger beim Referendum vum 10. Juli mat Nee stëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer a mengem politesche Liewe wahrscheinlech nach ni esou schwéiergefall, hei elo, fir op de Knäppche vum „oui" ze drécken. Ech si weiderhi kloer fir den Nee, a wann ech trotzdeem elo hei aneschters ofstëmmen, dann huet dat just eng Haaptursaach, nämlech de Respekt vun de Statute vu menger Partei, déi besoen, datt all Membere vun der grénger Partei sech sollen u majoritär Kongressbeschlëss halen.

Ech liesen also vir, wat an de Statute vun der grénger Partei doriwwer steet; Paragraph 6, Punkt 2: „Jedes Mitglied hat die Pflicht, erstens die Grundsatzerklärung, die Programme und die Wahlplattform von 'DÉI GRÉNG' zu vertreten." An zweetens dee Paragraph, ëm deen et hei geet: „Jedes Mitglied hat die Pflicht, die satzungmäßig gefassten Beschlüsse der Parteiorgane zu beachten."

Grad och als Deputéierte vun de Grénge sinn ech also u Kongressbeschlëss gebonnen, och wann ech do dergéint war. A schwéieren Häerzens wäert ech also herno mat Jo stëmmen.

Eng aner Saach, déi mer dëse Vote awer vläicht e wéineg méi liicht mécht, ass meng Iwwerzeegung, datt dëse Vote hei, an och eise Referendum vum 10. Juli, souwisou Moutarde après dîner sinn, well nüchtern betruecht déi elo virleiend Verfassung, egal wéi den 10. Juli ofgestëmmt gëtt, nom negative Vote a Frankräich an an Holland menger Meenung no an där heuteger Form souwisou ni a Kraaft wäert trieden.

Och dat mécht mer dëse Vote, entgéint menger perséinlecher Iwwerzeegung, e wéineg méi liicht, an ech hoffen datt meng Frënn a Bekannte meng Situatioun haut hei kënne verstoen.

Wann ech haut hei géint de Mehrheetsbeschloss vun eisem Parteikongress géif verstoussen, da wier dat an der gréngеr Partei e Präzedenzfall, dee fir déi weider Entwécklung, eng demokratesch Entwécklung vum gréngе Projet net gutt wier.

Trotz mengem Oui herno beim Vote wëll ech kuerz nach eng Kéier awer résuméieren, aus wat fir



Haaptgrënn ech da beim Referendum den 10. Juli trotzdeem wäert Nee stëmmen. Well ech aus Zäitgrënn net op all Detailer vu menger Kongressried vum Januar a vu verschiddenen öffentlechen Interventiounen dozou kann zréckkommen, just nach eng Kéier a Stéchwierder:

1. De virleienden Text, mat sengem drëtten Deel a mat sengen onzählege Säite vun Annexen a Protokoller, ass iwwerhaapt keng seriö Verfassung. Seriö wier et gewiescht, just iwwert d'Deeler 1 an 2, nämlech iwwert d'Wäerter an d'Institutiounen an iwwert d'Charta vun de Grondrechter ze schwätzen.

2. Den drëtten Deel, säiteméisseg, mä och inhaltlech a mengen Aen den Haaptdeel, wou genaustens all méiglech konkret Politike vun der Unioun aus der Vergaangenheet beschriwwe gi sinn a wou vill Aspekter elo mat iwwerholl a konstitutionaliséiert ginn, mat deenen ech als Gréngen net d'accord sinn, gehéiert net an eng Verfassung, besonnesch wann dat herno just nach kann iwwert d'Unanimitéit vun alle 25 verännert ginn.

3. Ech mengen dat ëmsou méi, wou an dësem drëtten Deel esouwuel eng reng liberal Wirtschaftspolitik an -entwécklung, wéi och an der Geld- a Kreditpolitik eng reng monetaristesch Politik vun der Europäescher Zentralbank virgeschriwwe ginn. An esoulaang dat net geännert gëtt, wäert Europa ni aus der ekonomescher Stagnatioun erauskommen, an och net aus Massenaarbechtslosegkeet a wuessender Précaritéit a verschiddene Länner.

Schold un der Kris an Europa ass awer net dee berüchtegte „polnesche Plombier". Schold sinn déi eben zitéiert ultraliberal a monetaristesch Politiken a schold ass och den nationalen Egoismus vun alle groussen europäeschen Helde wéi Blair, Schröder a Chirac, déi d'Erweiderung zwar berechtegterweis bedriwwen hunn, awer finanziell net bereet sinn déi Erweiderung och schnellstméiglech zu engem Succès ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ech beim Referendum vum 10. Juli, also entgéint mengem heutege Parteibeschloss respektéierendem Vote, wäert Nee stëmmen, dann ass dat am Wesentlechen en Nee vis-à-vis vum drëtten Deel vun dëser sou genannter Verfassung a vis-à-vis vun der prakteschеr Onverännerbarkeet vun dëser Verfassung.

Zum Schluss vun dëser kuerzer Interventioun wéilt ech vun dëser Plaz och nach e klenge Pronostic woen. E Pronostic net iwwert d'Resultat vum Lëtzebuerger Referendum, mä iwwert déi weider Entwécklung vun der Verfassungsdiskussioun, well de Prinzip vun enger Europäescher Verfassung ass och a Frankräich an an Holland net gestuerwen, am Géigendeel.

Mäi Pronostic, mäi Wonsch och ass et nämlech, dass trotzdeem an zwee, dräi Joer eng Verfassung wäert kommen. Mä eng Verfassung, déi den Deel 3 ausschléisst a just déi zwee éischt Deeler wäert begräifen, do wou et ëm allgemeng gülteg Wäerter geet, iwwert d'Charta vun de Grondrechter an iwwert déi noutwendeg Adaptatioune vun den Institutiounen. Esou eng Verfassung kéint an zwee, dräi Joer, eventuell deeselwechten Dag, an alle 25 Länner nei virgeluecht ginn, an ech sinn iwwerzeegt, datt et da wahrscheinlech zu engem unanimë Vote fir esou eng nei Europäesch Verfassung kéint kommen.

Mäi Jo-Vote haut hei, an dat ass mäi leschte Saz, ass fir mech also kee Vote en faveur vun där elo virleiender Verfassung, mä héchstens ee Jo zu enger Verfassung, déi mer 2007 oder spéitstens 2008 hoffentlech nei wäerte kënne kréien.

Merci.

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Huss Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Colette Flesch** *(DP)*.- Här President, Merci. Léif Kolleegen, als alleréischt wéilt ech dem Rapporteur félicitéieren, deen eng excellent Analys gemaach huet, net nëmme vum Traité constitutionnel, mä och vun der Genèse, déi zu deem Traité geféiert huet, an deen och, an dat fannen ech ganz gutt, déi spezifesch Aspekter ervirgehuewen huet, déi Lëtzebuerg ganz besonnesch betreffen. Also, Här Rapporteur, villmools Merci!

Dee Rapport ass vun der Kommissioun ugeholl ginn de 6. Juni. Du wousste mer natierlech nach net, wat fir Péripétieë géingen op ons zoukommen am Zesummenhang mam Referendum vum 10. Juli. Ech géing och mengen, dat wier bei dëser Diskussioun net wichteg, well déi Diskussioun, déi de Referendum betrëfft, hate mer jo d'leschtWoch.

Ech wëll an deem Zesummenhank ganz besonnesch dee remarquabelen Exposé ervirhiewe vum Statsminister, dee mat Engagement op all déi Froen agaangen ass, déi ons Matbierger beschäftegen, an deen och un déi Ursaachen erinnert huet, woufir mir als Lëtzebuerger sollen a musse fir dee Vertrag stëmmen.

Wéi de Statsminister sinn ech mat Häerz a mat Verstand fir Europa, an also och fir de Jo zur Constitutioun.



Här President, erlaabt mer e Wuert ze soen zu der Interventioun vun onsem Kolleeg Jean Huss. Ech verstinn déi schwiereg Situatioun, an där hie sech befënnt, an ech hu mat Intérêt nogelauschtert, aus wat fir engen Ursaachen hie bei dësem Vote Jo stëmmt. Et éiert hie vläicht, dass hien de Beschluss vu senger Partei wëllt suivéieren.

Ech weisen awer dorobber hin, dass et contraire ass zum Artikel 50 vun onser Constitutioun…

**Une voix**.- Très bien!

**Mme Colette Flesch** *(DP)*.- …, déi virgesäit «que les Députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché».

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Une voix**.- Dat huet den Här Huss och.

**Mme Colette Flesch** *(DP)*.- Här President, wat nun den Traité constitutionnel betrëfft, do wëll ech drop hiweisen, dass deen net op eemol opgetaucht a wéi vum Himmel gefall ass, mä dass et ee Schrëtt weider ass an engem Prozess, dee mer engagéiert hunn an de 50er Joren.

A wann d'Deklaratioun vum Robert Schuman zu Paräis gemaach ginn ass am Salon de l'Horloge, da kann een awer soen, et huet alles zu Lëtzebuerg ugefaangen, well déi éischt Sëtzung vun der Haute Autorité vun der Communauté européenne du Charbon et de l'Acier huet stattfonnt am August 1952 hei zu Lëtzebuerg, an zwar an der Märei um Knuedler.

Mir sinn en Zwerg op der politescher Zeen. Mä ech wëll drun erënneren, dass e Parteikolleeg vu mir aus der Belsch, de Louis Michel, virun e puer Deeg gesot huet, mir wieren een «Géant de l'Europe». Ech maache mer net ze vill Illusiounen zu där Ausso, mä ech géing soen, wa mer e „géant de l'Europe" sinn, dann ass et „grâce à l'Europe".

Wa mir haut dat duerstellen, wat mer an Europa an an der Welt sinn, dann ass et, well mer e Member si vun der Europäescher Unioun. Vu jee hier war d'Tatsaach, dass mer enger gréisserer Gemeinschaft konnten ugehéieren - sief dat den Zollveräin, sief et duerno d'Union économique belgo-luxembourgeoise, sief et de Benelux, an duerno d'CEE -, ëmmer positiv fir onst Land an huet ons gehollef déi Problemer ze meeschteren, déi sech onsem Land stellen.

An ech géing hei un e Saz wëllen erënneren, deen den Här Nicolas Schmit vläicht erkennt, an deen 1989 geschriwwe ginn ass: «Jamais dans son histoire notre pays n'a joué un rôle aussi important sur la scène internationale que depuis la création de la CEE; jamais auparavant il n'a bénéficié d'une prospérité économique aussi grande.»

Här President, trotz alle Schwieregkeeten, trotz alle Suergen, déi mer am Laf vun de Jore mat der Communauté haten, an duerno mat der

EU, ass et ganz evident, dass Europa ons ganz vill ginn huet. Dat ass wouer fir ons Landwirtschaft. Dat ass wouer fir ons Sidérurgie. Dat ass wouer fir ons Finanzplaz, an dat ass wouer fir déi Plaz an dee Rôle, dee mir haut an Europa an an der Welt kënne spillen. Dat bleift wouer fir d'Zukunft, besonnesch an enger Zukunft, déi markéiert ass vun der Globalisatioun.

Wou wäre mir an dëser globaliséierter Welt, wa mer net e Member vun der EU wieren? Mir mussen also onsen Attachement za Europa confirméieren. Mir mussen, mir sollen a mir wäerten den Owend de Projet de loi iwwert d'Approbatioun vun dëser Constitutioun stëmmen, a mir sollten alleguerten als Lëtzebuerger den 10. Juli beim Referendum Jo stëmmen.

Ech géing derbäifügen, dass wann déi fransséisch an hollännesch Wieler der Meenung waren, dass si sollten Nee stëmmen, dann ass et net un hinnen ons Décisioun ze bestëmmen an ons ze soen, wéi mir ons solle verhalen a wéi mir sollen ons Responsabilitéiten iwwerhuelen.

De Conseil européen huet d'lescht Woch gesot, dass d'Poursuite vum Ratifizéierungsprozess weidergeet. Ech mengen, mir sollen an deem Kontext ganz kloer ons Responsabilitéiten iwwerhuelen a mir sollen als Lëtzebuerger Bierger, als Lëtzebuerger Wieler Jo zu där Constitutioun soen.

Woufir? Ech wëll net hei eng Analys vun allen Dispositioune vun dësem Verfassungsvertrag maachen. Dat ass gemaach ginn am Exposé des motifs, am Avis vum Conseil d'État, am Rapport vun der Commission des Affaires étrangères.

Mä ganz schnell zesummefaassend wëll ech soen, déi Constitutioun huet eng éischt Partie, déi d'Valeuren an d'Objektive vun der Unioun definéieren, d'Kompetenze vun der Unioun, d'Architecture institutionnelle vun der Unioun an den demokratesche Charakter vun der Unioun.

Déi zweet Partie gëtt der Charte des droits fondamentaux e juristesch bindende Charakter, an ech mengen dat wier eng gutt Saach an en echte Fortschrëtt.

Déi drëtt Partie, dat ginn ech dem Här Huss an aller Offenheet zou, ass illisible. Mä si mécht soss näischt wéi dat ze résuméieren, ze simplifiéieren an ze kodifizéieren, wat haut schonn d'Gesetzgebung an der Europäescher Unioun ass. Si ännert also grondsätzlech dozou guer näischt. Si mécht just nëmmen d'Liesung vun den Texter e bësse méi einfach.

Dee véierten Deel huet d'Dispositions générales et finales, déi d'Transitioun tëschent deenen zwee vergaangenen Traitéen iwwert d'Communauté européenne an d'Union européenne, engersäits, an dem Traité constitutionnel, anerersäits, regelen, an déi d'Procédures de révision regelen.

Nom President vum Konvent, dem Valéry Giscard d'Estaing, geet et duer, fir d'Portée vun der Fro, déi ons am Referendum gestallt ass, ze appréciéieren, déi siwen éischt Artikele vun der Constitutioun ze liesen, d'Artikelen I-1, I-2, I-3, I-4, I-9, I-10 an I-11.

Ech géing soen, dass souguer vläicht zwee Artikelen duergi fir drop hinzeweisen, woufir mer et musse stëmmen, a fir d'Äntwert ze ginn op déi falsch Argumenter, déi vun de Partisanë vum Neen ëmmer erëm gebraucht ginn. An dat ass den Artikel I-2 an I-3. Ech wëll déi hei net ganz virliesen. Mä ech wëll awer drop hiweisen, dass do geschwat gëtt vun: Dignité humaine; Liberté; Démocratie; Égalité; État de droit; Respect des droits de l'homme; Pluralisme; Non-discrimination; Tolérance; Justice; Solidarité an Égalité entre les hommes et les femmes.

Fridden, dat soen ech ganz haart deenen, déi mengen, dat hei wier en, net Anti-Frieden-, mä Anti-Friddensvertrag.

Weider: Bien-être des peuples; Espace de liberté, de sécurité et de justice; Marché intérieur - jo, well dat war et jo vun Ufank un -; mä och Développement durable; Économie sociale de marché; Plein emploi; Progrès social; Qualité de l'environnement; e Kampf seet den Artikel I-3 un, géint d'Exclusion sociale an Diskriminatiounen a setzt sech a fir d'Justice an d'Protection sociale.

Dat sinn d'Wäerter, déi mer bejoen, wa mer dem Vertrag onse Jo entgéingtbréngen.

An ech géing an deem Zesummenhang awer och un dat erënneren, wat de Michel Wolter virdrun op dëser Tribün gesot huet. Ech froe mech, wou onse Kolleeg, de Gast Gibéryen, haut ass, deen als Member vum Konvent keng Geleeënheet verpasst huet fir mam President op der Foto ze sinn, deen den Text vum Konvent ënnerzeechent huet, dee fir d'Constitutioun war an du géint d'Constitutioun war an dunn anscheinend net richteg weess, wat e soll maachen, an dofir ass en haut net do.

***(Interruptions)***

Ech mengen et ass net domadder, dass een net do ass, dass een deem Mandat entsprécht, deen d'Wieler ons mat op de Wee ginn!

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Mme Colette Flesch** *(DP)*.- Ech wëll, wéi gesot, net op all d'Dispositioune vun der Constitutioun agoen. Ech wëll vläicht nëmmen zwou, dräi Froen opwerfen, déi de Moment an der ëffentlecher Debatt schéngé Virrang ze hunn.

Verschidde Leit mengen, dass d'Unioun sech ze vill mam Wirtschaftleche beschäftegt an net genügend mam Sozialen. Sécher war d'original Logik vun der Unioun, vun der CECA iwwert d'CEE bis zum grousse Maart, eng wirtschaftlech Logik. Mä mir si säithier ganz wäit komm, an nach ni huet de soziale Beräich - an dat ass op dëser Tribün scho gesot ginn - esou vill Opmierksamkeet geschenkt kritt, wéi just an dëser Constitutioun.

Ech weess och, Här President, dass, wann ech elo hei vu Responsabilité sociale schwätzen, ech den Här Hoffmann an d'Madame Frisch net kann iwwerzeegen. Mä nach, schéngt et mir, ass et keen Zoufall, wann d'Chambre des Employés privés an d'Chambre du Travail an hirem Avis ervirhiewen, dass um soziale Gebitt de Vertrag vill méi wäit geet wéi alles dat, wat mer bis elo kannt hunn. Si weisen op eng Partie Bestëmmungen hin an erwähne ganz besonnesch - an dat schéngt mer wichteg - déi horizontal sozial Klausel vum Artikel III-117.

An ech wëll hei och soen, dass compte tenu vun deene ville Froen, déi d'Leit am Land sech stellen, et mer och derwäert schéngt drop hinzeweisen, dass den Artikel III-122 ganz ausdrécklech d'Zukunft vun de Services, déi een elo d'intérêt général nennt an déi ee fréier Services publics genannt huet, garantéiert. E gesäit vir, dass d'Unioun an d'Mitgliedstate mussen dofir suergen, dass déi Servicer fonctionnéieren, opgrond vun unerkannte Prinzipien an a Konditiounen, déi deene Servicer et erméiglechen, hir Missioun ze erfëllen.

Schliesslech wëll ech och ervirhiewen - et ass zwar och scho gesot ginn, mä ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen -, dass am Zesummenhang mat der partizipativer Demokratie deen neie Rôle, deen op d'national Parlamenter zoukënnt, mir schéngt e gewaltege Schrëtt no vir am europäesche Gefüge ze sinn.

D'national Parlamenter sinn elo associéiert ënner anerem duerch e Méchanisme d'alerte précoce fir d'Kontroll vun deenen zwee Prinzipie vu Subsidiaritéit a Proportionalitéit ze garantéieren. En Drëttel vun deene Parlamenter kann, wa se mengen, dass déi Konditiounen net erfëllt sinn, de Projet renvoyéieren a froen, dass e réexaminéiert gëtt.



Sécherlech - an de Rapporteur huet dat gesot - sinn d'Délaien, an deem dat ka geschéien, ganz kuerz, an onst Haus muss sech dorophin organiséieren a sech d'Mëttele ginn, fir effektiv déi Responsabilitéit kënnen ze assuméieren. Mä menger Meenung no ass hei e ganz gewaltege Fortschrëtt gemaach ginn.

Säit laange Jore war ëmmer e gewëssenen Zwiespalt tëschent dem Europaparlament an den nationale Parlamenter, eng gewësse Frustratioun bei den nationale Parlamenter, an ech mengen, déi nei Bestëmmunge ginn e wäite Wee fir där Frustratioun entgéintzewierken a fir effektiv den nationale Parlamenter en aktive Rôle an der europäescher Gesetzgebung ze ginn.

Déi Constitutioun stellt kee fundamentalen Intérêt vun onsem Land a Fro, weder um institutionelle Plang, nach um fiskale Plang, nach um soziale Plang, wou d'Regel vun der Unanimitéit gewahrt ass. Dës Constitutioun setzt kee Moment d'Zukunft vun onse Matbierger, vun ons alleguerten a Fro, och net d'Droits acquis. Contrairement zu deem wat vill Leit mengen, geet kengem eppes of bei senger Pensioun, bei senger Rent, kee verléiert seng Plaz. Dat sinn déi Froen, déi mer ëmmer an de Versammlunge gestallt kréien. Et ass ganz evident, dass dës Constitutioun mat deene Froen näischt direkt ze dinn huet.

D'Constitutioun, au contraire, souguer wa se net perfekt ass, gëtt ons besser Mëttelen, fir weider am Intérêt vum wirtschaftleche Wuesstum a vum soziale Fortschrëtt ze wierken a fir besser op déi Erausfuerderungen ze äntwerten, déi d'Globalisatioun ons, wéi allen anere Länner, stellt.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Meng Fraktioun seet also Jo zu deem Projet, dee mer haut diskutéieren. Meng Fraktioun wäert dee Projet stëmmen. Mir hoffen a mir mengen, dass d'Lëtzebuerger Vollek och Jo wäert soen am Referendum zu dëser Constitutioun. Mir hunn ons engagéiert a mir wäerten ons bis zum 10. Juli weider engagéieren, fir dass mer deen Owend vum 10. Juli net am Lager vun den Nee-Sager sinn, sondern am Lager vun deenen, déi zur Constitutioun Jo gesot hunn, a ganz bestëmmt am beschten Intérêt da vum Lëtzebuerger Land.

Engersäits fir dass Lëtzebuerg soll e ganz staarkt Signal ginn am Intérêt vun Europa, fir dass mir ons aussprieche n am Intérêt vun enger Économie sociale de marché, also enger sozialer Maartwirtschaft, engem héije Protektiounsgrad an enger nohalteger Entwécklung. An engem Wuert géing ech soen, dass mir ons ausspriechen fir den europäesche Sozialmodell a mir ons domadder och fir ons eegen Zukunft ausspriechen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Als leschte Riedner op der Lëscht ass agedroen den honorabelen Här John Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

**M. John Castegnaro** *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, natierlech ass schonn am Laf vun där ganzer Debatt villes gesot ginn a munches widderholl ginn. Dat wäert mir net besser goen. An trotz allem wëll ech och ënnersträichen a widderhuelen, wat déi historesch Bedeitung vun deem Referendum do ausmécht a bedeit.

Ech sinn och ee vun deenen, an déi meescht heibannen, déi voll hannert deem stinn, wat de Statsminister den 21. hei op dëser Plaz gesot huet, mä och all déi, déi haut eng kloer Sprooch an dëser Chamber, an un hirer Spëtzt de Fayots Ben als Rapporteur, zu deem Referendum ausgedréckt hunn; ech kann dat och deelen.

Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gutt oder wéi schlecht, wéi komplett oder onkomplett déi Verfassung ass, ass se perfekt oder net perfekt, dat géing ech esou beäntwerten: Gëtt et op der Welt eng perfekt Verfassung? Si wäerten alleguer esou sinn, dass se Stäerkten a Schwächten hunn. Mä si sinn all esou, dass se Spillraum hunn, do wou et demokratesch Spillregele gëtt, do wou et en demokratesche Stat gëtt, an och an enger Europäescher Unioun, déi demokratesch ass, an dat ass se jo, bleift dee Spillraum. E bleift doduerch, well et och e Spill vu Kräfteverhältnisser ass.

Et kann een alles och mat enger Verfassung beaflossen, wann een d'Argumenter, d'Energie, d'Kraaft bréngt, an ech zweifelen net drun, dass d'Zivilgesellschaft an Europa an dass besonnesch d'Gewerkschaften, mä och déi politesch Parteien et fäerdeg bréngen, dat Bescht aus där Verfassung fir Europa, fir seng Mënschen, ze maachen.

Déi Millioun, déi ee brauch am Petitiounsrecht, schéngt vill, ass awer wéineg par rapport zu 450 Millioune Mënschen, déi an där Unioun liewen. Kräfteverhältnis ass eng Saach, méi politesch Demokratie an där Europäescher Unioun duerch déi Verfassung ass eng aner wichteg Saach, an et ass hei oft schonn op déi Méibedeitung oder iwwerhaapt Méiglechkeet fir d'national Parlamenter higewise ginn, Asproch ze erhiewen, respektiv d'Gestaltungsméiglechkeet ze hunn, wat bis elo net de Fall war, a loosse mir éierlech sinn a loosse mir deenen dat soen - engem Deel, déi un der Spëtzt vun der Nee-Bewegung stinn -, dass si oft d'Verfechter vu Staten a vu politesche Systemer waren, déi déi bescht Verfassunge vun der Welt haten.

**Une voix**.- Très bien.

**M. John Castegnaro** *(LSAP)*.- Si haten awer keng demokratesch Spillregelen, et gouf och do kee Spillraum, et gouf do Prisongen, et gouf Aarmut an Ausgrenzung, am Endeffekt gouf et en Desaster, eng Faillite, eng Bankrotterklärung op d'Käschte vun deene Mënschen, déi elo solle verteidegt ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Fall vun der Berliner Mauer - fir déi mol eng Kéier als Beispill ze huelen - huet d'Kräfteverhältnisser net nëmmen an Europa, mä an der Welt déifgräifend verännert. An de Fall vun där Mauer huet et net méi einfach gemaach - dat wësse mir - fir d'Mënschen an deem Deel vun Europa, mä huet et och schwéier gemaach fir d'Mënschen am Deel vun eisem alen Europa. An ass et net esou, dass déi Globaliséierung, déi oft ugeschwat gëtt, eng Folleg ass vun deem gesellschaftspolitesche n Desaster, deen Enn den 80er Jore stattfonnt huet, an deen net nëmmen eng gesellschaftspolitesch Fraktur erbäigefouert huet, mä eng Fraktur schlechthin, well de sou genanntene Kapitalismus, an domat den ugestrieftenen Neoliberalismus, sech als Vainqueur an där jorzéngtelaanger Ausenanersetzung spiert a fillt an dofir mengt, hie misst sech kënne mat engem wëllen Neoliberalismus duerchsetzen?

Europa, dat sinn natierlech och gewëssen Turbulenzen, dat kann een an däerf ee jo net verstoppen - a mir hunn dat och an de leschte Wochen hei a villen Debatten ervirgestrach -, de Phenomeen vun den Delokaliséierungen, dee vläicht bei eis, an net nëmme vläicht, mä manner spillt, déi Privatiséierungswut, ëffentlech Betriber, déi sollen ofgeschaf ginn, Déngschleeschtungen, déi privatiséiert solle ginn, alles dat mécht Ängschten op déi muss d'Politik - mir - Äntwerte ginn, an déi gi mir jo och.

An dee Projet vun enger Bolkestein-Direktiv, wierklech gedroe vu wëllem Neoliberalismus, ass vun eise Ministere während der Présidence an den Tirang vertässelt ginn, mä gëtt leider ëmmer erëm vum President vun der Kommissioun ervirgeholl an ëmmer erëm an de Viedergrond geréckelt. An et ass dat, wat Onsécherheet mécht, an et ass do, wou d'Politik sech muss definitiv duerchsetzen. An et ass jo do, wou mir iwwert déi Verfassung déi politesch Méiglechkeete kréien, fir der europäescher Bürokratie Grenzen ze setzen, fir ze suergen dass déi, déi zu Bréissel sëtzen - wéi mir et ëmmer soen -, net méi laang d'Gefill hunn, dass si de Stat am Stat sinn an dass si déi am Endeffekt sinn, déi menge si kéinten Europa, an d'Schicksal vun Europa senge Mënschen, eleng steieren.

Dofir brauche mir déi Verfassung, fir méi politescht Matsproochrecht, Matdécisiounsrecht, fir dee Sozialmodell Europa kënnen ze erhalten, an net nëmmen ze erhalen, mä auszebauen. An dat neit Europa, gefestegt duerch déi Europäesch Verfassung, kann eng Äntwert op d'Globaliséierung, besonnesch op déi, fannen.

An déi Erausfuerderung musse mir ugoen a mir wëssen alleguer - an dat ass och scho gesot ginn -, de Prozess vun der europäescher Konstruktioun hält jo elo net op, och net wann d'Verfassung dann awer ratifizéiert gëtt an a Kraaft trëtt. Dat do ass jo eng weider, eng ganz wichteg Etapp an där europäescher Konstruktioun. A mir wëssen a mir mussen nach d'Energie dofir hunn a behalen, fir an der Zukunft weider drun ze schaffen, fir dat Europa nach besser ze maachen, fir, wa mir déi éischt Verfassung emol hunn, schonn unzefänken déi zweet virzebereeden, dat ass jo iwwerall esou, och bei eis hei zu Lëtzebuerg.

Mä ech sinn och d'accord mat deem, wat de Statsminister d'lescht Woch gesot huet, a wat anerer haut gesot hunn: D'Erweiderung vun Europa, war se zu fréi oder hätt se misse méi spéit kom-

men? Mä si war mat Sécherheet net ze fréi an et muss weidergoen, well et eng Noutwendegkeet ass. An do musse mir mat eis selwer zu Geriicht goen an dat musse mir de Leit och vermëttelen.

Wann ee Solidaritéit schwätzt, dann ass dat jo net nëmmen eppes wat een a Wierder kleet oder a Sonndesriede gebraucht, mä Solidaritéit ass eppes ganz Reelles, eppes ganz Prakteschs. Et ass d'Fro vum reellen Deelen, bereet sinn e bësse vu sech ze ginn, fir dass anerer endlech eppes kréien, dass si bei sech doheem Aarbecht fannen, dass si do wou si sech wuel fillen och kënne bleiwen an net forcéiert ginn an d'Ausland ze goen. De Räichtum gerecht ze verdeelen, och an eisem alen Europa, ass a bleift dat grousst Thema, awer genee esou Aarbecht schafen am alen Europa an an deem Stéck Europa, wat bäikomm ass.

Mir brauchen en Europa - an ech mengen, dass d'Verfassung do eng nei Ausgangsbasis bitt -, wat ee soziale Fortschrëtt an domat sozial Gerechtegkeet erméiglecht an iwwert dee Wee och Fräiheet a Mënscherechter an domat och anstänneg Loun- an Aarbechtsbedingungen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Stellewäert vun de Sozialpartner an där EU-Verfassung, d'sozial Maartwirtschaft, d'Charta vun de soziale Grondrechter, d'Petitiounsrecht vun de Bierger, vun der Zivilgesellschaft, vum europäesche Gewerkschaftsbond, ënner anerem sinn dann eng Realitéit an domat och dat Kräfteverhältnis, wat ech ëmmer erëm wëll uschneiden, well et wichteg a wesentlech ass.

A mir brauchen dat Europa mat där Verfassung. Mat enger Verfassung, déi reguléiert, déi verhënnert, dass déi eng ëmmer nëmme Recht hunn an déi aner ëmmer nëmme musse streiden a kämpfe fir Recht ze kréien. Déi Verfassung, déi brauche mir awer och well si eis et erméiglecht méi soziale Fridden ze realiséieren.

Léif Frënn, hei gëtt ëmmer d'Beispill vun der Europäescher Unioun als de Kontinent vum Fridden zënter 1945 genannt. Jo, dat ass richteg, mä vergiesse mir net, dass et Weltkricher gouf, besonnesch déi lescht, déi um Ursprong déi wirtschaftlech Ausernanersetzung tëschent Groussmuechten haten an hannendru Massenaarbechtslosegkeet, Aarmut, Ausgrenzung, sozial Veraarmung, an dat gëtt Faschismus an Nationalismus, an dat musse mir verhënneren.

Soziale Fridde bedeit, Fridden, sozial Fraktur bedeit, dass et bei der Däiwel kéint eng weider Kéier goen, an d'EU kann a muss a wäert mat där Verfassung déi sozial Fraktur verhënnere kënnen, wa se geziilt agesat gëtt.

A mat där Verfassung, léif Frënn, bréngе mir et och fäerdeg, dar wëller an eesäiteger Globaliséierung ee Rigel virzeschiben an ze verhënneren, dass et ëmmer erëm op d'Käschte vu Länner a besonnesch vu Mënsche geet.

Loosse mer och éierlech sinn, déi Europäesch Verfassung stellt weder de bestehende Subsidiaritéitsprinzip zënter Maastricht tëschent de Sozialpartner a Fro, sou wéineg wéi se alles dat a Fro stellt, wat der Souverainetéit ënnerläit am Sozialberäich, am Aarbechtsrecht.

Eisen Indexsystem gëtt mat där EU-Verfassung net ofgeschaf, duerfir si mir hei responsabel. Dat ass en Engagement, dee mir hei zu Lëtzebuerg vis-à-vis vun eise Leit zu Lëtzebuerg hunn. Dat gëllt fir de Rentesystem, fir de Krankekeesesystem, fir d'TVA, fir d'Steierpolitik, d'Kollektivverträg an de Mindestloun; alles dat, wat eigentlech d'Stäerkt vum soziale Modell Lëtzebuerg ass, gëtt och duerch déi Verfassung net a Fro gestallt, mä gëtt a menger Interpretatioun net nëmme bestätegt, mä verstäerkt.

An et ass jo keen Zoufall an och kee Cadeau, dass d'Privatbeamtechamber, d'Arbeiterkammer, den OGB-L an den LCGB e Jo zur Verfassung gesot hunn, well se méi sozial Engagementer an där Verfassung do festgestallt hunn - an dat gesinn ech och esou -, an duerfir e ganz kloert Bekenntnis hei zu där Verfassung ausdrécken.

Et gëtt méi Wirtschaftsdemokratie, et gëtt méi politesch Demokratie fir vill Deeler aus dem Vollek, dat sech engagéiert an der Zivilgesellschaft, an de Gewerkschaften, mä och fir d'national Parlamenter; och dat ass hei gesot ginn. A wa mer dann och nach ophalen, fir alles Negatives ëmmer ze soen, déi Béis sëtzen zu Bréissel, an alles Positives, déi Gutt sëtzen zu Lëtzebuerg oder zu Paräis oder wou, da mengen ech géingen d'Leit méi Verständnis kréie fir dat wat Europa ass an och ka sinn, wann de politesche Wëllen dofir besteet.

Mir hunn hei, wéi all déi aner Länner, d'Diskussioun ugefaangen iwwert d'Relance vun der Lissabon-Strategie. Mir hu kloer zum Ausdrock bruecht, dass eist Parlament - an et ass jo amgaang - sech do voll engagéiert, well mer eis eiser Responsabilitéit net wëllen entzéien a well mer d'Gewerkschaften an d'Sozialpartner net wëllen eleng loossen, mä eisen Deel vu Responsabilitéit wëllen iwwerhuelen a mussen iwwerhuelen, an dat och am Zesummenhang mat der Kompetitivitéitsdebatt, mat der Währungs- a Stabilitéitsproblematik.

An der Aarbechtslosegkeet kënne mer jo net all eenzelne Chômeur der Politik vu Bréissel ukreiden. Mä och hei hu mer an der Debatt virun e puer Woche kloergestallt, dass mer eng national Responsabilitéit hunn an dass mer déi wëllen an den nächste Méint a Jore regelméisseg an der Chamber hei diskutéieren an deene Kommissiounen, déi duerfir zouständeg sinn, diskutéieren a Léisungen op eis eege Problemer fannen.

Erlaabt mer op eppes hinzeweisen, well jo ëmmer gesot gëtt: Wann déi Verfassung bis do ass, da kommen d'Ausländer alleguer op Lëtzebuerg. A mir wëssen, dass et net esou ass. Mir hunn e Règlement grand-ducal, en Accord, deen 2004 ausgehandelt ginn ass, dee seet, et gëtt Iwwergangsbestëmmungen. Et gëtt Iwwergangsbestëmmungen, déi d'Fräizügegkeet anengt. Doriwwer brauch een net onbedéngt houfrech ze sinn, dat ass eng aner Fro, mä et soll een deene Leit et soen, déi Angscht hunn, dass e Pol oder en Ukrainer oder e Lett oder ween och nach kënnt eng Aarbechtsplaz ewech huelen, dat ass bis 2007 einschliesslech net méiglech. Et ka weider erweidert ginn, wa mer d'Angscht an d'Gefill hätten, oder géinge feststellen, dass ee kënnt iwwerlaf ginn. Och dat soll een de Leit, de Mënschen an dësem Land net virenthalen. Mä et muss een d'Wourechte soen an et muss een och dat soen, wat dann effektiv an deem Europa scho geschitt, respektiv duerch déi Verfassung méi positiv ka geschéien.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et soll een och vläicht mol eng Kéier drop hiweisen, dass e räicht Land wéi Lëtzebuerg - entre guillemets - vun der Europäescher Unioun vill Milliounen Euro kritt huet, fir strukturgeschiedegt Regiounen hëllefen opzebauen, ze reorganiséieren, ze restrukturéieren. Et muss een net verstoppen, dass mer aus den europäesche Sozialfonge Millioune vu Sue kritt hunn, fir all méiglech Modeller ze begleeden an ze entwéckelen, och an dem Kampf géint d'Aarbechtslosegkeet. Mir sollten also net esou maachen, wéi wa mer ëmmer nëmme géinge bezuelen, näischt zegutt hätten, oder wéi wann Europa désinteresséiert wier un deem, wat dann awer eis Suerge sinn, respektiv d'Erausfuerderung fir eis Leit sinn. Och dat soll ee gesot hunn.

An ech wëll domat eigentlech dann awer un d'Enn komme fir net hei den Owend ze iwwerstrapazéieren, andeem ech soen, e Jo fir d'EU-Verfassung, dat ass e Jo fir Lëtzebuerg. Et ass och e Jo fir Europa. Et ass virun allem e Jo fir d'Mënschen an et ass e Jo fir d'zukünfteg Generatiounen. An dee Jo, dee mir ginn, ass d'Responsabilitéit vun eis heibannen, mä och vum Vollek dobaussen.

Et geet ëm de Stellewäert vun dësem Land an Europa an an der Welt, mä et geet virun allem drëm, dass eis jonk Mënschen, déi, déi et elo scho gëtt, an déi, déi nokommen, op eis kënnen houfrech sinn an eng Plaz an der Zukunft hunn, eng Stell, eng Plaz, eng Aarbechtsplaz, eng sozial Ofsécherung hunn. Et rentéiert sech, Jo ze soen.

Merci.

**Une voix**.- Bravo!

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Castegnaro. Zum Ofschloss vun der Debatt huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gären, elo wou et un der Regierung ass, am Numm vun därselwechter dem Rapporteur, dem Här Ben Fayot - oder Fayots Ben, wéi den Här Castegnaro seet -, Merci soe fir dee Rapport, deen excellente mëndleche sou, wéi schrëftlechen, deen e virgeluecht huet, a fir dee Liewenswee, deen et méiglech gemaach huet, dass en sech esou zu deene Froe konnt äusseren, wéi en et hei gemaach huet. Och Rapporten zu wichtege Saachen entstinn net aus dem Näischt. Mir fannen hir Wuerzelen an Iwwerzeegungen, a beim Ben Fayot sinn dat déif Wuerzelen an där, déi laang gewuess sinn, an dofir war dat gutt nozelauschteren an och gutt gesot.

Déi Debatt, déi duerno stattfonnt huet, war och gutt, well mer ee Feeler net gemaach hunn heibannen. Éischtens hu mer net ze vill mat deene gestridden, déi net hei sinn. Déi wollte jo och net, dass géif mat e gestridde ginn. Dofir si se net heihinner komm. Da solle mer och net mat e streiden, wa se net hei sinn.

***(Hilarité)***

An dat Zweet ass, dass net probéiert ginn ass, där Europäescher Verfassung Dugenden, Mériten, Avantagen unzedichten, déi den Europäesche Verfassungsvertrag, wéi all politeschen Entworf vu Mënschen, ganz einfach net kann hunn.

Ech sinn dergéint, dass een dee Verfassungsvertrag a Grond a Buedem stampft a verdäiwelt. Ech sinn och dergéint, dass een esou mécht, wéi wann duerch eng wonnersam europäesch Awierkung, am Fall wou dee Verfassungsvertrag eng Kéier a Kraaft trëtt, all Problemer, déi mer an Europa hunn, oder déi mer heiheem begéinen, géifen eng Léisung fannen. Esou ass et net. Wann et esou einfach wier, wieren anerer virun eis jo op d'Iddi komm, fir Problemer vun de Mënschen duerch Aufsätz ze léisen. Mir wëssen, dass ee Problemer vun de Mënschen doduerch léist, dass een, ass den Aufsaz bis gutt geschriwwen, probéiert deemselwechte Been ze ginn, fir dass en an déi richteg Richtung lafe kann.

An et ass och däitlech ginn an där Debatt, wéi och schonn a Gespréicher, déi virdru stattfonnt hunn, wouriwwer et den 10. Juli, wann d'Lëtzebuerger, wéi ech fannen, en historesche Rendez-vous mat sech selwer hunn a mat aneren, wourëms et net geet. Et geet net



drëm, elo nodréiglech Neen ze soen zu eppes, wat scho geschitt ass.

Ech weess aus ville Gespréicher, onendlech ville Gespréicher, dass d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun no Ost- a Mëtteleuropa - vu Malta a vun Zypern schwätzt erstaunlecherweis keen; mir sollen eis mol froen, wisou eigentlech net - een Thema ass, dat d'Leit net lassléisst.

Et muss een nach eng Kéier hei soen, dass et zu där Erweiderung no Ost- a Mëtteleuropa keng valabel alternativ Optioun ginn huet. Hätt et se ginn, hätten Eenzelner se jo formuléiert, an no där Nobiederei anerer ofgeholl, fir ze soen, dass et een anere Wee géif gi wéi dee vun der Erweiderung, respektiv vum Bäitrëtt.

D'Mënschen an Ost- a Mëtteleuropa wollten dat hunn, nodeem se de Kommunismus ewechgehäit hunn, ënner Ëmstänn, déi mer jo vergiess hunn. Dat ware jo déi kleng Leit, déi dat gemaach hunn. Dat waren net d'Eliten. Well d'Eliten hu sech am Regelfall arrangéiert, mat deem System a mat deem Regime, deen do war. Dat waren déi Leit, déi ausgespäert ware vu wiesentleche Liewensleef, déi se hätte kënne goen, wa se net den Zougank zu deeneselwechte verspäert kritt hätten, a si hunn dat séier dacks ënner Asaz vun hirem Liewe gemaach, an deene kruziale Momenter.

An dann ass et net un deenen, déi an der Sonn grouss gi sinn, an der Sonn vun der Fräiheet an och an der Sonn vum Marshall-Plang, vun deem déi Länner duerch de sowjetesche Wëllen ausgespäert gi waren, fir ze soen: Bekëmmert lech ëm Är Saachen a mir bekëmmeren eis ëm eis Saachen.

Wann een d'Geschicht kuckt, duerchtréppelt, heiansdo Halt mécht op deene wichtege Kéieren - Schwänk, déi se hëlt - kritt se heiansdo Sënn. Et mierkt een et just net ëmmer direkt. Et kann een zu sengem gréisste Benefiss eng Ried vum Churchill noliesen - iwwregens net déi berühmten Züricher Ried vun 1946, déi och scho villes richteg gesinn hat, well si seet, dass déi grouss an déi kleng Länner missten a gläicher Dignitéit an Europa matenee schaffen - dat war richteg gesinn - an déi gläichzäiteg seet, England bräicht sech un där Übung net ze bedeelegen. Dat war selten esou aktuell wéi haut.

***(Hilarité)***

Den Churchill war e grousse Mann, an dat weist virun allem - an net all seng Nofolger passen an d'Kategorie -…

***(Hilarité)***

Den Churchill huet…

Ech schwätzen net onbedéngt vun dem aktuellen Amtsinhaber. Et ass der jo nach virdru ginn. Et ass jo net direkt vum Churchill bei de Blair komm. Et war nach eppes derzwëschent.

***(Hilarité)***

Wéi d'paneuropäesch Bewegung sech 1947 zu Den Haag getraff huet, fir déi éischte Kongress vum europäesche Mouvement ze maachen - deen alen Adenauer war dobäi, dee jonke Mitterrand war dobäi, Philosophen, Gewerkschaftler aus allen europäesche Länner, souwäit se hunn däerfe reesen, waren dobäi -, huet deemools den Churchill gesot, wéi et ëm d'Grënnung vun Europarot gaangen ass, deem seng Wichtegkeet och hei am Haus allze dacks net richteg gesi gëtt, well en huet villes méiglech gemaach, wat duerno geschitt ass, en huet deemools gesot: „Mir fänken haut am Westen un, wat mer enges Dags am Osten op een Enn féieren."

1947! Wéi vill verlueren Zäit, a wéi vill Jorzéngten Trennung, onnéideg Trennung bis mer do waren, wou den Churchill, den Adenauer, dee klenge Mitterrand vun deemools eigentlech jo gären an de 50er Joren hikomm wieren! Alles wier besser ginn an Europa, wa mer déi 60 Joer net gehat hätten, déi 60 Joer vun der Trennung waren.

An doriwwer sech ze bekloen, ass een ahistoreschen Akt, ass vergiessen, wat fir Lähmungserscheinungen dass dëse Kontinent kannt huet duerch de Kale Krich, wéi vill Angscht - d'Leit vun haut hunn Angscht virun alle méiglechе Saachen - wéi vill Angscht Generatioune vun Europäer haten, well d'Rakéiten openee geriicht waren.

Dofir muss ee bei alle Bedenken am Detail zu deem europäesche Wierk vun der Erweiderung stoen, well se huet de Kontinent méi stabil gemaach, si huet de Kontinent méi sécher gemaach a si huet och d'Fräiheet, déi vill jonk Demokratien an Europa fonnt hunn, méi definitiv gemaach, well do gëtt et keen Zréck.

1989 waren der vill, och hei am Haus iwwregens, déi fonnt hunn, nodeem de Kommunismus elo fort wier, wier jo alles an der Rei an de Kapitalismus hätt gewonn. Déi Lektür vun där Zäsur an der europäescher Geschicht ass natierlech enorm falsch, well och de Kapitalismus, dee scheinbar triumphéiert huet deemools, ass jo keen ideale Gesellschaftssystem, näischt wat ee mat aller Kraaft wëllt, do wou en net geregelt ass, do wou en net bornéiert ass, do wou en net och Plaz léisst fir Hoffnungen, deen ee soll bëtonéieren.

Eigentlech hunn déi gewonn, déi ëmmer scho fir den drëtten Wee waren, an dat sinn der vill, an déi verdeelen sech op ënnerschiddlech politesch Sensibilitéiten.

Dofir soll een och elo net esou maachen, wéi wann no der Erweiderung an no dem Fall vun der Berliner Mauer, géint där hire Réck Europa dat europäescht Haus gebaut war - an dofir huet et musse stabiliséiert ginn, wéi dee Réck vun der Berliner Mauer ewech war -, wéi wann no dem Ewechfale vum Kommunismus an no der Erweiderung no Ost- a Mëtteleuropa elo een ongebremste Kapitalismus, dee mat ongebremstem Schaum iwwer eis Länner géif hierfueren, einfach géif duerchgewénkt ginn, wéi wa mer deem géife frenetesch applaudéieren, wann e géif kommen. Dat ass jo net dat, wat mir gären hätten. Et ass net dat, wourunner mer gleewen.

Dofir ass deen Europäesche Verfassungsvertrag besonnesch wäertvoll do, wou e sech net ouni Nuancen, net ouni Aschränkungen

aussprécht fir dat, wat ee Wirtschaftsliberalismus nennt - woubäi et mer ëmmer Leed deet fir déi Liberal, dass se mat däraarteg brutalen Deskriptiounen, zumindest semantesch an der Melodie no, an Zusammenhang bruecht ginn.

Et ass jo net dee Liberalismus, deen heibanne vertruede gëtt, dee mer domat mengen, wa mer vu Wirtschaftsliberalismus schwätzen. Dee kritt jiddefalls net seng Titres de noblesse an dëser Verfassung. An dësem Verfassungsvertrag gëtt en ënnert déi norméierend Gewalt vum politeschen Afloss gestallt, an et gehéiert zur Éier vun eisem Kontinent, dass dat eng gedeelte Gewalt ass tëscht Nationalstaten an deenen no Europa transferéierte Souveränitéitsattributer. Den Nationalstat eleng, dee fir sech a fir seng Noperen norméiert, dee féiert zum Géigendeel vun deem, wat mer haut als Europäesch Unioun kennen.

Et ass weltwäit keen anert Beispill ze gesinn, wou aus fräier Entscheedung Parlamenter a Regierungen, Länner a Leit Attributiounen, déi se hunn, mat aneren deelen, fir dass déi Attributiounen, déi, hätten se se eleng, zu geféierlechen Entwécklunge géife féieren oder awer sech - wéi dat an eisem Fall wier - als total onwierksam géifen erausstellen, zum Droe kommen.

Dofir ass et, dass déi Souverainisten de gauche et de droite, déi sech elo hei zu Lëtzebuerg och ongenéiert zu deene Virgäng do äusseren, dat virdrun ni gemaach hunn, ni! Souguer d'Extrême droite zu Lëtzebuerg huet sech genéiert géint Europa ze schwätzen.

Elo ass eng nei Tonalitéit souwuel an Europa wéi och heiheem an d'Debatt komm. Et genéiert een sech net méi fir eigentlech haart ze soen, wat een ëmmer scho lues geduecht huet.

Ech hoffen, dass iergendwou op iergendenger Uni, soufern déi, déi do schaffen, des Lëtzebuergesche mächteg sinn, eng Kéier ee sech amëséiert - an et ass keen Amusement -, fir mol alleguer déi xenophob Zwëschenzongeschléi ze relevéieren, déi an dëser Debatt bis elo hei am Land vun eenzelnen Unhänger vu bestëmmtenen Doctrinë gefouert gi sinn. Dat war heiansdo séier erschreckend, souwuel zu Lëtzebuerg wéi iwwregens och an eisem grousse westlechen Nopeschland, wou een dees och heiansdo héieren huet.

Tëschent der Erweiderung an dem Akraafttriede vum Verfassungsvertrag - wann dat op ee gutt Enn ka bruecht ginn - geschitt näischt vun all deene Risiken, déi hei an der Debatt, net heibanne mä dobaussen, beschriwwe gi sinn, an duerno och net.

Ech kréie vill Bréiwer, där enger an och där anerer. Et ass konjunkturell séier ënnerschiddlech gefierft, an do sinn der vill dobäi vu Leit, déi Suergen hunn, ech menge souguer éierlech Suergen hunn. Et mierkt een um Toun, wéi een ugeschriwwe gëtt, ob dat éierlech Suerge sinn oder ob dat eng aner Motivatioun huet.

An et gëtt einfach vill Leit, déi liewen an där Virstellung, wéi wann elo duerch déi Verfassungsdebatt an duerch déi Realitéit, déi mer haut an Europa hunn, honnertdausenden, wann net Millioune vu Leit aus Ost- a Mëtteleuropa géifen heihinner kommen, de Leit hei d'Aarbecht ewechhuelen, de mëttelstännege Betriber d'Existenzgrondlage géife klauen a groussen Duerjerneen hei maache géifen.

A vill, déi fir den Neen ënnerwee sinn, schüren déi Angscht, mat enger gewëssener Dosis Perfidie - muss ech soen. Well déi Meescht vun hinnen intelligent Mënsche sinn, gleewen ech jo net, dass se dat gleewen, wat se déi aner Leit wëlle gleewen dinn. A fir esou ze maachen, wéi wann elo mar einfach ee Bus voll polnesch Aarbechter, voll tschechesch Aarbechter, voll slowakesch Aarbechter hei géif zu Lëtzebuerg débarquéieren, an déi géife fir zwee Euro d'Stonn hei an iergendengem Betrib kënnen agestallt ginn, oder géifen hiren eegene Betrib hei grënnen, a géifen sech ouni un eng Handelsgenehmegung ze halen, ouni sech un déi mëttelstänneg verfeinert Regelen, wat den Etablissement ubelaangt, brauchen ze halen - dat ass eng Virstellung, déi einfach béisaarteg ass. Dat ass gemaach, fir de Leit Angscht ze maachen!

Ech sinn dofir, dass een an der Politik de Leit d'Wouerecht seet, mä ech sinn awer dergéint, dass ee fir d'Zoustëmmung vun de Leit ze kréien, de Leit Geschichten erzielt, fir se fäerten ze dinn a fir déi Angschtgefiller, déi se hunn, nach wesentlech ze verstäerken. Et ass am héchste Mooss irresponsabel. Dat ass onmoralesch fir de Leit Angscht ze maachen. Et mécht een de Leit keng Angscht, wa keng Ursaach dofir do ass, dass se Angscht sollen hunn.

An dofir muss een de Leit hei am Land däitlech soen, dass dat, wat do geschitt a wat do gesot gëtt, esou net geschitt an esou och net däerf gesot kënne ginn. Et kënnt hei op Lëtzebuerg weder no der Erweiderung nach no Akraafttriede vun der Verfassung ee polneschen Aarbechter schaffen ënnert dem Mindestloun, ënnert den Tarifléin zu Lëtzebuerg. An et ka keen hei e Betrib opmaachen, dee sech net un d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht an un d'Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung hält. Dat geet einfach net.

Dat geet hei am Land net! An ech géif dach d'Lëtzebuerger bieden, déi soss jo - wat ech gutt fannen - kritesch si géint Aflossmoossnamen, déi am Ausland gestart ginn, fir d'Denken hei am Land ze forméieren, dach bieden net alles ze gleewen, wat op der däitscher Televisioun gesot gëtt, fir vun aneren Televisiounen, mä dat ass fir eng aner Kéier, net ze schwätzen.

***(Hilarité)***

Wann an Däitschland gesot gëtt, dass polnesch Aarbechter fir dräi Euro d'Stonn zu Potsdam an engem Schluechthaus schaffen an honnerten ostdäitsch Aarbechter doduerch effektiv hir Aarbecht verluer hunn, dann ass dat richteg. Mä et ass falsch fir ze mengen, dat wier och zu Lëtzebuerg richteg an et wier hei méiglech!

Wann den däitsche Gesetzgeber, deen dichtegen, dat gemaach hätt, wat mir hei am Land gemaach hunn, 1994 fir d'éischt, 2002 fir d'zweet, nämlech kloerzestellen, dass d'Lëtzebuerger Aarbechtsrecht territorial ugewannt gëtt, dass jiddfereen, deen zu Lëtzebuerg schafft oder e Betrib opmécht, sech muss un d'Lëtzebuerger Gesetz halen, un de Lëtzebuerger Mindestloun, un d'Lëtzebuerger Tarifléin, da wier dat an Däitschland net geschitt! Da bräichten se a Frankräich keng Debatten driwwer ze féieren, dass de polnesche Klempner, de Plombier polonais - deen iwwregens mat enger Clef française schafft, dat nëmmen niewelaanscht erwähnt -,…

***(Hilarité)***

…dass deen de Leit géif d'Aarbecht ewechhuelen.

Hei am Land geet dat net, well mir hei am Land et fäerdeg bruecht hunn, eng mustergülteg Sozialgesetzgebung ze hunn, entstan duerch laang Jore vu sozialem Dialog an duerch laang Debatten hei am Parlament. Duerfir géif ech häerzlech drëm bieden, net alles, wat an Däitschland an a Frankräich als real existéierend Gefor ka beschriwwe ginn, als effektiv Geforemomenter fir Lëtzebuerg ze begräifen.

Mir hunn eis besser geschützt, net en vue vun deem Elargissement, wéi anerer, mä well mer ëmmer eng Rei vu Prinzipien hei am Land zur Uwendung bruecht hunn. An ee vun de Prinzipien ass, dass egal wien hei am Land schafft, deen dat nëmme kann zu engem gerechte Loun maachen, an dass ee fir déiselwecht Aarbecht ëmmer muss mindestens deeselwechte Loun kréien. Dat ass ee konstante Prinzip vu Lëtzebuerger Aarbechtsrechtsgesetzgebung a vu Lëtzebuerger Sozialgesetzgebung.

Dat hu mir gemaach, an dee Verfassungsvertrag, kënnt en, ännert dat net ëm ee Millimeter. Dat bleift esou. An déi, déi esou maachen, wéi wann duerch dee Verfassungsvertrag d'sozial Wüste zu Lëtzebuerg géif entstoen, verkennen total d'Rechtslag, déi mer hei am Land hunn, an och de politesche Wëlle vun der Regierung a vu villen aneren, fir duerfir ze suergen, dass dat dobäi bleift. An duerfir ass doriwwer net ofzestëmmen.

Mir hunn all gesetzlech Arsenalinstrumenter, déi mer brauchen, fir net an déi Situatioun ze kommen an där, opgrond vun der Verfehlung vun där do nationaler Politik, Däitschland a Frankräich no dem Elargissement eragerode sinn. Duerfir brauche mer doriwwer net ofzestëmmen, mir solle just soen, et ass gutt esou bei eis wéi et ass, a wëssen et ännert sech och net duerch dee Verfassungsvertrag.

Well ech bei der Erweiderung war: Ech weess, dass et enorm vill Leit gëtt, déi Problemer hu mat der Erweiderung a Richtung Türkei. Dat ass jo een Thema un dat ech mech ëmmer extrem virsiichteg eruwoen, well ech sinn op d'mannst an dräi grousse lëtzebuergeschen Dageszeitunge kritiséiert ginn 1997, well ech deen Eenzege war, dee sech dergéint gewiert huet, wéi mer Presidentschaft haten 1997, dass d'Türkei géif de Kandidatestatus kréien.

Dunn ass mer gesot ginn, dat wier net diplomatesch gewiescht, déi Zukunftshelden, déi wäitbléckend, déi dat geschriwwen hunn, déiselwecht, déi haut soen, mir hätten de Leit dat ni richteg erkläert mat der Türkei. Ech hat et probéiert. Et huet just kee mer gehollef hei am Land, wéi mer dat probéiert hunn.

Ech wëll zu där Saach soen, dat ass awer eng Debatt fir sech, dass déi Erweiderung, falls se géif kommen, selbstverständlech net eng Erweiderung ass, déi am Galopp kënnt, déi och weder historesch, nach sachlech, nach vun den eigentleche Befundelementer hier déiselwecht Ingrédienten huet, déiselwecht Komponenten huet, wéi déi Erweiderung, déi mer elo hannert eis hunn. Dat sinn zwee grondverschidden Themen. Déi Verhandlunge ginn ergebnisoffen gefouert, wéi de Conseil européen am Dezember 2004 festgestallt huet.

Dat heescht, dass déi kënnen no enger laanger Zäit zur Memberschaft féieren, mä dass déi ënnerwee awer och, wann d'Türken a wa mir mierken, dass déi Vollmemberschaft net geet - ech mengen dat mierke mer och enges Dags, aus enger Rei vu Grënn -, an een anert Verhältnis besonnescher Natur agewise ginn, déi Relatiounen tëscht Europa an der Türkei, wat eppes ass tëscht Associatioun an der Vollmemberschaft.

Fir esou ze maachen, wéi wann een dësem Verfassungsvertrag géif seng Zoustëmmung ginn, gläichzäiteg definitiv décidéiere géif, elo géif d'Türkei sofort, noch gestern Member vun der Europäescher Unioun ginn, ass eng total Verkennung vun der eigentlecher Situatioun, wéi se sech presentéiert, a vum eigentleche Kalenner, wéi en opläit. Dee Kalenner huet iwwregens zur Folleg, dass muer d'Kommissioun d'Verhandlungsmandat tëscht der Europäescher Unioun an der Türkei bekannt mécht, wou am Detail beschriwwe gëtt, wat fir Elementer an deene Verhandlungen ze berücksichtege sinn.

Ech géif d'Leit alt scho prophylaktesch an antizipativ bieden, net ze mengen, wa se dat muer de Moie sommaresch duergestallt kréien, muer den Owend plutôt, dass elo eng nei Etapp a Richtung méi séier Erweiderung a Richtung Türkei geschitt. Dat ass een normale Prozess, an dee Verhandlungsmandat, deen och nach eestëmmeg muss vun deene 25 Ausseministeren ugeholl ginn, dat ass keen Ticket fir séier a Richtung Erweiderung ze starten, mä dat ass de Katalog vun all deene Punkten, déi an deenen Erweiderungsverhandlunge musse berücksichtegt ginn.

Déi, déi Zweifel hunn iwwert déi richteg Artikulatioun vun där Grondrechtcharta, mussen zouginn, wa se se am Detail liesen, dass, wann déi Charta verbindlech bis erkläert ginn ass duerch d'Akraafttriede vun deem Verfassungsvertrag, déi Hürden, déi d'Türkei muss huelen, fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn, selbstverständlech méi héich sinn, wéi se dat haut wieren. Dat war net d'Ursaach, et soll keen esou maachen, ech hunn dat heiansdo an der franséischer Debatt esou héieren, dass dat elo extra gemaach gi wier an der Perspektiv vu Bäitrëttsverhandlunge mat der Türkei. Mä d'objektiivt Produkt dovun ass awer, dass d'Türkei wesentlech méi héich muss sprangen a méi e laangen Ulaf muss huelen, wa se wëllt deene Konditioune gerecht ginn.

Mir stëmmen also net of iwwert den Elargissement, zu deem et keng Auditioun ginn ass, mir stëmmen net of iwwert de Bäitrëtt vun der Türkei, mir stëmmen net of iwwer eng Verännerung vun der Soziallandschaft zu Lëtzebuerg. Déi muss hir Upassunge maachen, am Kader vun deene Gesamtiwwerleeungen, déi ëmmer ze féiere sinn, wann et ëm d'Sozial- an ëm d'Wirtschafts- an ëm d'Fiskalpolitik geet. Si kritt keen Optrag duerch europäesch Verfassungsgebung, fir sech widdernatierleche Verwerfungen hinzeginn. Et ass eng Angscht, déi een net brauch ze hunn, an duerfir soll och keen déi Angscht schüren.

Et gëtt awer nach iwwer eppes net ofgestëmmt, dat ass iwwert de Statsminister. Éischtens net iwwert dat, wat deen an der Vergaangenheet emol gesot huet - well ech hunn elo observéiert, souwuel an de Wuertmeldunge vun enger Fraktioun, déi sech hei a ganzer Fraktiounsstäerkt emol net zu engem Fënneftel wollt weisen,…

***(Hilarité)***

…wéi och an eenzelne Kommentaren op eenzelne Medien zu Lëtzebuerg, déi jo net manner politesch si wéi déi, déi hei am Haus gemaach ginn. Et gëtt ëmmer gesot: Firwat ass dee Statsminister elo op eemol fir ee Vertrag, vun deem e gesot huet, et wier eng Dunkelkammer? Ech wëll just, esou vill autobiographesche Petting musst Der mir hei duerchloossen,…

***(Hilarité)***

…soen, dass ech dat net iwwert de Vertrag gesot hat, „Dunkelkammer", mä iwwert de Konvent. Wärend op eenzelne Radioe monter gesot gëtt, ech hätt dat iwwert de Vertrag gesot. Firwat soll een op den Detail oppassen, wann et mam Graffen och geet?

An dee sech am meeschten deemools driwwer opgereegt hat, nieft dem Här Fayot, dee sech ëmmer opreegt, wann ech esou meng Saache soen, dat war den Här Gibéryen. Also déi reegen sech awer selten iwwert datselwecht op!

***(Hilarité)***

Mä den Här Gibéryen war déck zefridde mat dem Resultat vum Verfassungskonvent. Well en hat jo och ënnerschriwwen,…

**Une voix**.- Très bien.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État*.- …obschonn zwee Texter zur Ënnerschrëft oplouchen. Ee wou drastoung, mir hätte gären eng Europäesch Constitutioun, an ee wou drastoung, mir brauche keng Europäesch Constitutioun. Esou vill Blieder louchen net do, et waren der nëmmen zwee. Et konnt ee sech net ieren. „Jo" oder „Neen" war et do, an den Här Gibéryen huet bei Jo ënnerschriwwen. Duerfir verstinn ech net, firwat dass en haut Nee see. Ech hätt en dat haut gäre gefrot, mä en ass net do. Dir verstitt elo vläicht besser, firwat dass en net do ass.

Ech hat de Verfassungskonvent kritiséiert, well ech gesot hunn, deen hätt deelweis am Däischtere geschafft. Ech hat dem „Spiegel" eppes gesot, wat den Här Fayot dem „Tageblatt" dräi Méint virdru gesot hat, ier en den Duerchbléck hat. A mir waren eis an der Fundamentalanalys jo och eens.

Den drëtten Deel, deen hei dauernd kritiséiert gëtt, dat war deen Deel, dee gemengt war mat der Dunkelkammer. Déi Tatsaach, dass Lëtzebuerg fënnef Deputéierten hat am Verfassungskonvent, anstatt wéi herno an der Regierungskonferenz sechs, dat war deen Deel, dee gemengt war. Déi méi genee Prezisioun vun den Aufgaben vum ze wielende President vum Europäesche Rot, wourunner de Konvent vill geschafft hat, par rapport zu den initialen Iddie vum Här Giscard d'Estaing, huet dee richtegen Ustrach an der Regierungskonferenz kritt, gradewéi d'Recht, d'Presidentschaft auszeüben, total am Däischtere gelooss vum Konvent, eréischt eng richteg Beliichtung kritt huet an der Regierungskonferenz.

An déi Deeler, déi do critiquabel waren, dat waren net nëmmen Deeler, déi vum Statsminister kritiséiert gi sinn, mä och vun de Kolleege kritiséiert gi si während den Aarbechte vum Konvent an am Konvent, wou déi supplementar Demanden ëmmer gestallt gi sinn. Sou dass ee muss en Ënnerscheed maachen tëschent Deeler vum Konventsresultat an dem Endprodukt vun der Regierungskonferenz, dee mer elo Verfassungsvertrag nennen.

An déi zweet Saach, ech weess, dass eigentlech méi Leit, wéi et misst sinn, queesch mat mir sinn, well ech gesot hunn, ech géif zréckttrieden, wann d'Lëtzebuerger dee Verfassungsvertrag hei net géife ratifizéieren. Bon, ech sinn elo schonn eng gewëssen Zäit an der Politik, 22 Joer, mengen ech, an der Regierung, dovun zéng Joer Statsminister. Ech hunn zwar héieren, dass de Radio gemellt huet, meng Popularitéit wier no 10 Joer ëm 3% agesackt fir op 89 erofzestiezeren.

***(Hilarité)***

Dat vergläicht sech gutt mat de Resultater vu menge Kolleegen hei ronderëm, also net hei an der Chamber, mä an deenen anere Länner. Stellt Iech mol vir, den Här Chirac géif gesot kréien, en hätt 89% Zoustëmmung…

***(Hilarité)***

…, da géif souguer vläicht d'„Tageblatt" an aner Objektiver kommentéieren a soen, dat wier erstaunlech no esou enger laanger Zäit.

Mä onofhängeg dovu sinn ech laang an der Politik an d'Saach ass esou. Ech hu mer ëmmer Méi ginn, wann ech eng Fro gestallt kritt hunn, dat ze soen, wat ech gemengt hunn. An ech hunn dat och ëmmer gesot. Ech hunn d'Leit nach ni ugeschmiert. Dat hunn ech och virun engem Joer an engem aneren Zesummenhang, awer an engem ähnlechen, bewisen.

Dunn hunn ech am Dezember, am Wëssen drëm, dass dat alles géif knapps ginn hei am Land, gesot: „Jo, wann dat esou ass, da kann ech dat net méi maachen." Well ech et och net kéint, Lëtzebuerg adequat, convenabel an esou wéi d'Leit et verdéngen ze vertrieden, wann d'Lëtzebuerger Nee gesot hätten an engem essentielle Mo-

ment vun der europäescher Geschicht. Eisen Afloss zu Bréissel wier null, wa mir dat maachen. An ech hunn alt geduecht - dat hunn ech mer awer eréischt herno geduecht, nodeem ech spontan geäntwert hat, well ech äntwere jo spontan, well ech wëll jo dat soe wat mir esou duerch de Kapp geet -, et ass jo besser du sees de Leit dat virdrun, wéi dass d'Leit herno rose mat dir ginn, wann s de den 11. Juli aus dem Palais kënns a sees: Sou dat do war et dann.

Ech hätt et awer net däerfe soen. Ech hätt et net däerfe soen. Et ass net ëmmer gutt, fir dat ze soen, vun deem ee mengt, dass d'Leit d'Recht hätten et ze wëssen, wann een net gläichzäiteg sech Rechenschaft doriwwer gëtt, dass d'Leit dat komplett falsch herno kënnen interpretéieren. An duerfir deet et mir Leed, net datt ech et gesot hunn, well ech hunn dat gesot, wat ech mengen, mä et deet mer Leed, dass dat ee Moment laang d'Debatt an eng Richtung gedriwwen huet, wou se manifestement net higehéiert huet. Ech wollt dat hei soen an och deene Leit soen, déi dat net gutt verstanen hunn.

***(Applaudissements)***

Ech hunn de leschten Daaschdeg - wéi se beim Marie-Josée Jacobs doheem soen - hei erklæert, firwat dass ech mengen…

**Une voix**.- D'selwecht wéi zu Stengefort.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Zu Stengefort och, well dat ass och un der Grenz.

***(Hilarité)***

…, dass ee soll zu där Verfassung Jo soen. Ech wëll d'Haus hei net nach eng Kéier mat engem Aufsatz ophalen, firwat dass ech dat mengen an et hunn esou vill excellent Kolleegen hei, och aus hiren ënnerschiddleche berufflechen Erfahrungen, eng fréier Ausseministesch, eng fréier Statssekretärin am Ausseministère, fréier Ministeren, bref, an där, déi et enges Dags ginn, wat awer viraussetzt, Här Huss, dass ee sech un d'Verfassung hält, dat ass en elementare Prinzip fir dohinner ze kommen, well do ginn ech…

***(Interruption)***

Wat gelift?

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Wollt ech dat ginn?

***(Hilarité)***

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Majo neen, mä d'Madame Flesch, déi hei laang Jore Fraktiounspresident an der Oppositioun war, dofir weess ech, dass si näischt besser kennt, wéi d'Reglement a wéi d'Verfassung, huet lech den Artikel 50 vun der Verfassung virgeluecht an do steet dran, dass ee keng Befehler vu bausse soll unhuelen, Parteistatuten zielen net an der Chamber. Déi zielen net hei.

Hei geet et ëm ganz aner Saachen, wéi engem Kongressbeschluss vun deene Gréngе Folleg ze leeschten. Mä dat ass eng aner Saach, doriwwer streide mer net. Ech hunn lech awer ganz gär, well ech zielen lech zu deenen, déi Nee soen, net aus berechnenden, falsch opgewéckelte Grënn. Ech soen net, dass dat een europäeschen Neen ass, et ass op jidde Fall keen nationalisteschen; dofir wëll ech eigentlech guer net mat lech streiden. Mir hunn nach, wéi ech hoffen, jorelaang genuch Zäit fir dat ze maachen.

***(Hilarité)***

All déi Grënn si genannt ginn. Ech wëll der zwee, dräi nach nennen, déi nach net genuch beliicht gi sinn. Wat ech essentiell fanne fir e klengt Land ass, dass deen Europäesche Verfassungsvertrag, déi europäesch Kompetenzuerdnung ganz kloerstellt, dass staark Allusiounen, och vum Här Goerens, dorop gemaach ginn. Mir wëssen, wann dee Verfassungsvertrag a Kraaft ass, dass mer eng Debatt net méi brauchen ze hunn an dat ass déi Debatt iwwert d'Kompetenzkompetenz, wou d'Europäesch Unioun sech selwer Kompetenze gëtt, déi se laut Souveränitéitsiwwerdroungsvertrag net huet. Elo wësse mer, dofir ass Europa zoustänneg, dofir ass ee Land zoustänneg. Dat halen ech fir wesentlech, well domat sinn d'national Souveränitéite respektéiert, domat sinn och déi national Identitéite respektéiert an domat sinn och déi national institutionell Strukture vun de Memberstate respektéiert.

Et geet awer net duer, dass dat an deem Verfassungsvertrag steet, dat muss och d'Kommissioun - iwwert déi ech mech selte kritesch äusseren, well ech et einfach gutt fanne wann ee sech net ëmmer kritesch zur Kommissioun äussert, well soss wier ee laang amgaangen - mat Inhalt erfëllen, an déi muss einfach wëssen, dass et nieft dem Prinzip vun der Subsidiaritéit och de Prinzip vun der Proportionalitéit gëtt, deen am Verfassungsvertrag awer och geregelt ass, well do elo erstmaleg gesot gëtt, Är „Bréisseler Regelungen", Är europäesch Regelungen däerfen net ze wäit an den Detail goen.

Et géif munchem Kommissär gutt doen, wann e lassgeet zu Bréissel, ech wëll soe wa seng Generaldirekteren onkontrolléiert lassginn, sech virzestellen, dass de Buergermeeschter vu Biekerech besser weess, wat gutt ass fir seng Leit a fir seng Landschaft a fir seng Zoustänn an Ëmstänn a senger Gemeng, wéi e Kommissär zu Bréissel. D'Kommissioun muss léieren, dass dee Programmrausch, déi Reguléierungswut am Detail, déi een do heiansdo feststellt, eppes ass, wat der europäescher Iddi schuet an net déi europäesch Iddi virubréngt.

An dofir ass et och um Parlament, un dësem Parlament, dat jo nei Rechter kritt duerch den Europäesche Verfassungsvertrag, well d'Parlamenter kënnen Asproch erhiewe géint d'Direktiven, falls se der Subsidiaritéit net entspriechen oder wa se der Proportionalitéit net entspriechen, wa se d'Reguléierungswut ze wäit dreiwen, fir drop ze uechten, dass do mat der Heckeschéier heiansdo laanscht déi iwwergräifend Kompetenzgrossmannssucht vun eenzelne Leit an där Bréisseler Kommissioun virgaange gëtt.

Ech gehéieren net zu deenen, déi d'Kommissioun systematesch kritiséieren, éischter zu deenen, déi se systematesch verdeedegen. Et muss een einfach wëssen, wat net gutt ass ass net gutt, a wat net gutt ass ass schlecht, a wat schlecht ass soll opgehale ginn, well mir riskéieren alleguer Problemer ze kréien.

Wat ech gutt un deem Verfassungsvertrag fannen, dat ass eppes, wat awer nu wierklech, mengen ech, net gesot ginn ass an dat ass, dass een och senger Wee ka goen, wann et engem net méi gefält. Dat halen ech fir een aussergewéinleche Réckgewënn vun nationaler Souveränitéit, dass een net definitiv agespäert ass an där Europäescher Unioun. A wann et engem ze waarm op de Kuele gëtt, da kann ee sech hiewen a goen, no e bësse komplizéierte Prozeduren, mä jiddferee muss wëssen, en ass net méi op onendlech Zäit, well de Vertrag huet jo keng zäitlech Begrenzung, wéi den Här Fayot et gutt duergestallt huet, agespäert an eppes aus deem ee léiwer eraus wier well ee sech doranner net méi wuel spiert.

Ech fannen et gutt, dass dee Verfassungsvertrag en fait nëmmen 114 Artikelen huet. Deen éischten an deen zweeten Deel, dat ass dat, wat wierklech d'Bezeechnung „Europäesch Verfassung" verdéngt, an déi ass net méi grouss an net méi laang, net méi komplizéiert an net manner an net méi subtil, wéi national Verfassungen och. Dat ass wat Europa ass, wat do an deenen 114 Artikele vun dem éischten an dem zweeten Deel steet.

En drëtten Deel, iwwert dee mer zu puer net frou waren - och Membere vum Konvent waren net frou, dass deen op eemol do mat dra koum -, ass u sech soss näischt, wéi de Versuch eppes, wat total illisibel war, méi lisibel ze maachen - obschonn ech mat der Madame Flesch d'accord sinn, datt et largement illisibel bliwwen ass.

Mä mir hate fënnef Verträg, mat deene mer geschafft hunn, plus nach dräi klenger, wann ech de Fusiounsvertrag an ähnlech Instrumenter dobäihuelen. Jiddferee weess dach, dee praktesch mat Europa ze dinn hat, wat dat fir e bibliothekareschen Opwand all Kéier bedeit huet fir ze wëssen, a wat fir engem Vertrag dass ee wier a wat déi Verträg géife soen a wéi kompatibel dass déi Dispositiounen tëscht den eenzelnen Verträg wieren. An et ass gutt, dass mer elo nëmme méi ee Vertrag hunn, dass mer eng gewësse Beschränkung hunn, an zwar eng zolidd Beschränkung vun den Décisiounsmechanismen an der Europäescher Unioun.

An et ass gutt, dass mer deenen dräi Pilierë lass sinn: Europäesch Gemeinschaft, Aussen- a Sécherheetspolitik, drëtten Deel, Justice an Affaires Intérieures, déi mer mol op Lëtzebuergesch ni iwwersat kritt hunn, déi JAI. Wéi vill Leit verstinn eigentlech, wa mer vu JAI schwätzen? Mir brauchen net méi vu JAI ze schwätzen, well de JAI ass fort. Vermësst een en? Neen. Et wosst keen, dass en do wier.

***(Hilarité)***

Wat een eigentlech hätt misse maachen an der pedagogescher Duerstellung vun all deem, wat mer hei hunn: Et hätt ee missen de Leit, déi verzweifeln un deem onlieserlechen drëtten Deel, alleguer déi Verträg matschécken, déi ofgeschaaft ginn, a se da misse froen: „Wëllt Der dat behalen, oder wëllt Der dat Neit hei kréien?" Dat wier eigentlech déi richteg Fro gewiescht.

Mä wann ee géint de Verfassungsvertrag stëmmt, da behält ee jiddefalls deen décke Koup do, deen nach ni ee geliest huet an dee mer probéiert hunn an deem méi klengen drëtten Deel esou zesummenzeschreiwen, dass en zwar nach net allgemeng verständlech ass, awer méi applicabel gëtt, an deen et méiglech gemaach huet, villes ze preziséieren, wat no Prezisioun geruff huet.

Déi Charta vun de Grondrechter fënnt eng Kommentéierung, déi een heiansdo zur Verzweifelung dreift. Elo hu mer - d'Madame Flesch scho wéi se Ausseminister war, vill anerer duerno - 30 Joer laang dofir gekämpft, dass dach déi Europäesch Unioun, dee Rechtsraum do, zumindest soll Personnalité juridique kréien. Kritt se elo. Dass déi Europäesch Unioun kann der Europäescher Konventioun fir Mënscherechter als Europäesch Unioun bäitrieden. Kann se elo. An derbäi gi mer eis dann nach déi Charta, déi d'Englänner an d'Schwede verhënnert hunn am Joer 2000 zu Nice, obligatoresch ze maachen a wou se dës Kéier mat partiellen Aschränkungen averstane waren, dass se géif obligatoresch ginn.

Ech sinn eigentlech net bereet, dass een dat klengriet. Wou gëtt et dann dee kontinentale Raum soss enzwousch op der Welt, wou d'Rechter opgeschriwwe sinn? Net nëmme Rechter vun haut, mä Rechter, déi wäit eragräifen a geféierlech Verierungen, déi d'Mënschheet kann an der Zukunft huelen.

Hei sinn d'Rechter vun de Kanner festgeschriwwen, déi sinn net an alle Verfassunge vun der Europäescher Unioun an hire Länner festgeschriwwen. Hei ass festgeschriwwen, an där Grondrechtcharta, dass d'Klone vu Mënschen net erlaabt gëtt. Wou ass da soss an der Welt ee Grupp vu 27, 28 Länner, dee sech selwer imposéiert, net all geféierlech Verierunge vum mënschleche Geescht matzemaachen?

Hei gëtt festgeschriwwen an där Charta, dass net mat mënschlechen Organer kann Handel bedriwwe ginn. D'Welt ass awer voll mat Handel vu mënschlechen Organer. Hei ass ee géuerdneten ziviliséierte Raum, an dat soen ech net als Ofgrenzung par rapport zu aneren, déi sech och mol op esou Zukunftsrechter zoubewegen, an deem ee kloer beweist wat d'Mënschen däerfen a wat d'Mënschen net däerfen. Si däerfen alles, wat se an hirem Rechtsraum, och an hiren zivilen a perséinleche Rechter, haut zu Lëtzebuerg däerfen.

Deen Europäesche Verfassungsvertrag verbitt eis net de Mariage vun Homosexuellen anzeféieren, an en obligéiert eis och net de Partnariat, dee mer gestëmmt hunn d'lescht Joer, ofzeschafen. En intervenéiert net an d'Familljerecht, en intervenéiert net an d'Adoptiounsrecht. E léisst alles dat an den Hänn vum Nationalstat.

Déi demonstrativ Oper, déi gesong gëtt, wéi wann Europa sech elo géif op alles stierzen, wat haut an der nationaler Zoustännegkeet ass, an dat ass ee Gefill, wat d'Leit systematesch de Moment bäibruecht kréien, stëmmt net. De Verfassungsvertrag mécht just de Géigendeel. E verweist d'Europäesch Unioun eigentlech op ville Punkten an hir Schranken, an do, wou et fir eis wichteg ass, an esouguer do wou mer bereet sinn, mat deenen aneren europäesche Länner Léisungen erbäizeféieren, léisst en d'lescht Décisioun beim Lëtzebuerger Parlament.

Dat ass richteg bei de Steieren, vun deenen ech soen, dass mer musse Koordinatioun an Harmoniséierung op ville Pläng maachen; hu mer jo och gemaach bei der TVA a bei der Kapitalertragssteier. Mä mir kréien net enges Dags vun enger Majoritéit vun anere State virgeschriwwen, dass d'TVA vu 15 op 19 oder op 22 oder op 25% eropgeet. Et ass keen deen décidéiert, dass eis Liewensmëttel, déi mer mat 3% haut besteieren, mar musse mat 25% besteiert ginn.

Een halleft Liewe sinn ech amgaang an Europa mat de Leit ze streiden iwwert d'Steierharmoniséierung, an et sinn der muncher heibannen, déi do alt scho mol periodesch dobäi waren, wéi den Här Grethen. Ech maachen do villes mat, awer ëmmer esou, dass et passt heiheem. A fir sécher ze sinn, dass et passt, brauch een a leschter Analys, jee nodeem wien déi Dossieren ze vertrieden huet, d'Unanimitéit. Net fir net matzemaachen, mä fir näischt octroyéiert ze kréien, wat een aus sozialen, aus wirtschaftspoliteschen, aus kulturellen an aus soziologesche Grënn net wëllt.

Dat stellt dëse Verfassungsvertrag sécher, gradewéi e sécherstellt, dass mir an der Sozialpolitik, do wou mir gäre selwer Meeschter wieren - wat jo net heescht, dass mer net op anerer Rücksicht huelen -, selwer kënnen décidéieren, wat „soziale Sache ist" a wat net.

Ech sinn dergéint, dass eng Majoritéit vun anere Staten décidéiere kann, wéi eis Pensiounen hei fonctionnéieren. Gott weess, dass ech mat villen heibanne schonn décken Zodi hat wéinst de Pensiounen. Mä ech hu gären, dass mer heibanne streiden an heibannen décidéieren, a wëssen drëm, wat an deenen anere Länner geschitt. Mä net, dass déi aner décidéieren, wat mir hei ze maachen hunn.

Dat soen ech als een deen, mengen ech, seng europapolitesch Convictiounen net all Kéier muss hei aus dem Bauchladen erauszéien, fir d'Publikum ze beandrocken, mä dat soen ech well ech der Meenung sinn, dass dat zum manner gutt fonctionnéierenden Europa passéiert.

Wann ëmmer méi Länner duerch eng majoritär Décisioun steier- a sozialpolitesch Décisiounen opgezwong kréien, féiert dat zu enger Désaffectioun an zu enger Ofkéier vun der europäescher Iddi. An dofir ass et gutt, dass dat an där Verfassung hei steet. Gradewéi et gutt ass, dass mer hei an dësem Verfassungsvertrag de Prinzip vun der duebeler Majoritéit ageschriwwen hunn, fir dee mer schonn zu Nice agetruede sinn.

D'Leit fäerten heiheem - ech fäerten dat net, mä ech muss d'Erkenntnis hunn, dass d'Leit dat fäerten -, mir géifen elo iwwerrannt ginn an deem grousse Europa; dat hunn d'Leit heiheem nach ëmmer gefäert. Se hu scho fonnt, an der Benelux wieren der dräi e bësse vill. Wéi mer 6 gi sinn, wéi mer 9 gi sinn, oder 10 oder 12 gi sinn, wéi mer 15 gi sinn, wéi mer 25 gi sinn; ëmmer datselwecht Gespréich.

Mir waren awer nach ni esou gutt dru wéi elo. An all Kéier, wann déi Europäesch Unioun méi grouss ginn ass - ech sinn net der Meenung, dass déi nach soll onendlech laang an och méiglechst séier erweidert ginn; ech si géigendeeleger Meenung -, mä all Kéier, wann déi Europäesch Unioun nei Stécker vum Kontinent an de Kuerf geluecht kritt huet, ass eisen Afloss méi grouss ginn.

Et ass dach eppes Wäertvolles fir ee klengt Land op engem méiglechst grousse europäesche Dësch ze sëtzen, wou iwwer all kontinental Froen décidéiert gëtt, zu 25, zu 27, zu 30, anstatt dass mer, wéi honnerte Joer laang, a besonnesch an deenen 150 leschte Joer, musse erdulden an erleiden, wat dräi oder véier grousser eleng décidéieren; dass een do ka matschwätzen. Dat fannen d'Leit selbstverständlech hei am Land.

Et ass net selbstverständlech. Et war ni eis Situatioun an Europa. Ech hunn dat schonn eng Kéier gesot.

Wéi mer de Referendum '21 haten a wéi d'Lëtzebuerger décidéiert hunn, mir missten eng Wirtschaftsunioun mat Frankräich maachen - mir hu jo eng mat der Belsch kritt, wéi mer wëssen -, dunn ass den deemolege Statsminister Reuter op Paräis gefuer an en huet dräi Wochen op e Rendez-vous gewaart an ass vun engem Sous-secrétaire d'État parlementaire, Pichon huet dee Geck geheescht, emfaange ginn, an deen huet em gesot: „Dat interesséiert eis net." Dat ass Lëtzebuerg ouni Europa!

An déi déi mengen, hei kënnt ee Solotouren dréinen, an hei kënnt ee sech ausklameren, aus der geographescher an demographescher Realitéit, déi iere sech fundamental. Kleng Länner kréien näischt geschenkt, wa se eleng sinn. A kleng Länner kréie vill, wa se sech intelligent, virsiichteg an engagéiert abréngen, a méi breet Disziplinen, wéi déi vun der Europäescher Unioun, déi gutt duerchstrukturéiert sinn an déi gutt duerchorganiséiert ginn.

A wann déi Europäesch Unioun an Zukunft décidéiert, trëtt dëse Vertrag a Kraaft, dann zielt d'duebel Majoritéit. Dat heescht, net déi grouss décidéieren, Majorité qualifiée hin oder hier, et muss ee Stat méi wéi d'Halschent vun alle Memberstaten averstane sinn. Et kënnen net déi véier, fënnef grouss décidéieren. Déi kënne blockéieren. Mä décidéiere kënne mer nëmmen, an deem Europa vu 27 wat mer elo hunn, wa 15 Memberstaten averstane sinn.

Dat heescht, dass, wann ofgestëmmt gëtt, déi franséisch, déi englesch an déi spuenesch an déi italienesch Stëmm net méi wäert ass wéi eis Stëmm. An da gëtt gekuckt, ob déi Majoritéit vun de Länner, wou eis Stëmm esou vill zielt wéi déi vun deene Grousse n, ob dat 65% vun der Bevölkerung reflektéiert. Do spille mer keng esou eng ganz grouss Roll méi, mä bei deem éischte Vote si mer esou vill wéi d'Fransousen, si mer esou vill wéi d'Englänner.

Wéini hate mer dat da schonn, hei op dësem Kontinent, deen nach esou vill Streech kritt huet, dass eis

Stëmm esou vill wäert war, wann ofgestëmmt ginn ass, wéi d'Stëmm vun deene grousse Länner?

An dat kréie mer, an dat ass fir mech den Haaptgrond, fir zu deem Verfassungsvertrag Jo ze soen, an erkläert och vill lerger, deen ech heiansdo net verstoppt kréien.

Ech akzeptéieren net, dass gesot gëtt, ech hätt mat der Madame Polfer ee Vertrag ausgehandelt a mat dem Här Asselborn ee Vertrag ënnerschriwwen, deen e manner soziaalt Europa géif. Ech akzeptéieren dat net.

Firwat ausgerechent elo, wou ech al a verstänneg ginn,…

***(Hilarité)***

…soll ech mech dohinner setzen zu Roum den 29. Oktober an ënnerschreiwen, dass Europa elo soll manner sozial ginn? Firwat? Et ass jo am eigentleche Sënn vum Wuert am héchste Mooss beleidegend fir engem ze ënnerstellen, e géif bewosst kalbliddeg eng Ënnerschrëft leeschten, fir dass manner Sozialpolitik an Europa kënnt gemaach ginn.

Et steet an deem Vertrag eng iwwergräifend horizontal Sozialklausel, déi all Politiken de sozialen Exigenzen ënnerwerft. An dat ass eppes Essentielles. Dat ass d'Primat vun der Sozialpolitik erëm hiergestallt. Dat ass dat, wat mer europäesche Sozialmodell nennen, vun deem d'Madame Flesch geschwat huet, nämlech d'wirtschaftlech Kraaft a Kombinatioun bréngen mat sozialer Gerechtegkeet. Wirtschaftlech Kraaft heescht guer näischt, wa se net bestëmmte Finalitéiten an der Gesellschaft déngt. Déi huet der Solidaritéit ze déngen. Déi huet der Organisatioun vun der Gesellschaft an der Gerechtegkeet ze déngen. Déi huet dem gläichméissege Verdeelen no de Maßstäb vun der Gerechtegkeet vum erwirtschaftete Räichtum ze déngen. Wirtschaft ass kee Selbstzweck. Déi Verfassung hei seet net, dass d'Wirtschaft alles ass. Si seet ganz genau de Géigendeel, well se iwwer alles d'sozial Exigenz stellt, an dat ass Ursaach genuch, fir deem Vertrag do Zoustëmmung ze ginn.

Wie weess dann, dass mer dat nach eng Kéier erëmkréien? Souguer meng gutt Frënn, déi am Konvent waren, haten dat net an den Text vum Konvent erakritt. Dat ass an der Regierungskonferenz an den Text erakomm. An dat hu mer zesumme virbereet mat de Kolleegen, déi am Konvent waren, an ech maachen hei kee Concours tëschent deenen engen an deenen aneren. Déi Texter ware jo do. Mä mir hunn zu puer an där Regierungskonferenz dat duerchgedréckt.

A wann ech elo héieren, dass et jo net wouer ass, dass mer zwou Konzeptiounen hu vun Europa, déi sech opposéieren, déi déi de Maart wëllen, dee keng Solidaritéit produzéiert, an déi déi sozial Maartwirtschaft wëllen, déi fir d'alleréischte Kéier an engem europäesche Vertrag steet, an déi wëllen och soziaalt, normatiivt Verhale vun den öffentlechen Hänn forcéieren. Déi, déi elo soen, dat wier net wouer, dat wier alles een Iertum, et wëllt een net nëmmen de Maart, et wëllt ee selbstverständlech och e soziaalt Europa.

Spéitstens am Oktober proposéiert d'Lëtzebuerger Regierung, dass mer - dat kënne mer jo maachen - déi horizontal Sozialklausel huelen an direkt uwenden. Et muss ee jo net de Vertrag dofir stëmmen. Mir kënne jo, wa mer allegueren enger Meenung sinn, soen zu 27: Okay, dat wat elo eréischt soll kommen 2007, 2008, 2009, dat maache mer direkt, politesche Beschloss, an dann teste mer mol wéi dat da geet mat der Bolkestein-Direktiv, déi mir net wëllen, mä déi anerer wëllen; déi mir net esou wëllen an anerer gären esou hätten; wa mer dann dat duerch de sozialen Triichter lafe loossen.

Wa mer dat awer wëlle maachen, kënnen, opgrond vun eisen Iwwerzeegungen, déi jo déi vu jiddferengem heibanne sinn, jo da musse mer an der Positioun sinn am Oktober an duerno, fir dat kënnen ze verlaangen. Wat soll een dann eppes verlaangen, wou d'Leit dergéint gestëmmt hunn? Wann ee gäre méi eng adequat Sozialpolitik hätt, wann ee géif gären d'Méiglechkeet opmaachen, eenzel sozialpolitesch relevant Deeler direkt zur Applikatioun ze bréngen, well dat och duerch e politesche Beschloss kann erbäigefouert ginn, da wier et net gutt wann ee géif géint dee Verfassungsvertrag do stëmmen, well soss hätt deen, deen dat do misst virbréngen, nawell e schlechte Moment vläicht ze passéieren, an nach e puer weider Explikatiounen ze ginn, ier en zum regelrechten Text vu senger Propositioun kënnt.

A wann dee Vertrag nei verhandelt gëtt - wat ech net gleewen -, well «il ne faut pas sous-estimer le génie des peuples, y compris français et néerlandais…», ech si fundamental iwwerzeegt, dass dee Verfassungsvertrag esou a Kraaft trëtt. Dat dauert méi laang, dat gëtt schwiereg, dat brauch vill Gespréich. Mä wann en net esou a Kraaft trëtt, weess ech, dass deen, dee mer hunn, net fonctionnéiert. Also brauche mer een neien. Mir kënnen elo hei den Hochstand mat den Ouerläppercher maachen, mir kréien dann een neie Vertrag. An ech soen dat nach eng Kéier, wa mer wëllen an deem neie Vertrag, falls en da géif kommen, dat fir eist Land a fir Europa - mä mir sinn hei am Lëtzebuerger Parlament - wëlle kréien, da kënne mer net géint dee Verfassungsvertrag hei stëmmen, soss hu mer näischt an der Hand, wa mer enges Dags mussen eis Kaarten op den Dësch leeën.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Statsminister.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, stëmme mer elo an éischter Lecture iwwert de Projet 5442 of.

Den 10. Juli gëtt de Referendum iwwert den Traité ofgehalen. D'Chamber huet an hirer Resolutioun vum 8. Juni festgehalen, datt si dem Resultat vum Referendum Rechnung droe wäert. Deemno kënnt et nëmmen am Fall vun engem positiven Entscheed zum second vote constitutionnel.

Laut Artikel 114 vun der Verfassung ass eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt.

***Premier vote constitutionnel***

De Projet de loi 5442 ass an éischter Lecture mat 55 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

***(Applaudissements)***

Voilà, Dir Dammen, domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung…

***(Hilarité)***

…Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 20.07 heures)***

---

JEUDI, 9 JUIN 2005

# 39E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président

## Ordre du jour

**1.** Débat d'orientation sur la revalorisation des friches industrielles de la région Sud (suite)

*(Motion modifiée - Vote)*

**2.** 5466 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, et du Règlement, faits à Washington, le 2 décembre 1946
- du Protocole, fait à Washington, le 19 novembre 1956, à la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, faite à Washington, le 2 décembre 1946

*(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

**3.** 5376 - Projet de loi portant approbation du Protocole relatif à l'adhésion de la Communauté européenne à la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne „EUROCONTROL" du 13 décembre 1960, telle qu'amendée à plusieurs reprises et coordonnée par le Protocole du 27 juin 1997 et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 8 octobre 2002

*(Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

**4.** 5396 - Projet de loi portant approbation

- de la révision 2, entrée en vigueur le 16 octobre 1995, de l'Accord concernant l'adoption de conditions uniformes d'homologation et la reconnaissance réciproque de l'homologation des équipements et pièces de véhicules à moteur, fait à Genève, le 20 mars 1958, et approuvé par la loi du 1er août 1971 (Accord concernant l'adoption de prescriptions techniques uniformes applicables aux véhicules à roues, aux équipements et aux pièces susceptibles d'être montés ou utilisés sur un véhicule à roues et les conditions de reconnaissance réciproque des homologations délivrées conformément à ces prescriptions);
- de l'Accord concernant l'établissement de règlements techniques mondiaux applicables aux véhicules à roues, ainsi qu'aux équipements et pièces qui peuvent être montés et/ou utilisés sur les véhicules à roues et des Annexes A et B, faits à Genève, le 25 juin 1998

*(Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

**5.** 5355 - Projet de loi concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles

*(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

**6.** 5456 - Projet de loi relative à la revalorisation du site de Höhenhof

**7.** Ordre du jour

*(Rapport de la Commission des Transports - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Lucien Lux et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du territoire.*- Neen, Här President.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister.

### 1. Débat d'orientation sur la revalorisation des friches industrielles de la région Sud (suite)

Mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass, esou wéi mer dat gëschter ar-rëtéiert haten, déi Motioun, déi d'Madame Lydia Mutsch den 2. Juni am Kader vun der Orientéierungsdebatt iwwert d'Industriebroochen déposéiert hat.

***Motion 1 modifiée***

*La Chambre des Députés,*

*- saluant les efforts des gouvernements successifs dans la mise en oeuvre du projet de reconversion des friches industrielles au sud du pays, dans un esprit de décentralisation sur le plan économique, administratif et culturel;*

*- considérant l'envergure des investissements publics sur le site prioritaire Esch/Belval-Ouest;*

*- soucieuse que les équipements de l'État sur le site Esch/Belval-Ouest puissent se réaliser et s'intégrer dans le respect des structures régionales et locales existantes;*

*- insistant sur la nécessité de poursuivre la mise en place des infrastructures prévues par l'État et la société de développement Agora permettant d'accélérer le développement du projet phare Esch/Belval-Ouest dans un esprit de «public-private partnership»;*

*- rappelant l'engagement des gouvernements successifs d'entamer également la revalorisation d'autres anciens sites sidérurgiques, à savoir Terres Rouges, le crassier Ehlerange, la fonderie de Rodange, les crassiers de Differdange et Mondercange, ainsi que le site de Dudelange;*

*invite le Gouvernement*

*- à soumettre à la Chambre des Députés un troisième rapport «Friches industrielles: état d'avancement et perspectives», renseignant sur les projets et investissements de l'État sur Esch/Belval-Ouest et les autres sites prioritaires définis;*

*- à préciser le concept d'ensemble pour les friches existantes avec leurs prolongements éventuels au-delà des frontières parallèlement à la finalisation du plan directeur régional;*

*- à actualiser le plan pluriannuel des investissements de l'État sur les friches, avec un échéancier précis, dans un souci de transparence et d'information continue du public et dans le but d'encourager*

*les investisseurs potentiels privés sur Esch/Belval-Ouest et dans la mesure du possible sur les autres friches en voie de revalorisation;*

*- à développer le concept d'ensemble pour la mise en oeuvre du projet fédérateur de la Cité des Sciences, de la recherche et de l'innovation afin de permettre le développement d'un pilier économique et socioéducatif autour de la faculté des sciences et de la recherche de l'Université de Luxembourg prévue sur le site Esch/Belval-Ouest;*

*- à respecter les principes du masterplan Esch/Belval-Ouest, à savoir le développement urbain durable et la mixité des fonctions;*

*- à poursuivre la promotion du transport public dans le but d'un modal split national de 25/75 (25% transport public) à l'aide de l'introduction d'un modal split 40/60 (40% transport public) pour Esch/Belval-Ouest;*

*- à finaliser l'étude sur la faisabilité technique d'un croisement des rails Arcelor à la hauteur de Belval Sud, afin de permettre le passage du train-tram sur le site de la friche de Belval West, permettant l'interconnexion avec les réseaux et moyens de transport public existants;*

*- à poursuivre les pourparlers avec les communes concernées en vue de l'élaboration d'une solution dans le contexte du contournement de Raemerich et de l'accès nord du site Esch/Belval-Ouest dans le respect de l'urbanisme, de la protection des habitants et de l'environnement;*

*- à favoriser l'élaboration d'un plan régional Sud en collaboration avec le syndicat régional Pro-Sud dans le souci notamment d'accompagner le développement socioéconomique de la région du sud du pays;*

*- à poursuivre et intensifier les contacts et relations avec nos partenaires dans la Grande Région, notamment nos voisins français, ceci dans le souci d'une coopération pour un développement dynamique et durable de nos régions;*

*- à ne pas négliger la reconversion des friches industrielles d'autres régions, comme celle de Wiltz, Dommeldange et Vianden, qui ont également, dans des proportions moindres, l'opportunité de recouvrir d'anciennes surfaces industrielles;*

*- à poursuivre une large consultation et information des communes et des milieux concernés et une sensibilisation de la population pour la reconversion des friches et de la chance qu'elle représente pour le développement du pays.*

*(s.) Lydia Mutsch, Félix Braz, John Castegnaro, Viviane Loschetter, Claude Meisch, Fred Sunnen.*

Déi Motioun ass jo modifiéiert ginn. Ech denken, dass déi modifiéiert Motioun net méi modifiéiert wäert ginn. Et ass och alles dozou gesot, esou dass ech mer d'Fro stellen, ob mer net kënnen direkt zum Vote kommen.

Wann dat de Fall ass, kënne mer par main levée ofstëmmen?

**Une voix**.- Jo.

**Une autre voix**.- Neen.

**M. le Président**.- Par main levée? Wie freet de Vote électronique? Soss keen? Da stëmme mer par main levée of.

***Vote***

Wien d'accord mat där Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass et däitlech: D'Motioun ass mat écrasanter Majoritéit ugeholl.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5466 iwwert de Schutz vun de Walen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeleeucht. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Goerens, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel!

### 2. 5466 - Projet de loi portant approbation

### - de la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, et du Règlement, faits à Washington, le 2 décembre 1946

### - du Protocole, fait à Washington, le 19 novembre 1956, à la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, faite à Washington, le 2 décembre 1946

***Rapport de la Commission de l'Environnement***

**M. Marc Angel** *(LSAP), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet 5466 geet et ëm en Article unique, wou mer sollen déi international Konventioun fir d'Juegd op d'Wale reglementéieren. Déi ass 1946 zu Washington ënnerschriwwe ginn. Mir sollen haut och e Protokoll approuvéieren, deen zéng Joer duerno, dat heescht 1956, och zu Washington gemaach ginn ass.

D'Zil vun dëser Konventioun ass d'Erhale vun de Walbestänn an awer och de Schutz géint eng iwwerdriwwe Juegd op d'Walen. Een anert Objektiv ass fir d'Bestänn vun de Walen nees opzebauen, well déi jo an deene leschte Jorzéngte staark deziméiert gi sinn. Innerhalb vun där Konventioun gëtt et déi sou genannte CBI, dat ass d'Commission Baleinière Internationale, déi als Missioun huet, Direktiven auszeschaffen iwwert de Fang vun de Walen, iwwer Instrumenter wéi ee se fänke kann, an déi fixéieren och d'Fangquoten.

D'CBI encouragéiert awer och wëssenschaftlech Etüden iwwert d'Walen. Si organiséiert dës Etüden, analyséiert an diffuséiert d'Resultater. Et ass vläicht interessant och ze wëssen, dass iwwer 100 Länner mat Küsten net Member vun der CBI sinn, also och net gebonne sinn.

Déi CBI erkennt dräi Formë vu Juegd op d'Walen un, dat ass éischtens, d'Chasse commerciale. Op där gëtt et zurzäit e Moratoire. Zweetens, dat ass d'Juegd am Sënn vu wëssenschaftlechen Etüden, an déi drëtt Form vu Juegd ass de Walfang vun aborigènë Völker, wéi zum Beispill d'Eskimoen a Grönland an an Alaska.

Déi éischt Kategorie, also d'Chasse commerciale, do ass säit 1986 e Moratoire drop. Deen ass awer limitéiert, an do ass d'lescht Joer op der Jorestagung vun der CBI zu Sorrent 2004 décidéiert ginn, dass déi Evaluatioune solle finaliséiert ginn. An elo besteet de Risiko, dass dee Moratoire opgehuewe gëtt. An der CBI sinn am Moment 60 Länner Member, a Lëtzebuerg soll jo elo do bäitrieden, ënner anerem och nach Polen an d'Slowakei, an do gëtt et eng Aart Pattsituatioun. Vun deene 60 Länner ass d'Halschent dofir fir dee Moratoire opzehiewen, an d'Halschent huet méi eng konservativ Haltung, déi wëllen dee Moratoire bäibehalen.

Wa mir elo do Member ginn, géinge mir eis selbstverständlech bei déi Länner reien, déi an deem Domän do méi eng konservativ Haltung hunn,…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

…dat heescht fir ze verhënneren, dass dee Moratoire opgehuewe gëtt an dass d'Chasse commerciale op d'Walen nees erméiglecht gëtt.

Et ass interessant ze wëssen, dass et 90 verschidden Zorte vu Cétacéë vu Wale gëtt. Et sinn der awer nëmmen 20 vun deenen an den Annexë vun där Konventioun hei ageschriwwen, déi aner 70 sinn op fir d'Juegd, dat heescht 40.000 där Déiere gi pro Joer gefaangen. An da gëtt et och nach de Problem vun der Prise accessoire. D'Juegd ass net déi eenzeg Gefor fir déi Déieren, et ass och den Danger écologique, d'Pollutioun vun de Mierer duerch toxesch Substanzen, d'Erhëtzung vum Planéit, d'Ozonlach ass e Problem fir si, an dann och d'Nuisances sonores ënnert dem Waasser, well déi Déiere si ganz empfindlech.

Ech wëll awer elo net laang dorobber eragoen, well ech mengen de Marcel Oberweis huet mer gesot, hie kennt sech do vill besser aus an hie wäert dann do méi an d'Detailer vun deenen interessanten Déieren agoen. Ech wollt lech just am Numm vun der LSAP-Fraktioun soen, dass mir dee Projet hei stëmmen, an ech wär frou, wann déi aner dat och géinge maachen.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Marcel Oberweis.

***Discussion générale***

**M. Marcel Oberweis** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech si wuel keen Expert am Walfëschen…

**Une voix**.- Très bien!

**Une autre voix**.- Jo, dat ass super.

**M. Marcel Oberweis** *(CSV).*- Super!

**Mme Anne Brasseur** *(DP).*- Gott sei Dank!

***(Interruptions diverses et hilarité)***

**M. Marcel Oberweis** *(CSV).*- Awer mat „l" geschriwwen, keen „h" dran.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Dat wonnert een zwar, mä…

**M. Marcel Oberweis** *(CSV).*- Jo, Merci villmools.

Ech wëll just am Ufank direkt dem Här Rapporteur, dem Marc Angel, Merci soe fir de flotte Rapport, deen e gemaach huet, de schrëftlechen an och de mëndlechen.

Wéi den Numm et scho seet, hu mer et hei mat enger Konventioun ze dinn iwwert de Protokoll zur Juegd op d'Walen. Erlaabt mer vläicht am Ufank e klenge Rappel ze maachen an d'Geschicht vum Walfang selwer. Duerch dat rücksichtslos Ofschluechten am 19. Jorhonnert an och am 20. Jorhonnert waren d'Bestänn vun de Walen esou wäit erofgefall, dass een sech schonn am Joer 1930 Gedanke gemaach huet, fir endlech emol e Stopp vum Walfang duerchzesetzen. Deemools ass e Büro gegrënnt ginn, deen emol verlässlech Daten iwwert de Walfang erausginn huet.

Wéi Dir alleguerten…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Ech géif lech ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden!

**Une voix**.- Dat ass net gär geschitt.

**M. Marcel Oberweis** *(CSV).*- Ech wollt just soen, wéi Dir alleguerten aus der Geschicht nach wësst, war et an der Renaissance wou déi éischt Mënschen op d'Mier gefuer sinn, an dat waren u sech d'Basken aus der Biskaya, déi erausgefuer sinn an déi déi éischt Walfësch gefaangen hunn. Dat ware ganz téméraire Mënschen, well deemools war et net esou einfach, op d'Mier ze fueren.

Duerno koumen d'Friese vun der Nordseeküst, déi op d'Waljuegd gougen. Um Ufank vum 17. Jorhonnert gouf dunn d'Waljuegd am grousse Stil organiséiert. Op Spitzbergen an Island a Grönland. D'Mënschen hunn d'Déiere gefaange fir den Tran ze gewannen, an doraus hu se d'Beliichtung gemaach. Duerno hu se en agesat als Schmierstoff a fir d'Fabrikatioun vu Seef an och vu Faarwen.

E battert Joer war 1846, well do war den Héichpunkt vun der Waljuegd. Quasiment war den Nordatlantik ausgeraibert gi vu senge Walen. Et ass dunn am Joer 1872 d'Harpun entwéckelt ginn, an domat konnten d'Waljeeër a Géigende goen, wou bis dato nach guer kee Jeeër war. Dat war ëm den Nordpol an de Südpol. An den Drama ass ugaange fir déi Leit, déi vun den Déiere geliefft hunn.

Nodeem um Enn vun dem 19. Jorhonnert besonnesch déi grouss Walfësch alleguerten ofgeschluecht waren - mir denken an d'Geschicht zréck, un d'Buch „Moby Dick" vum Herman Melville, deen huet eis dat e bësse beschriwwen -, an deem Jorhonnert sinn de Blauwal mat 30 m Längt, de Finnwal mat 27 m Längt an och de Seiwal mat 21 m komplett verschwonnen.

E bëssen an déi heiteg Zäit gekuckt: Während der Faangsaison vum Joer 1937/38 sinn eleng am Nordatlantik 46.000 Walen ofgeschoss ginn. Dat waren deemools 85% vun der gesamter Juegd. Nom Zweete Weltkrich, den 2. Dezember 1946, ass eng Konventioun ënnerschriwwe ginn, wou dann endlech emol d'Juegd reglementéiert konnt ginn. Et hunn deemools 19 Länner matgemaach, fir eng Kommissioun anzesetzen.

Doniewent ass et awer och drëm gaangen, ganz speziell, d'Iwwerliewenschancë vun deenen Déieren ze gewährleeschten. Leider sinn awer net all d'Länner op dës Bedrohung agaangen, well si hunn ëmmer nach gemengt gehat, dass d'Juegd op d'Walen eng ganz speziell Juegd um Mier wär. Doniewent hu se och da pseudowëssenschaftlech Argumenter virgeschéckt.

Am Joer 1962 sinn eleng 67.000 Walen ofgeschoss ginn. Dat waren der zweemol méi wéi am Joer 1933, wou mer nach keng Kommissioun haten. D'Bestänn sinn dramatesch gefall, an eréischt am Joer 1972 ass endlech eng international Walfangkommissioun op d'Bee gesat ginn, déi et duerchgesat huet, dass zumindest ëm de Südpol keng Déiere méi geschoss gi sinn.

Am Joer 1977, guer net esou laang hier, do sinn nach 22.000 Walen ofgeschluecht ginn. De 24. Juli am Joer 1982 ass zu Brighton an England no laange Verhandlungen endlech ugefaange ginn, ee Moratoire ze schreiwen. E Moratoire fir de kommerzielle Walfang ze beschléissen. D'Bestänn waren deemools dramatesch wäit erofgefall an e puer Aarte ware scho vum Ausstierwe bedroht.

Véier Joer huet et gedauert, bis de Moratoire a Kraaft getrueden ass, an nach ëmmer waren et Länner wéi Island, Norwegen a Russland, déi sech dorëm net en Deut gekëmmert hunn. Si si virugefuer mat hirem Ofschluechten, a si hu géint de Moratoire Protest ageluecht. Et muss een och bedenken, fir dee Moratoire ewechzekréie muss et eng Dräivéirel-Majoritéit vun alle Länner ginn. Déi derfir sinn an dergéint sinn, déi stounge sech deemools vis-à-vis.

Zënterhier sinn awer erëm 19 Joer an d'Land gaangen, a mir hunn eréischt eng éischt Schluecht gewonnen, awer nach laang net de Krich. Wéi ech ugedeit hunn, an de Jore 70 sinn ongeféier 10.000 Wale geschoss ginn. No dem Joer 1986 si mer dunn awer gefall op 1.000 Déiere pro Joer.

Hei nach e puer Zuelen iwwert d'Bestänn vun den Déieren eleng am Nordatlantik, deen eis jo relativ no läit. D'Bockelwale si gefall vun 240.000 op nach haut 10.000 Walen, an d'Finnwale vun 360.000 op 56.000.

Déi International Walfangkommissioun seet awer, fir en Ophiewe vum Moratoire misste mindestens erëm 72% vun der ursprénglecher Zuel uleien, an dat dauert no heutege Kenntnisser nach 70 bis 100 Joer, bis mer erëm dohinner kommen.

Fir e puer Déiere kommen all dës Mesuren ze spéit. De Glattwal am Nordatlantik ass op haut nach 300 Stéck erofgefall, dat heescht et geet net méi duer, dass deen iwwerliewe kann. Ech wëll och ënnersträichen hei, dass am Indeschen Ozean e komplett Walfangverbuet besteet. Dat gëllt och mëttlerweil ëm de Südpol. An zurzäit lafen d'Diskussioune fir och am Südatlantik esou e Moratoire anzeféieren. Leider muss et duerfir awer eng qualifizéiert Majoritéit ginn…

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Léif Kolleegen, ech bieden awer ëm e bësse Opmierksamkeet wann ech gelift!

**Une voix**.- Jo, well et ass net léif!

***(Interruptions)***

**M. Marcel Oberweis** *(CSV).*- Ech hunn elo grad gesot gehat, mir hunn zurzäit zwee Bléck, déi sech vis-à-vis stinn, dat sinn déi, déi derfir sinn, an déi, déi dergéint sinn. Ënner anerem sinn Norwegen, Japan, Dänemark, Südkorea an Island déi, déi massiv nach ëmmer op de Walfang ginn. Dobäi awer d'USA, Neuseeland an Australien, déi dergéint stinn.

Interessanterweis, am Mee vun dësem Joer, do hate mer am éischte Grupp, dat waren déi, déi géint de Moratoire sinn, 31, an 29 ware fir de Moratoire. Also quasiment e Gläichgewiicht. Wann een dovun ausgeet, dass mir haut dës Walfangkonventioun stëmmen, da komme mer op 30, a wann Uruguay als nächst Land nach ënnerschreift, da si mer schonn zu 31. Och aner europäesch Länner sollte mer op dee Wee mathuelen, fir hei matzeënnerschreiwen, fir de Camp vun de Géigner ze verstäerken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa mir haut dës Konventioun ratifizéieren, dann dierf een awer net vergiessen, dass et ëmmer nach Mënsche gëtt, déi vun dësem Walfang liewen. Et ass elo grad gesot gi vum Marc Angel, d'Eskimoen, an notamment d'Tschuktschen, dat si Völker an Nordostsibirien bei der Beringstrooss, déi liewen nëmmen nach vum Walfang, an da muss ee bedenken, dass si vun eis gesot kréien, dass se eng ganz kleng Zuel dierfe joen. Mir selwer hunn eis während Jorzéngten améséiert, d'Déieren dout ze maachen, a mir ginn deene Leit elo soen, wou et langgeet, fir hiert Iwwerliewen net méi ze garantéieren.

An da muss ee bedenken, dass eleng a japanesche Restauranten ee Kilogramm Walfësch mat 600 Euro de Kilogramm bezuelt gëtt. An deem Zesummenhang ass et och interessant drop hinzeweisen, dass d'Wale mëttlerweil ganz héichgradeg mat Schwéiermetallen, notamment Quecksëlwer, ver-

seucht sinn. Dat huet eng Etüd vun der Universitéit vun Hokkaido a Japan gewisen.

**Une voix**.- Dat ass vläicht eng Chance fir d'Walen.

**M. Marcel Oberweis** *(CSV)*.- Voilà, dat wollt ech och soen. Merci fir den Awand.

Mëttlerweil ass et esou wäit gaangen, dass d'Japaner dovun ofgesinn. Si iessen och elo kee Walfësch méi, well mëttlerweil d'Belaaschtung vun dem Walfësch 5.000-mol méi staark ass, wéi se iwwerhaapt dierft sinn, fir dat Fleesch ze iessen.

Wat elo den Handel vun deene Walprodukter ubelaangt, do ass och en Accord geschriwwe ginn. Vläicht e klengen Hinweis dozou: D'Growalen an d'Pottwale si ganz geschützt hei. Doniewent awer d'Orkaen, déi dierfe gejot ginn. En interessanten Hinweis vun dem däitsche Verbraucherschutzministère. Dee beweist u sech, wéi dramatesch d'Situatioun ass.

D'Norweger, déi massiv hei géint de Moratoire sinn, iessen awer selwer kee Walfësch. An hirem Land ass et net Usus, Walfësch ze iessen, mä et ass Usus, Walfësch ze joen. Am Joer 2002, well se en déif afréieren, wollten se dann dee Walspeck eng Kéier lassginn. Dunn hu se d'Japaner gefrot, ob si dat da wéilten. Den Handel ass net zum Droe komm, well d'Japaner festgestallt hunn, wéi se de Walfësch kritt hunn, dass dee ganz einfach héich belaascht wier. D'Japaner wollten dunn net, an d'Norweger hunn déi Gesamtmenge Walfësch an d'Mier getippt. Do gesäit ee jo, wéi wäit de Mënsch u sech iwwerhaapt nach déi Saach seriö suivéiert.

Et kann een och hei hannerfroen, wat déi Juegd nach brénge soll, wann ee bedenkt, dass et jo dach duerch d'Mieresfëscherei dausenden Déieren erwëscht, déi als Bäifang an den Treibnetzer matgefaange ginn. De World Wildlife Fong seet, am leschte Joer sinn ongeféier 100.000 Delfinen an aner Déieren agefaange ginn a sinn do elendeg gestuerwen.

A wann een dann iwwerleet, dass et an der Ostsee, déi jo virun eiser Hausdier läit, esou wäit komm ass, dass Schwéngswalen - heiansdo héiert een dovunner -, dass do deen een oder aneren sech an d'Elbe veriert, well si net méi wësse wou et hi soll goen. Mëttlerweil si si alleguerte vum Ausstierwe bedroht, et ginn nach 600 Stéck do.

Als een interessante Volet ass awer vläicht dann als positiivt Element hei ze soen, dass d'Mënsche gären Déiere gesinn, an de Whale Watching kann een, wann et seriö gemaach gëtt, als eng interessant Form vun enger nohalteger Ressourcennotzung gesinn.

Wann een den Handel kuckt, do hunn ech nogefrot gehat, weder d'Airlines Cargolux, nach KLM, British Airways, Lufthansa transportéiere Walprodukter. Dat ass e Code, deen se ënnerschriwwen hunn.

Wann een déi wëssenschaftlech Artikele liest, da muss ee staark hannerfroen, firwat nach esou eng Konventioun soll existéieren, nämlech de Moratoire. Duerch d'Erfuerschung vum Mieresbuedem no Ressourcen, Methanknollen, duerch d'Sichen no Äerduelech an Äerdgas um Mier, duerch d'Offshore-Förderung vun Uelech an Äerdgas, duerch d'Verschmotzung an d'Miereserwäermung muss ee sech froe mat de Wëssenschaftler, ob déi Mieresdéieren, grad d'Cétacéën, de Stress iwwerhaapt iwwerliewen, deem se ausgesat sinn.

Elo stelle mer souguer fest, dass d'Walfësch mat ganz grousse Problemer kämpfe wéi Kriibs, Sterilitéit a mat dem Zesummebrieche vun hirem Immunsystem. Leider gehéieren och mir an der westlecher Welt dozou, déi duerch eisen onersättlechen Energiehonger an duerch d'Miereserwäermung staark dozou bäidroen.

Zum Schluss, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu mengen Ausféierungen, wëll ech hei ënnersträichen, dass mir eis awer sollte konsequent fir d'Weiderféierung vun dem Moratoire ausschwätzen.

Mir schéngt et och e bësse logesch, dass mer deen Numm Walfangkommissioun an eng Walschutzkommissioun sollten ëmdeefen. Domat géif se vläicht méi Poids op der Weltbühn kréien.

Och sollte mir een Appel maache bei eise Pays cibles an der Kooperatioun - et sinn der jo zéng -, dass déi och solle matmaachen. Well wann déi och jo matmaachen, wär de Camp vun de Befürworter scho méi grouss.

An dem Land Mali, engem Land an der Sahara, dat keng Mieresküst huet, deem sollte mer vläicht Bescheed soen: Komm och op d'Säit vun de Befürworter, well de Mali ass haut am Camp vun de Géigner!

De Bäitrëtt vu Lëtzebuerg zu der Konventioun zum Walfangverbuet kritt och doduerch eng ganz grouss Bedeitung, well mir dat haut maache virun der nächster Konferenz zu der Walfangkommissioun. Déi ass nämlech zu Ulsan a Südkorea vum 13. bis de 27. Juni. An dat ass nach während der Présidence vun onsem Land.

Dat gëtt e Signal no baussen! Et geet grad do ëm d'Iwwerschaffe vun der Konventioun a vun der Quoteregelung. Dee sou genannten „Revised Management Scheme", dat ass d'Rumm fir d'Ofschossquoten, soll iwwerduecht ginn.

Déi Leit an deene Länner, déi géint de Walfang sinn, fäerten, dass et hei zum Ophiewe vum Moratoire kéint kommen.

Ech kann nëmmen hoffen, an ech wënsche mer, dass, wa mer d'nächst Joer hei stinn, wann dann déi 58. Réunioun zu La Rochelle a Frankräich ass, mer da kënne soen, dass d'Zuel vun de Géigner méi kleng ginn ass, an d'Zuel vun de Befürworter fir de Moratoire méi grouss ginn ass.

Ech bréngen domat och den Accord vun onser Fraktioun eran a soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Oberweis. Als nächste Riedner ass den Här Bettel agedroen. Här Bettel!

**M. Xavier Bettel** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Här Angel Merci soe fir säi schrëftleche Rapport. Ech wëll dem Här Oberweis Merci soe fir säi mëndleche Rapport. An ech wäert net hei insistéieren, ech mengen déi zwee woren esou komplett, dass et net nach Wäert huet - ech kann zwar och nach eng Véirelstonn iwwert d'Wale schwätzen, mä ech mengen…

***(Hilarité et brouhaha général)***

Dowéinster wéilt ech, Här President, heimat och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem heite Sujet bréngen, well nach e chargéierten Ordre du jour haut um Programm ass.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Bettel, fir Äre kuerze Rapport. Dann huet den Här Gira d'Wuert.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech kann och deem excellente Rapport vum Här Angel an där excellenter Interventioun vum sou genannten net Walspezialist näischt méi hinzufügen. A wa Lëtzebuerg och nëmme minimal kann dozou bäidroen, déi lescht Walen ze retten, da sinn déi Gréng selbstverständlech derbäi.

**M. le Président**.- Dann hu mer nach den Här Mehlen.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, och ech wäert kuerz sinn. Virun allem och, well meng Virriedner de Problem an allen Detailer an a bal alle Facetten duergeluecht hunn.

Hei geet et ëm en Deelaspekt vun der Problematik vun der Aartevielfalt, déi an allen Hinsichte bedroht ass. Mer gesinn, datt net nëmmen d'Walen, mä och de Fëschbestand generell an den Ozeaner ganz vill ofgeholl huet. Woubäi een natierlech bei de klenge Fësch den Auswee huet, datt een d'Fëscherei kann duerch Fëschziichterei ersetzen.

Dat ass bei de Walen natiirlech net méiglech. Trotzdem sollt een, wat awer nëmmen en Deelaspekt ass, fir déi Leit, déi effektiv dorop ugewise sinn, z.B. Eskimoen, a ganz begrenztem Ëmfang de Walfang nach toleréieren.

Fir de Rescht mengen ech sinn déi Zuelen, déi meng Virriedner duergeluecht hunn, esou, datt iwwerhaapt keen Zweifel kann dru bestoen, datt alles muss gemaach ginn, fir deem Ofschluechte vun deene leschte Walen, déi mer nach an de Mierer hunn, entgéintzetrieden.

Ech wollt just hei d'Fro opwerfen, wat fir eng Mëttelen hu mer fir déijéineg, déi sech där Philosophie net uschléissen, kënnen ze zwénge fir dach awer ëmzedenken. Et gesäit net esou aus, wéi wann d'Konventioun deementspriechend Mëttele géing enthalen.

Ech mengen do missten all déi Länner, déi sech eens sinn, fir de Walfang ze verbidden, oder wéinstens de Moratoire op onbestëmmten Zäit ze verlängeren, zu wirtschaftlechen Drockmëttele kënne gräifen. Et ass eng Problematik, där mer ganz generell och an anere Secteure begéinen, wou et net duergeet, datt déi, déi gudde Wëllens sinn, sech engagéiere fir eppes ze maachen, mä wou een och effektiv da muss de Courage hu géint déijéineg virzegoen, déi sech net drun halen a mengen, hinne wier alles erlaabt.

Dat gesot, bréngen ech selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo d'Regierung. Den Här Minister Lux!

**M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll all deenen, déi an deene leschte Wochen dofir gesuergt hunn, dass et eis virun der nächster Woch, den 13. - méi speziell wann d'Konferenz vun der Konventioun a Korea ugeet -, nach gelongen ass fir de Projet haut kënnen ze stëmmen, Merci soen. Mir sinn domadder formell an d'Lag versat, fir kënnen déi nächst Woch an d'iwwernächst Woch matofzestëmmen. Doduerch kënne mir mat dozou bäidroen an deem sensiblen Dossier hei, wou mer vun enger ganzer Rei vu Länner, awer vun där enger Säit a vun där anerer Säit, kontaktéiert gi si fir matzehëllefen, engersäits déi knapp Majoritéit fir d'Ophiewe vum Moratoire ze stabiliséieren oder awer fir déi Majoritéit a Fro kënnen ze stellen.

Ech mengen et ass dofir gutt, dass mer an deem Dossier hei Solidaritéit a Sensibilitéit weisen, an ech kann nëmmen, besonnesch dem Rapporteur, awer virun allem dem Kolleeg Oberweis félicitéiere fir déi Ausféierunge vun haut. Och fir déi Aarbechten, déi mer an der Kommissioun gemaach hunn.

Ech hunn an der Tëschenzäit e Fonctionnaire vun eisem Ministère, den Här Claude Origer genannt als Kommissär fir eis ze vertrieden, am Rahme vun der Konventioun, a mir hunn déi grouss Chance hei zu Lëtzebuerg mat der Persoun vum Här Dokter Pierre Gallego e Spezialist ze hunn, ganz speziell a spezifesch am Beräich vun de Walen. Hie wäert Lëtzebuerg och vertrieden d'nächst Woch an d'iwwernächst Woch a Korea. An en huet de Mandat vun dem Ministère a vun der Regierung fir esou ofzestëmmen, dass de Moratoire kann agehale ginn.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5466 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmme bei 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marcel Sauber), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen) et Claude Meisch (par M. Emile Calmes);*

*MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.*

*S'est abstenu: M. Carlo Wagner.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5376, en Zousazprotokoll zur EUROCONTROL-Konventioun. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Grethen an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Negri. Här Negri!

## 3. 5376 - Projet de loi portant approbation du Protocole relatif à l'adhésion de la Communauté européenne à la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne „EUROCONTROL" du 13 décembre 1960, telle qu'amendée à plusieurs reprises et coordonnée par le Protocole du 27 juin 1997 et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 8 octobre 2002

***Rapport de la Commission des Transports***

**M. Roger Negri** *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President.

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet als Objet e Protokoll vun der Europäescher Gemeinschaft ze approuvéieren, deen déi international Konventioun iwwert d'Kooperatioun an der Sécherung vum europäesche Loftraum duerch d'Loftnavigatioun reglementéiert. Déi dofir zoustänneg Organisatioun mat hirem Haaptsëtz zu Bréissel heescht EUROCONTROL.

Dës Konventioun ass den 13. Dezember 1960 gegrënnt ginn. Am Ufank waren nëmme State Member a keng Organisatiounen oder Supranationalen.

Bei enger Modifikatioun vun de Statuten ass et am Joer 1997 erméiglecht ginn, datt och Organisatioune wéi d'Europäesch Unioun EUROCONTROL kéinte bäitrieden. D'Verhandlungen dozou sinn 1999 ugelaf an déi definitiv Décisioun zum Bäitrëtt ass am Juli 2002 vum Conseil européen geholl ginn an offiziell den 8. Oktober 2002 ënnerschriwwe ginn.

Wat mécht EUROCONTROL dann elo konkret? EUROCONTROL regruppéiert 35 Staten an eng international Organisatioun.

D'Missioun vun EUROCONTROL ass, de Flugtrafic an Europa ze géréieren.

D'Objektiver si folgend:

- D'Sécherung vum Flugverkéier stäerken, duerch e sou genannte Loftverkéiersmanagement;
- den Espace aérien ze vergréisseren, well an Zukunft mat engem Plus vu 5% u Flugbewegunge gerechent gëtt, hei heescht et de Stau um Himmel wéi och um Buedem ëmmer esou kleng wéi méiglech ze halen, et schwätzt ee vun „capacity slot";
- d'Retardë beim Flugverkéier ze verréngeren;
- déi ekonomesch Effikassitéit vum Navigatiounssystem vum Flugverkéier ze verbesseren;
- esou wéi d'Répercussioune vun der Aviatioun op d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech ze halen.

Lëtzebuerg ass Grënnungsmember vun EUROCONTROL, dat ufanks, also 1960, als Organisation internationale civile-militaire pour contrôler le trafic aérien à l'échelon européen gegrënnt gouf.

EUROCONTROL huet sech dunn awer ganz séier als Virspriecher fir d'Promotioun vun der Entwécklung vun avancéierten Technologien am Beräich vun der Gestioun vum Flugverkéier ervirgedoen. Et geet hei dorëms fir en eenheetleche Loftverkéiersraum hierzestellen. An elo wou d'Europäesch Unioun als Ganzt Member ass, agéieren d'EU-State mat enger eenzeger Stëmm fir all EU-Memberstaten, an ëmgedréint wëllt EUROCONTROL nëmme méi mat engem Partner als Gesamt-EU ze dinn hunn.

EUROCONTROL schafft un enger Mise en place vun engem homogënë System wat d'Gestioun vum Flugverkéier ugeet, dem Single European Sky, oder och genannt Ciel unique européen, a couvréiert de ganzen europäesche Kontinent. Domat gi 60% vun den internationale Volen an der Welt vun EUROCONTROL kontrolléiert a gemanaged. Fir dës Missioun erfëllen ze kënnen, beschäftegt EUROCONTROL iwwer 2.000 Experten, déi verdeelt a siwen europäesche Staten sëtzen.

Här President, dëse Projet de loi ass de 7. September 2004 vum Ausseminister déposéiert ginn, mat engem Exposé des motifs an dem Protokoll vun der Adhésioun vun der Europäescher Communautéit

an déi international Konventioun vun der Sécherheetszesummenaarbecht am Flugberäich, wéi gesot EUROCONTROL.

D'Transportkommissioun huet an hirer Sëtzung vum 11. Mee 2005 mech als Rapporteur genannt. An därselwechter Réunioun sinn de Projet de loi souwéi och den Avis vum Statsrot examinéiert ginn. De Rapport ass an der Sëtzung vum 2. Juni 2005 virgestallt an och ugeholl ginn.

Här President, wann Der erlaabt soen ech nach e puer Wierder als LSAP-Fraktiounssprieher. EUROCONTROL huet hei zu Lëtzebuerg um Kierchbierg säin zentrale Centre de formation. Dësen hunn ech mer ugekuckt am Kader vun der Preparatioun zu dësem Projet de loi. Hei schaffe ronn 80 Fonctionnairen. An der Woch sinn tëschent 100 an 200 Studenten aus ganz Europa an Ausbildung zum Air Traffic Controller. Dat mécht ongeféier pro Joer ëm déi 4.000 Studenten. D'Formatioun vun de Contrôleurs am Air Traffic Management dauert dräi Joer.

Interessant ass och nach den ekonomeschen Aspekt, deen de Betrib vum Centre de formation vun EUROCONTROL, den Institute of Air Navigation Services, IANS, um Kierchbierg der Lëtzebuerger Ekonomie erabréngt. Et sinn eppes zéng Millioune Euro, duerch ronn honnert Familljen, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, an zousätzlech 20.000 Hotelsiwwernuechtunge fir d'Leit, déi um Kierchbierg als Air Traffic Controllers ausgebilt ginn.

EUROCONTROL ass allgemeng a ganz Europa zoustänneg fir deen ieweschte Flugraum, also iwwer 28.500 Fouss, dat si 7.500 Meter héich, an huet näischt mat dem Starten a Lande vun de Fligeren ze dinn, wat jo vun deene respektive Flughäfe gemaach gëtt.

Am europäesche Flugraum gëtt et zum Beispill owes um 18 Auer, wat eng sou genannte Spëtzenzäit ass, iwwer 5.000 Flugbewegungen, an an engem ganzen Dag sinn dat der iwwer 30.000. Aner interessant Zuelen, déi ech bei der Visite vun EUROCONTROL um Kierchbierg gewuer gi sinn, sinn zum Beispill, dass an engem Dag ongeféier tëschent 350 a 500 Fligeren am ieweschte Flugraum, also iwwer 7.500 Meter héich iwwer eist Land fléien, déi mir net onbedéngt matkréien.

De Lëtzebuerger Loftraum am Sënn vun EUROCONTROL gëtt zu Maastricht gemanaged. Zu Maastricht huet EUROCONTROL 600 Beschäftegter, déi just zoustänneg si fir de sou genannte Maastrichter Flugraum, dat heescht fir d'Benelux-Länner an Norddäitschland. Während der Formatioun vun de Contrôleure muss een och e praxisorientéiert Joer zu Maastricht verbruecht hunn. De Maastrichter Raum huet am Joer ëm déi 1,4 Millioune Flugbewegungen.

EUROCONTROL huet mat Lëtzebuerg nach keng negativ Erfahrunge gemaach, an eise Flugraum gëllt als sou genannt onproblematescht Gebitt - dat war den Originaltoun via Videokonferenz op Bréissel, déi mer hate mat den Häre Gerhard Stadler, Direkter, a Peter Tannhäuser, Sous-Direkter.

Ech hu mer des Weideren erkläre gelooss, dass EUROCONTROL alles ënnerholl huet fir dass esou eng direkt Kollisioun vun zwee Fligeren, wéi dëst virun e puer Joer iwwert dem Bodensee geschitt ass, net méi méiglech ass. Opgrond vun deem Accident, wou et manifestement zu Malentendue tëschent deenen implizéierten Towere komm ass, hunn d'Fligeren elo e Sécherheetssystem agebaut, deen en dernière instance tëschent zwee Fligeren, déi op Kollisiounskurs sinn, automatesch deen ee Fliger op méi en héije Kurs dréckt, an deen aneren obligatoresch erofdréckt, mat enger genau festgeluechtener Prioritéit fir deen een oder deen anere Fliger, en fonction vun hire respektive Vitessen, Gewiicht, an nach villen anere Parameteren.

Vun dëser Plaz aus wëll ech EUROCONTROL Merci soe fir hir prompt Informatiounen am Kader vun dësem Projet de loi. Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Schank. Här Schank!

***Discussion générale***

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun wollt ech dem honorabele Kolleeg, dem Rosch Negri, Merci soe fir säin detailléierte Rapport an och fir dass en esou conscienciéis war fir sech um Terrain ze informéieren iwwert déi Problematik. Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Zoustëmmung zu dësem Protokoll wäert zur Sécherheet am internationale Flugverkéier bäidroen, an duerfir wollt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet do ginn.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Schank. Als nächste Riedner op der Lëscht ass den honorabelen Här Grethen.

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Här President, wéi mäi Virriedner däerf ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

**M. le Président**.- Merci, Här Grethen. Här Braz!

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wëll och just d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun bréngen zu deem Projet an dem Här Negri Merci soe fir säi gewëssenhafte Bericht.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- D'Regierung huet d'Wuert.

**M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Chamber an deenen eenzelne Fraktioune Merci soe fir d'Ënnerstëtzung an de Vote, dee si de Mëtteg huelen, dee sécherlech dozou wäert bäidroen, dass virun allem d'Kommissioun iwwert de Wee vun dëser Konventioun eng méi uniform Applikatioun vun de Regele ka maachen, a sécherlech och zu enger Stabiliséierung vum Site vun EUROCONTROL hei um Kierchbierg wäert bäidroen.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. D'Ofstëmme fänkt un.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, M. Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Charles Goerens, Henri Grethen et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Projet, dat ass de «Projet de loi concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration…»…

**Plusieurs voix**.- Neen!

**M. le Président**.- Ass et net zu deem Projet? Zu wéi engem komme mer dann?

**Une voix**.- 5396.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Mir huele fir d'éischt de Projet 5396, eng Konventioun iwwert d'Homologatioun vun de Gefierer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo: den Här Grethen an den Här Braz. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel!

## 4. 5396 - Projet de loi portant approbation

**- de la révision 2, entrée en vigueur le 16 octobre 1995, de l'Accord concernant l'adoption de conditions uniformes d'homologation et la reconnaissance réciproque de l'homologation des équipements et pièces de véhicules à moteur, fait à Genève, le 20 mars 1958, et approuvé par la loi du 1er août 1971 (Accord concernant l'adoption de prescriptions techniques uniformes applicables aux véhicules à roues, aux équipements et aux pièces susceptibles d'être montés ou utilisés sur un véhicule à roues et les conditions de reconnaissance réciproque des homologations délivrées conformément à ces prescriptions);**

**- de l'Accord concernant l'établissement de règlements techniques mondiaux applicables aux véhicules à roues, ainsi qu'aux équipements et pièces qui peuvent être montés et/ou utilisés sur les véhicules à roues et des Annexes A et B, faits à Genève, le 25 juin 1998**

***Rapport de la Commission des Transports***

**M. Marc Angel** *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi 5396 geet et doröms, d'Harmonisatioun ze verdéiwe vun den technesche Reglementer aus dem Secteur vun der Automobilindustrie. Mir sollen haut éischtens, déi zweet Revisioun vun engem Accord vum 20. Mäerz 1958 approuvéieren. Deen Accord ass eng éischte Kéier hei zu Lëtzebuerg den 1. August 1971 per Gesetz approuvéiert ginn. Déi zweet Revisioun vum Accord aus dem Joer 1958, déi mer haut unhuelen, ass en vigueur säit dem 16. Oktober 1995.

Konkret geet et doröms, eenheetlech Bedingunge fir d'Homologatioun festzesetzen, an déi géigesäiteg Unerkennung vun der Homologatioun vun Equipementer a vu Stécker oder Ersatzstécker fir motoriséiert Gefierer.

Zweetens solle mer haut och den Accord huelen iwwert d'Opstelle vu weltwäiten technesche Reglementer, wou et, genau wéi am éischte Punkt, och ëm d'Equipementer a Stécker an Ersatzstécker fir d'Gefierer geet.

Dësen zweeten Accord gëtt och Accord parallèle genannt, well en niewent dem Accord vun 1958 a senger Revisioun zwee funktionéiert. Dësen Accord parallèle gouf néideg, fir dass all déi grouss Länner, wou Autoe produzéiert ginn, a wou och Autoe kaaft a verkaaft ginn, kënnen um Prozess vun der Harmoniséierung deelhuelen, an doduerch ginn och déi geographesch Grenze vum Accord de base vun 1958 op.

Dësen Accord parallèle, deen ënnert der Responsabilitéit vun der Commission économique pour l'Europe vun der UNO funktionéiert, gesäit e System vir, deen et erlaabt, technesch Reglementer an e Weltregister anzeschreiwen. D'Zil ass Reglementer ze kréien, déi et erméiglechen, bei der Produktioun vun Autoe Verschiddenes ze verbesseren: éischtens, d'Sécherheet vun den Autoen an de Gefierer, zweetens, hir Ëmweltverträglechkeet, dréttens, en optimalen, niddrege Bensinverbrauch, also e bessere Rendement énergétique, a véiertens och eng besser Sécherung vun den Autoe géint den Déifstal.

Erlaabt mer nach eng Kéier kuerz op den éischten Deel vum Projet zréckzekommen, also op d'Revisioun vum Accord vun 1958. Bei dëser Revisioun geet et doröms, éischtens, de Wonsch fir nach méi ze harmoniséiere wat d'Sécherheet an d'Ëmweltverträglechkeet ubelaangt. Zweetens mécht dës Revisioun den Accord vun 1958 net nëmmen op fir individuell Länner, mä och fir Communautéite vu Länner. Dréttens gesäit déi Revisioun e puer Ännerunge vir wat de Conseil d'administration ubelaangt, deen dësen Accord an der Praxis géréiert. An déi lescht Ännerung ass am Fong den Intitulé. Dir fannt en am Dokument 5396, do steet deen neien Intitulé, deen ale steet nach a Klammeren hannendrun. Ech erspueren lech fir dat elo virzeliesen.

Ofschléissend wollt ech awer nach eng Remarque maachen, déi ech iwwregens och a mengem schrëftleche Rapport gemaach hunn. Ech wollt lech just soen, dass eis SNCH, also eis Société Nationale de Certification et d'Homologation zu Sandweiler, weltwäit ënnert de fënnef éischten Organismes d'homologation figuréiert. Ech fannen dat gutt, ech wollt dat ënnersträichen, an ech wollt ganz zum Schluss den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen.

***Discussion générale***

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Jo, Här President, ech wollt dem Rapporteur félicitéiere fir seng Ausféierungen an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem excellentë Projet bréngen.

**M. le Président**.- Här Braz!

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Déi gréng Fraktioun gëtt och hir Zoustëmmung a seet dem Här Angel Merci fir säi komplette Bericht.

**M. le Président**.- Den Här Schank.

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Jo, Merci un de Kolleeg Marc Angel fir säin detailléierte Rapport, an ech wollt am Numm vu menger Fraktioun den Accord ginn zu dësem Projet.

**M. le Président**.- Den Här Minister Lux.

**M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt virun allem op dee leschte Saz hiweisen, deen den Här Angel gesot huet, fir kloerzemaachen, dass dat eiser Gesellschaft zu Sandweiler nei Méiglechkeete gëtt, an där „success story", déi déi Gesellschaft op deem Gebitt huet, weider Méiglechkeete gëtt, an duerfir sinn ech frou, dass mer dee Projet hei relativ schnell konnte stëmmen.

Merci.

**M. le Président**.- Voilà. Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung vun dësem Projet. De Vote fänkt un.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5396 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Abstentioun a kenger Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet 5355 iwwert den «partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles». Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Negri. Här Negri!

**5. 5355 - Projet de loi concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles**

***Rapport de la Commission de l'Environnement***

**M. Roger Negri** *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun enger effikasser Naturschutzpolitik geet et bei dësem Projet de loi dorëms, dem Naturschutz hei am Land en zousätzlech wëssenschaftlechen Impuls ze ginn duerch d'Promotioun vun dem Partenariat tëschent dem Stat an de Gemengen, via déi respektiv Gemengesyndikater.

Op dësem Wee soll eng legal Basis geschafe ginn, fir den Naturschutz um Terrain besser ze koordinéieren, an dëst kann nëmme geschéie wann de Stat d'Gemengen op eng strukturéiert Manéier abëennt. Heifir gëtt e sou genannten Observatoire fir den Naturschutz vum Stat kreéiert. Den Observatoire huet als Missioun, tëschent dem Stat an den Naturschutzgemengesyndikater, déi jo am Numm vun deenen implizéierte Gemengen handelen, Konventiounen opzestellen, fir de Finanzement vun Naturschutzmoossnamen an de Gemengen ëmzesetzen.

Am Regierungsprogramm huet hei de regionalen Usaz déi absolut Prioritéit fonnt. Mat de regionale Gemengesyndikater kënnt déi „kritesch Mass" zesummen, fir multidisziplinär Equipen ze forméieren, déi à même sinn, komplex Problemer ze léisen. Den Naturschutz muss an Zukunft ëmmer méi op Basis vun enger regionaler Zesummenaarbecht organiséiert ginn. Domat kënnen d'Naturschutzgemengesyndikater regional um Terrain konkreten Naturschutz wëssenschaftlech studéieren, organiséieren an och duerchféieren, an dat Ganzt ënnert der Tutelle vum Ëmweltminister.

Här President, dëse Projet de loi ass den 10. Juni 2004 vum deemolege Statssekretär am Ëmweltministère, dem Här Eugène Berger, déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot datéiert vum 28. September 2004. D'Ëmweltkommissioun huet an hirer Sëtzung vum 3. Mäerz 2005 mech als Rapporteur genannt. An därselwechter Réunioun, souwéi och an der Sëtzung vum 21. Abrëll 2005, sinn de Projet de loi an och den Avis vum Statsrot vun der Kommissioun examinéiert ginn.

Verschidden direkt betraffen Acteuren, wéi de Mouvement écologique, d'Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga, d'NATURA souwéi d'Fierschterassociatioun, hate mir de 24. Mäerz 2005 an d'Ëmweltkommissioun agelueden, fir hir Meenung zu dësem Projet de loi ze héieren. De Rapport ass an der Sëtzung vum 10. Mee 2005 presentéiert ginn an dunn och gestëmmt ginn.

Här President, dëse Projet de loi schreift sech an an de Kader vun den Objektiver aus der Regierungserklärung vun 2004, déi virgesäit: «(…) le Gouvernement mettra en œuvre un partenariat avec tous les acteurs impliqués en la matière (communes et syndicats des communes, ONG, fondations, entreprises, etc.), tout en assurant une coordination nationale.»

De Projet de loi baséiert ebenfalls op enger Motioun, déi d'Chamber am Kontext vum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ugeholl huet. Heidranner gëtt d'Regierung invitéiert, e Projet de loi auszeschaffen, dee Folgendes virgesäit: «prévoyant l'association des communes à la mise en œuvre des objectifs de la future loi; prévoyant le renforcement et l'amélioration du travail scientifique en matière de protection de la nature avec tous les acteurs, tels que le Ministère de l'Environnement et l'Administration des Eaux et Forêts, le Musée d'Histoire naturelle,…»

**Une voix**.- Méi schnell!

**M. Roger Negri** *(LSAP), rapporteur.*- …les communes et syndicats communaux et les associations agissant dans le domaine de la protection de la nature et de l'environnement».

Sou wéi et aus dem Exposé des motifs vum Projet de loi ervirgeet, berücksichtegt de Projet de loi och den Avis, deen de Statsrot de 17. Juni 2003 zum Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 gemaach huet. An dësem Avis hat de Statsrot sech géint d'Schafung vun engem Réseau vu regionalen, wëssenschaftleche Strukturen ausgeschwat. Et waren d'Artikele 64 a 65 vun deem Projet de loi, wat d'Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ginn ass, déi fir Oppositions formelles gesuergt hunn. Deemools ass dunn décidéiert ginn, fir dës zwee Artikelen aus dem Projet de loi erauszehuelen, auszebauen an doraus en neit Gesetz ze schafen, wat mer haut hei virleien hunn.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

De But vun dësem Projet de loi ass also duebel. Éischtens, d'Promotioun vun enger Partnerschaft tëschent dem Stat an de Gemengesyndikater. Et geet dorëms fir d'Gemengesyndikater a Saachen Naturschutz méi staark mat anzebannen. Sou soll eng Struktur geschafe ginn, déi d'Gestioun an d'Koordinatioun géréiert. D'Gemenge mussen a sollen, zesumme mat der Forstverwaltung, Partner vum Ëmweltministère a Saachen Naturschutz sinn.

De Virdeel bei de Gemengen a bei de Gemengesyndikater ass, dass si eng gutt politesch a verwaltungstechnesch Struktur hunn, déi no bei de Leit ass. Dës Partnerschaft gëtt konkretiséiert duerch Konventiounen tëschent dem Ëmweltministère an de Gemengesyndikater, déi am Naturschutzdomän schaffen. Et geet dorëms, fir déi regional Kooperatioun tëschent de Gemengen an der strategescher Planung a Saachen Naturschutz ze verstäerken.

En zweete But vun dësem Projet de loi ass de Renforcement vun der wëssenschaftlecher Démarche a Saachen Naturschutz. D'Entwécklung vun enger effikasser Naturschutzpolitik muss op wëssenschaftlechen Donnéeë baséiert sinn, wou d'Interpretatioun heivunner fir eng zukünfteg strategesch Orientatioun nëtzlech ass. D'Natura 2000 brauch um Terrain e gudden, wëssenschaftleche Suivi. Déi wëssenschaftlech Aarbecht muss verstäerkt an och verbessert ginn.

Tëschent all deene bedeelegten Acteuren an dësem Domän, dem Ëmweltministère, der Forstverwaltung, dem Naturmusée, de Gemenge via Gemengesyndikater an den Naturschutzorganisatiounen, muss eng verbessert Koordinatioun gemaach ginn. Dëse Projet huet als Zil, dës aktuell net esou gutt Situatioun ze verbesseren. Dozou soll deen nei ze schafenden Observatoire de l'Environnement naturel bäidroen. Dëst soll en Organe consultatif sinn, dat chargéiert ass fir d'Aktiounen am Naturschutzberäich ze promouvéieren.

Deen nei geschafenen Observatoire, deen eng jährlech Dotatioun aus dem Statsbudget kritt, huet folgend Missiounen:

- «de constater l'état de conservation de la diversité biologique;

- de proposer des recherches et études en matière d'environnement naturel;

- de proposer un programme d'actions concrètes à réaliser par l'État et les syndicats;

- d'évaluer les mesures réalisées par l'État et les syndicats;

- de rédiger tous les deux ans un rapport circonstancié sur la politique en matière d'environnement naturel et sur la mise en œuvre de cette politique au niveau étatique et communal;

- de suivre la mise en œuvre du plan national concernant la protection de la nature;

- de saisir le ministre des projets, actions et mesures susceptibles de promouvoir la protection de l'environnement naturel.»

Am Artikel 4 steet, dass d'Vertrieder am Observatoire jeeweils fir dräi Joer vum Minister genannt ginn. Dëst sinn all Kéiers zwee Vertrieder vum Ministère de l'Environnement, vun der Administration des Eaux et Forêts, dem Musée national d'Histoire naturelle souwéi ee Représentant vun der Université du Luxembourg, ee vun de Gemengesyndikater, an dann nach dräi Vertrieder aus den Naturschutzorganisatiounen an dräi Wëssenschaftler, déi an der Erhalung vun der biologescher Vielfalt spezialiséiert sinn.

D'Presidentschaft vum Observatoire gëtt ofwiesselnd vun engem Vertrieder aus dem Ministère an aus de Syndikater gemaach. D'Sekretariat gëtt vun engem Représentant aus dem Ministère aussuréiert. Déi genee Organisatioun an de Fonctionnement ginn an engem groussherzogleche Reglement preziséiert. D'Partenariat an Naturschutzprojete vum Stat mat de Gemengesyndikater dréckt sech wéi gesot a Form vu Konventiounen aus, déi vum Ëmweltminister ausgeschafft ginn.

Dës Konventioune kënne folgend Missiounen op kommunalem, awer virun allem och op regionalem Plang beinhalten:

a) «la collecte de données scientifiques et leur transmission aux autorités supérieures compétentes;

b) l'élaboration et la mise en œuvre de mesures de protection et de gestion de l'environnement naturel à partir des orientations de l'observatoire;

c) la promotion des programmes relatifs à la conservation de la diversité biologique;

d) la sensibilisation des communes membres et de leurs habitants.»

All déi Missiounen, déi duerch Konventiounen arrêtéiert ginn, ginn tëschent 50 an 100% vum Stat cofinanzéiert. Et gëtt am Ëmweltministère och e Comité de coordination geschaf. Dëse Comité huet d'Aufgab fir d'Kohärenz an d'Koordinatioun tëschent de Programmer an de realiséierten Aktivitéite vun de Syndikater am Kader vun de Konventiounen ze assuréieren.

Dëse Comité besteet aus:

- zwee Vertrieder aus dem Ëmweltministère, wouvun een de President stellt;

- zwee Vertrieder aus der Forstverwaltung, wouvun een de Sekretär stellt;

- engem Vertrieder aus dem Musée national d'Histoire naturelle;

- an engem Vertrieder aus deene respektive Gemengesyndikater.

Dës Vertrieder gi vum Minister op dräi Joer genannt.

Här President, ech hunn dëst am Detail gesot fir ze weisen, dass all d'Acteuren aus der Naturschutzzeen an dëse Projet de loi implizéiert sinn, an de Stat domat, wéi Der un der Zesummesetzung vun dësem Gremium gesitt, den Naturschutz net aus der Hand gëtt. Hei soll elo konstruktiv Aarbecht op där enger Säit tëschent dem Stat a senge Verwaltungen, an op där anerer Säit de Gemengesyndikater mat de Gemengeréit an de Gemengeverwaltunge gemaach ginn.

Och ass et wichteg, dass mer engersäits Naturschutz vun uewe maachen, via den Ëmweltminister an d'Forstverwaltung, mä op där anerer Säit soll a muss awer och Fräiraum bleiwen, fir den Naturschutz vun ënnen um Terrain ze maachen, dëst an enger Symbios ënner enger reglementéierter, mä räsonnabler Form. An deem Sënn ass dëst Partenariatsgesetz e wichtege Schrëtt zu engem méi kooperativen an zilorientéierten Naturschutz.

Dëst Partenariatsgesetz kreéiert also elo eng legal Basis fir esou finanziell Mëttele fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater fräizemaachen an domat hire Stellewäert fir den Naturschutz ze ënnermaueren. Domat zéien d'Gemengesyndikater an engem gewësse Sënn elo no, wat d'Fondatiounen aus dem Naturschutz schonn am Naturschutzgesetz vum 29. Januar 2005 via d'Artikele 54 an 63 kritt hunn an do kloer als Partner vum Stat definéiert gi sinn, an och déi finanziell Mëttele kréien. Ech hu mer am Detail déi verschidde Budgetsartikelen an Ënnerbudgetsartikelen erausgezunn, an ech mengen, do wär kee Grond sech ze bekloen.

Gradsou kloer muss awer d'Rolleverständnis vun deene verschiddenen Acteure gesi ginn, wou d'Décisiounskraaft bei der öffentlecher Hand läit, an un éischter Stell bei de gewielte Mandatairë vu Stat a Gemengen, am Zesummeschaffe mat deene respektive Verwaltunge vu Stat a Gemengen.

D'Stëftunge kënnen also net gläichgestallt gi mat der öffentlecher Hand vu gewielte Mandatairen, dëst am Sënn vum Subsidiaritéitsprinzip fir d'Grondsätz vun eiser Demokratie ze respektéieren. Dofir sinn d'Stëftungen awer an d'Décisiounsprozesser agebonnen. Et kritt also keen eppes ewechgeholl. Am Géigendeel, et kënnt elo méi op all d'Acteuren zou, well den Naturschutz méi konsequent a méi breet ugepaakt gëtt, woubäi awer d'Hierarchie an de Kompetenzen agehal gëtt.

Et ass also domat ze rechnen, dass elo am Naturschutz eng nei Dynamik entsteet, wou éischter méi Aarbecht an Opträg ufalen. Dofir sollen d'Bureau-d'études och dat positiv gesinn. Well et kann och net esou sinn, dass d'Leit mat akademeschen Diplomer fir d'Gemengesyndikater ënner A.s.b.l.-Form schaffen, wéi dat scho bal all bénévole Associatioun huet, dës Leit am Naturschutz hir wëssenschaftlech Aarbecht all Dag mat groussem Asaz maachen, ouni awer eng tant soit peu existenziell Ofsécherung fir sech an hir Familljen ze hunn.

Ech wëll awer och gradsou däitlech soen, dass mat dësem Gesetz eng konstruktiv Zesummenaarbecht tëschent de Leit am Naturschutz an an der Landwirtschaft onbedéngt muss opgebaut ginn. All impliziéiert Leit mussen sech an engem „Forum" zesummefannen, an an aller Sachlechkeet sech de Froe stellen, wéi den Naturschutz an Zukunft soll hei am Land orientéiert ginn. An dëst awer och am Aklang mat den neien Erausfuerderunge vun de Baueren am Kader vun der sou genannter „cross compliance".

Dobäi soll net vergiess ginn, dass grad just d'Baueren et sinn, déi am meeschten dobaussen an der Natur schaffen, an dofir muss den Naturschutz och mat hinnen déi néideg an déi richteg Kompromësser sichen.

Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marco Schank.

***Discussion générale***

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt un éischter Stell, déi zweete Kéier fir haut, dem honorable Kolleeg Roger Negri Merci soe fir säin detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport, ee Rapport, deen iwwregens eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl ginn ass.

Här President, haut de Mëtteg stëmme mer iwwer e Projet de loi of, mat verschiddenen Dispositiounen, déi a mengen Aen d'lescht Joer, am Januar 2004, wéi mer d'Naturschutzgesetz gestëmmt hunn, den Agank schonn hätte kënne fannen an dat Gesetz. Deemools hate mer an der Ëmweltkommissioun zwee Amendementer ausgeschafft.

Éischtens, d'Zesummenaarbecht tëschent Stat a Gemengen a puncto Naturschutz. Zweetens, e wëssenschaftlechen Naturschutz mat alle concernéierte Partner. Also genau deen Objet, dee mer haut hei am Projet erëmfannen. Leider huet de Statsrot deemools eis Meenung - meng Meenung an Iddien - net gedeelt, an esou ass et dozou komm, dass déi héich Kierperschaft dës zwee Amendementer negativ aviséiert huet, mat enger Argumentatioun, déi ech perséinlech och haut nach nëmme schwéier kann novollzéien.

Well mer awer am Januar vum leschte Joer - de Rapporteur huet drop higewisen - d'Gesetz iwwert den Naturschutz wollten zur Ofstëmmung bréngen, hu mer aus Zäitknappheet - am Hibléck op den zweete Vote am Zesummenhang mat enger Opposition formelle - an der Ëmweltkommissioun décidéiert, dës zwee Artikelen op der Säit ze loossen.

Am Géigenzuch hu mer d'Regierung deemools iwwer eng Motioun invitéiert, d'Gemengen an d'Mise en oeuvre vun deem Naturschutzgesetz ze associéieren, ëmsou méi an dem Gesetz vun 2004 d'Gemengen net virkommen, a gläichzäiteg natierlech och de wëssenschaftlechen Naturschutz mat alle Partner virzegesinn. An ech muss soen, dass deemools den Ëmweltminister Charles Goerens an och de Statssekretär Eugène Berger Wuert gehalen hunn an nach virun de Chamberwahlen d'lescht Joer en entspriechenden Text virgeluecht hunn.

Här President, d'Resultat vun dëse Revendicatioune fanne mer haut, wéi gesot, an dësem Projet de loi erëm, mat deenen zwee prezisen Objektiver. Éischtens, d'Promotioun vun dem Partenariat tëschent Stat a Gemengen, Gemengesyndikater virun allem. Dat ass wichteg, déi Nuance. An d'Stäerkung vun der wëssenschaftlecher Virgehensweis a Saachen Naturschutz.

Schonns a menger Interventioun d'lescht Joer am Kader vum Naturschutzgesetz…

**Une voix**.- 2003.

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- … - 2003 hu mer nach gestëmmt, et war Dezember - …

**Une voix**.- Jo.

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- …hunn ech gesot, dass en integréierten Naturschutz zu Lëtzebuerg nëmmen da méiglech ass, wa virun allem de Stat an d'Gemengen zesummeschaffen. Duerch dëse Gesetzesprojet ginn deemno definitiv d'Gemengesyndikater an deen Objektiv do agebonnen. Dëst ass ëmsou méi wichteg, well et eis Gemengen an och eis Gemengesyndikater sinn, déi an de leschte Joren net eleng, mä virun allem och eng enorm Virreideraarbecht geleescht hunn, wat konkret den Naturschutz um Terrain ubelaangt.

Ech erënneren an deem Kontext och un déi fënnef biologesch Statiounen, déi no an no entstane sinn, déi an Zesummenaarbecht mat Gemengesyndikater eng gutt Aarbecht maachen, wat konkret den

Naturschutz, a virun allem och wëssenschaftlechen, fundéierten Naturschutz ubelaangt.

An de Konventiounen tëschent dem Ëmweltministère an deenselwechte Gemengesyndikater sinn d'Missiounen an d'Prestatioune ganz däitlech festgeschiwwen. Ech ginn Iech just véier, fënnef Beispiller:

- Naturschutzprojete fir déi jeeweileg Membergemengen, déi do geleescht ginn. Zum Beispill d'Exekutioun vu Plans verts, d'Konservatioun vun Espèces menacées, d'Revaloriséiere vun Terrainen;

- da virun allem awer och, wat a mengen Ae ganz wichteg ass, d'Sensibiliséierung vun der Bevölkerung op deem jeeweilegen Territoire;

- awer och d'Sensibiliséierung vun de Propriétairen an den Exploitantë vun Terrainen an der Zone Verte, well et ganz wichteg ass, dass Naturschutz e positiivt Bild huet no baussen;

- dernieft awer och schaffen déi Statioune fir Prestatioune fir de Ministère direkt mat zum Beispill der Kollekt vu wëssenschaftlechen Donnéeën;

- dobäi kommen d'Opstelle vu Régimes d'aide an Zesummenhang mat der Erhalung vun der Biodiversitéit;

- oder och d'Hëllefstellung bei Gestiounspläng am Kader vum Réseau Natura 2000.

Här President, ech wëll an deem Zesummenhang besonnesch nach eng Kéier op d'Virdeeler vun dëser Virgehensweis hiweisen. Et si virun allem d'Gemengen an hir Responsabel, déi ganz, ganz no bei hire Biergerinnen a Bierger sinn, Dag fir Dag, an domat och ganz no bei de Propriétairen a bei den Exploitanten, bei de Baueren, ënner anerem, wat e kontraktuellen an domat en effikassen an nohaltegen Naturschutz ereischt richteg méiglech mécht.

D'Partnerschaft tëschent Stat a Gemengen, Gemengesyndikater, gëtt duerch dëse Projet de loi gestäerkt, an zwar ënnert der Form, wéi ech gesot hunn, vu Konventiounen, déi de Ministère mat de jeeweilege Syndikater mécht. Den Naturschutz hält jo bekanntlech och net viru Gemengegrenze stall, mä e muss, wann e wëllt nohalteg sinn, regional gekuckt ginn.

Mir kréien deemno eng Kommunaliséierung vum Naturschutz a souguer eng Regionaliséierung vum Naturschutz, deen a mengen Aen eng zesummenhängend, wëllt soen interkommunal Aarbecht méiglech mécht, an domat eben d'Viraussetzung schaaft, fir en effikassen, flächendeckenden Naturschutz. Eenzel Gemenge kënne weider staatlech iwwert de „Fong fir de Schutz vun der Ëmwelt" ënnerstëtzt ginn, wa se nei Projeten a Saachen Naturschutz wëlle realiséieren.

Wat elo d'Konventiounen tëschent Stat a Gemengesyndikater ugeet, esou gëtt do ganz kloer festgehalen, wéi eng Missiounen dann eenzel um Niveau Naturschutz gemaach ginn, awer och wéi de Finanzement fir déi eenzel Missiounen do leeft. Fir dass d'Kohärenz an d'Koordinatioun tëschent de verschiddenen Aktivitéite geséchert ginn, déi d'Syndikater am Kader vun deene Konventiounen do ofwéckelen, gëtt e Comité de coordination agesat, wou d'Vertrieder vun alle Partner am Naturschutz vertruede sinn: Ministère, Eaux et Forêts, Naturmusée, Syndikater. Dëse Comité ass dem Ministère ënnerstallt a soll d'Ëmsetzung vun der Lëtzebuerger Ëmwelt- an Naturschutzpolitik iwwerwaachen.

Wichteg ass an deem Kontext nach eng Kéier ze soen, dass déi Partnerschaft iwwerhaapt net d'Kompetenzen an d'Missioune vun der Forstverwaltung a Fro stellt, mä am Géigendeel gëtt duerch hir Presenz am Comité de coordination hire Rôle, dee se jo an der Ëmsetzung vun der nationaler Natur- an Ëmweltschutzpolitik ze spillen huet, éischter nach gestäerkt. Ech wëll och ervirhiewen, dass duerch dëse Projet déi verschidde regional Initiativen, wéi gesot biologesch Statiounen, endlech eng legal Basis kréien. Deelweis fonctionnéieren se vun 2002 un. An deelweis sinn och an deene Gemengesyndikater Leit agestallt ginn, et sinn Infrastrukturen a Material ugeschaaft ginn.

En zweete Punkt vum Projet de loi 5355 betrëfft, wéi scho gesot, d'Stäerkung vun der wëssenschaftlecher Virgehensweis a Saachen Naturschutzpolitik. D'Ëmsetzung vun enger effikasser Naturschutzpolitik ass a mengen Aen nëmme méiglech, wa se op fiablen, wëssenschaftlechen Donnéeë baséiert. Den Naturschutz zu Lëtzebuerg kënnt definitiv - dat hu mer schonn des Ööfteren hei uewe gesot - net derlaanscht, seng Politik a Prioritéiten opgrond vu wëssenschaftleche Fakten ze definéieren.

Et kënnt derbäi, dass mer eis verflicht hunn, bei der Ëmsetzung vum Réseau Natura 2000, den Erhalenszoustand vun deene verschiddenen Habitatszonen an och -aarten an Zukunft ze iwwerwaachen an an engem Sechsjoresrhythmus en detailléierte Rapport un d'Europäesch Kommissioun ze iwwermëttelen.

Dësen Obligatioune kënne mer awer nëmmen duerch d'Stäerkung vun esou enger wëssenschaftlecher Aarbecht am Beräich Naturschutz gerecht ginn, a virun allem och duerch eng verbessert Koordinatioun an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Acteuren, déi um Terrain aktiv sinn.

Fir elo an där aktueller Situatioun, wou mer eis befannen, méi effizient ze schaffen, gëtt ënnert der Autoritéit vum Ëmweltministère en Observatoire de l'Environnement naturel geschafen - dat ass virdru vum Rapporteur scho gesot ginn -, deem seng Missioun et ass, de wëssenschaftleche Suivi an d'Koordinatioun vun den Aarbechten a Saachen Environnement naturel ze iwwerwaachen an och ze begleeden. Ausserdeem kann en och konkret Aktiounsprogrammer proposéieren, déi da vum Stat an de Syndikater mussen ëmgesat ginn. Dir gesitt, duerch dësen Outil gewanne mer mat Sécherheet u Stäerkt am Lëtzebuerger Natur- an Ëmweltschutz.

Deen eenzege Schéinheetsfeeler an der Zesummesetzung vun dësem Observatoire ass deen, dass d'Syndikater insgesamt nëmmen ee Vertrieder doran hunn. Meng Fraktioun war awer der Meenung, wéi anerer och, dass een dowéinst net nach eng Kéier soll de Vote vun dësem Projet erauszögeren, well mer schonns vill Zäit verluer hunn an deem Kontext an een net weess, wat geschitt, wann een erëm vu vir ufänkt.

Här President, zum Schluss nach e puer Bemierkungen am Kontext vun enger Rei vun Ängschten, déi ech respektiv meng Fraktioun eigentlech net kënnen deelen. Et gëtt eng ONG, et gëtt der och nach vläicht méi, déi Angscht huet well se mengt, an dësem Projet net berücksichtegt ze sinn, Angscht huet fir Aarbecht ze verléieren ënner Ëmstänn.

Ech wollt dofir awer drun erënneren, dass am Projet vum Naturschutzgesetz, dee mer 2003 gestëmmt hunn, am Artikel 63 all déi relevant ONGen, déi am Naturschutzgesetz aktiv sinn, d'Méiglechkeet kritt hunn, un der Aktioun vun den öffentlechen Organismen, dat heescht Stat, awer och Gemengen, ze participéieren an och Suen duerfir kënne kréien. A mengen Aen ass et kloer an däitlech: Et gëtt duerch dëst Gesetz net manner Aarbecht am Naturschutz zu Lëtzebuerg, et gëtt der däitlech méi!

Och d'Forstverwaltung huet hir Ängschten ausgedréckt virun enger Zersplitterung vun den Zoustännegkeeten am Beräich Naturschutz, respektiv dass d'Gemengesyndikater an och privatrechtlech Ëmweltvereenegunge staatlech Befugnisser géifen iwwerdroe kréien. Den Artikel 11 am Gesetz gesäit iwwer Règlement grand-ducal d'Viraussetzung vir, dass d'Forstverwaltung e wichtege Rôle bei der Verdeelung vun deene Missiounen iwwerhëlt, mat a mengen Aen neie Befugnisser.

An esou fonctionnéiert et jo och an der Praxis bei de Stations biologiques, well déi Statiounen, déi fonctionnéiere jo schonns zënter e puer Joer, a si fonctionnéiere gutt zesummen, ech soen däitlech, zesummen, an nëmmen zesumme mat der Forstverwaltung. D'Beispill vun der Uewersauer, do wou d'Waasser nach méi propper ass,…

***(Interruptions)***

…do fonctionnéieren d'Stations biologiques vum Naturpark zesumme mat der Forstverwaltung,…

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- ...Heischtergronn!

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Ech invitéieren Iech an de Stauséi schwammen ze kommen, Här Gira, deemnächst. Do kann een och mam Kanu fei fueren, am Stauséi.

***(Interruption)***

**M. le Président**.- Här Gira, wëllt Der eng Fro stellen, wann ech gelift?

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, et ass alles gesot zu deem Thema.

***(Hilarité)***

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Ech wollt awer duerfir nach eng Kéier ganz däitlech soen, dass d'Partenariat vun allen Acteure bis elo d'Stäerkt vum Lëtzebuerger Naturschutz war an och muss bleiwen.

Mäi Credo ass deen - ech hunn et ganz dacks scho gesot, net nëmmen an der Chamber -: Wierksamen Naturschutz kann nëmmen zesumme mat alle Partner geschéien. An dobäi huet och all Partner seng Roll ze spillen, well all Partner huet seng jeeweileg Stäerkten - dat ass och ganz wichteg ze soen -: de Ministère, d'Forstverwaltung an déi aner Administratiounen, d'Gemengen, d'ONGen, wéi de Mouvement, d'Natur- a Vulleschutzliga, d'Fondatiounen, den Naturmusée, an och d'Bureau d'études.

Ech wollt och eppes zu de Bureau d'étudë soen, déi am Naturschutzberäich schaffen, dass ech hir Angscht net deele fir Aarbecht ze verléieren, ganz am contraire. De Contraire wäert de Fall sinn, dass mat dësem Gesetz, dass mat där wëssenschaftlecher Démarche zousätzlech Aarbecht entsteet, an dass domat och zousätzlech Aarbechtsplazen entstinn. Ech hoffe just, dass duerch déi ganz Diskussioun ëm dëst Gesetz, déi mer jo och schonn d'lescht Joer haten, genau dëst Stäerkt vum Lëtzebuerger Naturschutz, nämlech d'Zesummewierke vun all de Partner, net a Fro gestallt ass. Ech mengen, dass definitiv keen dat ka wëllen.

Dofir, Här President, sinn ech der Meenung, dass mer haut de Mëtteg e gutt Gesetz stëmmen, an ech wollt zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun dozou ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Schank. D'Wuert huet elo den honorabelen Deputéierten Emile Calmes.

**M. Emile Calmes** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass bal alles gesot wat hei ze soen ass. Duerfir warnen ech Iech elo schonn, datt meng Interventioun hei net ganz laang wäert daueren. Et ass och drop higewise ginn, datt dat Gesetz, wat mer haut hei diskutéieren, awer dach schonn e relativ laange Baart huet.

Richteg ass, datt et zréckgeet op de 5. November 2002, wéi mer an der zoustänneger Ëmweltkommissioun, där ech deemools d'Éier hat virzestoen, awer an enger relativ grousser Unanimitéit, zwar mat verschiddenen Nuancë säitens de Sozialisten an de Gréngen, deemools zwee Amendementer presentéiert hunn, ënnert der Form vun den Artikele 64 a 65, wou mer deemools de wëssenschaftleche Suivi am Naturschutz wollten an d'Gesetz materanhuelen, an dat neit Naturschutzgesetz, wat mer deemools grad diskutéiert hunn, an och de Partenariat tëschent dem Stat an de Gemenge wollte festegen.

Leider koum ee Joer méi spéit, dat heescht am November 2003, säitens dem Statsrot eng Opposition formelle op béiden Artikelen. Et ass gesot ginn, datt de Statsrot sengerzäit déi Opposition formelle do ervirbruecht huet, mä et huet een och an där Opposition formelle awer d'Handschrëft vun der Forstverwaltung vun deemools gelies, déi deemools eng grouss Solidaritéit mat der Associatioun vun de Fierschteren un den Dag bruecht huet, well si deemools - zu Onrecht, mengen ech dach awer - gefaart hunn, et géif een op hir Platebandes do trëppelen an hir Missiounen do streideg maachen. Missiounen, déi si awer ni esou an deem Sënn a mat aller Konsequenz duerchgezunn hunn, wéi si dat selwer gemengt hunn.

Et ass och net well mer deemools wollten de Schwanz bäizéien oder kal Féiss kritt hunn, fir déi zwee Artikelen net ze stëmmen. D'Ursaach war ganz einfach, well mer schonn als Lëtzebuerger Stat 1999 eng Mise en demeure kritt haten. 2001 hu mer een Avis motivé kritt, a schlussendlech si mer 2003 op den Europäesche Geriichtshaff zitéiert ginn, an et war du jo net méi fir ze spaassen. Dunn hu mer dann décidéiert, déi zwee Artikelen ewechzeloossen an d'Gesetz duerchzezéien, ënnert der Konditioun, datt mer bei den Debatten am Dezember hei 2003 eng Motioun gestëmmt hunn, mat där mer d'Regierung invitéiert hunn, nach virum Enn vun der Legislaturperiod e Gesetz ze presentéieren, wat deem géif Rechnung droen, wat mer deemools dach awer unanime an eiser Ëmweltkommissioun wollten.

D'Regierung - an de Rapporteur, mä Virriedner, huet dat jo hei gesot -, den deemolege Minister huet den 10. Juni dat Gesetz hei presentéiert. Domadder ass dat e Gesetz vun der viregter Regierung, a kee besser wéi de Président-rapporteur, Member vun der LSAP-Fraktioun, hätt dës Argumenter kéinte besser virbréngen, wéi hien dat gemaach huet. Mir kënnen déi Argumenter nëmmen deelen, an domat wëll ech just ënnerstraichen, datt hien domat Recht huet, datt et awer ganz wichteg ass, datt d'Gemengen e Rôle am Naturschutz hei spillen.

Kee besser wéi d'Gemengen, an net nëmmen am Naturschutz, och an anere Saachen, kann déi Aufgaben do gutt erfëllen, well si no beim Bierger dat kënne maachen, zesumme mam Bierger dës Aufgaben erfëllen. Ganz einfach well se d'Sensibilitéite kennen an oft net d'Belaaschtung vum Fierschter hu fir och musse Verbueder iwwer aner Gesetzer auszespriechen, wou dach awer de Fierschter Restriktiounen huet, well en och heiansdo Protokoller muss maachen. Mir als Gemengen hunn dat Recht net. Duerfir mengen ech ass et scho richteg, datt mer dee Wee hei ginn op där enger Säit, op där anerer Säit awer och de wëssenschaftleche Suivi garantéieren an deem Sënn, datt ee muss wësse wat ee schützt.

Ech mengen allze oft kréie mer dobausse vun deene Leit, déi um Terrain schaffen, virgeworf, datt mer net wëssen, wat fir Mouken oder Vullen oder wat och ëmmer mer do schützen. Ech mengen et ass wichteg, datt mer d'Evolutioun am Naturschutz kennen, wësse wat mer schützen. An deem Sënn sinn déi zwee al Artikelen, déi an deem Gesetz hei erëmgeholl gi sinn, dach scho ganz wichteg.

Et soll een awer och vläicht drop oppassen - op dat ass och schonn higewise ginn - wann déi Syndikater hei schaffen oder deen Observatoire hei schafft, dach awer elo net erëm nei Waasserkäpp ze produzéieren. Ech mengen et gëtt dach awer genuch Leit, déi d'Kenntnisser hunn. Et gëtt Privatfirmen, déi an deem Beräich schaffen. Et gëtt och ONGen, déi an deem Beräich schaffen. Mir sollen eis wierklech op hir Kenntnisser an hiert Wëssen zréckberuffen, ouni awer hei allze vill Leit an deene Syndikater, an deene Mouvementer elo anzestellen. Dat wier net gutt. Dofir och een Appel, och op d'Privatwirtschaft hei zréckzegräifen. Do sinn och Leit, déi dat kënne maachen a mir produzéieren net onnéideg Waasserkäpp.

***(Interruption)***

Här President, ech wollt dem Minister soen, datt d'Naturschutzgesetz, wat nach wie vor e gutt Gesetz ass, an der Zwëschenzäit iwwer ee Joer a Kraaft ass. Dat Gesetz schéngt jo an der Rei ze sinn, bis op eng Partie Artikelen, den Artikel 17 zum Beispill.

Et gëtt awer och nach aner Artikelen, wou de Ministère, mengen ech, sech ganz oft schwéier deet - net well et de Ministère ass -, fir Genehmegungen erauszeginn. Dat dauert awer ganz laang, ass dacks ganz kompliziéiert, well de Minister do oft op seng Leit um Terrain ugewisen ass. Ganz oft mécht een d'Erfahrung, datt do ganz arbiträr Avisën zustane kommen, déi ganz einfach d'Meenung si vun eenzelne Leit.

Ech mengen, datt de Ministère dach awer eng Kéier - dat ass e Problem, dee schonn ural ass, deen net nei ass - gehalen ass, do eng Partie Regelen auszeschaffen a vläicht a Form vu Circulairë bekannt ze maachen, u wat datt en sech wëllt halen, fir d'Prozedur vun eiser Missioun dach awer méi kuerz ze maachen.

An de Gemenge wësse mer, datt oft Schwieregkeete sinn, do duerch de Bësch ze kommen, datt d'Leit dach awer d'Flemm kréien oder d'Nerve verléieren, wann dat esou laang dauert, an oft ganz gelungen Interpretatiounen do mussen hierhalen, fir eppes dann net ze genehmegen.

An deem Sënn wollt ech da selbstverständlech, well et jo eist Gesetz ass, och den Accord zu dësem Gesetz hei bréngen an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Gira.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng haten d'Naturschutzgesetz am Dezember 2003 net gestëmmt, well hirer Meenung no an deem Gesetz zwee Problemer net zefridde stellend geléist waren: éischtens, d'Roll vum kommunalen Naturschutz an d'Feele vun enger gesetzlecher Basis, an zweetens, déi wëssenschaftlech Basis fir den Naturschutz insgesamt. Mat deem Gesetz vun haut ginn déi zwee Problemer geléist. Deen éischten zefridde stellend an eisen Aen, deen zweeten awer manner zefridde stellend.

Zum éischte Punkt. Mir sinn zefridden, dass endlech eng gesetzlech Basis fir de kommunalen Naturschutz geluecht gëtt. Als Vizepresident vum Sicona-Centre weess ech selwer, wéi eng wichteg Roll esou Strukture fir e systemateschen, flächendeckenden an op wëssenschaftlechen Donnéeë baséierenden Naturschutz spillen. An därselwechter Fonctioun verstinn ech och wierklech net déi Ängschte vun der Forstverwaltung, hei géing een op hir Plate-bandes treppelen, hei kriten si d'Hoheitsrecht iwwert den Naturschutz ewechgeholl.

Ech si perséinlech der Meenung, dass et de Géigendeel ass, dass d'Aktivitéit vun der Forstverwaltung a vun de Fierschteren absolut complémentaire kann a muss sinn zu deem, wat esou Naturschutzsyndikater maachen. Duerfir mengen ech muss et och kloer ginn, dass déi Saache complémentaire sinn, an net een deem anere Steng an de Wee leet. Well esou vill Leit gëtt et insgesamt an deem Land hei net, déi iwwerhaapt der Meenung sinn, dass Naturschutz eng wichteg Roll ze spillen huet.

Ech géing och duerfir de Minister bieden, dass en hëlleft, dass dee Klengkrich, deen dobaussen an deem dote Beräich nach ëmmer existéiert, ophält. Elo wou mer definitiv eng kloer Situatioun hunn, mengen ech wier et dréngend noutwendeg, dass hie vläicht déi jeeweileg Partner un de ronnen Dësch rifft, fir dass mer ee fir alle Mol klären, dass hei keng Kompetenzschwieregkeete sinn, mä de Géigendeel, dass mer alleguerte kënnen zesummen am Intérêt vum Naturschutz an der Biodiversitéit e wichtege Bäitrag leeschten.

Manner zefridde si mer awer, Här President, mat der Manéier, wéi de Problem vun der wëssenschaftlecher Basis fir e kohärenten Naturschutz geléist ginn ass. Amplaz vun deem geplangten Observatoire hätte mir vill léiwer - an dat vun Ufank un, well ech awer och betounen - en Établissement public gesinn, mat engem kloren Organigramm, mat kloer zougewisene Kompetenzen, mat dezentralen, flächendeckende Strukturen, mat haaptamtleche Mataarbechterinnen a Mataarbechter, an do dernieft mat engem wëssenschaftleche Bäirot.

Mir ginn dat Gefill net lass, dass deen Observatoire, deen elo hei geschafe gëtt, awer eng Zwitterstruktur ass, a ganz rar huet een Zwitterstrukturen erlieft, déi wierklech herno gutt fonctionnéieren. Et schéngt eis wéi wann deen Observatoire hallef wëssenschaftleche Bäirot wier, hallef awer och Koordinatiounsorgan vun der nationaler Naturschutzpolitik.

Mir sinn der Meenung, dass et deem Observatoire net liicht wäert falen, seng villfälteg Aufgaben a Missiounen ze erfëllen, wann ee bedenkt, dass dat awer niewenamtlech Membere vun deem Gremium sinn. Déi Leit hunn nach wierklech vill aner Saachen an hirem Liewen ze dinn, wéi wierklech hei permanent an deem Observatoire ze tagen.

Et ass eis och net ganz kloer, wéi et elo kuerzfristeg soll geléngen, e flächendeckend Netz vu biologesche Statiounen opzebauen. Awer net nëmme flächendeckend, mä och Statiounen, déi wierklech ähnlech strukturéiert sinn, déi ähnlech organiséiert sinn, mat ähnlech gelagerte Fachleit. Wann ech gutt am Bild sinn, ass dat am Moment schonn net méi de Fall, a mir riskéieren, wat nach méi esou Statioune stinn, dass d'Disparitéit tëschent deem, wat do d'Uspréch sinn, an deem, wat geleescht gëtt, wierklech ausernee geet. Mir froen eis, ob et net eng Saach vun der Onméiglechkeet gëtt, dass éierenamtlech Leit eigentlech dësen haaptberuffleche Strukture solle soen, wat se sollen an hirem alldeegleche Beruffsliewe maachen. Hei sinn also nach eng ganz Rei Froen op.

Och si mer wierklech awer guer net frou, wéi d'Kompositioun vun deem Observatoire ass. Mir hunn intensiv duerfir plädéiert, fir dass awer wierklech méi wéi ee Représentant vun deenen Naturschutzsyndikater an deem Observatoire ass. Mir sti bestëmmt net am Verdacht, eppes géint d'ONGen ze hunn, mä ech fannen et awer net normal, wann et dréms geet, déi national a kommunal Naturschutzstrategie ze definéieren, dass mer e Gremium hunn, wou dräi ONGe sëtzen an awer nëmmen ee Représentant vun den Naturschutzsyndikater. Mir gesinn do eng Rei Problemer.

Éischtens kennen ech keng Prozedur, wéi ee legal soll dozou kommen, dass véier, fënnef Gemengesyndikater een eenzege Représentant sollen designéieren. Ech wier frou wann ee mer heibannen, oder vläicht de President vum Syvicol, mer kéint en Text bréngen, wou drasteet: Wéi komme fënnef Gemengesyndikater zu engem legale Représentant an engem Gremium. Ech kenne keng Prozedur. Vläicht kennt hien eng.

An da wëll ech awer och soen, dass d'Naturschutzproblematik dobaussen am Land deelweis ganz ënnerschiddlech ass. Et ass en Ënnerscheed, ob een am Réidener Kanton, engem intensiven Agrarland, schafft an Naturschutz wëllt bedreiwen, oder op den alen Dagebaugebidder am Süden. Et ass en Ënnerscheed, ob ech am Naturpark Our sinn, oder laanscht d'Musel.

Ech fäerten awer, dass, wann et elo dréms geet, eng national Naturschutzstrategie ze definéieren, op där enger Säit jo déi Acteuren um Terrain déi Naturschutzsyndikater brauchen, an da vun deene villen, aus ënnerschiddleche geographesche Géigende kommende Syndikater nëmmen ee Représentant do sëtzt.

Ech gesi schlecht wéi do déi ënnerschiddlech Aspekter vun enger ënnerschiddlecher Problematik um Terrain sollen afléissen. Esou dass do, mengen ech, dat keng gesond Situatioun ass. Mä vläicht fanne mer eng Kéier de Courage, wann dat hei emol e bëssen um Terrain sech etabléiert huet, fir mat engem klengen Amendement duerfir ze suergen, dass och all Syndikat eng Kéier an deem Observatoire do representéiert ass.

Mir hunn eis awer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schlussendlech als Gréng duerchgerongen, awer dat Gesetz ze stëmmen, well mer der Meenung sinn, dass awer grad an deem Aspekt vun der wëssenschaftlecher Basis hei am Land akuten Handlungsbedarf besteet.

Do gëtt et eng Rei Beispiller, déi weisen, wéi dréngend den Handlungsbedarf ass. Dat huet ee ganz däitlech erëm gespuert bei den heftegen Diskussiounen iwwert den Artikel 17. Dat gesi mer all Kéiers wann eng Impaktstudie op den Dësch kënnt. Wann do net akribesch, mengen ech, déi Donnéeën op enger wëssenschaftlecher Basis berouen, da gëtt d'Diskussioun direkt ganz emotional.

Ech brauch nëmmen hei un d'Diskussiounen iwwert d'Nordstrooss ze erënneren. Do ass et wierklech net mat wëssenschaftlechen Argumenter hin an hier gaangen, mä do ass wierklech emotional, an deelweis och mat Populismus operéiert ginn. Et gëtt Zäit, dass mer wierklech schwaarz op wäiss gesot kréien, wéi mer dann a puncto Biodiversitéit zu Lëtzebuerg stinn.

Dat gesi mer awer och, Här President, all Kéiers wann et an Diskussiounen ëm d'Landwirtschaft geet. A well awer hei nach esou vill Froen opstinn, wëll ech och vun der Geleeënheet profitéieren, fir an dësem Kontext dem Minister e puer Froen am Kontext Naturschutz ze stellen:

Éischtens, wou si mer dru mam Artikel 17? Hunn d'Gemidder sech dobausse berouegt? Hutt Der eng Léisung fonnt? Eng pragmatesch Léisung, wann ech emol esou däerf soen, déi op där enger Säit den Uspréch vun engem seriöen a konsequenten Naturschutz gerecht gëtt, déi et awer och nach méiglech mécht, eng seriö Landwirtschaft dobaussen ze bedreiwen?

Wéi steet et mat de Fleegepläng vun den Natura-2000-Gebidder? Wann ech richteg informéiert sinn, hätten déi misse fir d'Joer 2004 un d'EU-Kommissioun geschéckt ginn. Ass dat geschitt? Hu mer fir all eis Gebidder Fleegepläng opgestallt? Sinn déi bekannt? Ass et kloer, wéi eng Acteure mer a wéi engen Zonen hunn, fir och déi Fleegepläng ze erfëllen?

Schlussendlech, wat geschitt dann awer mat der Forstverwaltung als Verwaltung u sech? Kritt se méi e groussen Optrag am Beräich Naturschutz?

Ech verstinn deelweis och déi Froen, déi sech permanent an där Verwaltung gestallt ginn. Et sinn zwee Audite vu viregte Regierunge gemaach ginn. Eng Kéier iwwert den Naturschutz u sech, eng Kéier een iwwert d'Reform vun der Naturschutzverwaltung. Ech weess, dass do ganz vill Leit och aus där Verwaltung mat vill Energie an Zäit sech engagéiert hunn, fir dass eppes Valables aus deem Audit erauskënnt.

Duerfir meng Fro: Wéi sti mer do? Existéiert deen zweeten Audit nach fir dës Regierung? Wat soll geschéie mat der Forstverwaltung? Vläicht, wann do kloer Linnen och emol eng Kéier gezu sinn, berouegen sech déi Leit an där Verwaltung och wa se wëssen, wat dann elo ee fir alle Mol hir Roll an Zukunft soll sinn.

Wéi steet et mam „Plan national concernant la protection de la nature"? An eisen Aen e wichtegt neit Instrument fir endlech zu enger kohärenter Naturschutzpolitik zu Lëtzebuerg ze kommen. Ech weess, dass do deen een oder aneren Hearing war. Wéi wäit sinn déi Diskussiounen? Wéini ass virauszegesinn, dass dee Plang ka virgestallt a virun allem och ëmgesat ka ginn?

A schlussendlech: Ass et dem Ëmweltminister gelongen, d'Iddi vun engem flächendeckenden Naturschutz an déi lescht Reform vun der Agrarpolitik afléissen ze loossen? Mir wëssen alleguerten, dass et eng Saach ass, an enger Rei Naturschutzgebidder, wéi Natura-2000-Gebidder, wierklech intensiven Naturschutz, wann ech dat emol esou däerf soen, ze maachen. Mir wëssen awer och, wann et parallell dozou an der ganzer restlecher Agrarlandschaft zu enger totaler Banaliséierung kënnt, dann hëllefen eis schlussendlech och eng Kéier déi puer Reserven näischt méi, fir eis Biodiversitéit ze halen.

Duerfir meng Fro: Bei Geleeënheet vun der „cross compliance" ass jo eng optimal Geleeënheet gewiescht, mengen ech, fir Iddië vun Naturschutz an déi nei Agrarpolitik afléissen ze loossen. Krut den Ëmweltminister do eppes ëmgesat, oder ass hei net méi dobäi erauskomm, wéi dass d'Baueren d'bestehend Gesetzer sollen anhalen?

Dat géing ech wierklech e bëssen dürfteg halen. Dat schéngt mer normal ze si fir jiddfereen am Land, dass e sech u bestehend Gesetzer hält. Ech menge mir kréie jo och net nach Geld eraus, wa mer mat 50 duerch d'Uertschafte fueren. Sou mengen ech och, wann ee vu Landschaftspflege schwätzt a vun „cross compliance", da muss dat awer e bësse méi sinn, wéi sech just u bestehend Gesetzer ze halen. Duerfir wier ech frou, wann ech do eng Äntwert kéint kréien.

*(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)*

Ech mengen, dat misst jo elo méiglech sinn. Mir sinn elo endlech emol esou wäit, dass d'Primen an der Landwirtschaft net méi un d'Produktioun gebonne sinn. Da kann een, mengen ech, och vun der Landwirtschaft awer verlaangen, wa jo net méi hiert iewescht Zil e Maximum u Produktioun vu Mëllech, Kären a Fleesch ass, mä da kann een och e Maximum vläicht erwaarde vu Biodiversitéit. An deem Sënn misst et jo méiglech sinn, hei e Geste ze maachen, net nëmmen e Geste, mä wierklech eng nei Approche zum flächendeckenden Naturschutz.

Dir gesitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do sinn nach Froen iwwer Froen, déi beweisen, dass och nom Vote vun dësem Gesetz nach ganz vill Aarbecht op den Ëmweltminister duerkënnt, an dass mer insgesamt nach alleguerte vill musse schaffen, fir dass déi rout Lëschten zu Lëtzebuerg endlech méi kleng ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Gira. Als leschte Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen!

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och fir unzefänken dem Rapporteur Merci soen, deen de ganze Contenu an den Objet, d'Zilsetzung vun dësem Gesetz explizit duergeleucht huet. Ech kann och soen, datt dat meescht eigentlech gesot ass, wat zu dësem Projet ze soen ass. Ech wäert mech duerfir op e puer Punkte limitéieren, déi menger Meenung no, awer och aus eiser Siicht, derwäert si beliicht ze ginn.

Dëst Gesetz leet - an dat ass jo den Ausgangspunkt gewiescht - fir d'aleréischt emol déi legal Basis fir de Finanzement vun enger Partie Naturschutzaktivitéiten hei zu Lëtzebuerg, notamment wat déi Stations biologiques ubelaangt. Wichteg ass, datt eng Struktur geschafe gëtt, déi endlech fir méi Koordinatioun an der Zukunft soll suergen, an déi virun allem och fir d'Zesummenaarbecht tëschent staatleche Verwaltungen, staatlechen Instanzen, an de Gemengen, respektiv de Gemengesyndikater, suergt. Wichteg ass, ech wëll dat ënnersträichen, datt heiduerch d'Wëssenschaftlechkeet vum Naturschutz hei zu Lëtzebuerg och gewënnt.

Wa mer den Ëmweltschutz hei zu Lëtzebuerg kucken, da musse mer feststellen, datt ganz vill Leit begeeschtert sinn, fir sech ëm den Ëmweltschutz ze bekëmmere respektiv Ëmweltschutz ze bedreiwen. Dat muss ee positiv ervirsträichen. Mä do wou vill Leit sech ëm deeselwechten Objet, ëm datselwecht Zil këmmeren, do ass et evident, datt och vill Reiwereien an doraus resultéierend selbstverständlech och eng Partie Kompetenzgerangel entsteet.

Ech mengen, et ass och dat den Usaz an dësem Gesetz. Ob dat befriddegend geléist gëtt, dat wäert d'Zukunft eréischt weisen. Awer et ass den Usaz an dësem Gesetz fir do e bësselchen Uerdnung an och eng gewësse Struktur dranzekréien. Duerfir wëll ech och am Numm vun eiser Fraktioun grondsätzlech begréissen, datt dat elo geregelt gëtt.

Ech erspueren Iech d'Opzielung am Artikel 4 vun all deene Vertrieder, déi an dem Observatoire do opgezielt ginn, a gesinn awer, datt - an do ass jo am meeschten driwwer diskutéiert ginn - et Schwieregkeete gi sinn, well engersäits d'Gemengen - den Här Gira huet et elo grad ugesprach -, verlaangt hunn, all Syndikat misst säi Vertrieder do dran hunn.

Ech wëll generell soen, datt, wann een déi ganz Zuel do kuckt, ee kee gutt Gefill huet, wann dat der op eng Kéier ze vill ginn. Et si scho relativ vill Leit. Wann een dat elo ze vill opbléist, mir wëssen et alleguer, wa Waasserkäpp entstinn, da si se herno wéineg effikass a wéineg fonctionnel. Et kann een deen een oder anere Standpunkt vertrieden, Här Gira. Ech géing zwar mengen, et misst dach awer méiglech sinn, iergendee Modus vivendi ze fannen an eng Regelung anzeféieren, wou à tour de rôle all Kéiers en anere Vertrieder vun engem Syndikat do wär.

Eng aner Fro an deem Zesummenhang stellt sech natierlech och, wat d'Vertrieder, déi dräi Vertrieder vun den ONGen ubelaangt. Wat fir eng dräi ginn dat? Mir wësse jo net, ob d'Situatioun vun den ONGen hei zu Lëtzebuerg stabel bleift, ob dat ëmmer déiselwecht sinn, ob net neier derbäikommen, an esou. Do hätt ee sech eventuell och esou eng Regelung kënne virstellen, eng fix Zuel vu Vertrieder an dem Observatoire, a wou een dann à tour de rôle all Kéiers aner Leit do an engem bestëmmte Rhythmus dran hätt kënne siégéiere loossen. Dat hätt dann och vläicht dee Problem geléist, mat deem mer elo nach just virun der Sitzung konfrontéiert si ginn.

De wichtege Punkt awer an deem ganze Secteur hei ass - an ech wëll dat ënnersträichen -, datt mer d'Propriétairen, a virun allem déi, déi um Terrain schaffen, d'Baueren an d'Wënzer, an déi Démarche hei mat abannen, an zwar nom Prinzip vun der Fräiwëllegkeet. Et wär ganz vill dozou ze soen. Natierlech kann ee mat Strofen, mat Verbueden oder Gebueder, munches erreechen, mä et ass sécher de falschen Usaz. Dat huet déi ganz Diskussioun, dee ganze Sträit ëm d'Ausleeung vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz gewisen.

Här Minister, Dir hutt mer deemools, wéi ech hei déi Heure d'actualité initiéiert hat, virgeworf, ech géing Dausch maache mat engem Dokument, wou awer dobausse schonn d'Gedäisch war - ech hat den Hues net opgedriwwen -, awer ech géif hei Gedäisch maachen an dëser Enceinte mat engem Dokument, wat nëmmen eng Diskussiounsbasis wär.

Ech muss soen, an de Stellungnahmen, déi duerno komm sinn, war awer erauszeliesen, datt dat op jidde Fall an deene Gespréicher, déi tëschent deenen engen an deenen anere waren, net esou zum Virschäi komm ass. Oder d'Kommunikatioun war net gutt, esou datt et bei deenen, déi concernéiert waren, op jidde Fall net esou opgefaasst ginn ass. Wéi deem och ëmmer ass, och ech wär interesséiert, Här Minister, gewuer ze ginn, wou mer dann an där Matière do de Moment stinn.

Ech wëll och e Wuert zur neier Agrarpolitik an zur sou genannter „cross compliance" soen. Et stéiert mech, Här Gira, wa gesot gëtt: Elo ginn déi Primë lassgekoppelt vun der Produktioun, d'Bauere kréie Bäihëllefen einfach esou. Déi Bäihëllefen sinn awer den Ausgläich fir d'Ofsenkung vun de Präisser. An do läit den Ënnerscheed.

Ech menge wann een d'international a besonnesch d'europäesch Agrarpolitik kuckt, da wësse mer, datt just duerch Contrainten an der Welthandelsorganisatioun, an der WTO, gesot ginn ass: Mir mussen dann d'Direkthëllefen op de Produkter ofschafen, fir datt mer den Handel no bausse kënne bedreiwen. Duerfir gëtt et elo direkt Akommesbäihëllefen. Esou ass et och dobausse vun de Bauere verstane ginn, an esou ass och d'Realitéit.

Ech wëll hei ënnersträichen, datt akommesméisseg fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft, déi ganz staark un d'Mëllechproduktioun gebonnen ass, e Minus erauskënnt. Dat heescht, datt dat, wat do un Direkt-

zahlungen un d'Bauerebetriber geet, héchstwahrscheinlech, esou wéi et elo ausgesäit, net duergeet, fir den Akommesverloscht, deen op där anerer Säit, an notamment op der Mëllechproduktioun, duerch de Präisverfall generéiert gëtt, wettzemaachen.

Duerfir ass d'Approche eigentlech net richteg fir ze soen, jo, mä wann awer elo scho Geld un d'Bauere bezuelt gëtt, da mussen se op där anerer Säit am Naturschutz eppes dofir maachen. Et ass e rengen Ausgläich fir Akommesausfall, deen am Kader vun der europäescher oder internationaler Agrarpolitik, wéi Der et och ëmmer wëllt, geschitt. Ech sinn awer domat d'accord, datt een de Maximum mécht, an ech deelen absolut déi Usiicht, datt een net soll Insele schafen, wou een elo intensiven Naturschutz mécht, an op där anerer Säit da gradsou mécht wéi wann näischt wär an intensiv Agrarproduktioun virubedreift.

Mir sinn awer leider an der Situatioun, a mir hunn et haut erëm héieren, déi lescht Resultater, déi de Statec erausginn huet, bei den Zählungen, datt mer all Joer iergendwou tëschent 50 an 100 Bauerebetriber verléieren hei zu Lëtzebuerg. Dat ass erschreckend vill. Et sinn ëmmer manner Leit um Terrain, déi déiselwecht Aarbecht musse maachen, an dat bedéngt automatesch ëmmer méi grouss Maschinnen, dat bedéngt ëmmer méi Zäitdrock, dat bedéngt, datt muss mat rationelle Methode geschafft ginn, déi einfach à l'encontre vun deem sinn, wat een esou generell ënner méi enger ëmweltfrëndlecher Bewirtschaftungsmethod versteet. Do si mer an enger Contrainte dran; déi ass wierklech net einfach.

Et kann een natierlech, an do kënnt d'Wëssenschaftlechkeet awer erëm an d'Spill, Anbaumethode bedreiwen, wou manner Chemie agesat gëtt, wou een dann eben e bësse méi mat mechanesche Mëttele schafft an esou weider. Selbstverständlech, do si mer eis wahrscheinlech eens, mä da mussen och deementspriechend an dësem Zesummenhang Mëttelen agesat ginn, fir datt een esou nei Procédéë kann entwéckelen, datt een se och un d'Leit erubréngt, datt ee gesäit, wéi dat ka fonctionnéieren, well ouni Iwwerzeegungsaarbecht geet et net.

A wann ech bei der Iwwerzeegungsaarbecht sinn, fannen ech, datt et och an de Schoule misst ugoen, an datt notamment an der Ackerbauschoul e groussen Effort misst gemaach ginn, fir datt och do d'Verständnis fir dat wat do passéiert scho bei deene Jonke waakreg geruff gëtt, an och bei der Berodung, déi evidenterweis ëmmer nach ekonomesch ausgeriicht ass, datt een do da vläicht deen ekologeschen Aspekt méi staark erabréngt.

Ech wollt zum Schluss, Här President, en anere Gedanken nach abréngen. Dat ass elo net duerch de grénge Bréll gekuckt, dat ass vläicht méi duerch de Bréll gekuckt vum Member vun der Budgetskontrollkommissioun. Hei ginn eng Partie ëffentlech Mëttelen engagéiert. Mir gesinn am Projet, wéi do décidéiert gëtt oder wéi déi Repartitioun soll gemaach gi vun deene Programmer, déi do sollen exekutéiert ginn. Mir hunn awer als Chamber och en Interessi drun, fir en A drop ze hunn, wat dann do geschitt.

Normalerweis wär dat eng Aufgab, déi an de Kompetenzberäich vun der Cour des Comptes géing falen. Et ass awer hei zu Lëtzebuerg esou, datt d'Cour des Comptes, déi sech relativ strikt un en Aspekt vun der Legalitéit a vun der Regularitéit vun de Finanzoperatiounen hält, sech ganz wéineg ëm d'Effikassitéit an d'Effizienz vun den Ausgabe këmmert. Ech weess och net, et ass eng ganz komplex Fro, wéi een do erauskënnt. Meng grondsätzlech Haltung an all deene Froen ass déi, datt een de Kompetenzberäich vun der Cour des Comptes misst auswäiten.

Wa si keng kompetent Leit hunn, da kënnen se sech der huelen. Et ass jo d'éineschi scho gesot ginn, am Privatsecteur gëtt et der genuch, déi kompetent sinn, mä datt een awer e bëssen och driwwer waacht, datt dat Geld, wat agesat gëtt, effizient agesat gëtt am Intérêt vum Naturschutz, an datt do net n'importe quoi gemaach gëtt. Ech soen dat virum Hannergrond, datt de Moment eng Partie Saachen dobausse geschéien oder geschitt sinn, déi relativ staark an der Diskussioun sinn, wat hiren ëmweltschützereschen Impakt oder ëmweltschützeresche Wäert ubelaangt. Dir wësst alleguer wat ech mengen.

Dat ass ähnlech wéi an der Energiediskussioun. Wann ee seet, d'Kreditter si begrenzt, da musse mer och kucken, wéi mer se esou asetzen, datt mat deene Kreditter, déi mer hunn, och den Optimum erreecht gëtt. Vläicht, an dat wär e Wonsch, deen ech als Member vun der Environnementskommissioun géif ausdrécken, kënnt een dann op de Wee goen, datt mir och als Kommissioun eis um Lafende géifen halen iwwert dat, wat dann do um Terrain geschitt. Mir hu Buergermeeschteren hei, déi do ganz engagéiert sinn. Déi kréien dat vläicht méi mat, wéi déi, déi net an deem Fall sinn.

Här President, de Résumé ass deen: Mir maachen hei e Schrëtt no vir, an duerfir, och wa vläicht herno net alles perfekt ass, an och wa mer erëm iergendwann eng Kéier mussen nobesseren, gi mir selbstverständlech als ADR-Fraktioun den Accord zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Minister Lucien Lux. Här Lux!

**M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur an dem President vun der Ëmweltkommissioun e grousse Merci soe fir déi Aart a Weis, d'Aarbechten ze pilotéieren, fir relativ schnell dach awer zum Enn ze kommen. Haut schéngt dëst Gesetz jo mat engem unanimë Vote kënne gestëmmt ze ginn.

Ech wëll fir d'éischt op e Souci agoen, dee vun enger Rei vu Riedner exprimiéiert ginn ass, nämlech deen, dass et och meng Iwwerzeegung ass, dass där Diskussiounen elo genuch stattfonnt hunn. Mir kommen un d'Enn vun engem Prozess, dee mam Vote vum Naturschutzgesetz am Dezember 2003 a mam Akraafttrieden den 29. Januar 2004 elo endlech, mengen ech, de Wee fräi mécht fir dass mer, wéi mer an engem anere Secteur soen, Neel mat Käpp maachen.

An dass déi oft steril, an a mengen Aen onnéideg Diskussiounen ophéieren, an dass mer eis deem widmen ëm wat et schlussendlech hei geet, nämlech duerfir ze suergen, dass souwuel um nationale Plang wéi um regionalen an um kommunale Plang um Terrain naturschützleresch Aufgaben ëmgesat ginn, dass wëssenschaftlech Aarbecht gemaach gëtt.

A wann de Kolleeg Gira gefrot huet, dass ech soll duerfir suergen, dee Klengkrich, wéi hien et genannt huet, zu Enn ze bréngen, da sinn ech säit zéng Méint näischt aneschters amgaangen ze maachen. A wéinstens ee Succès war jo schonn deen…

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG).*- Et gëtt awer nach ëmmer geschoss, Här Minister!

**M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement.*- Jo, d'accord, mä ech hunn awer d'Gefill, d'Polver gëtt ëmmer méi naass.

***(Hilarité)***

Ech denken, dass mir Ufank Dezember fir d'éischte Kéier an där Table ronde zu Beetebuerg zesummesouzen, an dass mer den 11. Juli, elo gläich also, erëm eng Kéier fir eng zweet Table ronde zesummekomme mat all deenen Acteuren do, fir effektiv ze diskutéieren, wéi mer konkret weiderfueren, an ech mengen eis Haaptaufgab ergëtt sech aus dem Gesetz vum Januar, nämlech fir d'éischt emol d'Ausschaffe vum nationalen Naturschutzplang, an da schlussendlech d'Ëmsetzung, déi muss gemaach ginn.

Ech wëll och elo net méi agoen op d'Gesetz en tant que tel. Ech mengen, dat ass vum Rapporteur a vun anere Riedner en long et en large gutt gemaach ginn. Ech wëllt vläicht just op eng Rei Froen, och op Polemiken, déi mer haten, zréckkommen.

Mir schéngt et och wichteg, an ech hunn dat 17 Joer laang a mengem fréiere Liewen erfueren, dass et net ka sinn, dass de Stat an och den Ëmweltministère während Joren nogekuckt hunn, wéi sech um Niveau vun de Gemengen Aufgaben ëmmer méi opgebaut hunn, Moyenen agesat ginn, Ressources humaines fräigemaach ginn, fir dann um Schluss vun esou enger Entwécklung ze maachen, wéi wann et dat net gi wär, et auszewëschen an erëm vu vir unzefänken.

Ech mengen, deen Acquis, deen do am Laf vun de Joren opgebaut ginn ass, verdéngt et, respektéiert ze ginn, respektéiert ze ginn doduerch, dass mer et haut an eng Base légale setzen, an dass mer och d'Relatiounen tëschent dem Stat an all deene Missiounen, déi do opgebaut ginn, haut propper an transparent dohinner leeën. Ech mengen, dat schéngt mer enorm wichteg ze sinn, an ech mengen, den Naturschutz kann nëmmen dobäi gewannen, wann d'Gemengen hei mathëllefen, doduerch dass se Geld investéieren, net nëmmen och do andeem se Stroosse bauen an andeem se Brécke bauen an aner Saachen, mä och dass se hëllefen, am Naturschutz Moyene mat anzesetzen. Dat kann nëmmen e Gewënn fir den Naturschutz sinn.

Duerfir ass et fir mech kloer, dass mer haut och, mengen ech, eng Unerkennung maache vun deene ville Gemengen, déi sech als Syndikater zesummegedoen hunn, déi Leit agestallt hunn, dass mer haut eng Unerkennung maache vun deenen hirer Aarbecht, andeem mer, wéi gesot, dat Gesetz hei an engem Gedanke vu Partnerschaft och ënnerstëtzen. Dat ass fir mech deen éischte Gedanken.

Elo ass et awer fir mech och kloer, dass mer et noutwendeg musse maachen, dass dat net an deem Wirrwarr, heiansdo an deem Géintenee stattfënnt, wéi et an deene leschte Joren oft de Fall war, an duerfir ass et noutwendeg, dass mer och eng Rei vu Regele setzen. An déi éischt Regel, déi mer ze setzen hunn, ass déi, dass fir d'Bestëmmung an d'Determinatioun vun der Naturschutzpolitik zu Lëtzebuerg un éischter Stell de Ministère de l'Environnement, an hannendrun, als seng Administratioun, d'Forstverwaltung dofir zoustänneg sinn.

D'Akzenter, mengen ech, musse vun där Säit gesat ginn am Rahme vum Naturschutzplang. Deen Naturschutzplang ass zesummen auszeschaffe mat allen Acteuren, déi mer hunn, an ass och ëmzesetze mat allen Acteuren, déi mer um Terrain hunn. Dat ass mengen ech dat wat d'Regel muss sinn.

Duerfir ass et fir mech och kloer, dass dëst Gesetz hei an déi Partnerschaft, déi mer hei asetzen, fir de Ministère a virun allem fir d'Forstverwaltung, e Gewënn ass. An ech soen et nach eng Kéier, och wann et schwéier ass déi Leit heiansdo ze iwwerzeegen, dass et esou ass: Et ass e Gewënn, well mer endlech déi Gremië kréien, esou wéi et jo an de Missioune vum Observatoire drasteet, déi duerfir suergen, d'Mise en oeuvre vun deem nationale Naturschutzplang ze suivéieren, ze verfollegen a seng Ëmsetzung ze kontrolléieren. An ech mengen do ass et dann un de Vertrieder, souwuel vum Ministère wéi vun der Forstverwaltung, duerfir ze suergen, dass dat an déi richteg Richtung geet.

Niewebäi wëllt ech dem Kolleeg Negri soen: Ech mengen net, dass een et esou einfach kann andeelen, dass d'Forstverwaltung do ass fir dat Nationaalt an d'Syndikater an esou virun um Terrain schaffen. Ech mengen och d'Forstverwaltung, fir dat awer net an engem péjorativë Sënn stoen ze loossen, huet an deene leschte Joren an hiren Aufgaben, an hirer Ëmsetzung enorm vill um Terrain geschafft. An ech mengen déi beschte Beispiller, déi ech an deene leschte Méint erlieft hunn, dat sinn déi wou all déi Acteuren hei, Forstverwaltung mat de Syndikater, mateneen Hand an Hand zesumme geschafft hu fir Projeten ëmzesetzen.

Ech mengen also, dass se alleguer eng Aufgab hunn, net nëmme wëssenschaftlech ze schaffen, mä och dofir ze suergen, dass déi Resultater, déi mer kréien, um Niveau vu besseren a méi räiche Kulturlandschafte vun der Verbesserung vun der Aartevillfalt, dass déi vun alleguer, souwuel uewe wéi och ënnen, um Terrain ëmgesat ginn.

Ech wëllt awer och warne virun zwou Entwécklungen, déi net gutt wären. Déi zwou Entwécklungen déi net gutt wären, an do verstinn ech de Souci vun der Forstverwaltung, dat wären déi, dass engersäits an der Verdeelung vun den nationale finanzielle Moyenen eng disparat Entwécklung entsteet tëschent deene Moyenen, déi d'Forstverwaltung kritt, iwwert de Budget, wou heiansdo ganz knausereg an deene Politike gekuckt gëtt, an op där anerer Säit dat wat mer um Niveau vun de Konventioune mat de Syndikater u finanzielle Moyenen, staatleche Moyenen an déi Richtung ginn. Déi Entwécklung, wéi sech do den Equiliber mécht, tëschent deene Moyenen, an déi eng oder aner Richtung, déi musse mer gutt am A behalen, well soss kënnte mer och hei eng kal Ënnerhielegung maache vun de Kompetenzen an de Missioune vun der Forstverwaltung.

Dat ass jiddefalls net dat wat ech wëll maachen an duerfir, am Laf vun deenen nächste Wochen, wa mer e bësse méi Rou hunn, sollte mer wierklech genau kucken, wéi déi Entwécklung vun de Moyenë fir deen ee Pilier a fir deen anere Pilier geet an oppassen, dass mer hei net an eng déséquilibréiert Entwécklung ginn.

An deen zweete Souci, dee mech op deem Gebitt dreift, ass deen, dass een och muss oppassen um Niveau vun de Ressources humaines, déi een zur Verfügung stellt. Well och hei ass eng Angscht, déi ee kann hunn, nämlech déi dass d'Forstverwaltung un den oft rigiden a contraignantë Konditioune vum Numerus clausus hänkt a keng Moyenë kritt oder net genuch Moyenë kritt an dass mer, fir d'Solution de facilité ze sichen, dann d'Personal astellen um Niveau vun de Syndikater oder anere Strukturen, an dann och doriwwer fir eng kal Ënnerhielegung vun den Aufgaben an de Capacitéite vun der Forstverwaltung géinge suergen.

Och dat ass eng Suerg, déi mer mussen hunn, dass mer net dee Wee ginn, well souwuel u finanzielle wéi och u Moyenë vun de Ressources humaines kënne mer op, wéi gesot, géing ech da mengen, engem indirekten oder kale Wee derfir suergen, d'Forstverwaltung an hirer Missioun ze schiedegen; an ech mengen dass keen heibannen dat wëllt.

Dofir gëllt dat Wuert, dass déi national Politik muss accentuéiert a koordinéiert ginn vun deene staatleche Stellen, déi dofir do sinn, de Ministère an d'Forstverwaltung, an dass dat muss geschéien a Partnerschaften, esou wéi mer et haut duerch d'Schafe vum Observatoire décidéieren, an dass et och an der Partnerschaft vun all deenen Acteuren do ka geschéien.

Ee Wuert och zu de Stëftungen, déi haut, wéi se et scho virdrun e puermol gemaach hunn, eis nach eng Kéier un d'Häerz geluecht hunn dofir ze suergen, dass och dat hei net däerf op Käschte vun hire Moyenen a vun hirem Wierke sinn. Dat wär besonnesch schued, well an deene Stëftungen oft Pionéier sinn, déi am Naturschutzberäich déi Éischt waren, déi dofir geackert hunn, do wou et nach net esou evident war, fir sech fir den Naturschutz anzesetzen. An ech mengen, duerfir däerf déi Pionéieraarbecht op kee Fall duerch dës Dispositiounen iergendwou a Fro gestallt ginn.

Dofir ass et fir mech wichteg hinnen ze soen, dass dat, wat de Kolleeg Schank hei schonn ausgefouert huet, dass natierlech hir Base légale am Artikel 63 vum Naturschutzgesetz ganz kloer determinéiert ass. Dass och am Artikel 4 vun den Dispositioune vum Fonds de protection de l'environnement, dem Fong also vum 31. Mee 1999 och d'Moyenen, déi si iwwert den Artikel 4 kënne kréien, ganz kloer sinn. An ech mengen, dass och am Artikel 10 vun dësem Gesetz déi Méiglechkeet jo besteet, dass d'Stëftungen zesumme mat de Gemengen, wat jo haut schonn de Fall ass, kënnen sech zesummendinn an da gemeinsam Konventiounen am Rahme vun dësem Gesetz kënnen artikuléieren an op den Dësch leeën. Ech mengen, dass d'Stëftungen hei hir Plaz behalen, wéi se se elo hunn, an och éischter méi wéi manner Aarbecht wäerte kréien.

Jiddefalls d'Vertrauen, souwuel an der Ëmweltkommissioun wéi och an dem Innenministère hir Aarbecht ass esou grouss, dass si weider e Partner an den Aarbechte wäerte bleiwen an dass hir Base légale an hir Moyenen och dovunner net wäerten touchéiert ginn. Jiddefalls kann ech hinnen hei soen, dass déi Moyenen, déi zur Verfügung stinn, wéi bis elo gradesou équilibréiert och an d'Richtung vun de Stëftunge wäerte goen, fir dass hir Basis an och dat Personal, wat si agestallt hunn, eng Zukunft kënnen hu fir hiert Schaffen.

Et sinn dann eng Rei vu Froe gestallt ginn, déi iwwert dat erausginn, wat direkt dëst Gesetz betrëfft, mä ech mengen an der Ëmsetzung kann een natierlech iwwer villes de Mëtten diskutéieren. Ech denken, dass eng Fro och déi ass, wann ech elo d'Zukunft kucken an déi Aufgaben, déi mer virun eis hunn, dann ass eng Aufgab ouni Zweifel déi, dass mer och e bësse musse kucken, wéi tëschent dem Observatoire an dem Conseil national vun der Protection de la nature sech d'Missiounen an d'Kompetenzen do apendelen.

Ech menge mir mussen och oppassen, ech wëll net soen dass déi wéineg Leit, mä dach awer zum Deel ëmmer déiselwecht Leit vu moies bis owes d'Kapen dräi-, véiermol wiesselen, fir a verschiddene Gremien ze sëtzen an zum Deel iwwert déiselwecht Saachen ëmmer erëm ze diskutéieren. Ech mengen dat ass heiansdo ermiddend fir jiddfereen, an dofir läit et mer e bëssen um Häerz, wa mer dëst Gesetz gestëmmt hunn, och kloer Profiler ze zeechnen, wat deenen eenzelne Gremien hir Aufgab ass, fir dass mer do net, wéi gesot, vu moies bis owes tagen,

amplaz dass mer och dobaussen dofir suerge fir Saachen ëmzesetzen a konkret ëmzesetzen an net nëmmen ze theoretiséieren an ze diskutéieren, wat mer menger Ansicht no souwisou an deem Beräich heiansdo e bëssen ze vill maachen.

Um Niveau vun deem, wat mer d'lescht Kéier diskutéiert hunn an der Froestonn…

**M. le Président**.- Här Minister, Dir musst sou lues zum Ofschloss kommen.

**M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement.*- Däerf ech dann nach déi vill Froe beäntwerten? Aus Respekt virun den Deputéierten?

Ech hätt misse mat de Froen ufänken an dann net méi iwwert d'Gesetz schwätzen. Jo, et ass an der Rei.

***(Interruptions)***

Ech wëll dann zwou, dräi Saache just zum Schluss soen. Ech mengen engersäits den Artikel 17. Ech hu keng Virwërf gemaach, deemools wéi mer hei driwwer diskutéiert hunn, Här Mehlen. Ech hu just richteggestallt, dass dat Dokument vun der Forstverwaltung net en Dekret war, mä effektiv eng Diskussiounsbasis.

An der Tëschenzäit hunn déi meescht Acteuren hir Avisën dozou eraginn, esou dass mer an der Tëschenzäit an der Lag sinn, eis dat unzekucken. Et gëtt och do eng Rei vu Fiedem, déi sech zeechnen, fir méi an eng positiv Richtung eranzegoen, méi eng positiv Lëscht ze maachen, dat e bëssen ze entkrampfen, och vläicht ze entbürokratiséieren. Ech mengen dorobber hu mer am Ministère elo ze schaffen, an der Hoffnung, dass mer dann am fréien Hierscht kënnen eppes dohinner leeën, wat eng Circulaire da kënnt bedeite fir d'Acteuren allegeuerten um Terrain.

Ech mengen och, dass, wat d'Forstverwaltung selwer ubelaangt, fir mat där Fro dann opzehalen, mir haten deemools eng Diskussioun hei. Ech hunn dem Kolleeg Charel Goerens gesot, dass wa mer an den Aarbechte vum Artikel 17 fäerdeg sinn, dass mer dann eng Kéier an d'Chamberskommissioun géife kommen, fir dat en long et en large ze diskutéieren. Ech mengen, dass ee bei där Geleeënheet dann och iwwert d'„cross compliance" ka schwätzen, wat jo am Moment beim Conseil d'État läit, och iwwert d'Fro, wéi et mat der Forstverwaltung weidergeet, wat den zweeten Audit ubelaangt, an ech menge wat d'Fro ubelaangt iwwert den Nährwäert vun deenen Naturschutzpläng, déi mer maachen.

Do géif ech mengen, dass d'Cour des Comptes wuel net déi richteg ass fir effektiv eis ze soen, wat um Niveau vum Naturschutz richteg oder falsch ass. Ech mengen dofir si Gremien do, sief et de Conseil supérieur, sief et den Observatoire, déi dat am beschte kënne maachen.

Jiddefalls ofschléissend, Här President, fir mech ass et gutt, dass mer an den Diskussiounen endlech un en Enn ukomm sinn an dass ech alles wäert duerfir maachen, fir dass mer sou schnell wéi méiglech souwuel dëst Gesetz, wéi och déi Dispositiounen, déi am Naturschutzgesetz nach dra sinn, wat virun allem den nationalen Naturschutzplang ubelaangt, ëmsetzen.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann direkt zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Marco Schank), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);*

*MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 5456 iwwert d'Revalorisatioun vum Site Höhenhof. Hei ass och d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht, dat heescht fir d'Regierung 10 Minutten. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Schank, den Här Grethen, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, nach eng Kéier den honorablen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 5456 - Projet de loi relative à la revalorisation du site de Höhenhof

***Rapport de la Commission des Transports***

**M. Roger Negri** *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President.

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet als Objet d'Revaloriséierung vum Site Héienhaff, deen um Plateau vum Findel läit am sou genannte Fransousegronn, no bei den Hale vun der Cargolux. Dësen Dall vum Fransousegronn gëtt op enger Déift vu 25 Meter zougetippt, an zwar an deem Mooss dass verschidde Projete kënne realiséiert ginn. An dëse Projet de loi ass d'Extensioun vum Tarmac zwëschent dem Cargo-Center an der neier Aérogare fir de Garage an d'Parken, oder wéi een et wëllt nennen, vun de Fligeren ageschriwwen. De Coût total vun dësem Projet de loi beleeft sech op 61 Milliounen Euro.

Spéider Aménagementer vu verschiddenen Zonen, déi net an dësem Projet de loi ageschriwwe sinn, sollen et erméiglechen, dass an enger nächster Phas d'Kerosintanken fir den Approvisionnement vun de Fligere kënnen déplacéiert ginn. Des Weidere soll och d'Méiglechkeet oprechterhale gi fir en ënnerierdesche Parking de dissuasion, deen un d'Autobunn A1 raccordéiert kéint ginn an deen am Beräich och en Arrêt un den zukünftegen Train-tram kréie soll.

D'Virgeschicht vun dësem Projet ass folgend: Am Joer 1984 ass duerch d'Mise en service vun der Verlängerung vun der Pist um Flughafen, esou wéi och d'Konstruktioun vum Echangeur Senningerbierg, de Fransousegronn um Findel fir eng deelweis Buedemofschéddung gebraucht ginn. Am Zesummenhang mat dësen zwee Projeten ass dunn d'Iddi entstanen, fir am Fransousegronn eng Bauschuttdeponie ze schafen. Sou dass enges Dags deen natierlechen Dall vollgetippt wier, fir dann och spéider deen nei gewonnenen Terrain fir weider Aménagementer ze benotzen.

Dës Iddi ass awer net virukomm, well zu där Zäit et d'Leit waren, déi do wunnen, déi sech opposéiert hunn, an dëst aus folgende Grënn:

1. deen eenzegen Accès fir d'Camionen, déi Décharge do unzefueren, wier duerch d'Aktivitéitszon vum Senningerbierg gewiescht;

2. d'Dauer vun der Exploitatioun wier, esou wéi deemools d'Berechnunge waren, ëm déi drësseg Joer gewiescht, an

3. hätte missen eng Rei vu Waasser- a Kanalinfrastrukturen ënnen am Dall vum Fransousegronn, also 25 Meter méi déif, geschafen an déplacéiert ginn.

Enn vun den 90er Joren ass d'Iddi fir de Fransousegronn zouzetippen nees aus dem Tirang geholl ginn. Heifir hu geschwat:

- deen héije Besoin un Terrain fir engersäits d'Fligere kënnen ze parken an anerersäits fir d'Aktivitéite vum Airfret vun der Cargolux kënnen auszebauen

- an dann och, an dat ass jo an deene leschten Deeg eng grouss Aktualitéit, fir deen extreme Manktum u Bauschuttdeponien hei am Land kënnen ze verbesseren.

De Projet ass du vun engem Bureau d'études ausgeschafft ginn, ënnert der Supervisioun vun engem Aarbechtsgrupp mat Représentanten aus dem Landesplanungs- an Ëmweltministère, Verwaltunge vum Flughafen an de Ponts et Chaussées, sou wéi och aus der Gemeng Nidderaanwen.

De Projet Héienhaff ass dunn an zwee Deeler gespléckt ginn, an zwar an eng Zon fir de Flughafen auszebauen an an eng sou genannten Zone de récréation. Bei der Zon fir de Flughafen auszebauen handelt et sech ëm déi Surface, déi zwëschent dem aktuelle Frachtzenter an dem Tarmac en face vun der Aérogare läit.

D'Zoutippe vum Dall gëtt net ausschliesslech mat Bauschutt gemaach, mä et gëtt mat der sou genannter Sandwich-Method wéi dat genannt gëtt, geschafft. Dat heescht, dass tëschent dem Bauschutt och Couchë mat sou genannte Matériaux nobles kommen. Dëst ass Steematerial, dat haaptsächlech vu Chantierë vum Kierchbierg kënnt.

D'Sandwich-Method ass néideg fir deem opgeschottene Buedem engersäits eng Drainagefonctioun ze ginn an domadder d'Waasser ënnerierdesch säitlech ofleeden ze kënnen, an anerersäits awer och eng optimal Consolidatioun vum Buedem ze erreechen.

Déi aner Zon, also d'Zone de récréation, kritt keen ofgeflaachtenen Niveau, mä gëtt am Géigendeel esouguer nach gehéicht, sou datt do e kënschtlechen Hiwwel als Écran de protection entsteet, dee bis zu 25 Meter méi héich gëtt wéi d'Pist. Hei kënnen dann och nach Beem mat enger Héicht vun 20 Meter drop kommen.

Den neie Projet vum Zoutippe vum Fransousegronn dréit där rezenter Entwécklung vun den Aktivitéiten um Flughafe Rechnung. Sou kann een hei folgend Infrastrukturprojeten an d'A faassen:

- d'Vergréisserung vun der Tarmacsfläch fir de Garage vun de Fligeren; wéi mer elo schonn erklärt hunn;

- dann d'Liaisoun Train-tram zwëschent der Aérogare an dem Kierchbierger Plateau;

- dee sou genannten „Fuel Farm"-Dépôt fir de Kerosin fir d'Fligeren, dee muss déplacéiert ginn, mä fir dee muss awer nach e Projet opgestallt ginn; deen ass net an dësem Projet de loi dran;

- verschidde Stroossenubannungen am Kontext mat der neier Aérogare;

- d'Optioun vun engem Parking de dissuasion;

- d'Vergréisserung vun der Aktivitéitszon um Senningerbierg;

- an dann och déi genannten Écrans de protection, souwuel akustesch wéi visuell.

All dëst muss am Plan d'occupation du sol, dem sou genannte POS, «Aéroport et environs» nach genehmegt ginn.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

An dësem Kontext muss och gesot ginn, datt d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur den Ament just fir d'Décharge Héienhaff besteet, an net fir d'Extensioun vum Tarmac.

D'Décharge Héienhaff kann am Total 2,7 Millioune Meter Kibb Bauschutt lageren, dat entsprécht 5 Milliounen Tonne Bauschutt. Am Moment si schonn eng Millioun Meter Kibb Bauschutt dobannen. Den Zäitraum, fir d'Décharge opzefëllen, ass doweinst relativ kuerz. Et gëtt dovunner ausgaang, wann et esou virugeet wéi bis elo, mat deem Manque vu Bauschuttdeponien, dee mir hei am Land hunn, datt dann an zwee bis dräi Joer d'Décharge Héienhaff voll ass.

Wat de finanzielle Volet vun dësem Projet ugeet, wëll ech nach eng Kéier soen, dass en sech op 61 Milliounen Euro beleeft. Dës Käschte verdeelen sech engersäits op de Remblaiement vum Fransousegronn, wéi gesot mat 22,5 Milliounen Euro, wou ënner anerem 12.210.000 Euro ufale fir den Ofwaasserréseau, dee getrennt no Iwwerflächewaasser a Schmotzwaasser op déi aner Säit vum Findel Richtung Birelerbaach gefouert gëtt. Ech wëll drun erënneren, dass dëst aus enger Déift vu 25 Meter, wéi mer virdru gesinn hunn, ze geschéien huet. An ech muss scho soen, dass, wéi ech mer d'lescht Woch dat Ganzt op der Plaz ugekuckt hunn, et schonn impressionant war ze gesinn, wat fir eng riseg Kanalisatiounsrouerduerchméisser do à fur et à mesure vum Opfëlle vum Fransousegronn verluet ginn.

Anerersäits verdeelt sech den Invest op d'Extensioun fir de Flughafe mat 38.500.000 Euro, mat als Haaptposten d'Extensioun vum Tarmac fir d'Fligeren, déi sech op 21.700.000 Euro belafen.

Säit dem Ufank vum Benotze vun der Décharge Héienhaff si schonn etlech öffentlech Fongen an dee Projet gefloss. En Décompte intérimaire vum 1. Oktober 2004 notéiert, dass schonns 13% vum globale Montant engagéiert woren.

Et gëtt also héich Zäit, dass dës Situatioun duerch dëse Projet de loi regulariséiert gëtt; eng Situatioun, déi scho säit Jore schleeft a woubäi et jo awer mëttlerweil bekannt ass, dass all öffentlech Projeten, déi méi deier wéi 7,5 Milliounen Euro kaschten, ee speziellt Gesetz brauchen, sou wéi dat an der Verfassung am Artikel 99 steet, baséiert op dem Artikel 79 vum 99er Statsbudgetsgesetz.

Här President, dëse Projet de loi ass de 5. Abrëll 2005 vun den Hären Transport- a Bauteministeren déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot datéiert vum 3. Mee 2005. D'Transportkommissioun huet a senger Sëtzung vum 2. Juni 2005 mech als Rapporteur genannt. An därselwechter Réunioun ass de Projet de loi sou wéi och den Avis vum Statsrot examinéiert ginn, deen ausser enger klenger redaktioneller Ëmännerung dem Projet de loi zougestëmmt huet. De Projet de rapport hate mir schonn direkt opgestallt a wéinst der Urgence vun dësem Gesetz dann och gläich ugeholl.

Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Negri. Als éischte Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marco Schank** *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech fir d'drëtte Kéier, mengen ech, haut dem Rapporteur, dem Kolleeg Rosch Negri, Merci soe fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wollt awer derbäi soen, ofgesi vun deem gudde Rapport vum Rapporteur, datt hien och um Terrain war fir sech déi Saach unzekucken. Dat weist wéi conscienciéis hien un déi Saach erugeet, an hie konnt eis an der Kommissioun eng ganz Rei interessant Detailer zum Beschte ginn, déi mer soss net gewosst hätten. Ech wollt och Merci soen an deem Kontext, datt mer eng Kaart kruten, dass ee sech mol ee Bild konnt maache vun deem Ausbau.

De Gesetzesprojet, dee mer haut diskutéieren, reit sech an eng Rei vu Projeten an, déi mer déi leschte Joren zu Gonschte vum Ausbau an der Moderniséierung vum Flughafen ugeholl hunn. Projete wéi zum Beispill iwwert den Assainissement, den neie Radar oder och iwwert den Train-tram.

Dëst ass natierlech e weideren, wichtege Projet, well e ganz sécher wäert dat zukünftegt Erscheinungsbild vum Flughafe wesentlech veränneren. Wéi mer schonns vum Rapporteur héieren hunn, steet dat och mat engem ganz wesentleche Käschtepunkt an Zesummenhank, well dee beleeft sech op net manner wéi 61 Milliounen Euro.

Dës Sue ginn haaptsächlech gebraucht fir den Tarmac tëschent dem Cargo-Center am deem zukünftegen neien Terminal A ze vergréisseren, wann, wéi mer elo grad héieren hunn, d'Bauschuttdeponie am Fransousegronn mol eng Kéier bis uewenhin opgefëllt ass. D'Vergréisserung beleeft sech op net manner wéi 156.000 Meter carré, wat ëmmerhin enger Fläch vu ronn 20 Futtballterrainen entsprécht.

Des Weideren ass och nach den Aménagement vu verschiddenen Zonen um Flughafe virgesi fir déi spéider Projeten, déi nach virgesi sinn am Kader vun der Moderniséierung vum Flughafen, ze erméiglechen. An deem Kontext ënner anerem den Déplacement vum Kerosinsdépôt, de Bau vun engem ënnerierdesche Park & Ride, mat der Ubannung un d'Autobunn, an och de Bau vum Arrêt fir den Train-tram, dee jo a ferner Zukunft d'Stad mam Flughafe wäert verbannen. De Käschtepunkt selbstverständlech vun dëse Projeten ass duerch dëse Projet de loi net ofgedeckt, dofir brauche mer dann nach aner Gesetzer an Zukunft.

Här President, ech wëll elo weder op d'Geschicht agoen, nach op den technesche Aspekt, dat huet de Rapporteur mat ganz vill Kompetenz gemaach. Ech wëll kuerz nach op d'Wichtegkeet awer vun dësem Projet agoen. Am Joer 2004 goufen um Flughafe ronn 89.000 Mouvementer, Starts a Landungen, enregistréiert, Tendenz steigend. An dësem Zäitraum goufe méi wéi 1,5 Millioune Passagéier transportéiert, Tendenz och steigend.

Deeselwechten Zeenario stelle mer am Beräich vum Fret fest. Den Ton-

nage vu Gidder, déi am Joer 2004 um Lëtzebuerger Flughafe ran- a rausgeflu goufen, beleeft sech op net manner wéi ronn 713.000 Tonnen. Am Joer '95 waren dat 268.000 Tonnen, also d'Halschent ongeféier. Mir hunn also insgesamt eng Verduebluny an engem Zäitraum vun nëmmen zéng Joer.

Dës Zuele verdäitlechen also, datt den Trafic an d'Aktivitéiten um an ëm de Flughafen enorm zougeholl hunn an och an Zukunft selbstverständlech wäerten duerch den Ausbau zouhuelen. De Flughafe mat sengen Aktivitéiten ass ee ganz wichtegt Standbee vun der Lëtzebuerger Ekonomie, an duerfir wëlle mer a musse mer och déi néideg Moyenë ginn, fir an Zukunft dat wichtegt Standbeen net ze verléieren. Ee Schratt an dës Richtung maache mer duerch d'Ofstëmmung vun dësem Gesetzestext.

Duerch de Bau vum neien Terminal A an dem fäerdegen Terminal B geet d'Capacitéit vun de Passagéier, déi um Lëtzebuerger Flughafe kënnen ofgefäerdegt ginn, weider an d'Luucht. Dat bréngt natierlech mat sech, datt méi Fligeren an Zukunft de Flughafen usteieren. Fligeren déi méi Plaz brauchen, virun allem och fir ze parken. Plaz, déi am Moment um Site eben net disponibel ass.

Dat ass een éischt Argument fir d'Vergréisserung vum Tarmac. Et muss een awer direkt dobäi soen, datt alles gemaach muss ginn, fir d'Liewensqualitéit vun de Leit ze erhalen, déi ronderëm de Findel wunnen; de Rapporteur ass kuerz drop agaangen. Et muss alles wat méiglech ass gemaach ginn, fir de Kaméidi esou kleng wéi méiglech ze halen. Do ass dat Beispill virdrun ernimmt gi vun deem Ecran, dee ronderëm den Tarmac geplangt ass, fir eben eng visuell, respektiv eng akustesch Protektioun ze ginn.

Een zweet Argument, wat fir dësen Ausbau schwätzt, berout op deenen zukünftege Planunge vun der Cargolux. Cargolux ass deen drëttgréisste Cargotransporter an Europa, deen néngtgréisste vun der Welt, an zënter aacht Joer geet den Tonnage vu Gidder an d'Luucht, genau sou wéi d'Zuel vun Destinatiounen, déi ugeflu gi vun der Cargolux an alle Kontinenter.

Mir brauchen also zousätzlech Plaz um Findel; Plaz, déi duerch dëse Gesetzestext geschaf gëtt. Doduerch gëtt och assuréiert, dat kann een nach dobäi soen, datt d'Cargolux d'Maintenanceaarbechte vun hire Maschinnen zu Lëtzebuerg ka maachen, ouni mussen duerfir op Seattle ze fléien. Dëse Virdeel erspuert och zousätzlech Fraisën, zousätzlech Ëmweltbelaaschtung a bréngt sécherlech och eng Rei vun neien Aarbechtsplaze mat sech. Op jidde Fall gëtt duerch den Ausbau de Standuertvirdeel vum Lëtzebuerger Flughafen an Zukunft gestäerkt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot wëll ech nach op ee Schéinheetsfeeler hiweisen - et ass virdrun och schonn ernimmt ginn -, dat ass datt de Gesamtkommodo fir de Flughafen net prett ass. Datselwecht gëllt fir de POS, op dee mer jo scho méi laang waarden. Ech ginn och dovun aus, datt den Tarmac fréistens da gemaach gëtt, wann de POS genehmegt ass.

D'CSV-Fraktioun huet och an der Kommissioun d'Urgence vun dësem Projet akzeptéiert. Mir hunn d'Analys vum Projet an d'Analys vum Avis vum Statsrot plus d'Unhuele vum Rapport an enger Sëtzung gemaach, wat an der Vergaangenheet jo scho mol virkomm ass, mä wat awer net üblech ass. Mir hunn eis dann och soe gelooss, an der zoustänneger Kommissioun, datt am Kader vun dësem Ausbau schonns 7,6 Milliounen Euro ausgi sinn, 5 Milliounen engagéiert sinn, an ech mengen datt et am Intérêt vun der Chamber ass, dann och déi Urgence do ze akzeptéieren, datt dee Projet am beschten elo geschwënn hei am Haus gestëmmt gëtt.

Dat gesot, näischtdestotrotz steet d'CSV-Fraktioun hannert dësem Projet, well an Zukunft d'Perspektive vum Lëtzebuerger Flughafen an engem ëmmer méi groussen internationale Konkurrenzkampf wesentlech gestäerkt ginn. Ech wollt zum Schluss dann den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi hei bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Schank. Nächste Riedner ass den Här Henri Grethen.

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Här President, no deem ausféierleche Rapport vum Här Negri an no deem engagéierte Plädoyer fir de Flughafe Findel vum Spriecher vun der CSV-Fraktioun mengen ech, dass ech deem näischt brauch derbäizesetzen.

Ech si frou, dass e Versteesdemech fir d'Flugaktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ass. Ech si frou, dass, nodeem d'Budgetskontrollkommissioun och mam Dossier befaasst war, esou séier e Projet konnt an d'Chamber kommen, dass mer elo rëm an der Legalitéit sinn an dass domadder dee Projet, dee wichteg ass fir d'Zukunft vun eisem Land, vun eiser Ekonomie, ka realiséiert ginn a bréngen d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Grethen. Nächste Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Ech wëll aganks direkt dem Här Negri Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht, déi ganz komplett a ganz exakt waren.

D'Begeeschterung vun der gréngger Fraktioun fir dëse Projet hält sech e bësse méi a Grenze wéi d'Begeeschterung vun de Virriedner. Dat huet och seng Ursaachen, an zwar haaptsächlech doranner, dass mir hei e gréissert Engagement aginn - och e finanziellt Engagement - mat enger Prozedur, déi net üblech ass. Mir si wuel domat d'accord, dass, wéi déi nei Regierung ugetrueden ass do eppes virfonnt ginn ass, a mir an enger Situatioun sinn, déi net evident ass.

D'Alternativ ass, dass een entweder elo op eemol alles stoppt, an da seet: „Sou, all d'Baggere bleiwe sechs Méint elo op der Plaz stoe bis mir sämtlech Prozeduren duerchlaf hunn, mat allen, och finanziellen Nodeeler, déi dat huet." An do ware mir, mengen ech och parteiiwwergräifend, eis alleguerten eens an der Kommissioun vum Contrôle budgétaire, dass ee mat där Situatioun, déi virfonnt ginn ass, elo muss probéieren dat Bescht doraus ze maachen, am Bewosstsäin, dass dat, wat geschitt ass an dat wat elo geschitt eigentlech net deen normalen an übleche Wee ass, wéi Projete solle geplangt ginn.

Et muss een och soen, déi Problematik do ass jo net nëmmen opgeworf ginn am Kontext vun dësen Aarbechten, mä mir hu méi Projete schonn hei am Plenum gehat, déi diskutéiert gi sinn deelweis wéinst Dépassementer, an hei si mir och eigentlech an der Logik vun engem Dépassement par rapport zum Artikel 99 vun der Verfassung.

Et gouf sech jo an der Kommissioun elo verstännegt op eng nei Prozedur, déi dem Parlament praktesch véiermol eng Matsprooch gëtt bei neie Projeten, fir an engem fréie Stadium eng prinzipiell Diskussioun ze féieren iwwert d'Opportunitéit, eng éischt Diskussioun ze féiere bei der Budgétiséierung vun deem Projet, eng nächst Diskussioun ze féieren, wann den Avant-projet oder de Projet ausgeschafft ass, an och an deene Joren duerno quasi nach e Suivi ze maachen iwwert d'Évolution budgétaire.

Mir mengen, dass mir mat där Prozedur, op déi sech parteiiwwergräifend an der Kommissioun geeenegt ginn ass, déi heite Situatioun, déi mir elo musse virfannen, net kritt hätten, an och hoffentlech an Zukunft net méi an där doter Form musse kréien. Mir sinn dofir d'accord gewiescht - net ouni Bauchwéi -, fir ze hëllefen, dass et virugeet, fir dass mir relativ séier erëm op den Terrain vun der Legalitéit zréckkommen.

Dat heescht awer net, dass mir domadder averstan kënne sinn, wat de Fong vum Projet betrëfft. Dëse Gesetzesprojet huet jo eigentlech haaptsächlech eng budgetär Implikatioun. Hien definéiert eng budgetär Enveloppe fir eng Partie Aarbechten, déi verschidde Projete betreffen, déi an dësem Projet de loi och mat ënnerschiddlechen Déiften optauchen. Bei verschiddene Saache si mir scho méi am Detail, bei anere si mir nach méi um Prinzip. Ech soen emol d'Stéchwuert vum Parking de dissuasion, wou méi oder wéineger gewosst ass, wou dee soll hikommen, budgétiséiert ass deen awer mat dësem Projet nach net. Ass en opportun, ass en net opportun? Dat ass och hei net diskutéiert ginn.

Et ass eigentlech do, wou mir dann eise Problem hunn: Hei geschéien och iwwert de budgetären Ëmwee Saachen; et gi Faitë geschaf, déi eigentlech net ausdiskutéiert sinn, wou mir d'Enveloppe wuel festleeën, awer de Prinzip emol nach net konnten a senger Opportunitéit diskutéieren. Et sinn Elementer an deem Projet, déi elo budgétiséiert ginn, mat deene mir kënnen d'accord sinn. D'Ubannung beispillsweis un den Train-tram, fir de Flughafe mam Plateau vum Kierchbierg ze verbannen, ass sécher een Aspekt, dee mir kënnen ënnerstëtzen.

Aner Aspekter sinn awer méi ze diskutéieren, ier ee kann en Accord oder e Refus ausschwätzen. Dat ass, dass elo zum Beispill schonn en Deelausbau vum Findel stattfënnt mat 150.000 m². Beim Tarmac kommen an enger éischter Phas der 50.000 dobäi; et sinn der en fait ronn 200.000 m² Tarmac, déi solle bäikommen.

Dat ass eng Diskussioun, déi eigentlech sollt gefouert ginn am Kader vum gesamte Kommodo vum Findel, am Kader vum Règlement grand-ducal iwwert de Plan d'occupation du sol vum Findel. Déi Diskussioune sinn net zu Enn gefouert ginn! An dat sinn awer normal Diskussiounen. Dat misst eigentlech esou sinn, dass een dat dote kéint ausdiskutéieren, ier ee sech soll finanziell op eng Enveloppe scho festleeën. Dat ass zumindest eppes, wat de Fong betrëfft.

Mir hätten eis dofir och kënne virstellen, dass een déi noutwendeg Enveloppe budgétaire méi enk hält an op dat beschränkt, wat elo noutwendeg ass fir op de festen Terrain vun der Legalitéit zréckzekommen, an dass ee mat därselwechter Diligence, wéi mir déi lescht Wochen dat hei diskutéiert hunn, dann iwwert de Fong vun deenen anere Projeten diskutéiert hätt, fir kënnen an enger nächster Phas déi Differenz zu den 61 Milliounen och kënnen hei an der Chamber an engem Gesetz zum Vote ze bréngen.

Dat ass net geschitt a mir bedaueren dat. Dofir kënne mir och als Gréng dësem Projet net zoustëmmen, mä mir wäerten eis, wéi an der Kommissioun, bei dësem Projet aus deene Grënn enthalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Braz. Leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Henckes. Dir hutt d'Wuert, Här Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol ee grousse Merci un den Här Negri fir säin explizite mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mat dësem Projet ginn aller Viraussiicht no wéinstens 61 Milliounen Euro um Findel investéiert. Wann ech soe wéinstens, dat ass, well mir leider an der Vergaangenheet ëmmer gemierkt hunn, datt déi Devisën éischter eng Tendenz hunn eropzegoe wéi erofzegoen.

Et ass ee Projet, deen am Kontext vun deenen zwee Projeten um Findel ze gesinn ass, déi mir net méi spéit wéi d'lescht Joer am Dezember hei gestëmmt hunn. Och d'ADR-Fraktioun hat deemools trotz enger Rëtsch Kritiken a Fuerderungen, besonnesch wat d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi am Ëmkrees vum Findel wunnen, ugeet, dësen Infrastrukturprojeten zougestëmmt.

Insgesamt beleeft sech elo den Invest, deen dëst Haus bannent net emol dräi Joer décidéiert huet an eise Flughafen ze stiechen - wann een den Ausbau vun der Aérogare matrechent -, op 455 Milliounen Euro. An Euroe klëngt dat e bëssen abstrakt, mä wann een awer dann de Montant an ale Frangen ausdréckt mat iwwer 18.355.000.000 Lëtzebuerger Frang, da gesäit een, datt mir hei ganz vill Suen an den Ausbau vum Findel investéieren an eis deen Invest, deen noutwendeg ass, och eppes kascht loossen.

Bei esou engem milliouneschwéiere Projet, wéi mir en elo virleien hunn, a wéi mir der gestëmmt hunn, muss een, wa si bis endlech ausgeschafft sinn, natierlech bedaueren, datt si hei an der Chamber am Hauruck-Verfahren duerchgezu ginn. Mir haten an deem Sënn schonn am Dezember am Zesummenhank mam neie Radarturem déiselwecht Prozedur kritiséiert. Beim virleiende Projet gouf an enger an därselwechter Réunioun vun der Kommissioun d'Gesetz gläichzäiteg mam Avis vum Conseil d'État presentéiert an de Projet de rapport war im vorauseilenden Gehorsam scho geschriwwe ginn a konnt direkt adoptéiert ginn.

Den ADR wäert konsequenterweis och dësem Projet zoustëmmen, besonnesch well et och an eiser verkéierskonzeptueller Visioun richteg ass, de Findel endlech un den Eisebunnsréseau unzeschléissen. Ze bemierken ass, datt mat dësem Projet éischt Jalone fir den Train-tram-Konzept gesat ginn, deen dem sou genannte „Modul K" vum Mobilitéitskonzept entsprécht.

Dir wësst, dass den ADR dësem „Modul K" oflehnend vis-à-vis stoung; net nëmme well mir dëse Modul, fir d'Verkéiersproblematik ronderëm d'Stad ze léisen, als absolut net prioritär ugesinn. Dat haten iwwregens och d'Sozialisten heibannen, ier si an der Regierung waren, esou gesinn. Dem Projet selwer haten si allerdéngs an Géigesaz zu eis zougestëmmt.

Erlaabt mir den deemolege Spriecher vun der LSAP ze zitéieren: „Mir sinn der Meenung, dass wat d'Prioritéiten ubelaangt, mir mat dësem Projet hei eigentlech net richteg leien. Wann et och sécherlech richteg ass, datt et fir de Kierchbierg ee Mobilitéitsbedürfnis gëtt, da bleiwe mir awer als Fraktioun der Iwwerzeegung, dass et och fir den Zentrum vun der Stad nach vill méi ee grousst Mobilitéitsbedürfnis gëtt wéi dat fir de Kierchbierg de Fall ass." Souwäit d'Zitat vum sozialistesche mandatéierte Spriecher.

Hien zitéiert hei als Beleeg eng entspriechend Etüd vun der ILReS. Ech zitéiere weider d'Sozialisten: „Mir stelle fest, dass e Projet hei gebaut gëtt, wou mir d'Leit op de Kierchbierg transportéieren, si awer um Kierchbierg net vill kënnen ufänken, wa si bis do sinn. Mir bleiwen also dofir als Partei weiderhin der Iwwerzeegung, dass d'Ubannung vum Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg duerch d'Schinn eng absolut Prioritéit ass, an och eng absolut Prioritéit bei eis muss bleiwen."

Ech erënneren hei dorunner, datt den ADR dës falsch Prioritéitesetzung net nëmme kritiséiert hat, mä och eng alternativ Propositioun erabruecht hat; e Konzept fir d'Verkéiersproblematik vun onser Haaptstad ze léisen am Respekt vun der Liewensqualitéit vun hiren Awunner, ouni d'Stad ze verschandelen a mat deem den Zentrum nawell duerch d'Schinn erschloss gi wier: de Projet vum Ingenieur Schummer. Leider gëtt vun de Majoritéitsparteien an der Transportfro d'Päerd vun hannen opgezaimt.

Här President, a Verkéiersinfrastrukture wéi bei dësem Projet gëtt investéiert, well allgemeng den Trafic vu Gidder a Persoune gewuess ass a mat dem Wirtschaftswuesstum weider wiisst. Dës Entwécklung hat an huet awer och direkt Konsequenzen op d'Liewensqualitéit, wuessend Nuisancen zum Beispill duerch Kaméidi. Well d'Liewensqualitéit, wéi den ADR se versteet, ass vill méi wéi just en héije materielle Liewensstandard.

Ech wëll dofir d'Occasioun notze fir alt nees en Appel un d'Regierung ze lancéieren ugesiichts den zeg Milliounen, déi se hei bereet ass ze investéieren, och an d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi am Ëmfeld vum Findel liewen, ze investéieren a bien entendu och generell esou Invester ze favoriséieren. Dat muss net onbedéngt vill kaschten.

Souwisou huet sech den Här Frieden jo och kierzlech erëm mat engem Iwwerschoss an de gesonde Statsfinanze gebretzt. Also schéngt d'Regierung jo dat néidegt Geld ze hu fir Investitiounen duerchzezéien. Do derbäi kënnt e Regierungspartner, d'LSAP, deen nach a sengem Wahlprogramm eng Sensibilitéit fir d'Kaméidisproblematik demonstréiert huet.

Ech erhoffe mer also vun der neier Regierung massiv Verbesserungen a Saache vun der Kaméidisbelaaschtung vun den Uwunner vum Findel. Finanziell wéi politesch dierft do jo näischt méi dergéint schwätzen. Et misst jo eng Selbstverständlechkeet sinn. Ech brauch hei just d'Ried vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Här Jaerling, vum Dezember ze rappeléieren: Subsidie fir Lärmschutzinvestitiounen an den Haiser vun den Uwunner musse kommen!

Näischt kaschte géing et, vill méi konsequent wéi bis elo drop ze halen, datt den Nuetsflugverbot vun 23 bis sechs Auer och agehale gëtt. A leider muss ee feststellen, datt et ëmmer méi Ausnahme gëtt. D'Zäit tëschent sechs Auer an hallwer siwe gëtt vu villen Urainer als besonnesch nuisant ëmfonnt, well do besonnesch vill Flich a Richtung vun de Vakanzendestinatioune starten.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Mir hunn eis soe gelooss, datt och dëse Problem relativ einfach ze léise wier. Déi Responsabel vun de Fluggesellschafte wieren duerchaus bereet mat den Destinatiounsaéroporten a Reesveranstalter aner Flughorairen auszehandelen. Et géing och näischt kaschten e Landeverbuet fir all Frachtmaschinnen, déi ze vill Kaméidi maachen, duerchzesetzen. Mir denken hei zum Beispill un déi al Antonoven. Et géing och näischt kaschten, sou genannt „refitted engines" duerchzesetzen, wat och manner Pollutioun mat sech brénge géing.

Ech erënneren hei awer och un d'Awunner vun der Rue Kohner oder iwwerhaapt der Cité Carmel, déi sech iwwer munnech Saache bekloen. Hinnen hätt scho laang

kënne gehollef ginn duerch e Lärmschutzwall oder en Écran antibruit. Wien do kënneg ass, weess wat fir ee Kaméidi d'Maschinnen entwéckelen, wa se op de Startbunnen eropfueren. Bei dëse gewaltegen Zommen u Steiergelder, déi mer haut hei erëm décidéieren auszeginn, muss och Geld fir d'Liewensqualitéit vun dëse Steierzueler iwwreg bleiwen.

Also, nach eng Kéier: D'Politik muss bereet si fir méi an d'Liewensqualitéit vun de Leit ze investéieren, déi am Ëmfeld vum Flughafe sinn. Dorops insistéiert, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux.

**M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ganz kuerz op déi Debatt hei agoen, well mer feststellen, dass mer dach awer mat enger grousser Majoritéit déi Investitiounen haut kënnen zréckbehalen.

Ech mengen, et ass richteg, dass dat hei engersäits e finanzpolitescht Gesetz ass, well mer effektiv, souwuel den Här Wiseler als Bauteminister wéi ech selwer, am September doriwwer informéiert gi sinn, dass mer hei bei engem Projet, deen e bësse an der Schneis louch tëschent dem Transportministère, deen d'Fongen zur Verfügung gestallt kritt huet, op deem d'Ponts et Chaussées geschafft hunn - wat vläicht och de Grond war, firwat datt dat hei e bëssen aus dem Rudder gelaf ass - schonn no um wann net iwwert dem Seuil wieren, bei deem mer effektiv verflicht wieren op Grond vum Artikel 99 vun der Verfassung e Gesetz ze stëmmen.

Et war dofir eis Suerg, engersäits, fir esou schnell wéi méiglech d'Chamber heiriwwer ze informéieren. Dofir mengen ech ass de Virworf, Här Henckes, vum Hauruck-Verfahren net ganz richteg, well d'Kommissioun vun der Exécution budgétaire jo awer scho mengen ech virun dräi Méint informéiert ginn ass vun den zwee Ministèren a si och hiren Aval unanime ginn huet fir déi Prozedur.

Ech mengen duerno ass et drëm gaangen e Projet auszeschaffen. Deen ass behandelt ginn an der Transportkommissioun an dat och an engem ganz grousse Konsens vun deene Memberen an Deputéierten, déi do matgeschafft hunn, fir haut zu engem Schluss ze kommen an effektiv déi Base légale erëm hierzestelle fir dee Projet, deen dann - an ech mengen dat wësst Der - op Grond vun de Montantë vun 61 Milliounen Euro jo nach eng ganz Rei vun Investitiounen hannendru mat sech bréngt.

Ech wëll dofir och dem Kolleeg Marco Schank soen, dass et mir evident schéngt, souwuel vum Fong hier, mä ech mengen och vum zäitlechen Oflaf, dass de POS Findel, op deen ech selwer och a mir am Ministère ganz drénglech waarden, fäerdeg soll sinn, ier déi definitiv Investitiounen, ech mengen also och déi éischt Phas vum Tarmac, solle gemaach ginn.

Gott sei Dank ass et esou, dass den zoustännege Ministère vum Aménagement du Territoire eis seet, dass en an der Lag wier fir am Juli de Conseil de Gouvernement mam POS Findel ze befaassen, deen duerno da bei de Conseil d'État ka goe fir an d'Prozedur, esou datt ech schonn dovunner iwwerzeegt sinn, datt mer de POS Findel wäerten hunn, ier mer zu deene leschten Investitiounen an deem hei Beräich wäerte kommen.

Et ass ganz richteg hei gesot ginn, dass no dem Projet vun der Aérogare, dee jo wäit fortgeschratt ass, no dem Projet aus dem Dezember 2003, deen d'Ubannung iwwert den Train-tram-Konzept vun dem Findel jo mat impliziéiert - ech mengen do sinn also schonn Elementer, déi heimat ze dinn hunn, scho vun der Chamber diskutéiert an zréckbehale ginn, natierlech och dee grousse Projet vum Assainissement, dee mer hei gestëmmt hunn am Dezember 2004, an natierlech och de Radar, dee mer hei gestëmmt hunn - effektiv ganz vill Investitiounen an eise Findel lafen a gestach ginn. Ech mengen, dass dat noutwendeg ass.

Noutwendeg ass d'Aérogare mat Sécherheet. Ech mengen, et ass keen heibannen, deen net der Meenung ass, dass et héich Zäit gëtt, dass am 21. Jorhonnert Lëtzebuerg och e Gebai do kritt, wat alle moderne Gegebenheeten ugepasst ass, souwisou och vun der Gréisst hier. Ech menge beim Assainissement war jo wuel keen hei dergéint dofir ze suergen, dass mer um Niveau vun de Kanalisatiounen, vun der Waassersanéierung eppes géinge maachen, wat och endlech géing dem 21. Jorhonnert entspriechen.

Beim Radar mengen ech war keen heibannen, deen net mat d'accord war, dass op Grond vun den neie reglementareschen europäesche Bestëmmungen am Flugkontrollwiesen et noutwendeg ass fir deen neie Radar ze kréien. Schlussendlech maache mer hei eppes, wat et eis erlaabt eise Compagnien, déi um Findel täteg sinn, och nei Méiglechkeeten ze ginn, déi se ouni Zweifel wäerte brauchen, souwuel am Beräich vum Passagéiertransport, mä virun allem och am Cargoberäich, deen e Beräich ass, deen ekonomesch fir eist Land enorm wichteg ass, dass mer déi Disponibilitéite kënne kréie fir do weiderzekommen, esou datt ech mengen, datt wa Lëtzebuerg op der Kaart wëllt bleiwen, souwuel geographesch vu senger internationaler an europäescher Mobilitéit hier wéi och ekonomesch, da sinn déi Investitiounen do noutwendeg.

Mir hunn dann dofir ze suergen, dass mer déi aner Projete wéi d'Verréckele vun der „Fuel Farm", wou mer eis mat der Gewerbeinspektioun iwwer en neie Site eens gi sinn, fir de Kommodo ze maachen, wéi och mengen ech déi Aarbechten um Niveau vum Train-tram-Projet a schlussendlech och de Parking, deen noutwendeg ass am Rahme vum Modell vu „Mobilitéit.lu", dass mer déi Saachen iwwert d'Linn kréien.

Dofir sinn ech ganz frou, dass d'Chamber gehollef huet, souwuel an der Transportkommissioun wéi och an der Comexbu, fir dofir ze suergen, dass mer eng Base légale kréien an dass mer niewebäi - als Ëmweltminister da gesot - och hei eng legal Basis kréie fir um Niveau vun der Bauschuttdeponie Héienhaff weiderzefueren. Dat ass jo mol keen Niewenaspekt, mä e wichtegen Aspekt, well Der wësst, dass mer am Moment amgaange si jo iwwerall ze versichen nei Disponibilitéien ze kréien, fir de Problem vum Bauschutt an de Grëff ze kréien.

Ech mengen, och dat ass e ganz wichtegen Aspekt vun dësem Projet, wou ech virun allem dem Rapporteur an och der Kommissioun en häerzleche Merci fir hir konstruktiv Mataarbecht wëll ginn.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt definitiv ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a siwen Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement (par Mme Nelly Stein), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel et Lucien Weiler;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm.

### 7. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vum 16. Juni, wou d'Chamber déi nächste Kéier taagt, ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 2. Juni Folgendes proposéiert:

- als éischte Punkt hu mer de second vote constitutionnel iwwert d'Proposition de loi 5414, eng Revisioun vu verschiddene Verfassungsartikelen;

- dann de Projet iwwert de Lycée technique Mathias Adam an der Annexe Jenker zu Déifferdeng an

- de Projet iwwert d'Liaison Micheville.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.14 heures)***

# 40E SÉANCE

JEUDI, 16 JUIN 2005

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président**
**M. Jos Scheuer, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour et dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen
3. 5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

   *(Second vote constitutionnel)*
4. 5457 - Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
5. 5464 - Projet de loi relative aux mesures constructives préparatoires de la liaison Micheville

   *(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
6. Motion de M. Gast Gibéryen relative à la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe

   *(Discussion générale - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen.

**Une voix**.- Neen, Här President.

### 1. Communications

**M. le Président**.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

a) 5483 Projet de règlement grand-ducal - portant certaines modalités d'application du règlement (CE) N°850/2004 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant les polluants organiques et modifiant la directive 79/117/CE - modifiant l'annexe II du règlement grand-ducal modifié du 14 décembre 1994 concernant la mise sur le marché et l'utilisation des produits phytopharmaceutiques

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 10.06.2005

b) 5484 Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Bettembourg

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 14.06.2005

c) 5485 Projet de loi modifiant la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État

Dépôt: Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 14.06.2005

3) La pétition N°268 „Initiative Renten-Gerechtigkeit" a été remise en date du 8 juin 2005. Les pétitionnaires demandent un abaissement de l'âge de la pension pour les personnes ayant cotisé pendant 40 ans.

4) Par lettre du 6 juin 2005, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 27 au 28 avril 2005:

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technologique entre la Communauté européenne et la République fédérative du Brésil;

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technologique entre la Communauté européenne et les États-Unis du Mexique;

- position sur la proposition de décision du Conseil sur la conclusion, au nom de la Communauté européenne et ses États membres, d'un protocole à l'accord entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Confédération suisse, d'autre part, sur la libre circulation des personnes, concernant la participation, en tant que parties contractantes, de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République slovaque, à la suite de

leur adhésion à l'Union européenne;

- résolution sur le rapport annuel sur les droits de l'homme dans le monde en 2004 et la politique de l'Union européenne en matière de droits de l'homme;

- résolution sur la situation des Roms dans l'Union européenne;

- résolution sur la modernisation de la protection sociale et le développement de soins de santé de qualité;

- résolution sur la stratégie de l'Union européenne pour la Conférence sur les polluants organiques persistants qui se tiendra à Punta del Este.

## 2. Ordre du jour et dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen

Mir kommen dann zu der Propositioun de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution.

Ech mierken, dass den Här Gibéryen d'Wuert freet zum Ordre du jour. Här Gibéryen!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech géif mer erlaben eng Motioun hei ze deponéiere wou mer frou wiere wa mer déi haut kéinten op den Ordre du jour kréie well elo eng länger Zäit keng Chamberssëtzung méi ass.

Déi Motioun handelt iwwert d'Informatiounscampagne, déi d'Regierung am Zesummenhang mat dem Referendum vum 10. Juli mécht, wou ëmmer méi Leit bei eis interveneéieren, datt déi Campagne ganz eesäiteg vun de Spote gehale gëtt, an esou virun an esou weider. Mä ech wëll dat elo net erklären, dat géife mer da méi am Detail maachen, wann d'Motioun géif zur Diskussioun kommen. An déi Motioun hei hätt zum But d'Regierung ze invitéieren eng objektiv an neutral Campagne ze maachen am Zesummenhang mat der Informatioun zum Referendum vum 10. Juli.

**Une voix**.- Très bien.

***Motion***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que dans le cadre de tout référendum le Gouvernement est obligé de fournir aux électeurs des informations objectives et neutres;*

*- considérant que la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe ne respecte pas les critères d'objectivité et de neutralité;*

*- considérant que cet état des choses est intolérable alors que la prédite campagne est financée par des deniers publics;*

*- considérant qu'il y a lieu de signaler que le Conseil d'État français, au vu de l'emploi de deniers publics, a invité le Gouvernement français de mener une campagne d'information n'influant pas le résultat du référendum et qu'il y a lieu de suivre un raisonnement identique au Luxembourg;*

*demande au Gouvernement*

*- d'arrêter la campagne «d'information» actuelle alors qu'elle ne respecte pas les critères d'objectivité et de neutralité;*

*- d'élaborer ensemble avec la Chambre des Députés une nouvelle campagne d'information objective et neutre mettant à disposition des électeurs toutes les informations nécessaires leur permettant à se décider en connaissance de cause;*

*- de lancer cette nouvelle campagne d'information dans les meilleurs délais.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. Normalerweis géif ech elo déi Motioun hei an d'Presidentekonferenz verweise fir dann traitéiert ze ginn. Vu d'Demande vum Här Gibéryen dass déi Motioun haut schonn op den Ordre du jour soll kommen, géif ech gären d'Attitüd vun de Fraktiounen dozou wëssen.

Wie freet d'Wuert?

***(Interruption)***

Den Här Bausch!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech mengen et muss ee vläicht awer den Text eng Kéier ze liese kréien, mä vum Prinzip hier sinn ech ëmmer dofir, dass, wann eppes d'actualité kënnt, wéi dës Motioun, een dann am beschten huet et évacuéiert een dat relativ direkt. Ech mengen, datt ee vläicht iergendwéi soll kucke fir dee Punkt vun de Kolleege vum ADR dertëschent ze setzen an dann duerno ze diskutéieren. Dat ass op alle Fall d'Propos vun eiser Fraktioun.

**M. le Président**.- Dat ass eng gutt Propos. Ech géif Folgendes proposéieren, dass mer déi Motioun hei elo géife fotokopéieren, ausdeelen an dann nom zweete Punkt vum Ordre du jour drop zréckkommen an décidéieren, ob mer déi an der Sitzung vun haut évacuéieren oder an enger spéiderer Sitzung. Voilà.

***(Interruption)***

Här Gibéryen, mir brauchen de Moment net méi iwwert den Ordre du jour ze diskutéieren, mir maachen dat zu engem spéideren Zäitpunkt vun der Sitzung.

Mir kommen da wéi gesot zur Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution.

## 3. 5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution

De 15. Mäerz 2005 huet d'Chamber eng éischte Kéier iwwert dës Proposition de loi ofgestëmmt. D'Chamber ass haut opgeruff am second vote constitutionnel doriwwer ofzestëmmen. Bei déser Proposition de loi ass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Membren erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Ech weess net, ob elo de Rapporteur, sou wéi déi eenzel Fraktiounen nach eng Kéier wëllen zu dëser Propositioun Stellung huelen, mä ech mengen dat wier net de Fall, well mer dat jo de 15. Mäerz hei am Detail diskutéiert haten. Wann also kee sech zu Wuert mellt, da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

***Second vote constitutionnel***

D'Proposition de loi ass am second vote constitutionnel mat 45 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour an dat ass de Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam zu Déifferdeng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, den Här Schreiner, d'Madame Loschetter an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 5457 - Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

**Mme Nelly Stein** *(CSV), rapportrice*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, de Stat huet d'Aufgab eise Schüler déi Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, déi se fir hir Bildung a fir hir Entfaltung brauchen.

**Une voix**.- Très bien.

**Mme Nelly Stein** *(CSV), rapportrice*.- Et muss dat e permanenten Effort si fir déi schoulesch Infrastrukturen am A ze behalen, fir dann op Grond vun dëser Analys Mesuren anzeleede fir Gebaier ze renovéieren, a Stand ze setzen oder komplett nei ze bauen.

Sou wéi déi viregt Regierungen hëlt och dës Regierung sech dëser Aufgab un an de Regierungsprogramm vum August 2004 enthält eng Partie Virgaben, déi op eng mëttel- a laangfristeg Qualifikatioun vun de Schoulinfrastrukturen hinzilen. D'Investitiounen an deene leschten 20 Joer loossen sech weisen an ënnermaueren d'Engagement vun de Regierungen. Am Zäitraum vun 1985 bis 1999 chiffréieren sech d'Investitiounen op 547 Millionen Euro - dat sinn 22 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Alleng an der leschter Legislaturperiod ënnert der Bauteministesch Erna Hennicot goufe 559 Millionen an d'Schoulen investéiert - dat sinn 22,5 Milliarden; also an deene leschten 20 Joer am Ganzen zirka 45 Milliarde Lëtzebuerger Frang.

Den Objet vum virleienden Text ass op d'manst e bëssen aus enger Nout eraus gebuer. Ech war mech op der Plaz selwer dovunner iwwerzeegen, datt d'Annexe Jenker schnell muss a Stand gesat ginn, well se sech an engem katastrophalen a fir d'Schüler an d'Enseignanten net zoumuttbarem Zoustand befënnt. Ech sinn dofir ganz frou, datt et net nëmmen zu enger Renovatioun kënnt, mä datt déi zwee bestoend Fligelen duerch en drëtte komplétéiert ginn. Et ass virun allem d'Tatsaach, datt d'Schüler vum Enseignement préparatoire, dat heescht déi Schüler, déi e besonneschen Encadrement an eng besonnesch Ënnerstëtzung brauchen, elo an de Genoss vun neien Infrastrukture kommen.

Datt an dësem Gebai iwwerhaapt nach Schoul gehale ginn ass, dat verdanke mer dem gudde Wëllen, dem Engagement an der Ausdauer vun dem Léierpersonal an der Direktioun. Mä et kann ee sech allerdéngs d'Fro stellen: Wéisou koum et zu dëser Situatioun?

An do wëll ech just drun erënneren, datt dëst Gebai eng ganz laang Virgeschicht huet. Déi al Gemengeschoul Jenker gouf 1994 vum Stat iwwerholl an huet sech deemools schonn an engem schlechten Zoustand befonnt. Et goung ee sech driwwer eens, datt nëmmen eng komplett a schnell Rehabilitatioun vum Gebai d'Sécherheet vun de Schüler kéint assuréieren.

D'Astandsetzung gouf deemools un den Erëmopbau vum Lycée Technique Mathias Adam geknäppt, mä gouf awer leschten Enns op Äis geluecht, well sech kee passende Site fonnt huet oder vläicht méi richteg, de Site vum Lycée Technique Mathias Adam huet sech net gëeegent, fir do och nach de Préparatoire drop ze bauen - a mir wësse jo wéi laang et fir de Lycée Technique Mathias Adam gedauert huet; un déi ganz Polemik kënne mer eis erënneren; mir kënnen eis erënnere wéi laang déi Terrainsfro gedauert huet, ier se iwwerhaapt geléist ginn ass.

D'Regierung ass awer elo zum Schluss komm, datt d'Infrastrukturen net méi de Bestëmmungen an de Standarden um Niveau vun der Sécherheet a vun der Salubritéit entspriechen. An et wier leschten Enns eng Fro vum Respekt virun deene Schüler, dat heescht deenen aus dem Préparatoire, déi just déi sinn, déi an eisem Schoulsystem déi meeschte Problemer hunn.

Här President, den Text, dee mer haut diskutéieren, gouf de 6. Abrëll 2005 vum Bauteminister Claude Wiseler an der Chamber erabruecht. De Statsrot huet den 3. Mee säi positiven Avis zu dëser Virlag ofginn an an de Kommissiounssëtzunge vum 2. a vum 24. Mee ass alles duerchdiskutéiert ginn. Mäi schrëftleche Rapport ass den 1. Juni 2005 ugeholl ginn. Ech wëll just soen, dass d'Aarbechten an der Kommissioun ganz schnell konnten ofgeschloss ginn, well de Minister a seng Leit eis de Projet in extenso virgestallt hunn a well se eis op all Fro eng zefridde stellend Äntwert konnte ginn.

Wéi schonns erwähnt setzt sech d'Annexe aus zwee verschiddene Gebaier zesummen. Dat eent Gebai mat Klassesäll an dat anert mat den Atelieren a mat der Sportshal. D'Gebai mat de Klassesäll gëtt den Normen um Niveau vun der Fonctionnalitéit ugepasst; och wa sech géif eng Rundumerneierung imposéieren. Dat zweet Gebai muss ganz ofgerappt ginn, a sur place kann ee sech dovun iwwerzeegen, dass et dozou einfach keng Alternativ gëtt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Et gëtt duerch en Neibau ersat, wou um Rez-de-chaussée déi verschidden Atelierë mat Annexen an d'Spezialsäll fir Chimie, Physik an Informatik ënnerbruecht ginn. Um éischte Stack kënnt de Sportssall mat de Vestiairen.

Déi zwee Gebaier ginn duerch en neie Fligel complétéiert, an dat laanscht d'Rue Pierre Frieden, mat Kantin a Kichen, engem Multimediasall, engem Konferenzsall an zwee Niveauë mat Klassesäll.

Déi funktional Conceptioun vum Projet bitt eng Partie Avantagen. Déi nei Gebailechkeete si méi sécher a méi polyvalent notzbar. Déi verschidden Deeler si besser vunenee getrennt, wat virun allem um akustesche Plang eng Rei Verbesserunge bréngt. D'Gebaier entspriechen allen Normen, an dat souwuel wat d'Accessibilitéit fir Handicapéierter wéi och d'Sécherheet betrëfft.

Och um ekologesche Plang beim Choix vun de Materialie léisst dëse Projet näischt ze wënschen iwwreg. An och wéilt vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, fir den Auteure vum Projet ze félicitéiere fir déi gutt Aarbecht, dee ville Wäert, deen si op d'Ekologie bei dësem Bau geluecht hunn.

Et ass virgesinn, ech zitéieren nëmme just, dass eng gutt thermesch Isolatioun virgesinn ass, wouduerjer Energie ka gespuert ginn. D'Reewaasser gëtt opgefaangen - et ass ëmmerhin dat, Här Mehlen; wann ee wëllt ekologesch bauen, fänkt een domadder un.

***(Interruption)***

D'Méiglechkeet vun der Holzheizung ass allerdéngs fale gelooss ginn, well se analyséiert gouf a well et sech erwisen huet, datt aus ekonomeschen a praktesche Grënn sech dat net kéint maache loossen.

Och fir d'Plantatiounen, wat fir lech vläicht erëm eng Selbstverständlechkeet ass, wëll ech awer kuerz erwähnen, dass et vu pedagogeschem Wäert ass, dass d'Auteure vum Projet virgesinn hunn, fir ronderëm d'Schoul nëmmen einheimesch Beem ze planzen.

De Projet gëtt an dräi Phasen, déi gutt preparéiert sinn, duerchgefouert, wat de Virdeel huet de Schoulfonctionnement mat e puer minimalen Aschränkunge weider ze garantéieren. Zu dësen Aschränkunge gehéiert ënner anerem de Recours op Préfabriquéën. D'Bauaarbechten, déi de meeschte Kaméidi verursaachen, konzentréiere sech virun allem op d'Méint vun de Vakanzen, wat de Kaméidi op en tolerabelen Niveau erofsetzt.

Et sief preziséiert, datt d'Duerchféiere vum Projet an e puer Phasen net zum Nulltarif ka geschéien - an dat weess jiddfereen, deen dat scho mol versicht huet a senger Gemeng -, mä datt dat e Surcoût vun 1,5 Milliounen Euro bedeit. Mä et lount sech awer fir de Projet an dräi Phasen ze maachen. De Projet kascht ronn 27 Milliounen Euro, bei engem Bauindex, dee sech op 600,88 Punkte beleeft.

Der Iddi vum Statsrot, fir d'Käschten dem leschte Bauindex unzepassen, ass d'Educatiounskommissioun net nokomm, déi sech an dësem Punkt der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire vun der Chamber ralliéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de genauen technesche Detail vun dësem Projet verweisen ech op déi administrativ an technesch Partie vum Document parlementaire. Ech si besonnesch frou iwwert dëse Projet, deen elo schnell Remedur schaaft, an enger ontragbarer Situatioun fir déi betraffe Schüler an Enseignanten. An deem Sënn kann ech och elo scho vun hei aus den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Madame Stein, fir Äre Rapport. Den éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt en zefriddenen Déifferdenger Buergermeeschter virun lech, well ee vun deene Problemer, deen a senger Gemeng zanter enger ganzer Rei vu Jore bestanen huet, nämlech e Schoulgebai, e Secondairesgebai, dat net an deem allerbeschten Zoustand war, dann elo wierklech soll renovéiert ginn, an dat vu Grond op, mat deelweis ganz neien Annexen, déi dann do geschafe ginn.

D'Rapportrice - déi däerf ech félicitéiere fir hire schrëftleche wéi och mëndleche Rapport - ass dorobber agaangen, weder d'Sécherheet nach d'Attraktivitéit vun deem Gebai hunn deem entspracht, wéi et haut soll sinn, a weider ass dat dote Gebai eben net ëmmer nëmmen duerch positiv Schlagzeilen opgefall. Esou datt et ze begréissen ass, datt elo wierklech hei d'Chamber dann iwwer esou ee Projet vun enger Renovatioun vum

Jenker, wéi mer en zu Déifferdeng nennen, ka befannen. An d'Hoffnung besteet, datt mer dann do sou schnell wéi méiglech och ukomme mat der Renovatioun. Mä mer wësse jo awer, datt dat net vun haut op muer herno och wäert exekutéiert ginn; datt déi Schoul soll renovéiert gi währenddeem de Schoulbetrib kann oprechterhale ginn, deelweis am Gebai, deelweis op d'mannst op deem Site a Préfabriquéën; an datt dat dann dozou bäidréit, datt mer eng laang Bauzäit och wäerten hunn, mä et wäert dat mat Sécherheet derwäert sinn.

Dir wësst, mäi Mea culpa kann ech do och soen, a menger Fonctioun als Déifferdenger Buergermeeschter, well dat Gebai, ëm dat et hei geet, de Jenker, dat d'Annexe ass vum LTMA vu Péiteng, huet an der Zäit der Gemeng Déifferdeng gehéiert an et ass eben net réischt an deen Zoustand do komm, wou et elo ass, nodeems de Stat Propriétaire ginn ass. Mä et war vläicht och schonn an engem net allze gudden Zoustand, wéi d'Gemeng nach Propriétaire war. Dat soll awer och der Éierlechkeet halber hei gesot ginn.

Dat Gebai befënnt sech an engem Quartier résidentiel. Et ass u sech net üblech, datt an esou engem Quartier wéi deem dote Schoulgebaier fonctionnéieren. Mä hei ass et jo och net e grousse Lycée, deen 1.000, 1.200 oder 1.500 Schüler unzitt. Et sinn der momentan 320, déi am Préparatoire oder am sou genannte Modulaire déi Schoul do besichen. An et wäerten der och no der Renovatioun net däitlech vill méi sinn.

Wann ech gesot hunn, Dir gesitt en zefriddene Buergermeeschter virun Iech, esou wëllt dat awer net heeschen, datt mer mat all Punkt och hei Satisfaktioun kritt hunn. D'Gemeng Déifferdeng hat u sech proposéiert fir ze kucken, ob amplaz eng komplett Renovatioun, virun allem wa se esou opwänneg ass wéi déi heiten, ob net d'Opportunitéit bestanen hätt fir gläich e ganz neit Gebai méi grouss op enger anerer Plaz ze bauen. Nun, dat ass op jidde Fall an dëser Phas nach net zréckbehale ginn.

Mä mer wäerten do allerdéngs, wann ech als Déifferdenger Buergermeeschter ka schwätzen, déi Hoffnung net opginn. Virun allem wann ee kuckt, wéi d'Awunnerzuel evaluéiert huet an eiser Gemeng. Virun allem wa mer awer och kucken, wéi d'Schülerzuel bei eis am Primaire evaluéiert huet, déi wierklech explodéiert ass am Laf vun deene leschten zéng, 15 Joer.

A wann een hei gesäit, datt jo hei e Gebai renovéiert gëtt, ouni datt awer d'Capacité d'accueil däitlech an d'Luucht geet. Wa mer och wëssen, datt zu Péiteng jo en neit Schoulgebai, e Lycée technique am Bau ass, mä awer dat eben en anert bestehend Gebai dann och soll ersetzen, also do och net däitlech méi zousätzlech Capacitéit wäert geschafe ginn am Kordall. Wa mer wëssen, datt déi demographesch Evolutioun, déi mer zu Déifferdeng kennen, mat Sécherheet och fir aner Gemengen an där Regioun do gëllt, da mengen ech soll d'Iwwerleeung nach wéi vor derwäert sinn ze kucken, ob net d'Gemeng Déifferdeng e wierklech richtege Lycée als drëttgréisst Gemeng mat 20.000 Awunner verdéngt hätt; a mir wäerten déi Hoffnunge mat Sécherheet net esou schnell opginn.

Eng Hoffnung, déi ech och begrënne mat dem Plan sectoriel „lycées", dee jo vun der leschter Regierung opgestallt ginn ass, wou ech kloer gesot ginn ass, datt, wann d'Evolutioun esou weidergeet mat de Schülerzuelen, wéi datt dee Moment prognostizéiert war, nach en zousätzleche Lycée an d'Regioun Süde sollt kommen; nieft deenen, déi scho geplangt an décidéiert, respektiv am Bau sinn, déi mer alleguerte kennen. Déi Décisioun ass jo nach net getraff an esou si mer der Meenung, datt et nach wie vor gutt Argumenter gëtt.

D'Gemengenautoritéiten hunn d'ailleurs och scho gekuckt an hirem PAG e Site ze reservéieren, deen dann och deementsprechend klasséiert gëtt, fir wann eng Kéier déi Décisioun do géing falen, datt mer net dann eréischt op d'Sich no engem Site misste goen. Mä mir hunn, nieft dem sou genannte Plateau funiculaire op enger Friche industrielle, also matzen an Déifferdeng bei all de Verkéiersinfrastrukture vu Stroossen, Bus a Bunn, en Terrain reservéiert, deen dann och esou laang sollt reservéiert bleiwen, bis déi Décisioun dann do eng Kéier an déi eng oder an déi aner Richtung geholl gëtt.

An deem Sënn si mer zwar frou, datt hei dee Projet realiséiert gëtt. Et ass e Plus un Attraktivitéit fir dat Gebai. Woubäi d'Fro sech och stellt, an ech wär frou dann haut am Laf vun dëser Debatt eng Äntwert dorobber ze kréien, ob et herno nëmmen de Modulaire ass, dee weiderhin an dat dote Gebai wäert kommen oder ob do och aner Klasse kënnen dovunner profitéieren. Et wäert, egal wat fir eng Klassen do erakommen, méi een attraktiivt Gebai ginn. Et wäerten deelweis méi Schüler erakommen. Et wäert eng Opwäertung fir dee ganze Quartier ginn a fir all déi Leit, déi bis elo do Schoul gehalen hunn.

Mat Sécherheet wäerten si mat anere Viraussetzungen elo un hir Aarbecht kënnen erugoen, eng Aarbecht, fir déi ee se wierklech muss félicitéieren, wou se trotz deenen net allerbeschte Konditiounen am Laf vun deene leschte Joren dach hiert Bescht gemaach hunn am Interesse vum Enseignement am Jenker zu Déifferdeng.

An der Hoffnung, datt de Projet schnell kann ufänken, schnell ka realiséiert ginn ënnert deene Prémissen, déi mer allegueren kennen, an datt dann herno e flott Gebai do steet, an datt, wat d'Schoulinfrastrukturen zu Déifferdeng am Kordall an an der Regioun Süden an Zukunft ugeet, nach dat eent oder dat anert Positives kann décidéiert ginn, wëll ech dann heimadder den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Schreiner ageschriwwen. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roland Schreiner** *(LSAP)*.- Här President, Madame an Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'alleréischt och mol domat ufänken, dass ech der Rapportrice, der honorabeler Madame Nelly Stein Merci soe fir hiren ausféierlechen…

***(Interruptions diverses)***

**Une voix**.- Très bien!

**Mme Anne Brasseur** *(DP)*.- Den Här Meisch huet dat och gemaach, awer do huet d'Madame Stein leider net nogelauschtert.

**Mme Nelly Stein** *(CSV), rapportrice*.- Dach, ech hat nogelauschtert.

**M. Roland Schreiner** *(LSAP)*.- Kann ech weiderfueren?

**M. le Président**.- Madame Brasseur, loosst den Här Schreiner seng Ausféierunge maachen. Keng Privatgespréicher!

**M. Roland Schreiner** *(LSAP)*.- Bon, ech soen da Merci fir deen ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. E Rapport, dee mengen ech ganz gutt erëmginn huet, wéi noutwendeg an urgent dat Gesetz ass, iwwert dat mer haut hei befannen a wéi wichteg déi Investitioune sinn, déi mer am Kader vun dësem Gesetz maachen.

Et kann ee soen, dass mat dësem Gesetz effektiv de laange Leidenswee vun dësem Gebai endlech en Enn fënnt an dass souwuel d'Direktioun wéi déi 48 Enseignanten an 320 Schüler, déi an deem Gebai do all Dag sinn, endlech Perspektive fir d'Zukunft opgezeechent kréien an no laangem Waarden elo d'Liicht um Enn vum Tunnel gesinn.

Ech wëll elo net hei an den Detail vum Projet agoen. Et ass e gudde Projet, dee vun der Rapportrice hei beschriwwe ginn ass an dee jo och am Gesetzestext an der technescher an an der administrativer Partie ganz explizit erläutert ginn ass, an deen och d'Zoustëmmung mengen ech vun alle Concernéierten, virun allem deenen, déi op der Plaz sinn, wäert fannen.

Ech wëll just soen, dass ech et gutt fannen, dass de Projet an dräi Phase realiséiert gëtt, fir esou parallell zu den Aarbechte de Fonctionnement vun der Schoul weider ze garantéieren. E Relogement vun de Schüler wier effektiv schlecht gewiescht. Ech fannen et och richteg a wichteg, dass bei dësem Projet versicht ginn ass - et ass och scho gesot ginn hei - allen heitege Kritären a puncto Sécherheet, ekologesche Standarden an och der Accessibilitéit vun den handicapéierte Persoune gerecht ze ginn, ouni dass et zu engem iwwerdriwwene Luxus kënnt. Esou dass ee ka soen, dass de Konzept fonctionnel ass, an dass déi 27 Milliounen Euro, déi hei investéiert ginn, gutt ugeluecht sinn, fir dass dat Gebai erëm an esou séier wéi méiglech an en Zoustand versat gëtt, dass en Enseignement ënner anstännegen a wierdege Bedingungen erëm do méiglech ass.

Haut ass dat op alle Fall net de Fall, a wann ee sech de Jenker mol eng Kéier ukucke geet, net nëmme vu baussen, och vu bannen, a grad wéi d'Madame Stein hunn ech dat och gemaach - mir waren awer net zesummen dohinner -, dann traut een effektiv sengen…

***(Interruptions et hilarité)***

Mir hätten dat jo kéinte maachen. Mä mir hunn eis net ofgeschwat. Dat war Intuitioun, ne!

…dann traut een effektiv sengen Aen net an et stellt ee sech d'Fro, wéi et méiglech ass, dass mer haut an eisem Land nach Schoulgebaier hunn, déi an esou engem schlechten Zoustand sinn.

Wa mer elo grad héieren hunn, wéi vill Suen an deene leschte Jore vun deene jeeweilege Regierungen an eis Lycéeën, an eis Schoulgebaier investéiert gi sinn, dann ass dat richteg an dat ass och luewenswäert an dat ass och gutt esou, mä dat ass natierlech keen Trouscht fir all déi Leit, déi all Dag dat Gebai do zu Déifferdeng fréquentéieren. Zumindest fir dëst Gebai muss ech da soen, an och vläicht méi kritesch soen, hu mer dann eis Hausaufgaben net gemaach.

Ech wëll awer och do elo keng Scholdzouweisunge maachen a scho guer net dem heitege Minister, dee ganz sécher de Mérite huet deem Dossier eng bestëmmte Prioritéit zoukomme gelooss ze hunn, e Projet dee jo eigentlech schonn 2003 praktesch fäerdeg war. Hien huet awer de Verdéngscht, e weidergedriwwen ze hunn an en och elo finaliséiert ze hunn. A wann am Text vum Projet de loi jo selwer steet, an ech zitéieren - an Dir hutt et all gelies -: «L'état général des installations existantes, les conditions de sécurité, de salubrité et d'accueil sont déplorables à un point tel qu'une réhabilitation urgente ne devient pas seulement une question de sauvegarde d'espace scolaire, mais également une question de dignité à l'encontre des élèves qui sont les plus démunis dans notre système scolaire.», da seet dat eigentlech genuch aus.

Et muss ee wëssen an et ass och schonn hei gesot ginn, dass dat Gebai 1961 gebaut ginn ass an dass zënterhier net méi dran investéiert gouf. A schonn 1994, dat ass och hei gesot ginn, wou de Stat d'Gebai vun der Gemeng Déifferdeng ofkaaft huet fir d'Klasse vum Régime préparatoire vum Lycée technique Mathias Adam dran ze logéieren, war et an engem ganz schlechten Zoustand an deemools hunn d'Experte schonn drop higewisen, dass nëmmen eng schnell a komplett Rehabilitatioun vum Gebai d'Sécherheet vun de Schüler kéint garantéieren. Haut, 11 Joer duerno, si mer um Terrain nach ëmmer kee Meter virukomm, ausser enger Rei vu provisoreschen Aarbechten, déi gemaach gi sinn, déi awer éischter eng Dréps op e waarme Stee sinn.

Et muss een och soen, dass et an deene leschte Joren - an d'Madame Stein huet dat och schonn hei relevéiert - d'Schüler an d'Enseignante selwer waren, déi vill an hire Klassesäll gepléischtert hunn, geschafft hunn, mat de Moyenen, déi se haten, fir selwer e bëssen dat Néidegst ze maachen an an d'Rei ze setzen, fir dass ënner eenegermoossen akzeptabele Konditiounen iwwerhaapt do Schoul konnt gehale ginn.

Ech konnt mech selwer dovunner iwwerzeegen, dass virun allem déi gängegst Sécherheetsnormen net méi garantéiert sinn hautdësdags. De Joresbericht 2004 iwwert d'Préifung vun der Sécherheet am Gebai, dee vum saarländeschen TÜV opgestallt ginn ass am Oktober vum leschte Joer, weist och op eng Rei vu Mängel hin, wéi d'Sécherheetsluuchten, déi net ginn, Brandmeldeanlagen, déi net fonctionnéieren, Feierdieren, déi net installéiert sinn, Feierläscher, déi schonn 1999 hätte missen op hire Fonctionnement hin iwwerpréift ginn, oder Fluchtweeër, déi entweder guer net bestinn oder respektiv onlieserlech beschëldert sinn.

An der Äntwert op eng Question parlementaire huet de Minister mer de 15. Abrëll gesot, dass an Tëschenzäit eng Rei vu Moossnamen am Interesse vun der Sécherheet duerchgefouert gi wieren, wéi d'Mise en conformité vun de Feierläscher, d'Mise en conformité vun der Beliichtung an de Klassesäll an an den Atelieren, d'Elaboratioun vun Evakuatiounspläng, d'Verstäerkung vun den Dieren a Fënsteren oder d'Mise en conformité vun der Heizungsinstallatioun.

Ech muss allerdéngs soen, dass ech selwer de 24. Mee, also no där Äntwert vum Här Minister, op der Plaz war an awer do de Constat konnt maachen, dass an enger Rei vu Beräicher, déi ech elo hei opgezielt hunn, eng ganz Rei vu Mängel weiderbestinn an dass weider dréngend Handlungsbedarf besteet. Och déi Aarbechten, déi elo nach fir d'Rentrée programméiert sinn an enger Gréisstenuerdnung vu ronn 50.000 Euro si sécher néideg, mä awer nach laang net ausreechend.

Et ass sécher och net normal, dass zum Beispill, wat den Turnberäich ugeet, et eigentlech mol keng Vestiairë gëtt an deem Gebai. D'Jonge mussen sech un- an ausdoen an engem klenge Raum, wou d'Turngeräter normalerweis ofgestallt ginn, an d'Meedercher mussen dat am Sous-sol maachen a Raimlechkeeten, déi haut nach absolut insalubre sinn.

Och déi aner Sozialraim sinn absolut onzureechend. Zum Beispill hu mer eng Schoulkantin, déi aus e puer Dëscher besteet fir 320 Schüler a fir déi 48 Enseignanten. Do gëtt et eng eenzeg Toilett fir d'Hären an eng eenzeg Toilett fir d'Dammen.

Well et an dëser Struktur och 23 Klasse gëtt, awer nëmme 17 Klassesäll zur Verfügung stinn, sinn dann am Haff Containeren, fir verschidde Klassen ze logéieren, wou et dann am Wanter an am Summer zu extremen Temperature kënnt, wou d'Konditioune fir Schoul ze halen oder fir Schoul gehalen ze kréien, absolut anescht wéi agréabel sinn.

Da muss een och nach soen, dass d'Gebai weder surveilléiert ass, nach duerch eng Alarmanlag ofgeséchert ass, wat jo och elo am Virfeld vun den Transformatiounsaarbechten awer nach nogeholl soll ginn.

Wann een all déi Mängel do gesäit, dann erkennt een, dass e ganz dréngenden Handlungsbedarf besteet, an et versteet een och e bëssen d'Direktioun, d'Professeren an d'Schüler, wa se d'Gefill hunn, si wieren an deene leschte Jore staark vernoléissegt ginn an am Ree stoe gelooss ginn. A wann ee weess - an dat ass jo och scho gesot ginn -, dass déi Schüler, déi hei de Préparatoire besichen, meeschtens Schüler sinn, déi aus engem soziale Milieu kommen, deen net onbedéngt zur ieweschter Schicht vun eiser Gesellschaft ze zielen ass, da kann een hinnen och net verdenken, wa se mol heiansdo soen: „Mat eis kënnen si et jo da maachen."

Mä gutt, alles dat soll jo elo en Enn kréien, e glécklecht Enn hoffentlech. Et wier ze wënschen, dass wann de Projet elo haut hei gestëmmt ass, d'Aarbechten an de beschtméiglechen Délaië kéinten ugoen. Si solle jo dräi Joer daueren. Am Budget vum Joer 2006 misste jo dann och déi éischt Kreditter dofir virgesi kënne ginn.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass de Projet, esou wéi e konzipéiert ass, effektiv e gudde Projet ass, deen dem Jenker an och deem Type d'enseignement déi Plus-value bréngt, déi si brauchen an och verdéngt hunn, an dofir bréngen ech och hei d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Schreiner. Als nächste Riedner ass ageschriwwen d'Madame Loschetter. Madame Loschetter wann ech gelift.

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villes oder souguer bal alles ass schonn zu dësem bluttnoutwennege Projet de loi gesot ginn. Et gëtt hei probéiert sou gutt a sou séier wéi méiglech der Annex Jenker eng nei Figur ze ginn, eng Figur déi mënschewierdeg oder vill besser gesot jugendwierdeg ass an déi den Numm vu Schoul verdéngt, sou wéi et och am Projet de loi steet: «une question de dignité à l'encontre des élèves qui sont les plus démunis dans notre système scolaire».

Erlaabt mir dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir net méi op de Fong vum Projet de loi anzegoen, well mir eis heibanne jo alleguerten doriwwer eens sinn, mä op d'Form vun der Entstehung an de Wee vun dësem Projet de loi.

1994 ass de Régime préparatoire agefouert ginn. An ech géif just gäre kuerz dorun erënneren, well et ganz oft vergiess gëtt, datt dee Régime préparatoire eng Filière ass vum Cycle inférieur vum Enseignement secondaire technique, also de Préparatoire gehéiert zum technesche Lycée. Dat gëtt immens oft vergiess, well sech de Préparatoire eigentlech bal ëmmer a ghettosähnlechen Annexen erëmfënnt a bal ni oder nëmme ganz wéineg a sou gesote Mammegebaier mat integréiert ass.

De Lycée Technique Mathias Adam vu Péiteng huet Plaz gesicht fir déi nei Filière an esou koum et, datt eng al Gemengeschoul - wéi scho gesot ginn ass -, d'Jenker-Schoul vun Déifferdeng, an ech zitéieren: «déjà à l'époque le bâtiment se trouvait dans un état avancé de vétusté», als Deel vum technesche Lycée eng nei Missioun kritt huet.

Eigentlech sollt dëst just eng ongemittlech Iwwergangsléisung sinn, well en neit Gebai geplangt war wou all d'Filièrë sollte rassembléiert ginn. Mä et war schwiereg e passenden Terrain ze fannen an dofir gouf dann och am Joer 2001 décidéiert de Régime préparatoire aus deem Jenker vum Rescht vun dem Lycéesprojet lasszekoppelen a just fir d'Annex Jenker e Projet de loi an der Chamber ze déposéieren.

Awer hei musse mir dräi Fakte festhalen:

1. Obwuel et nach keen adequaten Terrain gouf, war awer e Projet do fir de ganze Lycée ze regruppéieren. Dëst hat och seng Ursaachen, pedagogescher ganz sécherlech, mä och anerer, déi mir zum Beispill am Plan directeur sectoriel „lycées" erëmfannen.

Ech zitéiere ganz kuerz doraus: «en ce qui concerne les formations sans contraintes de rareté,…», wat och de Cycle inférieur ass, «…qui englobent actuellement 81% des élèves, une répartition nationale homogène est envisagée, sachant qu'à l'heure actuelle ces formations sont déjà présentes dans la plupart des lycées techniques». E bësse méi wäit steet dann och do: «…qui viendront se greffer sur un tronc large formé par les cycles inférieurs complets du classique, du technique et du préparatoire. Ces formations ne nécessitent en effet guère d'infrastructures et d'équipements spécifiques». Hei ass awer trotzdeem décidéiert ginn, d'Annex Jenker getrennt vum Rescht vum Lycée ze halen.

2. Et huet nawel véier Joer gedauert tëscht der Décision d'urgence, déi sech dann och iwwer all Planifikatioun a pedagogesch Konzepter ewechgesat hat, an dem Vote vum Gesetz iwwert d'Zukunft vum Jenker, dat heescht, de Vote vun haut.

3. D'Schülerinnen an d'Schüler vum Régime préparatoire gi vun 1994 bis Juli 2006 - dat ass do wou d'Aarbechten am Jenker ufänken, respektiv Enn 2009, dat ass do wou déi Aarbechten am Jenker da fäerdeg sinn - an eng Schoul déi an engem desolaten Zoustand ass. 1994 bis 2009, dat si 15 Joer wou d'Schüler - wéi et esou baarmhäerzeg am Projet de loi steet: «des élèves qui sont les plus démunis dans notre système scolaire» - an eng Schoul ginn, déi ausgesäit wéi eng Schoul aus engem Land, dat an der Faillite ass.

2001 ass décidéiert gi fir dem Jenker en eegene Projet de loi ze maachen. De Projet de loi ass dunn de 6. Abrëll 2005 déposéiert ginn, den 3. Mee 2005 hate mir schonn den Avis vum Conseil d'État, de 24. Mee 2005 hu mir de Rapport an der Kommissioun gestëmmt an haut, de 16. Juni 2005, gëtt dee Projet gestëmmt.

Knapp zwee Méint huet déi ganz legislativ Prozedur gebraucht an doriwwer, Här President, Här Minister, si mir all frou heibannen.

Zwee Méint no 15 Joer waarden, dat ass schonn ee bemierkenswäerte Kontrast. An dëst huet alleng domadder ze dinn, dass no 15 Joer an enger Indifférence quasi totale, dës Schoul a virun allem déi Schülerinnen a Schüler „les plus démunis" elo endlech eng Lobby haten. An dës Lobby ass soss kee wéi eise Premier gewiescht, dee Gott sei Dank zum richtege Moment eng Kéier duerch Zoufall Zäit hat fir owes de Journal op der Tëlee ze kucken. Hien huet dank engem perseverante Journalist de Ras-le-bol vun de Schüler an Enseignantë via Biller vun der Vétustéit vum Gebai matkritt. A wéi dat dann och esou geet, dank dem Journalist oder dank dem Premier, gëtt op eemol bal alles méiglech.

Mä, Här President, och wann dës Geschicht gutt ausgeet, sou kann dat dach net de Wee si wéi eist Land seng Schoulinfrastruktur geréiert. Well wat maache mir da mat deenen anere Schoulen oder Annexen an eisem Land, déi ähnlech ausgesinn, wéi zum Beispill zu Gréiwemaacher, wéi zum Beispill zu Ettelbréck, wéi zum Beispill Annexen um Kierchbierg vum LTC, wou et era reent, wou d'Fënsteren net dicht sinn an esou weider; well där ginn et nach eng etlech am Land.

Misst et net esou sinn, Här President, datt de Bauteministère an engem globale Konzept an dësem Fall mam Educatiounsministère mat agebonne gëtt? Misst et net esou sinn, datt och Infrastrukturen sech un d'Konzepter halen? An der Educatiounspolitik ass et esou, datt d'Infrastrukturen eigentlech en Deel vum Konzept sinn. Oft mécht eng Infrastruktur eréischt d'Ëmsetze vun engem pedagogesche Konzept méiglech. Wann dann décidéiert gëtt, datt déi verschidde Filièrë vum Cycle inférieur notamment de Préparatoire sollen aus pedagogesche Grënn rassembléiert bleiwen, da missten d'Infrastrukturprojeten sech och drun halen. Zu Dummeldeng soll deemnächst eng nei Annex vum LTC gebaut ginn, déi och haaptsächlech wann net nëmme fir de Régime préparatoire virgesinn ass. Ass dat nach ëmmer déi Pedagogie, déi net soll sinn, oder ass dat eng nei Pedagogie?

Misst et net esou sinn, datt et net dierft virkommen, datt Kanner tëschent 12 a 15 Joer während engem Jorzéngt an enger Schoul ënnerbruecht sinn, déi éischter den Numm vun enger vermuuschter Barack géing verdéngen? Mengt Dir net, Dir Dammen an Dir Hären, dass - sou wéi d'Madame Stein et virdru gesot huet -, wa säit esou vill Joren, sou vill Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen an d'Schoulen investéiert gi sinn, eigentlech dann déi Jugendlech, déi all Dag an déi Schoul ginn, missten en uerdentlecht Ëmfeld ronderëm sech hunn, well et ass awer déi Plaz wou si sech op hiert Liewe virbereeden.

Dass dëst méiglech ass huet ee Machtwuert vun eisem Premier gewisen, allerdéngs misst an engem normale Fonctionnement dëst och ëmsetzbar sinn, ouni esou hollywoodähnlech Anekdoten.

Dofir wollte mir, niewent dem soi-disant Happyend vun dëser Geschicht vun dësem Gebai, de Minister an d'Regierung drop hiweisen, datt et wichteg wier an Zukunft méi koordinéiert Bautepolitik mat dem konzeptuellen Inhalt vun den Infrastrukturen a Verbindung ze setzen. Schoulgebai a Schoul halen sinn an eisen Aen ee Ganzt. Dës Recommandatioun gemaach, Här President, wäert déi gréng Fraktioun dëse Projet aus verstännege Grënn matstëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Merci, Madame Loschetter. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling agedroen. Här Jaerling!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Merci, Här President. Och der Madame Stein Félicitatioune fir deen explizite Bericht.

Wann ech d'Madame Loschetter elo richteg verstanen hunn, da musse mer alles maachen, dass eise Premier hei bleift, well mer hunn elo festgestallt, dass och am Schoulwiesen ouni hien näischt leeft.

***(Interruptions diverses)***

Här President, lifelong learning packen d'Schüler nëmmen, wann hinnen net am Secondaire am Virfeld de Plaffong op de Kapp fält. An dat war jo am Fong dat wat am Jenker bal geschitt ass.

Wann ech elo hei de Rapport héieren hunn, dass dee Lycée 1961 gebaut ginn ass an dass bis 1994 absolut näischt geschitt ass, dann hu mer jo scho mol deen éischte Responsabelen, dat war dann d'Gemeng Déifferdeng. Dann duerno, no '94 bis elo 2004, ass dann zéng Joer erëm eng Kéier näischt geschitt, do waren dann déi Responsabel déi dräi selwecht: DP, LSAP an CSV zesummen.

An ech géif mengen, dass déi sech awer elo mol hei hätte missen e bësse selwer a Fro stellen a sech hätte misse Gedanke maachen, firwat dass dat esou wäit huet misse kommen a wéi et méiglech ass, dass mer hu missen drop waarden, dass den „Nol op de Kapp" am Fong an dee Lycée gaangen ass, fir dass sech mol hei an dësem Land eppes beweegt. Well elo héchstwahrscheinlech, wann deen net dohinner gaange wär, da wäre geschwënn de Schüler d'Neel mat de Brieder drun op de Kapp gefall. An et ass jo scho wichteg, dass awer dann…

**M. le Président**.- Här Jaerling, erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madame Stein?

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Jo.

**M. le Président**.- Madame Stein.

**Mme Nelly Stein** *(CSV), rapportrice*.- Här President, ech erënnere mech, den Här Jaerling ass jo schonn am sechste Joer hei an der Chamber. Mir hu vill Projeten hei gestëmmt. Ech hunn ni eng Stëmm héieren, déi gesot huet, firwat elo dëse Projet stëmmen, firwat net dee vum Jenker. Dat hunn ech ni heibannen héieren! Firwat huet hien dat dann ni hei gefrot? Dat ass meng Fro un den Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Madame Stein, dat ass jo awer och net eis Aufgab. Deen, deen hei d'Prioritéiten…

***(Brouhaha général)***

Deen, deen hei d'Prioritéite setzt an deen e Regierungsprogramm opsetzt, dat ass d'Regierung. A wann Der lech gutt kënnt drun erënneren hu mer jo awer zu deem Regierungsprogramm Stellung geholl. Do ware mer net dermat d'accord, well mer scho méi wéi eng Kéier hei gesot hunn, dass hei vun der Regierung déi falsch Prioritéite gesat ginn, dass méi an d'Prunkbauten hei am Land investéiert gëtt wéi an d'Schoulwiesen. An dat huet den Här Mehlen awer scho méi wéi eng Kéier hei op der Tribün gesot!

***(Interruption)***

Also kommt elo net heihin a sot mir hätten eis ni dozou geäussert, well dat do ass jo awer…

**Mme Nelly Stein** *(CSV), rapportrice*.- Ech hunn awer och ni eppes héieren.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Madame Stein, ech wëll mech do net dozou äusseren, firwat dass Der näischt héieren hutt.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Loosst den Här Jaerling elo schwätzen!

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Op jidde Fall ass awer gewosst, dass während deenen zéng Joer jo awer Stëmmen do waren, déi sech geäussert hunn zu deem desolaten Zoustand vun deem Lycée, an dass déi Stëmmen och un d'Regierung erugetruede sinn, mä dass awer leider keng Bewegung do komm ass. An et ass, wéi d'Madame Loschetter hei gesot huet, erstaunlech, dass elo op eemol, wou d'Reaktioun vun de Schüler, vun de Proffen a vun der Öffentlechkeet kënnt, dass dann awer op eemol et méiglech ass esou ee Projet innerhalb vun zwee, dräi Méint ze realiséieren.

Wat elo am Interesse vun deene Leit begréissenswäert ass, mä wou awer och bewisen ass, dass et also méiglech ass schnell ze reagéieren, dass et méiglech ass am Fong, besonnesch am Schoulwiesen, wann ee wëll Prioritéite setzen, dass een et da ka setzen, an dass et also nëmmen un der Trägheet vun der Regierung läit oder um net Wëlle vun der Regierung läit, fir ebe just do ze investéiere wou et am noutwendegsten ass an dass et méi einfach ass ze investéieren do wou ee grouss an Europa, grouss an der Öffentlechkeet kann do stoen. An dann, wann een awer hannert d'Kulisse kucke geet ass dat meescht faul, an dat ass an eise Schoulen.

Dofir géif ech soen, also déi Responsabel, déi hei sinn, déi sollten sech mat der Nues huelen a sollten an Zukunft dofir suergen, dass se aner Prioritéite setzen.

Selbstverständlech wäerte mir dee Projet hei awer stëmmen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert, den Här Bauteminister Claude Wiseler. Här Wiseler!

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President. Ech sinn och ganz kuerz, well alles dat, wat zu deem Projet ze soen ass, ass zu engem ganz groussen Deel gesot ginn. An ech soe selbstverständlech och der Rapportrice, der Madame Stein, Merci fir dee gudde Rapport, dee se gemaach huet.

Et ass evident, wat hei vun deene verschiddene Fraktioune gesot ginn ass, datt dat Gebai an engem schlechten Zoustand ass. Et ass och evident, datt huet misse reagéiert ginn. An et ass gradesou evident, datt hallef Moossnamen an dësem Fall keng Solutioun gewiescht wären, mä datt een huet misse ganz un dat Gebai drugoen, datt een huet misse komplett Transformatioune maachen.

De Präis, deen hei drasteet, ass och 27 Milliounen Euro, wat net näischt ass, wat een awer brauch, wann een esou ee Gebai wéi dat hei wëllt an een Zoustand bréngen, sou wéi mer gär eis Schoulgebaier an Zukunft hätten.

D'Analys vun deem, wat gemaach ginn ass, huet och kloer gewisen, datt a sech zwee grouss Deeler do waren. Dat eent, dat ass den Deel vun den Atelieren, vun de Sportshalen, deen, an deem Zoustand wéi en ass, net méi gebrauchbar war; deen also huet missen ewechgeholl ginn. An op där anerer Säit dat wat haut d'Klassesäll sinn, déi mat enger ganzer Rei Transformatiounen awer kënnen esou gemaach ginn, datt se an Zukunft och kënnen normal ordentlech fonctionnéieren.

Ee vun deene wesentleche Punkten, an dat wëll ech nach dozou soen, well dat elo manner ervirgehuewe ginn ass, dat ass, datt mer hei an engem Gebai sinn, wat jo amgaang ass ze fonctionnéieren. An datt et e wesentleche Punkt och war an der ganzer Diskussioun, datt mer géingen de Bau esou organiséieren, datt e während de ganzen Transformatiouns- an Neibauaarbechten och kéint als Schoul weider fonctionnéieren.

Dat bedéngt dann och, datt natierlech déi Dauer vun deem Bau méi laang gëtt, wéi wa mer radikal hätte kënnen de Bau eidel maachen a wa mer hätte kënnen eng Transformatioun ganz maachen, ouni op déi verschidden Etappen, ouni op de Schouldéroulement, op de Schouloflaf opzepassen.

Dat bedéngt natierlech och, wann een esou virgeet, méi eng laang Zäit. Dat bedéngt och, datt de Käschtepunkt deem och muss Rechnung droen. An et ass kloer, datt hei 1,5 Milliounen Euro doranner investéiert ginn, datt mer och während deene Joren, wou gebaut gëtt, d'Méiglechkeet hu fir normal weider an - dat ass wichteg fir et ze soen - och a Konditioune vun enger Sécherheet, déi ee verantworte kann, an dësem Gebai Schoul ze halen.

Virdrun huet d'Madame Loschetter gesot, lo mussen d'Kanner bis 2009 waarden, bis se kënnen an dat neit Gebai eragoen. Dat ass wouer an och net wouer. Well mer eben hei an dräi Etappe schaffen, well mer och versiche fir dann esou ze schaffen, datt mer déi éischt Etapp am Juni 2006 ufänken, déi awer kënne fir d'Schouljoer 2007/2008 schonn ofschléissen. Sou datt en Deel vun de Schüler an déi nei Schoulgebaier scho kënne goe vun deem Schouljoer un. An dann eréischt déi nächst Etapp, d'Transformatioun vun deene Gebaier, déi elo bestinn.

Et ass also richteg, dass et 2009 eréischt fäerdeg ass, mä et muss een awer dozou soen, datt awer dat, wat nei gebaut gëtt, schonn éischter ka vun de Schüler profitéiert ginn. Dat ass sécherlech Ärer Meenung no nach net schnell genuch, domat sinn ech och d'accord, mä dat ass dat Schnellst wéi mer an dësem Moment kënne fueren.

Da wëll ech awer och nach hannendru soen, datt et och wichteg ass, datt een déi Zäit, déi een elo huet, an 2009, bis et ganz fäerdeg ass, dat ass jo nach eng Zäit, do ginn nach eng ganz Rei Schüler duerch déi Schoul hei, sou datt een do muss profitéieren, datt een do net ka soen, lo maache mer un deem Gebai, wou d'Schüler elo dra ginn, guer näischt méi.

Et sinn eng Rei Moossnamen, déi an de leschten Zäite geholl gi sinn: d'Evakuatiounspläng, d'Conformitéit vun de Luuchten, d'Conformitéit vum Chauffage, vun der Détectioun vum Gas, d'Luuchten am Couloir an an den Trapenhaiser, an och Saachen, déi elo nach wäerte kommen an déi zur minimaler Sécherheet awer an deem Schoulgebai bäidroen, déi gemaach gi sinn an déi och nach sollen an där nächster Zäit gemaach ginn.

Ech weess, datt dat och nach net duergeet. Ech weess, datt dat och net zefridde stellend ass. Mä mer probéieren et esou hierzestellen, datt een awer ka Schoul halen a Konditiounen, déi net déi sinn, déi ech gär hätt, déi akzeptabel sinn, an esou schnell wéi méiglech mat deem Neibau ufänken, esou schnell wéi méiglech dat wat mer nei bauen dann och kënnen a Betrib setzen an zur Verfügung stellen.

Virdrun ass vu Prioritéite geschwat ginn a vu Prioritéiten, déi dës Regierung huet. Well dat gesot ginn ass, wëll ech awer och just nëmmen eng Minutt doriwwer schwätzen.

Et ass a mengen Ae ganz kloer, datt dës Regierung als Prioritéit de Schoulbau huet an datt déi Projeten, déi mer op de Wee bruecht hunn, déi mer an deenen nächste Méint op de Wee bréngen, och esou prioritär Projeten an eisen Ae wäerte sinn.

An déi Projeten, déi elo gemaach ginn, wann een eng Kéier kuckt wat d'Regierung momentan amgaang ass ze bauen, ob dat elo Raemerech ass, wat ofgeschloss ass, Dikrech oder Gréiwemaacher. Et ass virdru Gréiwemaacher genannt ginn. Zu Gréiwemaacher ass een Deel frësch gebaut ginn. Mir hu leschte Freiden nach eng ganz nei Sportshal zu Gréiwemaacher ageweit. Mä et kënnt nach déi drëtt Etapp zu Gréiwemaacher, déi hänke mer elo do hannendrun. Et kann een awer net alles gläichzäiteg maachen. Hei gëtt och an dräi Etappe geschafft. Déi nächst Etapp gëtt elo gemaach um Kierchbierg. Mir sinn do amgaang de Lycée technique du Centre zu Dummeldeng eng Extensioun ze maachen, genau fir déi Schüler dohinner ze setzen.

Also, et kann ee villes soen, et muss een awer och dobäi soen, datt dat wat momentan amgaang ass gebaut ze ginn, wierklech net näischt ass. An ech fuere weider: dat ass den Nic Biever zu Didde-

leng; dat ass de Lycée Technique du Nord Wolz, d'Extensioun déi 2. Phas; dat ass de Lycée technique Mathias Adam zu Péiteng; dat ass deen neie Lycée zu Réiden, dee gebaut gëtt; dat ass de Lycée technique zu Dummeldeng, dee gebaut gëtt; dat ass och, wou mir elo amgaang sinn ze studéieren, de Lycée zu Lalleng.

Dat ass och, wou mir amgaang sinn Avant-projeten ze maachen: de Lycée Belval; den neie Lycée zu Jonglënster; de Lycée vun de Professions de santé; dat ass de Lycée Hubert Clement, wou gekuckt gëtt fir een Déplacement op d'Lentille Terres Rouges ze maachen; dat ass d'Europaschoul zu Mamer; dat sinn déi Pläng elo vum neie Lycée, déi amgaange si gemaach ze ginn, datt mir deen esou fréi wéi méiglech kënnen ufänken.

Also, ech soe kloer un all deene Beispiller, datt de Schoulbau eng Prioritéit vun dëser Regierung ass, an datt et net nëmmen eng Prioritéit um Pabeier ass, mä datt et och eng Prioritéit an der Realitéit ass.

An dee leschte Punkt, deen ech wëll soen, dat ass dee vun de Konzepter, déi do hannendru stiechen. Et ass wichteg, a mir maachen et elo schonn, a mir maachen et säit enger ganzer Rei Méint, datt d'Servicen vun den Travaux publics vun de Bâtiments publics zesumme mat deene vun der Éducation nationale an och zesumme mat deene vun de Finanzen u Standardisatioune vun de Pläng schaffen, esou wéi mir Schoule kënne bauen.

Ganz einfach, well et fir eis wichteg ass, éischtens, och ze kucken, déi Konzepten, déi mir an der Pedagogie hunn, fir déi och kënnen an de Steen ëmzesetzen, datt mir och déi Schoule kréien, déi mir brauchen, fir esou School ze hale wéi mir wëlle School halen. Dobäi ass een Nieweprodukt, wat fir mech awer och net onwichteg ass, datt mir méi schnell virukommen, an datt mir och méi präiswäert kënne bauen. Mä dat pedagogescht Argument ass an där Reflexiounsaarbecht, déi gemaach gëtt, och ee wichtegt Argument.

Dat waren déi puer Saachen, déi ech nach wollt zu dësem Projet soen, an da soen ech lech zum Schluss nach villmools Merci fir déi grouss Zoustëmmung, déi mir fir dëse Projet kritt hunn.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Voilà. Merci, Här Minister. Domadder ass d'Debatt ofgeschloss, mir kommen direkt zur Ofstëmmung vum Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Henri Grethen (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5464 iwwert d'Liaison Micheville. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, d'Madame Mutsch, den Här Braz an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 5464 - Projet de loi relative aux mesures constructives préparatoires de la liaison Micheville

***Rapport de la Commission des Travaux publics***

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Madame Minister, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, viru genau zwou Wochen hate mir an dësem Haus eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Industriebroochen am Süde vun eisem Land. Et goung ënner anerem drëm fir de Point ze maachen an dësem urbanistesche Mammutprojet, fir dës eemoleg Industriesiten an do an éischter Linn d'Frichen op Esch/Belval enger neier Bestëmmung zouzeféieren.

De Projet, dee mir haut de Mëtteg diskutéieren ass e Stéck dovunner, well domadder d'Haaptverkéiersschlagoder um Site vun Esch/Belval geluecht an eist Autobunnsnetz un dat franséischt ugebonne ka ginn. Et ass also ee Projet, deen ouni Zweifel eng national Envergure huet, well en ee vu ville wichtege Bausteng ass, fir d'Industriebroochen erëm ze revaloriséieren.

Ech muss soen, datt ech als een Deputéierten aus dem Norden scho ganz frou sinn, fir och e ganz klengt Stéck duerch d'Presentatioun vun deem Bericht hei kënnen dozou bäizedroen. Ech hoffe jo dann, datt d'Kolleegen aus anere Regiounen, wann et eng Kéier ëm den Norde geet, genausou dynamesch a genausou voll hannert deene Projete wäerte stoen.

De Projet vun der Ubannung, Dir Dammen an Dir Hären, vun eisem nationalen Autobunnsréseau un de franséische Réseau huet eng fofzénggjähreg Virgeschicht. Ufank den 90er Joren hunn déi franséisch Autoritéite schonn de Wonsch zum Ausdrock bruecht fir hiert Autobunnsnetz, dat heescht d'A30 vun Diddenhofen op Lonkesch un d'A4 op Lëtzebuerger Säit unzebannen. Deemools gouf gemengt, datt dës Iddi net realiséierbar wier, well d'Escher Autobunn schonn deemools d'Capacitéitsgrenzen erreecht hat. Et sollt vermidde gi fir dës Achs zu enger internationaler Autobunn auswuessen ze loossen.

Den 12. November 2001 um Sommet vun der Groussregioun zu Munneref ass awer Folgendes festgehale ginn, ech zitéieren: «Sur le plan transfrontalier, la liaison Micheville poursuit l'objectif de la création d'une liaison routière de haut niveau entre le bassin des agglomérations de Micheville, de Villerupt, de Russange et d'Audun-le-Tiche du côté français et l'autoroute Esch/Alzette-Luxembourg (A4) du côté luxembourgeois afin de permettre aux navetteurs de la Lorraine venant travailler chaque jour au Grand-Duché d'approcher la Ville de Luxembourg et ses zones périphériques par une route rapide, sûre et confortable.»

Dir Dammen an Dir Hären, dräi an en halleft Joer méi spéit, den 18. Abréll 2005, ass de Gesetzesprojet 5464 vun eisem Bauteminister Claude Wiseler an der Chamber deponéiert ginn. Den Text ass den 8. Abréll 2005 un de Statsrot verwise ginn, dee säin Avis den 3. Mee ofginn huet. D'Aarbechten an der zoustänneger Bautekommissioun vun der Chamber goufen den 2. Mee opgeholl, wou de Rapporteur designéiert gouf, an den Text vum Projet ënnert d'Lupp geholl ginn ass. Den Avis vum Statsrot gouf an der Réunioun vum 24. Mee analyséiert an de schrëftleche Rapport ass an der Sitzung vum 1. Juni adoptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sich no engem appropriéierten Tracé fir déi nei Strooss war net einfach, goung et dach dorëm fir verschiddene Kritäre Rechnung ze droen. Stoung op franséischer Säit relativ schnell fest, wéi a wou d'Streck soll verlafen, sou war dat op Lëtzebuerger Säit guer net esou einfach, an et ass guer net sou reibungslos iwwert d'Bühn gaangen.

E puer vun dëse Kritäre wëll ech kuerz hei opzielen: déi verbleiwend industriell Aktivitéit vun der Arcelor um Site vun de Frichen op Esch/Belval; d'Erhale vun de Killweier vun Arcelor beim Roint-point Raemerich; de Respekt vun der Liewensqualitéit vun den Awunner vun Esch-Raemerich; d'Obligatioun, fir d'Gemengen Esch/Uelzecht a Suessem net nach weider duerch déi nei Strooss auserneen ze trennen; d'Moossnam fir ee qualitativ héichwäertegen urbanistesche Projet um Site vun Esch/Belval ze garantéieren, wou ënner anerem d'Cité des Sciences ugesiedelt gëtt; d'Respektéiere vun der bestoender Schinneninfrastruktur um Site selwer, an net zulescht hunn déi zwou betraffe Gemenge Suessem an Esch/Uelzecht hir Zoustëmmung zu dëser zréckbehalener Léisung misse ginn.

Ech kann an dësem Kontext virausschécken, datt dëse Projet ee Kompromiss duergestallt huet, mat deem béid Gemenge kënne liewen, och wann nach eng Rei Reserven um urbanistesche Plang bestinn. Verschidde Solutioune sinn an net manner wéi 30 Projeten duerchgespillt ginn. Net zulescht aus budgetäre Grënn gouf ee Projet zréckbehalen, deen ënner anerem een Tunnel op enger Längt vu 735 Meter virgesäit.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

Fir de Concours gouf awer initialement festgehalen, fir een Tunnel vu ronn 1.300 Meter ënnert dem ganze Site vun Esch/Belval ze bauen, deen hannert der Cité Raemerech soll erauskommen. Dës Optioun wier awer ze deier ginn. Dofir hunn d'Autoritéiten d'Léisung vun engem méi kuerzen Tunnel festgehalen, dee sech un der Liaison Micheville orientéiert.

Den Tracé entsprécht de virdrun opgezielten Ufuerderungen an dréit ënner anerem och dozou bäi, dem Site vum Crassier Éilereng neit Liewen anzehauchen, well de Site duerch een Echangeur un den neien Tracé ugebonne gëtt. Den Uschloss un d'Schmelze vun Esch/Belval gëtt duerch eng Verbindung zwëschent dësem Echangeur an dem Rond-point Raemerech assuréiert.

Déi lëtzebuergesch Partie vun der Liaison Micheville, déi u sech d'Verlängerung vun eiser Autobunn A4 duerstellt, fänkt um Echangeur Lankelz un a pénétréiert de franséischen Territoire hannert de Frichë vun Esch/Belval. Vun der Kräizung vum CR110 un verléisst dann d'Liaison Micheville d'Autobunn A4, gëtt nördlech, Richtung Crassier Éilereng déviéiert, passéiert laanscht d'Kogeneratiounszentral an ëmgeet d'Cité Raemerich, fir dann iwwert d'Nationalen 31 den Helleg-Geescht-Plateau ze passéieren an an de 735 Meter laangen Tunnel anzetauchen, deen an der Nord-Süd-Richtung de Site vun Esch Belval ënnerierdesch passéiert fir da schlussendlech op franséischer Säit erëm erauszekommen.

De franséischen Deel vun der Liaison Micheville steet ënnert der Autoritéit vum Conseil général de la Moselle. Fir d'Zesummenaarbecht mat de franséischen Autoritéiten ze koordinéieren, goufen de 6. Mee 2004 zwou Konventiounen ënnerschriwwen, déi zum engen d'Bedéngungen an d'Modalitéite vun der lëtzebuergesch-franséischer Zesummenaarbecht reglementéieren an zum aneren d'Realisatioun vum Projet selwer garantéieren, wat ganz wichteg ass.

Dee Punkt, deen ech awer an dësem Kontext erwähne muss, dat ass dee vun der Rektifikatioun vum franséisch-lëtzebuergesche Grenzverlaf fir de Projet kënnen ëmzesetzen a fir déi Surfacen ze kréien, déi fir de Bau vun deenen néidegen Transportinfrastrukturen um Site vun Esch/Belval noutwenneg sinn.

Fir den Objektiv vum sou genannte Modal split op de Frichë vu 40/60 - par rapport zu 25/75 op nationalem Plang - ze erreechen, sou sinn de Bau vun engem Park & Ride an de Bau vun enger neier Gare an de Frichë sécherlech zwee ganz interessant Usätz. D'Terrainë gehéieren am Moment nach ëmmer der Arcelor, esou datt een awer zouversiichtlech ka sinn, datt deemnächst mat dësem Projet kann ugefaange ginn, dat ëmsou méi, well déi franséisch Autoritéite schonn heizou hir gréng Luucht ginn hunn.

Wat de finanziellen Impakt vun dësem Projet ubelaangt, Dir Dammen an Dir Hären, sou belafen sech d'Käschten op ronn 76 Milliounen Euro. D'Kommissioun huet sech iwwert den Avis vum Statsrot vum 3. Mee ewechgesat, an deem virgeschloe gëtt fir de Montant un den aktuelle Bauindex unzepassen. De Montant, sou wéi en am Projet festgehalen ass, gëtt bäibehalen, dee sech op den Index vum 1. Oktober 2004 mat engem Punktwäert vu 600,88 baséiert.

Wat d'Fiche financière ubelaangt, sou huet de Minister eis wësse gedoen, datt déi annexéiert Fiche um virleiende Projet net déi ass, wéi se am Artikel 79 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 verlaangt ass, mä nëmmen déi Käschten erëmspigelt, déi am Artikel 2 vum virleiende Gesetz ageschriwwe sinn. Am zweete Projet de loi, deen den effektive Bau vun der Liaison Micheville virgesäit, gëtt déi richteg Fiche financière dann nogereecht.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, an der Kommissioun hate mer d'Geleeënheet fir den Tour ze maachen iwwert déi Projeten, déi am Moment um Site vun de Frichë realiséiert ginn an do ass virun allem festgehale ginn, datt d'Rekonversioun lues awer sécher seng Formen unhëlt. E puer Beispiller verdäitlechen dat: D'Astandsetzung vun den Héichiewe leeft op vollen Touren, den CRP Gabriel Lippmann huet rezenterweis Fuerschungsaarbechten um Site opgeholl an d'Rockhal huet an e puer Deeg seng éischt Feierprouf ze bestoen.

Wat d'Nationalarchiven ubelaangt, esou gëtt de Bauprojet gëigewäerteg réexaminéiert. D'Regierung plangt fir do iwwergangsweis eng Partie vun der Unisbibliothéik ënnerzebréngen. Mëttelfristeg wëllt d'Regierung d'Unisbibliothéik an d'Schumannsgebai op de Kierchbierg ënnerbréngen an eng Antenn an der Cité des Sciences schafen, fir datt d'Studenten um Site an de Genoss vun hirer eegener Bibliothéik komme kënnen.

Doriwwer eraus gouf een Architekteconcours fir de Bau vun engem Lycée op Esch/Belval lancéiert, wougäint d'Pläng fir e Lycée Terres Rouges nach an der Ufangsphas sinn. Mir wëssen och, dass d'Dexia-BIL hire Sëtz wëllt op Esch/Belval verlageren, mä och eng ganz Rei aner potenziell Investisseuren hunn hir Interessen ugemellt, fir sech um Site vun Esch/Belval néierzeloossen.

Aus dësen Ursaachen eraus gewënnt de virleiende Projet u Bedeitung fir de Site, well en eng wesentlech infrastrukturell Viraussetzung schaaft, fir datt sech nei Investisseuren op Esch/Belval néierloossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och nach préziséieren, datt den Accès op de Site vun Esch/Belval hannert dem Rond-point Raemerich net an dem Gesetzprojet enthalen ass, well nach eng ganz Rei vun Etüden iwwert de Kaméidi an och d'Verkéiersopkomme musse realiséiert ginn. Doriwwer eraus gëtt den interne Stroosseréseau um Site vun de Frichen duerch d'Agora realiséiert, wougéint de Stat sech drëm këmmert, fir den zweeten Nordaccès - an dat vun der N31 un - ze realiséieren.

Wéi scho gesot gëtt en Deel vun dësem Projet op franséischem Territoire realiséiert. No laange Verhandlungen ass finalement décidéiert ginn, datt eis Regierung den initiale Projet wäert realiséieren, woubäi d'Rektifikatioun vum Grenzverlaf zu engem spéideren Zäitpunkt vollzu gëtt.

**M. le Président**.- Här Rapporter, Dir misst zum Schluss kommen.

**M. Ali Kaes** *(CSV), rapporteur*.- Ech kommen zum Schluss, ech hunn nach dräi Sätz.

Et gouf och doriwwer eraus festgehalen, fir de Maximum un Trafic iwwert d'Liaisoun Micheville festzehalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass sou wäit also alles gesot - an Dir gesitt, Här President, ech hale mech un Är Remarquen - a fir weiderféierend Detailer verweisen ech op de ganzen Text vum Projet de loi an op déi annexéiert Pläng, sou wéi op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech schëllege mech, Här President, datt ech fir eng Nuance méi laang hat.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Ali Kaes, villmools Merci fir de Rapport a ginn dann d'Wuert weider un den nächsten Diskussiounsriedner, dat ass den Här Sunnen.

***Discussion générale***

**M. Fred Sunnen** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech eigentlech nëmme wonneren, op wéi eng gutt a komplett Aart a Weis mai Fraktiounskolleeg aus dem héijen Norden,…

***(Hilarité)***

…den Här Ali Kaes, der Chamber de Rapport gemaach huet iwwert dëse wichtege Projet aus dem Süde vun eisem Land.

Säi schrëftlechen a mëndleche Rapport hunn déi wichtegst Elementer beliicht, wat mech dozou féiert him am Numm vun der Fraktioun e Merci auszeschwätzen an ech wëllt dann dofir och nëmme ganz kuerz op e puer Aspekter agoen.

De Minister Claude Wiseler hat rezenterweis an engem Revue-Interview d'Liaison de Micheville, niewent der Tangente Ouest an dem dräispueregen Ausbau vun der Deelautobunn Mamer bis Beeteburg, als wichtegsten Zukunftsprojet bezeechent an et huet och gemengt, dass wa mer d'Zukunft net wëllen hypothekéieren, da

muss de Stat d'Mooss hale mat senge Gelder.

De finanziellen a budgetären Impakt vum Projet, dat heescht souwuel d'Viraarbechten, déi mer mat dësem Projet de loi stëmmen, wéi och déi effektiv Realisatioun vun der Liaison Micheville, si mat viraussiichtlech 206 Milliounen Euro agesat. De Gesamtkäschtepunkt wier mat engem Tunnel op enger Längt vun 1.300 Meter ëm 74 Millioune méi deier ginn.

Wéi scho gesot, duerch déi aktuell konjunkturell Situatioun vun eisem Land, ass op déi méi kuerz Variant zréckgegraff ginn, fir d'Käschten no ënnen ze revidéieren a substanziell Erspuernisser ze maachen. Déi etappeweis Ofstëmmung vum Gesamtprojet, wat u sech eng Première an dësem Haus duerstellt, kënnt dofir och der politescher Prémisse entgéint, fir déi finanziell Planifikatioun am heitegen ekonomesche Kontext an au vu vun de budgetären Dépassementer, déi mer an dësem Haus an de leschte Jore gestëmmt hunn, op eng zolidd Grondlag ze stellen.

D'Liaison Micheville mat viraussiichtlech sechs Joer Bauzäit ass e gutt Beispill fir ze illustréieren, datt sech d'Projeten iwwer e puer Joer hinzéien, wou et am Endeffekt schwéier ass fir de geneeën an definitive Montant vun de Käschten ze kennen. Duerfir ka meng Fraktioun déi nei Virgoensweis vum Bauteminister matdroen; an dat ëmsou méi well d'Parlament a senger Kontrollfunktioun iwwert d'Exekutiv gestäerkt gëtt.

Här President, de Rapporteur huet et virewech geholl, dass d'Gemengen sech zefridde weise kënne mat deem Kompromëss, dee mer fir den Tracé vun dëser Liaison Micheville festgehalen hunn.

Ech erënneren drun, dass mer am Ufank ëmmer fir en Tunnel vun 1.300 Meter plädéiert hunn, well mer eis Gedanke gemaach hunn iwwert de Kaméidi an den Impakt um Niveau vun der Loftverschmotzung bei engem Viaduc vu 400 respektiv 475 Meter, no de Varianten 1, 2 oder 3. Virun allem d'Awunner aus der Cité Raemerich si jo vun dësem Projet onmëttelbar betraff.

Mir hunn zesumme mam Ministère missen ofweien tëschent enger Partie Varianten, woubäi verschidde Kritären hu misse Rechnung gedroe ginn, déi ech a fënnef iwwergeuerdnet Kategorien andeelen: 1. d'Avantagen an d'Désavantagë fir de Benotzer; 2. d'Integratioun an de Paysage an den Impakt vun der Strooss op d'Ëmwelt; 3. d'Investitiounskäschten; 4. d'Contrainten, déi sech op d'Realisatioun vun der Strooss bezéien; a 5. d'Fonctionnementskäschten.

Wat déi éischt Kategorie ubelaangt, dat heescht d'Avantagë fir de Benotzer vun der Liaison Micheville, esou ass als éischte wichtege Punkt ervirzehiewen, datt de regionalen Trafic tëschent de Gemengen Esch a Suessem vum motoriséierte Pendlerverkéier getrennt gëtt. Wat deemno mat sech bréngt, dass keen Trafic op d'N31 erofgeleet gëtt. Des Weidere läit en anere Virdeel beim direkten Accès op d'Frichen aus nördlecher Richtung.

Wat elo den Ëmweltaspekt ubelaangt, esou hunn ech d'Konsequenzen um Niveau vum Kaméidi fir d'Awunner vun der Cité Raemerech schonn ervirgestrach.

De Rapporteur hat zu Recht drop higewisen, dass nach eng Rei urbanistesch Problemer ze léise wieren, wat d'Iwwerquéierung vun der N31 ubelaangt. Och um urbanistesche Plang ass de Bau vum Viaduc op der Héicht vun den Haiser sécherlech net dee glécklechsten. Och wa mer eis als Gemengen net kënnen driwwer beschwéieren, wat d'Consultatiounsphas zu dësem Projet ubelaangt, esou bleift ze kucken, a wéi engem Mooss mer d'Awunner vun der Cité Raemerech mat Lärmschutzwäll géint eng ze héich Ëmweltbelaaschtung, virun allem um Niveau vum Kaméidi, protégéiere kënnen.

Et muss een och op d'Virdeeler vun deem méi kuerzen Tunnel agoen, deen zum Beispill keng Cheminée brauch, fir den Damp am Fall vun engem Feier no baussen ze leeden.

De Ministère huet eis wësse gelooss, datt wann een de laangen Tunnel gebaut hätt, datt een dann och nach hätt misse Luuchte fir de Verkéier ze regelen op d'Escher Strooss, tëschent Bieles an Esch, setzen; déi virun allem an de Moies- an och an den Owesstonnen zu engem zolitte Verkéierschaos gefouert hätten. Wat deemno och net am Intérêt vun den Awunner aus dem Quartier gewiescht wär.

D'Vergläichsetüd zu deenen eenzelne Varianten huet och eng Partie aner positiv Aspekter vun dësem Projet un den Dag bruecht. Ervirzehiewen ass beispillsweis déi relativ problemlos technesch Ëmsetzung vum Tunnel. Och kann d'Eisebunn ouni Problem fir de Bau vum Tunnel ëmgeleet ginn.

Alles an allem huet déi zréckbehale Variante 2, bei der Bewäertung an am Verglach mat deenen anere Varianten, an den eenzelne Kategorien am beschten ofgeschnidden.

Ech denken, mat der Kompromissléisung, esou wéi se elo virläit, kënne mer gutt liewen. An deemno kann ech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Sunnen. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt dem Rapporteur Ali Kaes ze félicitéiere fir säi schrëftlechen an och säi mëndleche Rapport als Netminettsdapp. Ech mengen en huet déi Aufgab do ganz gutt bewältegt an et ass flott ze gesinn, datt och an anere Géigende vum Land sech mat enger dynamescher Entwécklung am Süde befaasst gëtt.

***(Interruption)***

Neen, dat gëtt eis guer net ze schaffen. Dat freet eis, Här Kaes.

Virun enger Rei vu Wochen hu mer hei eng laang an eng interessant Debatt gefouert iwwert d'Friches industrielles, iwwert d'Potenzial vun de Friches industrielles am Süde vum Land, dat dodranner stécht, iwwer u sech d'Perspektive vun där ganzer Regioun. An et ass natierlech kloer, datt de Volet Transport, Stroossebau do ee ganz wichtege Volet ass an an all deenen Diskussiounen do eng zentral Plaz anhält.

An et ass jo hei ugeklongen, déi Diskussioun iwwer eng Ubannung vum Lëtzebuerger Stroosseréseau, dat heescht vun der Escher Autobunn an deem doten Eck vum Land un de franséischen Autobunnsréseau, un dat franséischt Autobunnennetz, datt dat net eng nei Iddi ass. Datt laang doriwwer diskutéiert ginn ass, ob et noutwendeg wär oder net. Mä datt mer elo déi Décisioun dann endgülteg getraff hunn, dat awer ganz besonnesch och a Relatioun mat eben där Entwécklung, déi mer am Süde vun eisem Land kennen, mat de Friches industrielles, déi do développéiert ginn; mat zousätzlechen Aktivitéiten, déi dann och an déi ganz Regioun kommen.

Wou et dann och ebe grad an deem Sënn noutwendeg ass, den Autobunnsréseau auszebauen an eis haut d'Fro ze stellen, wa mar op Esch/Belval eng Kéier 20.000 Leit do schaffen, wann eng Kéier 6.000 Leit do wunnen, wann déi aner Frichë ronderëm wéi zum Beispill Éilereng, déi jo och direkt hei ugebonne ginn, wann do och nei ekonomesch Aktivitéite wäerten hir Plaz fannen, da musse mer kucken, wéi kommen d'Leit dohinner a wéi kommen se virun allem dohinner op hir Schaff, op hir Aarbechtsplaz, op déi Plaz wou se wëllen hir Fräizäit verbréngen, ouni mussen duerch déi aner Uertschafte ronderëm ze fueren. Et ass dat eben och hei een Hannergedanken.

Mer wëssen, datt mer am Land op ganz ville Plazen och doduerjer Trafic hunn, datt d'Frontalieren all Dag eran an d'Land schaffe kommen an owes erëm heemfueren. Frontalieren, déi zum groussen Deel eben och aus Frankräich kommen, a Frontalieren, déi herno sécherlech net nëmmen op Esch/Belval schaffe kommen, mä och där, déi an de Süde schaffe kommen, mä ganz besonnesch awer och an a ronderëm d'Stad schaffe kommen, datt déi do eng nei Verbindung hunn, eng Autobunnsverbindung, wou se direkt op hir Aarbechtsplaz komme respektiv owes och erëm heem. Dat nach e weidert Argument, firwat dës Stroosseverbindung, dës Autobunnverbindung hei ganz, ganz wichteg ass.

Wat wichteg ass, dat ass, datt hei zesumme geplangt ginn ass, datt net op där enger Säit e Konzept fir eng Friche industrielle Esch/Belval respektiv de Crassier vun Éilereng geplangt ginn ass an op där anerer Säit separat en Autobunnuschloss u Frankräich gesicht ginn ass, mä et ass wierklech gekuckt ginn, dat Konzept eben och ze integréieren an dat ganzt Konzept vun der Rekonversioun vun der Friche industrielle Esch/Belval, wou jo eng ganz Rei vu Kritären hu missen afléissen, virun allem eben och urbanistesch Kritäre, fir deem Plang gerecht ze ginn, deen dann do am Endeffekt no laangen Diskussiounen och mat ganz ville Partner zréckbehale ginn ass.

Dëse Projet, deen hei virläit, oder deen Deel vum Projet, deen hei virläit, dee respektéiert déi dote Kritären. E respektéiert déi eenzel Interessen. Et ass och gesot ginn, datt et e Kompromiss ass tëschent deene ganz villfältegen Usprëch, déi un dës Autobunnverbindung gestallt ginn.

An deem Sënn kann ech lech soen, datt d'Demokratesch Partei fir dëse Projet wäert stëmmen an datt mer doranner och e wichtege Schratt gesinn, fir déi weider Rekonversioun vun eiser ganzer Regioun vum Süde vun eisem Land.

Ech soen lech Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Meisch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, streng geholl schwätze mer jo iwwer e Stroossebauprojet, mä manner streng geholl schwätze mer awer iwwer ee Projet, dee Répercussiounen op Themekomplexer huet, déi bei der Diskussioun ronderëm en normale Stroossebauprojet vläicht net an där Envergure erawierken.

Ech erkläre mech, awer ech brauch dat och net in extenso ze maachen, well déi dräi Virriedner dat schonn op eng ganz detailléiert Aart a Weis gemaach hunn, virun allem de Rapporteur, deen, wéi et hei scho virdru gesot ginn ass, bewisen huet, dass och een aus dem Norden sech ka fir d'Themeproblematik vun de Frichen interesséieren, zemools wou et jo och am Norde Frichë gëtt, wéi mer d'leschte Kéier geléiert hunn.

Wat sinn déi dräi Themekomplexer, wou et obligatoresch Ubannunge gëtt un déi Themekomplexer, fir dass dëse Projet e Succès gëtt? Majo, éischtens déi obligatoresch Ofstëmmung mam Réseau vum öffentlechen Transport nom Stéchwuert nohalteg Entwécklung.

Zweetens, déi obligatoresch Ubannung u gewuesse Strukture ronderëm, fir ze verhënneren, dass de Projet, deen als Projet phare soll an d'Geschicht agoen, net eng Insel gëtt an engem Ganzen; an drëttens d'Ubannung un d'Regioun mat der grousser Chance e grenziwwerschreidende Projet op d'Been ze bréngen, deen och fir d'Wirtschaftsentwécklung vum Land vu grousser Bedeitung ass.

Vläicht e puer Explikatiounen zu deenen dräi Themekomplexer, a firwat se esou enk mat dësem Stroossebauprojet verbonne sinn.

Éischtens Transport public: Mir hunn am Débat d'orientation iwwert d'Friches industrielles den 2. Juni - oder war dat deen Dag wou d'Motioun gestëmmt ginn ass, dat weess ech elo net méi esou genee - op alle Fall eng Diskussioun gefouert, déi zu enger Motioun gefouert huet, déi unanime hei ofgestëmmt ginn ass, an dunn hu mer eng Ausso gemaach iwwert dee Projet, wou mer haut e wichtege Stroosseprojet duerfir stëmmen.

Dat ass d'Ausso, dass de Projet Esch/Belval verbonnen ass mat der Grondausso, dass mer hei e Modal split vu 40/60 wëllen. 40 zu 60, dat ass net näischt, wa mer wëssen, dass mer am Moment e Modal split vun 12 zu Ongonschte vum öffentlechen Transport am Süden hunn. Dat heescht, mer mussen nach schéin opstocken. E Modal split vu 40/60 heescht, den öffentlechen Transport kritt eng Bedeitung vu 40% vis-à-vis vum Gesamttransport, also 60% ginn nëmme méi iwwert den Autosverkéier ofgewéckelt.

Firwat esou een héije Modal split? Majo, ganz einfach well mer wëllen op en nationale Modal split vu 25/75 kommen an domat d'Obligatioun verbannen, dass bei esou grousse Projetë wéi deem heiten méi een héije Modal split agesat gëtt.

Wéisou hänkt dat elo enk mat dësem Projet zesummen? Majo ganz einfach, well gekoppelt un dëse Stroossebauprojet d'Ausso ass, dass mer probéieren do en Tunnel hinzebréngen, wou mer aus urbanistesche Grënn dës Obligatioun hunn; wou mer awer gläichermoossen dem öffentlechen Transport déi Chance ginn, déi e brauch, fir am Land eng aner Bedeitung ze kréien, esou wéi mer et hei als Wonsch ausgedréckt hunn.

Mir waren dofir och ganz frou, dass den Transportminister eis confirméiert huet, dass d'Étude de faisabilité technique fir en Train-tram um Site ze assuréieren, gutt amgaangen ass, wat eis dann och d'Garantie fir eng Interconnexioun net nëmme mat de Stroosseréseauën, mä virun allem och mat de Réseauë vum öffentlechen Transport an där Regioun bitt. Doweinst déi obligatoresch Ubannung vun dem neie Stroosseréseau un d'Netz vum Transport public, fir dass dëse Projet kann dat anhalen, wat en als Ausso gemaach huet, dass e wëllt e modellhafte Projet ginn.

Zweetens, d'Ubannung un déi gewuesse Strukturen, no de Kritäre vun der Nohaltegkeet an no de Kritäre vum Urbanismus. Firwat ass dat esou wichteg? Wuel ass et gutt, wann een e Projet phare fir d'Land huet. Nach besser ass et, wann en am Süden ass. Mä näischt notzt en eis, wann en net ofgestëmmt ass mat de gewuessene Strukture ronderëm, an ech mengen net nëmmen déi zwou Gemengen, déi hei vläicht méi staark wéi anerer concernéiert sinn, mä et ass déi ganz Regioun gemengt.

Wann et eis nämlech net geléngt e Projet hinzekréien, deen an de Süden agebonnen ass, an domat och eng Bedeitung fir d'Land kritt, dann hu mer versot. Doweinst ass et ëmsou méi wichteg, a meng Virriedner hunn dat gesot, dass och déi opbleiwend Froen, déi an dësem Projet nach net gekläert sinn, notamment wat d'Nordubannung a wat de Contournement Raemerech ubelaangt, gekläert ginn; an der Phas 2, dass dee Projet, deen unhängeg un den Detail am Norden an den Detail am Süden, deen eis d'Ubannung un d'franséischt Stroossennetz erméiglecht, dass dee Projet, wann et nëmmen iergendwéi geet, d'nächst Joer hei an d'Chamber kënnt, well e passt bei deen heiten an et ass e Ganzt, an dass mer domadder verhënneren, wat um Ufank gefaart ginn ass, awer eiser Meenung no net kënnt an net dierf kommen, dat ass, dass de Projet Esch/Belval eng Wuelstandsinsel am Süde vum Land gëtt, wou déi gewuesse Strukture ronderëm géingen ënnert d'Rieder kommen. Dat ass net de Fall bei der aktueller Planung, mä mir mussen dës Entwécklung awer ëmmer mat engem ganz opmierksamen A weiderverfollegen.

Dann drëttens, d'Ubannung un d'Regioun, d'Ubannung un d'Grande Région. Virun, mengen ech, eppes méi wéi anerhallwem Joer huet de Lëtzebuerger Stat eng Konventioun mam franséische Stat ënnerschriwwen, fir eng Grenzverschiebung virzehuelen, fir notamment déi Ubannung un d'franséischt Stroossennetz ze erméiglechen, an och fir e grousse Park & Ride ze erméiglechen, deen en Deel Opfänkstruktur géing gi fir de Verkéier opzefänke vun deenen, déi aus Frankräich eriwwerkommen.

Schonn elo hu mer ëm déi 14.000 Leit, déi all Dag iwwer Esch eragefuer kommen iwwert d'Grenz, fir an de Süde schaffen ze goen. D'Halschent vun hinne bleift zu Esch, déi aner Halschent verdeelt sech iwwert de Rescht vum Land, esou dass ee keng Zeechnung brauch ze maache fir lech ze soen, dass deen dote Réseau schonn épuiséiert ass an net dierf nach méi belaascht ginn. Dat ass dofir ganz wichteg.

Et géing eis an deem Kontext och erënneren, wou mer dru si mat de franséischen Noperen, well si waarde jo och op d'Phas 2 vun dësem Projet, deen also nach net Partie intégrante vun deem heite Projet ass, an deen déi direkt Ubannung un d'franséischt Stroossennetz erméiglecht, an dorunner ugeknäppt, an och d'Fro, wou mer mam Park & Ride dru sinn, deen och eng gewësse Bedeitung am Zesummenhang mat dësem Projet huet, well en eis jo en aneren Ëmgang mam Verkéier soll erméiglechen a virun allem eng Entspannung vum bestoende Verkéier soll erméiglechen.

Dat ass besonnesch wichteg, a mir ware frou ze héieren, bei de leschten Diskussioune ronderëm d'Frichen, dass d'Pour-parlerë mat de franséischen Nopere virun allem ganz gutt viruginn, well mir hunn d'Hoffnung jo net opginn, dass déi franséisch Regierung d'Bereetschaft weist fir op en nationale Projet, deen Esch/Belval ass, net mat engem lokalen, mä mat engem nationalen, mindestens awer mat engem regionale Projet ze äntwerten; a ronderëm déi Thematik, déi mir ënner anerem mat Hëllef vun der Cité des Sciences a mat der Faculté des Sciences et des Technologies uginn, och d'Bereetschaft weist, fir op franséischer Säit un déi Wirtschaftsentwécklung, déi hei ugestrieft ass, unzeknäppen.

Dofir wiere mer frou, Här Minister, an da sinn ech och schonn um Schluss ugelaangt, wa mer kéinten e prezisen Echéancier kréien, wéini no deem heite Projet, dee wichteg ass an deen e wichtege Message un d'Investisseurë vu Belval an un d'Leit, déi an der Regioun wunnen, ass, dass mer en Echéancier kréie wéini de Rescht vum Projet kënnt, notamment wat d'Ubannung un dat franséischt Stroossennetz ubelaangt, notamment wat de Contournement vu Raemerich ube-

laangt mat de Kaméidisetüden a mat den urbanisteschen Etüden, déi do drunhänken.

A vun eiser Säit aus wëll ech d'Bereetschaft signaléieren, fir net nëmmen haut dëse Projet matzedroen - dat ass fir eis eng Selbstverständlechkeet -, mä fir doriwwer eraus, jiddereen op senger Plaz a mat senge Méiglechkeeten, och zu der Réussite vun deene Projete bäizedroen, déi nach no dësem ze kommen hunn; an dat sinn der nach eng ganz Rëtsch. An domat ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet.

**M. le Président**.- Merci, Madame Mutsch. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz ageschriwwen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Strooss an deen Tunnel ëm deen et haut geet hu schonn eng relativ laang Virgeschicht an déi Diskussioun ass an enger éischter Phas sou gefouert ginn, dass et dorëms gaangen ass eng Ubannung vun der Escher Autobunn a Richtung Stad mam franséische Stroossereseau ze realiséieren. Am Idealfall - huet et geheescht vu franséischer Säit - sollt dat och am beschte mat zwou Spuren op der ganzer Längt sinn, fir tatsächlech eng Zort Autobunn op deem dote Stéck realiséiert ze kréien.

Dat ass e Projet, dee vun eiser Säit aus critiquabel ass, an och dofir während laange Joren net esou richteg virugaangen ass. De Projet huet awer vu senger Natur hir geännert duerch d'Entwécklung vun de Frichen. Mat där Entwécklung vum Site vu Belval-Ouest, dee jo eng Kéier soll dagsiwwer bis zu 20.000 Leit en activité um Site hunn, krut déi Strooss, wat eng Ubannung vun enger Autobunn sollt sinn, en anere Charakter. Si krut de Charakter am wesentleche vun enger Desserte vum Site vu Belval-Ouest a si ass och domadder net nëmmen eng Méiglechkeet ginn, mä si ass doduerch eng Noutwendegkeet gi fir de Site vun der Friche kënnen ze erschléissen a fir d'Friche vu Belval-Ouest kënnen an Aktivitéit ze huelen.

Dee Projet, dee mer haut stëmmen, ass ënnert engem relativen Zäitdrock entstanen duerch déi Chantieren, déi schonn amgaange sinn um Site vun der Friche Belval-Ouest, a mir hu schlussendlech net wëllen déi initial Léisung, déi um Dësch louch, hei zum Vote bréngen - wat ee ka bedaueren.

Déi initial Léisung, déi um Dësch louch am Kader vun den Diskussioune ronderëm de Projet Belval-Ouest, war eng Léisung, déi an engem relativ fréie Stadium schonn d'Zoustëmmung fonnt hat vun enger ganzer Partie Intervenanten an deem Projet. Si ass awer op Dränge vun der Regierung, déi Suen aspuere wollt a fonnt huet, dass déi laang Tunnelvariant vun 1.300 Meter en ze héije Käschtepunkt impliziéiert hätt, net zum Droe komm.

Mat deenen Argumenter ass sech ausenaner gesat ginn an et huet een no Diskussiounen an nom Préiwe vun enger ganzer Partie vun anere Variante schlussendlech kënne feststellen, dass et eigentlech esou misst sinn, dass een de Projet an zwee Deeler spléckt: ee südlechen Deel, dat ass deen, deen haut zum Vote kënnt, deen e Konsens kann duerstellen, a wou mir als Gréng och dofir wäerten eis Zoustëmmung bréngen an en zweeten Deel, dee méi nërdlechen Deel, deen nach net ausgeräift ass, a wou d'Froen, déi am Raum stinn, nach net allegeurte beäntwert sinn.

Et geet do notamment ëm de Contournement vun der Cité Raemerich vun Esch, wou eng ganz Partie Froen sech stellen am Beräich vum Kaméidi, vum Verkéiersopkommen, vum Impact visuel vun deem dote Projet. An déi Froe mussen enger Äntwert zougefouert ginn, déi absolut iwwerzeegend ass, well ouni déi Äntwerte kann et och net zu enger Zoustëmmung vum nërdlechen Deel vun deem Projet hei kommen.

De Minister huet eis zougesot, datt d'Regierung wéilt déi Remarquen, déi gemaach gi sinn, eescht huelen a seriö préiwen, fir Äntwerten op déi Froen ze bréngen, déi wierklech vun engem héijen Niveau sinn. Bei deem Wuert wëlle mer de Minister och huelen a mir si bereet eis awer iwwerzeegen ze loosse mat Fakten, dass déi Froen, déi gestallt sinn, och fir deen nërdlechen Deel vum Projet eng zefriddestellend Äntwert schlussendlech wäerte kënne kréien.

Dëse Projet huet awer een noutwendege Complément. Et ass virdru scho gesot ginn, d'Friche Belval-Ouest ass op ville Punkten e virbildleche Projet fir d'ganzt Land. Et ass e reellen Testfall fir d'Land am Beräich notamment vun der Mobilitéit - awer och net nëmmen -, mä notamment am Beräich vun der Mobilitéit ass et mat Sécherheet deen éischten Testfall wou mer kënnen alleguerte beweisen, ob mer déi richteg Konklusioune gezunn hunn aus de Mobilitéitsproblemer vum Land an ob mer och déi richteg Léiere kënnen zéien aus den Iwwerleeungen, déi am IVL-Bericht drastinn.

D'Friche Belval-Ouest muss e Modal split kréie vu 40/60; dass also 40% vun allen Déplacementer net mam Auto sollen zréckgeluecht ginn. Dat ass awer nëmme méiglech wa mer och am Beräich vum öffentlechen Transport net nëmme mat der noutwendeger Ubannung un de Stroossereseau, mä och mat der Ubannung un d'Schinn méi wäit komme wéi dat wat elo ugeduecht ass.

Mir hunn am Moment an de Planungen eng Ubannung iwwert d'Schinn nëmmen iwwert de südlechen Deel. Dat ass och absolut an der Rei an esou enger éischter Phas, wou d'Entwécklung um Site nach net esou stattfonnt huet, dass dat iwwert de Süden alleng geschitt, iwwert den Arrêt Belval-Usines an iwwert déi nei Gare, déi soll gebaut ginn. Mir halen et awer fir absolut noutwendeg, dass an enger zweeter Phas och déi Schinn muss an eng zentral Positioun op d'Friche Belval-Ouest dropkommen, wou se dann an enger Ost-West-Richtung de Site géing desservéieren, dass d'Leit, déi aus der Regioun wëllen dohinner kommen, net mussen ëmklammen um Site Belval-Usines, fir sech da mam Bus oder enger Navette iwwert de Site ze déplacéieren, mä wou ee kann aus der ganzer Regioun op de Site kommen, ouni sech musse mat engem Ëmklammen ze beschäftegen.

Dat steigert d'Qualitéit, dat steigert d'Attraktivitéit vum öffentlechen Transport iwwert d'Schinn an déi Noutwendegkeet ass an eisen Aen erwisen a si wäert och musse vun der Regierung realiséiert ginn.

Am Moment ass d'Regierung dobäi ze préiwen, ob et eng Méiglechkeet gëtt vun den CFL-Schinnen eriwwer op de Site ze kommen iwwert d'Arcelor-Schinnen andeems se sech géinge kräizen. Dat wier eng Alternativ zu dem sou genannte Fly-over, wou also da misst, wa sech déi doten Optioun vun der Kräizung um Niveau Null géing als net machbar erausstellen, mat enger Léisung geschafft ginn, fir vun den CFL-Schinnen iwwert d'Arcelor-Schinnen eriwwerzefueren, fir op de Site ze kommen.

Mir hoffen natierlech, dass déi Etüd vun der Regierung, déi am Moment amgaangen ass gemaach ze ginn, zur Konklusioun wäert kommen, dass déi méi bëlleg Variant vun der Kräizung vun de Schinne méiglech ass. Mir soen awer gradesou däitlech: Sollt bei där Etüd erauskommen, dass eng Kräizung um Niveau vum Embranchement unique vun der Arcelor net méiglech ass, dann insistéiere mer, dass dann eben d'Léisung vum Fly-over gepréift gëtt, fir um Niveau vun der Gare Belval-Usines op de Site ze kommen a méi am Westen op Bielesser Säit nees op déi bestoend Schinnen zréckzekommen.

Dat gëtt en Ouvrage, deen natierlech méi deier ass - dat ass eis bewosst -, mä do schwätze mer laut deenen Zuelen, déi op den Dësch geluecht gi sinn, vun ëm déi 20 Milliounen Euro. Wat awer, wann een den Notze kuckt vun deem Ouvrage par rapport zum Modal split, deen enorm wier, a wann ee kuckt par rapport zu deem wat beispillsweis am Projet Micheville konnt agespuert ginn, wann ee kuckt wat dat ausmécht par rapport zum Gesamtinvest iwwert de Fong Belval um Site Belval-Ouest - ech schwätzen do vun enger Milliard Euro - dann e Käschtepunkt ass, dee mat Sécherheet méi wéi justifiéiert ass par rapport zu deem Rendement, deen een da kann erreechen.

An dat ass dofir fir eis e Punkt wou mer onbedéngt der Meenung sinn, dass e muss realiséiert ginn, dass dat en noutwendege Complément ass och zu der Stroossenubannung, déi mer haut an hirem éischten Deel wäerte stëmmen a mat dëse Remarquë bréngen ech d'Zoustëmmung vun der gréngen Fraktioun.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Merci, Här President. Dat, wat mer als ADR hei scho méi wéi eng Kéier ugedeit hunn, ass och dat, wat ech scho bei deem viregte Projet gemaach hunn, dass bei der Diskussioun iwwert d'Prioritéiten, déi falsch gesat ginn, dass dat mat sech bréngt, dass da bei anere wierkleche Prioritéiten, wéi zum Beispill deem Projet hei, ugefaange gëtt ze strecken. An hei si mer an esou engem typesche Fall, wou dat ugeet.

Hei bei dësem wichtege Projet, deen initiale Projet mat deem Tunnel vun 1.300 Meter, deen am Fong virgesi war, a wou ech lech och hei kee Geheimnis verrode wann ech lech soen, dass mer eis am Escher Gemengerot eestëmmeg an enger Euphorie fir dee Projet ausgeschwat hunn - och déi, déi elo hei fir eng aner Variant plädéiert hunn - an dass et da richteg war, wéi den Här Braz gesot huet, dass se dann dunn eng Kéier bei d'Regierung getrëppelt sinn an do ass den Drock vun der Regierung komm an dass se dann do dräi Wochen drop schonns ëmgekippt sinn a mat enger anerer Motioun komm sinn a wou se sech da fir en anere Projet, fir eng aner Variant, entscheet hunn. Dat seet jo scho villes aus. Op jidde Fall kann ech et elo hei net gëlle loossen, dass duerch reng finanziell Ursaachen dee wichtege Projet do net nëmmen an zwee gedeelt gëtt, mä och seng Wichtegkeet fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner, déi do ronderëm sinn, awer a Fro gestallt gëtt. An dass et elo hei awer an d'Richtung geet wou e Contournement soll gebaut ginn a wou mer ganz genau wëssen, wa mer e Contournement bauen, egal wou mer e bauen, da verlagere mer just de Problem vun enger Plaz op déi aner an dann ass de Problem verlagert, mä en ass net geléist. An hei wär mat deem Tunnel eng Méiglechkeet gewiescht, fir awer eng ganz Rei verkéierstechnesch Problemer bei deem Site…

*(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)*

Här Braz, wann ech gelift. Dir hutt lech elo véiermol gedréint. Bleift elo roueg sëtzen.

*(Interruptions)*

Ech géif soen, dass mer…

*(Interruption)*

Gelift?

Jo, elo war en erëm do wou en hierkomm ass. Jo, ganz gutt.

**M. le Président**.- Här Jaerling, loosst lech net oflenken.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Jo. Ech si schonn esou depriméiert, wann ech dat do gesinn.

*(Interruptions)*

Op jiddfer Fall ass dat alt erëm eng Kéier typesch. An do stellen ech mer awer eng Rei Froen, wou effektiv déi wierklech Begrënnung ass. Well wa mer elo higinn a mer soen, dass mer deen Tunnel elo an enger éischter Phas maachen, dann ass jo d'Konsequenz dovun, dass wa mer deen Tunnel op 700 Meter reduzéieren, dann ass deen initiale Projet gestuerwen. Dann ass d'Konsequenz, bei där zweeter Phas ass dann dee Contournement.

An dat ass jo just dee gréisste Problem, wou dann och nach hei derbäi direkt zougi gëtt, dass da muss gekuckt gi mat Lärmschutzpanneauen, fir ze kucke fir d'Liewensqualitéit vun de Leit do ze erhalten.

Dat heescht, d'Problemer, déi kommen, si bekannt. Et gi schonn direkt Deelléisungen hannendrun. Well et gesäit ee jo iwwerall do, wou där Lärmschutzpanneauë sinn, wéi déi Landschaft ausgesäit. Hei huet einfach d'Geleeënheet bestanen, wann een de Courage gehat hätt, déi néideg Suen ze investéieren an d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do wunnen, wat och liewenswichteg wär fir dee ganze Projet, well wa mer hei ufänken elo schonn am Ufank ze kierzen a Léisungen ze fannen op Drock vun deenen, déi do wëllen déckt Geld verdéngen, da soen ech lech, da wäerte mer an Zukunft och nach weiderfueren erëm schnell Deelléisungen ze fannen, fir de Rescht vum Projet ganz ze verstümmelen, an dann ass et net méi dat wat et war an dann ass et kee Modell fir d'Lëtzebuerger Land. Dat kann ech lech awer soen.

Dat wat et am Fong hätt solle ginn, dat stierft op jiddfer Fall schonn, wa mer hei ufänken elo schonn ze verstümmelen an ze zersplécken.

Dofir soen ech, dass mer net kënne mat deem Projet hei d'accord sinn.

D'Fro, déi sech awer einfach stellt, ass, wann een hei gesäit, dass eng Majoritéit sech awer elo dofir ausgeschwat huet, ouni awer iergendeng seriö Begrënnung ze ginn, firwat dass et noutwendeg ass dee wichtegen Tunnel do ze kierzen, an ech huele jo un, dass den Här Minister dann dat wäert elo hei versiche fir mir ze erklären, wéisou dass et elo noutwendeg war, dee fir d'Liewensqualitéit wichtegen Tunnel hei a Stécker ze schneiden a wat d'Konsequenz herno ass a wéi e gedenkt da spéider déi Liewensqualitéit, déi hei hätt mat deem Tunnel, wann en integral entstane wier, wéi en déi kann de Leit herno erëm ubidde mat engem Contournement. Dat ass eng Fro, déi mer awer hei musse beäntwert kréien.

Ech mengen dat gesot ass de Problem elo: Et ass richteg, dass mer musse virukommen. Mä wa mer awer um falsche Wee fueren, da froen ech mech wéi wäit dass mer kommen. Well wa mer elo séier e Stéck weiderkommen an da guer net méi weider an dass dann de Rescht vun där ganzer Phas do gestuerwen ass, da froen ech mech wat mer geschafft hunn. An dann ass fir déi nächst 20 Joer d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do wunnen, gestuerwen. Dat ass de Problem!

An dann ass dat net nëmme fir déi Leit, déi dës Säit der Grenz wunnen, mä och fir déi, déi déi Säit der Grenz wunnen; well et geet jo net nëmmen ëm eis. Et gëllt och fir déi Leit vu Micheville. Et gëllt och fir déi Leit vu Villerupt a vu Russange a vun Audun-le-Tiche, déi och duerch deen Tunnel hei hätte kënnen eng grouss Entlaaschtung kréien.

Et geet och souguer iwwer Esch eraus, am Ëmkrees vun Esch, wou och duerch deen Tunnel hei an duerch déi Ubannung do och d'Collectrice du Sud hätt kënnen entlaascht ginn, wesentlech entlaascht ginn; an dat ass heimat net de Fall.

Well wann déi vun der Collectrice du Sud oder vun anere Stroossen eriwwerfueren duerch deen Tunnel a se huelen dann de Contournement oder déi Ëmgehungsstrooss, déi iwwert den - wéi nennt Der dat - Chemin repris, oder wéi dat heescht, 168 elo geet. Déi musse während véier, fënnef Joer doriwwer fueren, well dat ass jo d'Konsequenz dovun. Wann dat elo gebaut gëtt, gëtt jo dann, ier dat do fäerdeg ass, eng Ëmleedung do gemaach. Da sinn déi Leit do…

*(Interruption)*

Wat gelift?

*(Interruption)*

Ma neen. Dat ass jo net wouer. Wann Der dee ganzen Tunnel hutt, ass dat net de Fall. Wann Der deen Tunnel hutt, da braucht Der keng Ëmgehungsstrooss ze bauen. Wann Der deen Tunnel hätt, dann hätt Der déi Ëmgehungsstrooss guer net bräichten ze bauen.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- Deen ass an all Plang virgesinn, dee Contournement vu Raemerech.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Awer net do, awer net ronderëm Bieles, flatsch duerch Bieles.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- En ass um selwechten Tracé virgesinn. Den Ënnerscheed ass, datt deen een Tunnel 1.300 Meter hätt an deen hei der nëmmen 735 laang ass. Den Tracé awer ass genau d'selwecht virgesinn.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Op jiddfer Fall ass fir eis déi hei Propositioun net haltbar. Mir wäerten eis dofir bei dësem Projet enthalen.

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Debatt ofgeschloss an d'Wuert huet elo den Här Bauteminister Claude Wiseler. Här Wiseler!

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President. Merci och all deenen, déi zu enger konstruktiver Debatt haut de Mëtte vun deem Projet hei bäigedroen hunn.

Mir haten d'lescht Woch hei op därselwechter Plaz eng extrem interessant Debatt iwwert d'Friches industrielles. Ech wëll och net méi dorobber agoen. Mä déi ganz Diskussioun, déi mer gefouert hu viru méi wéi enger Woch, déi huet fir mech u sech zwou Saache kloer an däitlech ënnerstrach.

Dat Éischt, dat ass dat konstant Engagement vun där viregter a vun dëser Regierung fir dat, wat ëmmer nach e Projet phare ass, ze realiséieren, fir deen an Délaien ze realiséieren déi korrekt sinn, an dat à l'unanimité quasiment vun deenen, déi heibanne geschwat hunn.

Dat waren och déi wesentlech Engagementer, déi an dëse Projet vun de Friches industrielles kommen. Ob dat am Kader vum Enseignement supérieur, vum Centre de recherche, vun de Lycéeën, vum Sport, vum Studenteliewen, vun der neier Ekonomie, de Start-upen, der Administratioun, der Kultur oder dem Wunnengsbau ass, mat Projete wéi de Centre de musique, wéi d'Stabilisatioun vun den Héichiewen, wéi administrativ Projeten, wéi d'Lycées techniques vu Belval-Ouest, wéi de Centre de Conférences, wéi d'Archiven oder

wéi de Centre de recherche. Do muss ee soen, datt dat awer en Engagement ass, e Wëllen ass, wéi e kaum op enger anerer Plaz vum Land besteet, fir deen do Projet esou hinzekréien a fir dat hinzekréien, wat mer an där heiter Géigend am Süde vum Land brauchen an och wëllen.

An dat Ganzt, déi ganz Investissementer, déi brauchen natierlech och Infrastrukturen am Déifbau, soss fonctionnéiert dat net, fir op de Site eranzekommen, op där enger Säit, a fir sech um Site selwer ze bewegen.

Dëse Projet gesäit dann dofir net nëmmen dat, wat ee klassescherweis d'Liaison Micheville nennt, vir - dat heescht déi Liaisoun, déi duerch de ganze Projet geet, vu Frankräich aus, hannert dem Contournement Raemerech ronderëm, fir duerno op d'Escher Autobunn ze kommen -, mä awer och den Accès sud, deen also en aneren Accès op de Site soll sinn. An dann hu mer och nach op deem Site dee provisoreschen Accès nord, deen och gebaut gëtt, deen awer net an dësem Projet dran ass, well dee getrennt vun dësem Projet iwwert d'Kreditter vum Budget gemaach gëtt.

Och dat ass awer nach en Investissement, deen an deenen nächste Méint gemaach gëtt. Ech hunn do op mengem Büro d'Pläng leie fir ze ënnerschreiwen. Déi wäerten och elo erausgoen, esou datt mer direkt kënne mat deem Accès ufänken, dann dat hei ausschreiwen, fäerdeg maachen an an déi nächst Etapp goen. Esou datt mer esou schnell wéi méiglech, wann d'Chamber duerno Jo stëmmt - an ech hunn, nodeem ech Iech héieren hunn, eng grouss Hoffnung, datt dat wäert esou sinn -, och kënne mat dësem Projet ufänken.

Déi Diskussioun, déi mer haten an déi och hei bei deene meeschte Riedner erëm zréckkomm ass, dat ass déi vun haaptsächlech deene villen Tunnelvarianten. Villes an alles ass driwwer gesot ginn. An engem éischte Masterplang hate mer u sech dësen Tunnel, esou wéi en elo gebaut gëtt, virgesinn. Duerno, an enger zweeter Etapp, ass dee verlängert ginn, fir op der N31 duerchzefueren, an dëse Projet, déi Variant, déi mer haut hunn, ass dann erëm méi kuerz, kënnt virun der N31 eraus.

Mir hunn, op Basis vun deem längere Projet, deen nach eng Kéier duerchgekuckt ginn ass, eng Rei zousätzlech Variante virun enger Rei Méint studéiert, an dat net nëmmen, wéi et hei gesot ginn ass, wéinst dem Käschtepunkt an net nëmmen aus Käschtefroen, mä awer och aus Käschtefroen.

An ech mengen et ass och keng Schan fir dat ze soen, an dat soen ech net nëmme bei dësem Projet, mä dat probéieren ech an Zukunft bei alle Bauprojeten ze soen. Mir musse kucken, wéi mer déi Projeten an de Gréff kréien. Mir musse kucken, wéi mer eis Finanzen, déi mer hunn, esou maachen, datt mer och kënne Qualitéit bauen, mä datt mer net do Suen ausginn, wou mer se net brauchen auszeginn, mä datt mer dat korrekt maache fir esou vill wéi méiglech Infrastrukturen op den Terrain eriwwerzekréien.

Mir hunn net nëmmen nom Käschtepunkt gekuckt, mir hunn och no Punkte vun Accessibilitéit, vun akusteschen Nuisancen, vu Sécherheet, vu Separatiounseffekten, vun Zäit a vu Phasagen gekuckt a Variante studéiert. Mir haten d'Variant vum laangen Tunnel, zwou Variante vu méi engem kuerzen Tunnel an och eng Variant, vun deem wat mer e Boulevard urbain genannt hunn, dat heescht vun iwwerhaapt kengem Tunnel, wou de ganze Verkéier iwwert d'Surface gelaf wier.

Déi verschidde Präisser waren 280 Millioune Euro fir dee laangen Tunnel, 205 bis 209 fir déi zwou Variante vum kuerzen Tunnel an 153 fir dat, wat mer de Boulevard urbain genannt hunn. D'Optioun vun deem kuerzen Tunnel ass ebe geholl ginn aus enger ganzer Rei Grënn, finanzieller sécher, mä awer och verkéierstechnescher, well en huet eng ganz Rei Avantagen: d'Sécherheet, d'Accessibilitéit an d'Phasagefroen hunn een zu dëser Solutioun higeleet.

Dëse Projet huet och - an dat muss ech soen - de ganz groussen Avantage, datt en e Phasage erméiglecht. En erméiglecht engem elo an dëser Etapp, dat, wat mer den Accès sud nennen, ze bauen. En erlaabt eis, zwar net iwwert dëse Gesetzesprojet, mä parallell den Accès nord ze bauen, an en erlaabt eis eng sou genannte Carcasse vum Tunnel an de Buedem ze leeën, déi awer dann net den Tunnel a senger ganzer Funktionalitéit ass, mä just momentan déi Structure porteuse, dat heescht déi Carcasse ass, déi am Buedem läit, déi eis dann erlaabt uewendriwwer déi Strooss ze bauen, déi d'Agora wäert bauen, fir d'Funktionalitéit vum Site esou schnell wéi méiglech ze erlaben. Well och dat ass eng wesentlech Fro. Mir sinn an esou engem Projet wéi deem hei ganz einfach verflicht a gewëssenen Délaien, déi kloer esou schnell wéi méiglech solle sinn, de Projet funktiounsfäeg ze maachen.

Mir si verflicht d'Accessibilitéit vun dësem Projet ze garantéieren an dat net nëmme wéinst deenen Investisseuren, wou mer frou sinn, datt si op dee Site investéieren, mä och fir déi Investisseuren, vun deene mer wëllen, datt si an Zukunft op deem Site do investéieren, well dat soll e Site sinn, wou net nëmme Structures publiques sinn. Dat soll e Site sinn, wou och Privatinvestisseuren dohinner kommen. Dat soll e Site sinn, wou duerno och Wunnengsbau besteet. Wou also e ganzt Liewen op deem Site ass an dofir kann een net einfach déi Saachen ofginn. Dat gehéiert zesummen an den Ensemble vun deem, wat op dee Site do soll kreéiert ginn.

Ech mengen, dass dat Gesetz haut stëmmen, esou schnell wéi méiglech den Accès nord maachen, esou schnell wéi méiglech den Accès sud maachen an déi Stroossen uewen um Site bauen, déi eis einfach de Verkéier intern vum Site erlaben, gëtt dësem Projet ee wesentleche Push, gëtt him eng Crédibilitéit an erlaabt en weiderzekommen an deenen nächste Méint. Dat ass extrem wichteg a mengen Aen.

Da soen ech och Folgendes, well dat gehéiert och zur Diskussioun, déi mer an der leschter Zäit iwwert déi Projeten haten, déi mer hunn an déi mer och nach iwwer notamment de Projet Nordstrooss kréien: Ech maachen dëse Projet an engem gewëssene Phasage. Ech hunn Iech deen och als Chamber esou presentéiert. Dat ass zum Beispill bei der Nordstrooss net geschitt. Do hu mer e Projet vun der ganzer Nordstrooss gemaach, mat deene Problemer finanztechnescher Natur, déi mer hunn, e Projet deen 1995, 1996 elaboréiert gouf, 1996 gestëmmt gouf, deen 2012 fäerdeg ass a vun deem et extrem schwiereg war 1994, 1995 schonn ze wëssen, wat en dann 2012 zum Schluss wäert kaschten.

Hei ass am Fong déi éischte Kéier, datt mer e Prinzip zu engem Deel uwenden, dee mer an der Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire esou laang duerchdiskutéiert hunn, datt mer am Fong e Projet, deen deier ass a Phase bréngen a vun deem mer an der éischter Phas awer soen, wat soll gebaut ginn a wéi de ganze Projet a senge Konturen ausgesäit, an datt mer dann déi finanztechnesch Projeten a Phasen do bréngen, wat mir einfach als responsabele Bauteminister erlaabt, de Käschtepunkt besser ze iwwerblécken an, ech hoffen, och an Zukunft besser am Gréff ze halen.

Dee System, fir et a Phasen ze bréngen, huet eis och erlaabt awer zu engem Deel eng Rei Garantien de Gemengen ze ginn. Mir hunn elo eng éischt Phas dohinner geluecht, déi doranner besteet fir eng Carcasse vum Tunnel ze setzen, a falls déi Gemengen eis net gegleeft hätten, wat se awer hunn, mä falls si eis net gegleeft hätten, mussen si wëssen, datt mer déi zweet Phas vun deem Projet musse stëmmen a musse maachen, fir den Tunnel funktiounsfäeg ze maachen, well hei hu mer déi ganz Elektromechanik net dran. Hei hu mer déi ganz Sécherheetssystemen am Tunnel momentan an dëser Etapp nach net virgesinn an déi ginn eréischt an der zweeter Phas vum Tunnel gebaut, sou dass ee kann einfach sécher sinn, datt déi zweet Phas muss komme, mä si kënnt an enger Etapp, wou mer dann de Finanzvolume besser iwwersinn a wou ech ka mat méi Garantie virun Iech kommen an Iech soen, wat dat kascht.

Mir hunn eis och engagéiert net nëmmen an där leschter Motioun, déi hei während deem Débat vun de Friché gestëmmt ginn ass, mä och scho virdru mat de Gemengen, datt mer iwwert déi zweet Phas vun deem Projet - an haaptsächlech dee ganz sensibele Punkt, deen haut och schonn ugeschwat ginn ass, vun där Phas, bei där mer mussen iwwert d'N31 fueren, ier mer dann iwwert de Contournement, dee bei alle Projete vum Masterplang virgesi war, fueren - mat hinnen zesummen diskutéieren, wéi mer déi dann definitiv gestalten, an dee Projet net eraginn, ier mer déi Diskussioune mat der Gemeng Esch, mat der Gemeng Suessem, déi Demandeurs sinn, gehat hunn.

Do hu mer eis och engagéiert, an dat si mer och amgaangen ze maachen, fir eng Rei Studien op de Wee ze bréngen, déi eis gradesou d'verkéierstechnesch Problematik sollen évoquéieren, déi eis d'akustesch Problematik iwwert d'Geräisch solle bréngen, an déi eis och déi Insertioun an d'Stadbild solle studéieren, ier mer do en connaissance de cause dann déi Décisioune kënnen huelen, déi mer brauchen, fir déi zweet Phas vum Projet esou ze maachen, wéi mer se alleguer gemeinsam wëllen.

Dat sinn déi Saachen, déi ech elo nach zur Diskussioun wollt derzoufügen. D'Madame Mutsch hat nach gefrot, wéi et da géing stoe mat där ganzer Fro vun dem Parking, dem Bau vum Parking, dem Phasage respektiv haaptsächlech dem Échéancier, dee mer solle maachen, an den Négociatioune mat de Fransousen.

Ech wëll soen, déi Négociatioune mat de franséischen Autoritéite si momentan nach ëmmer amgaangen. Et sinn eng Rei technesch Froen, déi momentan nach net geléist sinn an iwwert déi mer amgaange sinn ze diskutéieren. Et si wierklech technesch Froen. Eng dovunner ass d'Verleeë vum Gazoduc zum Beispill, iwwert dat do nach eng Rei Saache gekläert musse ginn. Duerno, wann déi technesch Problemer geléist ginn, da kann den CR168 verluecht ginn, da kann och d'Gare gebaut ginn an an der nächster Etapp de Parking, well de Parking brauche mer eréischt an där Etapp, an där u sech dat ganzt Stroossennetz da funktiounsfäeg ass.

Ech hunn ëmmer Schwieregkeete fir elo Datummen ze annoncéieren, well ech an där kuerzer Zäit awer scho kloer an däitlech geléiert hunn, datt een normalerweis, wann een als Bauteminister Datummen annoncéiert, derniewent läit an dat riskant ass. Ech kann Iech also d'Etappe soen, wéi se niewentenee sinn. Ech kann Iech och soen, an dat wäerte mer an den Diskussioune mat de Gemenge sécherlech méi prezis maachen, wéi mir eis déi verschidden Echéancen elo virstellen, mä sech fir déi Echéancen ze engagéieren, ass relativ schwéier.

Par contre, dat wou mer eis engagéieren heifir, dat ass, datt mer dës Etapp vum Projet, den Accès nord op där enger Säit, d'Carcasse vum Tunnel op där anerer Säit mat dem Stroossebau driwwer an den Accès sud esou schnell wéi méiglech, ech géing soen, an d'Produktioun ginn, esou schnell wéi méiglech kucken, datt mer mat der Realisatioun kënnen ufänken, well mir brauchen et,…

**M. le Président**.- Dir misst zum Schluss kommen.

**M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics*.- …datt dee Projet ka weiderlafen.

Ech soen Iech Merci, Här President, fir d'Nolauschteren, an halen dann op op där Sekonn, wou Der mech dat frot.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Wëllt een seng Abstentioun begrënnen?

***(Négation)***

Wann ech richteg gesinn, ass dat de Grupp vum ADR. Très bien.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zréck zur Motioun, déi ufanks vun der Sitzung vum honorabelen Här Gibéryen abruecht ginn ass, wou et ëm d'Campagne iwwert de Referendum geet. Ech mengen, ech hätt richteg verstanen, dass d'Fraktiounen alleguerten d'accord sinn, dass mer déi Motioun elo debattéieren. Da ginn ech dem Auteur vun der Motioun d'Wuert, dem Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

## 6. Motion de M. Gast Gibéryen relative à la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech menge Lëtzebuerg ass net dat Land, wat Traditiounen a Referendumen huet. Et ass en Neiland, wat mer domadder betrieden, mat enger relativ komplizéierter Prozedur, déi mer eis an deene leschte Méint hei ginn hunn, fir iwwerhaapt kënnen e Referendum ofzehalen. An anere Länner ass dat méi gängeg, datt Referendumen ofgehale ginn, si hunn och domadder méi Erfahrung, et ass méi eng grouss Organisatioun do a mir, wéi gesot, betrieden hei Neiland.

Eng vun deene grousse Suerge vun eisem Grupp, wéi mer dëse Referendum décidéiert hunn, war, datt vu Regierungs- a vu Chamberssäit déi Campagnen, déi mat Steiergelder finanzéiert ginn, missten objektiv an neutral sinn. Deenen eenzelne Persounen, Parteien oder Gewerkschaften oder Gott weess wat fir Sociétéiten ass et fräigestallt, déi Campagnen an déi Positiounen ze huelen, déi si fir richteg fannen. Déi vum Steierzueler bezuelte Campagnen awer mussen objektiv an neutral sinn.

An deene leschten Deeg a Woche kënne mer an der Press déi vun der Regierung organiséiert Campagne liesen an och am Radio kënne mer se héieren. An net wéineg Leit sinn net averstanen a fannen et net richteg, datt déi Campagne, déi vun der Regierung do gemaach a vu Steiergelder bezuelt gëtt, sou eesäiteg ausgeriicht ass an am Fong eng positiv Publizitéit mat dem Resultat fir Jo ze stëmmen zu dem Traité constitutionnel mécht.

Dat, wat gesot oder geschriwwe gëtt, ass wuel net falsch, alles dat ass eng Saach vun der Interpretatioun, mä se ass net objektiv, well et einfach eng eesäiteg Informatioun ass an d'Leit am Land mierken och elo lues a lues, datt déi Campagne esou tendenziéis ass.

Wann zum Beispill gesot gëtt, Lëtzebuerg behält selbstverständlech seng Stëmmrechter an och säi Vetorecht, dann ass et net falsch. Lëtzebuerg hält säi Stëmmrecht an och säi Vetorecht, mä et gëtt awer dobäi vergiess ze soen, datt mer eng ganz Rei vun Ofstëmmungsmodalitéite vun Unanimitéiten a qualifizéiert Majoritéiten eriwwerhuelen an esou virun an esou weider. Et ass also net falsch wat do steet, well mir behalen eist Vetorecht, mä et gëtt vergiess ze soen, datt mer an enger Rei vu Punkten, wou mer e Vetorecht haten, dat Vetorecht opginn; dat nëmme fir ee Beispill ze nennen, wéi alleguer déi Texter ganz tendenziéis sinn.

Ech kënnt Iech der elo e ganze Koup hei virliesen, mir hunn eis se eraus geprint, si si jo um Regierungssite an et kann een sech se jo eraus printen, mä alleguer si se tendenziéis a se beliichten ëmmer nëmmen den Text aus enger positiver Säit, aus enger Säit, déi invitéiert fir Jo ze soen...

***(Interruption)***

…, a mir fannen, datt dat net korrekt ass. Och a Frankräich huet de franséische Conseil d'État am Kader vun dem franséische Referendum der Regierung kloer gesot, datt déi Campagne, déi si mat Steiergelder mécht, misst eng Campagne sinn, déi neutral an objektiv ass. Mir stelle fest, datt dat hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass, datt se ganz tendenziéis ass, datt se eesäiteg ass an datt se domadder de Kritäre vun der Neutralitéit an der Objektivitéit net entsprécht.

An duerfir hu mer dës Motioun deponéiert wou mer soen, d'Regie-

rung soll déi Campagne, wéi se elo virläit, stoppen an zesumme mat der Chamber eng nei Campagne maachen, wou mer da kéinten alleguer matschwätzen an datt dat dann och géif eng Campagne ginn, déi objektiv wier, déi déi Texter géif bei d'Leit droen, wou net nëmmen déi eng Säit, mä och déi aner Säit beliicht gëtt. Ech mengen, dat géif eis gutt zu Gesiicht stoen.

Well, wéi gesot, mir hu vun Dag zu Dag, ech weess net wéi et bei Iech ass, mä mir hunn op jidde Fall ëmmer méi Leit, déi uruffen, souguer schreiwen an déi soen, si géifen dat ganz schlëmm fannen, datt hei vu Regierungssäit esou tendenziéis géif eng Informatiounscampagne gemaach gi mat Steiergelder.

Déi misst objektiv sinn an duerfir, wéi gesot, hu mer dës Motioun erabruecht, wou mer hoffen, datt jiddereen heibannen och der Meenung ass, datt d'Regierung misst an hiren offizielle Campagnen eng neutral an objektiv Campagne iwwert dësen Traité constitutionnel maachen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Als Éischten huet d'Wuert gefrot, den honorabelen Här Fayot. Här Fayot!

***Discussion générale***

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, ech sinn der Meenung, dass d'Campagne vun der Regierung an der Press an an de Medien eng objektiv Campagne ass. Firwat? Well se d'Faitë prezis duerstellt, wéi se an deem Text vun der Verfassung, iwwert deen d'Leit ofzestëmmen hunn, sinn.

Si ass och objektiv, well se erkläert déi Rouagen, déi Zilsetzungen, déi Methoden, déi an dëser Verfassung dra sinn an déi ee muss verstoe fir och deen Text kënnen ze jugéieren. Si ass objektiv, well se trotzdeem och déi enorm Avantagen duerstellt, déi Lëtzebuerg duerch seng Memberschaft an der Europäescher Unioun huet, an déi kee kann niéieren, wann een och nëmmen e bëssen d'Geschicht vu Lëtzebuerg an deene leschte Jorzéngte bis haut mat kuckt. An ech fannen och, dass et eng objektiv Campagne ass, well se all Bierger d'Fräiheet léisst ze jugéieren, wéi en dann elo soll iwwert déi Verfassung ofstëmmen.

Et ass kee Matraquage an dëser Campagne. Et ass eng Presentatioun vun de Faiten an ech soen, dass dës Presentatioun objektiv ass.

Den Här Gibéryen huet, fir fir dës Motioun do ze argumentéieren, een eenzegt Beispill ginn, een eenzegt Beispill, firwat dass dës Campagne eventuell net objektiv wär. En huet gesot, dass net duergestallt gëtt, dass op enger Partie Gebidder d'Unanimitéit am Conseil duerch Majorité qualifiée ersat gëtt. Doraus wëllt en zéien, dass da Lëtzebuerg en Désavantage hätt an net en Avantage duerch déi verbessert Funktiounsfäegkeet vum europäesche Ministerrot, fir eben Décisiounen ze huelen, déi gemeinsam vun der Europäescher Unioun geholl ginn.

Ech mengen, dat ass e schlecht Beispill, dat ass e falscht Beispill, well Lëtzebuerg huet Intérêt dorunner, net dass d'Europäesch Unioun duerch vill Vetorechter blockéiert ass, mä et huet Intérêt drun, dass dës Europäesch Unioun duerch eng gutt Manéier, fir Décisiounen ze huelen, virukënnt.

Mir sinn also ganz kloer dofir, fir dës Motioun ofzelehnen.

Ech wëll dann drop hiweisen, den Här Gibéryen seet a sengem Dispositiv, dass dann d'Regierung an d'Chamber zesumme sollen eng nei Campagne determinéieren, mä ech wëll dann awer och drop hiweisen, dass d'Conférence des Présidents zesumme mam Ausseminister zu där Zäit, wéi den Här Gibéryen a seng Partei nach fir d'Verfassung waren…

***(Interruptions et hilarité)***

…, déi Campagne, déi mer an der Chamber an déi och d'Regierung gemaach huet, diskutéiert hunn an och d'Regierung encouragéiert hunn, fir eben eng objektiv Campagne ze maachen. Ech gesinn also wierklech net wat elo den ADR dozou beweegt, fir déi Campagnen esou erof ze maachen, wéi hien dat a senger Motioun mécht.

Ech menge schonn, dass souwuel d'Regierung, wéi och dës Chamber, insgesamt hir Informatiounsflicht voll a ganz erfëllt huet. Si huet och an hirer Campagne, ob dat an Auditioun hei ass oder an hire Versammlungen, Leit vum Nee wéi vum Jo zu Wuert komme gelooss. D'Regierung huet hir objektiv Campagne gemaach an ech mengen domat hunn déi Institutioune wierklech de Maximum gemaach wat ee ka maachen.

Natierlech kann een ëmmer méi maachen. Ech sinn och der Meenung, dass ee scho vläicht méi laang hätt kënnen déi Campagne ufänken, mä ech mengen, sou wéi se hei vun dem ADR ofgelehnt gëtt, kënne mir natierlech net domat d'accord sinn.

Mir encouragéieren au contraire d'Regierung op deem Wee weiderzegoen. Mir encouragéieren och d'Regierung de Leit dobausse kloer an däitlech ze soen, wat fir Avantagë Lëtzebuerg huet, doduerch dass et an der Europäescher Unioun ass, an och wat fir Avantagen dës Verfassung huet, wa se mol eng Kéier a Kraaft trëtt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Den Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Motioun virgeluecht ginn, wou eigentlech, vum Grond op gesinn, eng richteg Thematik opgeworf gëtt, nämlech déi, wann een e Referendum organiséiert, wéi gestalt een dann dee Referendum; wéi gëtt een de Befürworter an de Géigner zum Beispill d'Méiglechkeet, fir sech auszedrécke bei engem Referendum. Ech muss awer allerdéngs soen, datt d'Äntwerten, déi hei zum Deel opgeworf ginn, total falsch sinn an eigentlech mat der Fro, wat ass objektiv a wat ass net objektiv am Kader vun enger Campagne, vun engem Referendum, näischt ze dinn hunn.

Ech mengen, datt d'Regierung logescherweis als Fonctioun muss hu fir eng gewëssen Informatioun ënnert d'Leit ze bréngen, an dat huet d'Regierung gemaach. D'Regierung dierf net d'Leit incitéieren, weder fir esou oder esou ze stëmmen, oder hinnen eppes ze suggéréieren, ech mengen net, ech hunn op alle Fall keen Text gesi wou dat de Fall war. Et stelle sech eng ganz Rei aner Froen an deem Kontext, wann een driwwer diskutéiert, wéi ee mat engem Referendum ëmgeet.

Ech muss awer allerdéngs soen, meng Fraktioun hat sech iwwer mäi Kolleeg Félix Braz vill Méi gemaach, wéi mer d'Referendumsgesetz an der Kommissioun diskutéiert hunn, fir op déi Punkten anzegoen. Do huet de Vertrieder vum ADR net ganz vill an deem dote Beräich gesot.

Et stelle sech eng ganz Rei Froen, wann ee schonn hei aner Länner als Verglach elo erunzitt, wou effektiv eng grouss Referendumstraditioun ass, wéi zum Beispill an der Schwäiz, da muss een och wësse vu wat ee schwätzt. D'Fro, déi sech jo stellt, wann een e Referendum lancéiert, an da muss ee jo definéieren, ween ass do de Oui an der Gesellschaft a ween ass den Non; dat heescht et muss jo hannert iergendeppes eng gewësse Représentativitéit bestoen.

An an der Schwäiz zum Beispill gëtt et do ganz kloer Kritären. Do muss ee fir d'éischt mol, ier een als Oui oder Non unerkannt ass, eng Hällewull vun Ënnerschrëfte sammelen, déi legal déposéiere goen an da gëtt vun offizieller Säit tranchéiert, datt een eng gewësse Représentativitéit an der Gesellschaft huet fir kënnen unerkannt ze ginn als ee Camp sou oder esou. An da kritt een eréischt och zum Beispill öffentlech Gelder, fir kënnen da Campagne ze maachen, entweder en faveur oder en défaveur.

Dat sinn alles Froen, déi hätt ee misse beim Referendumsgesetz diskutéieren a klären. Mir wëssen awer allerdéngs alleguerten, datt et do ganz schwiereg war, well mer ënner engem immensen Zäitdrock stoungen. Meng Fraktioun huet zumindest sech d'Méi gemaach déi Froen opzewerfen an der Kommissioun, am Contraire zum ADR, deen se do net weider interesséiert huet.

***(Interruption)***

Oh, Här Henckes, Dir hutt net vill insistéiert, fir datt déi hei sollten zur Diskussioun kommen.

Ech muss och soen, un engem Beispill, wéi wichteg datt déi Kritäre sinn, wann ee wëllt esou diskutéieren. An dëser Campagne hätt een zum Beispill gesot, mir ginn öffentlech Gelder fir déi, déi derfir sinn, a fir déi, déi dergéint sinn. Wann een dat net festmécht u genaue Kritären, dann hätt dat kënnen dozou féieren, zum Beispill, datt den ADR zweemol Sue kritt hätt. Déi éischt sechs Méint, well se derfir sinn, an déi zweet sechs Méint, well se dergéint sinn.

***(Hilarité)***

Duerfir, wéi gesot, wann ee sech hei beméit fir Motiounen eranzebréngen, da muss ee vläicht awer e bësselche kucken. Ech versti jo wat hei gemengt ass, et ass jo relativ duerchsiichteg. A leschter Sekonn versicht jiddfereen e bëssen innepolitesch, hei nach e bësse Kapital aus deem Ganzen ze schloen.

Kommt, Kolleege vum ADR, sidd dach éierlech!

Mä ech mengen, mir kréie wahrscheinlech nach Geleeënheet genuch, wa mer hei d'Gesetz diskutéieren, dann hu mer hei stonnelaang Zäit fir iwwert d'Positioune vun deenen eenzelne Parteien an deem heite Kontext ze diskutéieren an och iwwert de Schlingerkurs, deen de ADR hei gefuer ass, vun Ufank un.

Här President, ech menge méi ass net heizou ze soen, selbstverständlech aus deenen nämlechte Grënn.

***(Interruption)***

Mir sinn, Här President, fir eng objektiv Campagne beim Referendum. Mir sinn och der Meenung, datt een an Zukunft muss dat Gesetz - mir wëlle jo eng gréisser Traditioun och hei am Land an déi do Richtung aféieren -, datt mer eis musse Kritäre ginn, wéi ee mat deene Referendumen an Zukunft ëmgeet, fir datt Géigner a Befürworter uerdentlech zu Wuert kommen. Mä dat muss mer sachlech op där Plaz, wou et sech gehéiert, an net op polemeschem Niveau, wéi dat heiten de Fall ass.

Ech soen Iech Merci.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Den Här Meisch huet d'Wuert nach gefrot. Här Mehlen, loosst elo den Här Meisch schwätzen. Här Meisch!

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Gibéryen an den ADR hu Recht. Mir brauchen eng objektiv an eng neutral Campagne.

Wann een déi Campagne kuckt, déi gemaach ginn ass vun der Regierung a vun der Chamber, da kann een déi vläicht op deem engen oder anere Punkt kritiséieren. Ech mengen awer net…

***(Interruption)***

Ma, Här Mehlen, dofir hunn ech jo déi zwou genannt, als zwou separat Campagnen.

An ech sinn awer der Meenung, datt souwuel déi eng wéi och déi aner objektiv an neutral ass. Objektiv an neutral. Objektiv, well se sachlech ass, well Faitë presentéiert ginn. Den Här Gibéryen huet e Beispill genannt, där ee bestëmmt nach fënnt, well wann ee probéiert den Inhalt vu 400 Säiten op eng Zeitungsannonce ze reduzéieren, da ginn natierlech och Faiten an Detailer verluer. Soss bréngе mer dat net fäerdeg a soss hätte mer eis an där Campagne, wann ee se vläicht hätt wëlle maache wéi Dir et dann hei proposéiert, drop beschränkt, fir 400-Säite-staark Dokumenter ze verdeelen. Ech mengen net, datt dat am Sënn vun der Saach gewiescht wär.

Se ass neutral, well jiddereen zu Wuert kënnt an där Campagne, déi d'Chamber mécht, wou deen een an deen anere vun eis heibanne mat um Tour ass, fir d'Leit informéieren ze goen. Fir se vu senger Meenung natierlech iwwerzeegen ze goen.

***(Interruption)***

Do ass et esou, datt souwuel déi eng wéi déi aner, souwuel déi, déi fir de Oui sinn, wéi déi, déi fir den Non sinn, d'Wuert kréien. Souguer déi Mouvementer, déi hei net parlamentaresch vertruede sinn. Déi Mouvementer, déi sech aus der Zivilgesellschaft zesummefonnt hunn, kréien do d'Wuert, an all Fraktioun, déi hei an der Chamber vertruede ass…

**M. le Président**.- Ma da loosst en dach mol schwätzen. Dir schwätzt an engem Stéck dran, Här Mehlen.

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Loosst e meckeren, Här President, dat wäert mech net aus der Rou bréngen.

All Fraktioun, déi hei an der Chamber vertruede ass - an et ass jo och keen Zoufall, datt déi dann hei an der Chamber vertruede ass, well d'Leit dat esou wollten -, déi kritt do d'Wuert, déi huet sech hir Meenung gemaach.

Ech brauch net nach eng Kéier drop anzegoen, well ech kéint et net esou gutt wéi den Här Bausch et gemaach huet, fir ze insistéieren an ze ënnerstraichen, datt den ADR seng Meenung an där dote Fro geännert huet.

An ech mengen net, datt dat zur Objektivitéit an zur Neutralitéit vun der Debatt bäigedroen huet, well doduerjer sinn d'Leit net méi opgekläert ginn, wéi wann aner Parteien hir gradlinnesch Linn, déi se do haten, definéiert hu viru Méint, och probéiere bis zum Schluss wierklech duerchzehale fir d'Leit ze iwwerzeege vun hirer Meenung, opzeklären an ebe kloer ze weisen, datt et hei net ëm e Spill geet, datt et net dréms geet fir parteipolitesch ze probéiere Profit doraus ze schloen, mä datt et ëm Lëtzebuerg an Europa geet.

Aus deenen Iwwerleeungen, Här President, wäerte mir déi dote Motioun net kënne matstëmmen.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Meisch. Dann nach den Här Wolter.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech deem wëlle ralliéiere wat meng Virriedner gesot hunn, besonnesch och deem wat de Fraktiounspresident vun der Sozialistescher Aarbechterpartei, den Här Fayot, gesot huet.

Wann een déi Campagne kuckt, déi vu Regierungssäit gemaach gëtt en vue vun dem Referendum vum 10. Juli, da zeechent déi sech duerch eng exemplaresch Objektivitéit aus, déi à tel point objektiv an exemplaresch ass, dass bei eis eng ganz Rei Leit intervenéiere fir der Meenung ze sinn, datt se ze vill neutral ass an datt d'Leit sech froen, wéi dann d'Neutralitéit an der Politik, wou et sech ëm en Zukunftsprojet vu Lëtzebuerg handelt, en fin de compte esou neutral ka gehale sinn.

Den Här Gibéryen huet och net ganz vill fonnt a senger Argumentatioun, well en huet ee Beispill bruecht mat knapper Méi an Nout. E fënnt der vläicht nach zwee, dräi anerer, wou opgrond vun deem, wat den Här Meisch elo just gesot huet, nämlech deem, dass et relativ schwiereg ass, wann ee Reduktioune mécht vun engem Dokument, wat 400 Säiten huet, och wann een déi op 50 Säite résuméiert an duerno op 20 Säite résuméiert an duerno op 5 Säite résuméiert, dass au fur et à mesure, wéi de Résumé méi kleng gëtt, selbstverständlech och d'Detailer dee Moment mussen ewechfalen.

Den Här Gibéryen ass dann och zur Konklusioun komm, dass dat, wat geschriwwe gëtt, net falsch ass. Ech géif en fin de compte dat Ganzt, wat den Här Gibéryen a seng Partei an deene leschte Wochen opféiert, ënnert dem Titel wëlle résuméieren: „Die wundersamen Wandelungen des Herrn G.".

Et ass eng weider Etapp an engem laange Buch, hin vun enger Persoun, déi am Konvent sech net ze schued war, sech mam Här Valéry Giscard d'Estaing als grousse Verfechter vun där Konventioun offiichten ze loossen; enger Partei, déi an de Wahlkampf d'lescht Joer gezunn ass als eng Partei vum Fortschrëtt, also eng Partei, déi sech fir d'Ratifikatioun vum Traité géif ausschwätzen; déi an der Chamber itérativ fir d'Ratifikatioun vum Traité sech ausgedréckt huet; déi an engem nächste Kapitel duerch eng Interventioun vun engem Deputéierten aus der zweeter Rei, nämlech dem Här…

**Une voix**.- Dee réckelt no vir.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Voilà, dee réckelt no vir.

***(Interruptions diverses)***

An dat ass ee vun den Haaptproblemer an deem décke Buch, an deem ech amgaange sinn elo ee Kapitel ze zitéieren, dat ass e relativ déckt Kapitel, nämlech dat, wat Är Partei dozou bruecht huet, vum ardente Verfechter vum Jo zu enger neutraler Partei ze ginn, déi en fin de compte de Leit de Choix géif loossen, wat si géifen décidéieren, bis hin zu enger Positioun, déi mir viru 14 Deeg du konnte bewonneren nom franséische Referendum, wou sech den ADR un d'Speerspëtzt vun allen Nee-Soer hei zu Lëtzebuerg lancéiert huet, an domadder ee ganz anere Wee gaangen ass, bis last but not least dat lescht oder virlescht Kapitel, wat mir da virgëschter Owend am Kader vun der Campagne vun der Chamber zu Wolz zerwéiert kritt hunn, wou deeselwechten Här G. dann am Numm vu senger Partei gesot huet, dass selbstverständlech, wa 24 Länner den Traité géife ratifizéieren, och seng Partei dee Moment d'accord wier fir den Traité ze ratifizéieren.

***(Interruptions et hilarité)***

Alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, dat beweist wou mir hei dru sinn, an a wat fir eng Kategorie dass een e dës Motioun soll aklasséieren. Mir erwaarde mat Spannung déi nächst Kapitelen, Här Gibéryen!

Dir wëllt elo héchstwahrscheinlech net verpassen direkt nees eent ze schreiwen an der wundersamer Geschicht vun de wundersame Wandlungen des Herrn G..

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Jo, Här Gibéryen, Dir kritt d'Wuert, net onbedéngt fir Fait personnel, mä well Är Fraktioun nach Riedezäit huet - dofir.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President.

Fir d'éischt sinn ech emol erstaunt, datt hei verschidde Leit esou Verméschunge maachen. Amplaz konkret iwwert d'Campagne vun der Regierung ze schwätzen, gëtt iwwert d'Campagne vun der Chamber geschwat, wou mir absolut näischt drun auszesetze gehat hu bis elo. Mä et gëtt hei iwwert den ADR geschwat, wat awer Äert gutt Recht ass. Ech menge politesch si mir dat gewinnt, datt een sech mat deem aneren ausenaner setzt. An et gëtt gesot, ech hätt nëmmen ee Beispill. Ech kéint Iech déi…

**M. le Président**.- Här Gibéryen, entschëllegt mol, Dir hat d'Wuert gefrot fir Fait personnel…

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Ech sinn amgaang dat ze erklären.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Neen, neen, dee Fait personnel, mä dat ass jo och op wat Dir eraus wëllt. Dir braucht eis elo net déi aner Beispiller ze ginn, déi gehéieren net zum Fait personnel.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Dir hutt jo gesot, ech hätt nach e bësse Zäit vun der Ried, dann hunn ech déi elo domadden och benotzt.

***(Interruptions diverses)***

An da kommen ech elo op de Fait personnel. Ech wëll dat, wat den Här Wolter hei gesot huet, dat vu Wolz, hei nach eng Kéier gären erhnnen. An ech hunn et net méi spéit wéi gëschter op der Chamber hirem TV-Kanal, an der Sendung, déi mar den Owend soll ausgestrahlt ginn, och nach eng Kéier gesot, well dat einfach eis Meenung war an eis Meenung bleift.

Wéi den Här Wolter dat elo hei zum Ausdrock bruecht huet, ass et net ganz richteg. Et ass een Deel.

***(Interruptions diverses)***

Neen, wat hie gesot huet, ass een Deel. Wat mir gesot hunn, dozou sti mir. Ech hu gesot, wa Lëtzebuerg dat 25. Land wier, wat géif ofstëmmen, an déi 24 virdrun hätte mat Jo gestëmmt, da géife mir als Lëtzebuerg an enger ganz anerer Positioun dostoen. Een Nee vu Lëtzebuerg hätt juristesch gesinn déiselwecht Valeur wéi een Nee vu Frankräich.

An ech hu gesot, politesch gesi géif Lëtzebuerg sech awer an deem Fall mat engem Neen, well et als eenzegt Land géif Nee soen, sou isoléieren, datt eis Leit, déi eis missten an Europa vertrieden, därmoosse géifen änner Drock stoen, datt een sech dann och misst als Partei d'Fro stellen, ob een dee Risiko misst oder kéint agoe fir dann als 25. Land Neen ze soen; an do hunn ech gesot, dann hätt ee besser an deem Fall Jo ze soen.

An ech hu gesot, zënter datt den Neen…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Jo, jo! Soubal een Iech dat seet, dann ënnerbriecht Dir!

***(Interruption et coups de cloche de la Présidence)***

Mir sinn net méi an där Situatioun. Et hunn zwee Länner Nee gesot, et hu verschidde Länner hire Referendum en suspens gesat, esou datt mir eis mat engem Neen haut net méi isoléieren a mir als Lëtzebuerg kënne roueg lo an dee Camp matgoen.

Eleng, an dat war eis Positioun ëmmer, Dir hutt ni héieren, datt mir virdrun eis fir een Neen no baussen ausgeschwat hunn, well mir dee Risiko net wollten agoen, fir dem Land mat engem Neen als eenzegt wëllen ee Schued ze maachen. Lo kann ee seng Meenung…

***(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)***

Ech wollt nach just eppes dozou soen, wat den Här Wolter ugeschnidden huet: Zënter virgëschter Owend zu Wolz an haut huet näischt geännert, a virgëschter zu Wolz huet och näischt geännert vis-à-vis vun eiser Positioun, déi mir an deem heite Punkt och elo halen.

**M. le Président**.- Här Gibéryen, erlaabt Dir eng Zwëschefro vum Här Braz?

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Selbstverständlech, wann Dir mir nach Zäit gitt, fir ze äntweren, da kann hie roueg froen.

**M. Félix Braz** *(DÉI GRÉNG)*.- Eng ganz kuerz Fro, Här Gibéryen. Dir hutt elo erkläert, änner wéi enge Konditiounen dass den ADR deem dann awer dann zougestëmmt hätt, contrairement zu senger aktueller Meenung. Net méi spéit wéi gëschter Owend huet awer Äre Fraktiounskolleeg, den Här Jaerling, zu Esch op enger Table ronde, also een Dag nëmmen no Wolz, just de Contraire behaapt. Hie sot, och an där do Hypothees géing hie perséinlech stur a radikal beim Nee bleiwen. Wat haalt Dir dann dovunner?

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Loosst den Här Gibéryen schwätzen!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här Braz, wësst Dir, mir hunn an eiser Partei eng Décisioun op engem Kongress geholl an ech respektéieren dee Kongressbeschluss an ech vertrieden dat, wat de Kongress décidéiert huet; an esou ass et bei eis an der Partei wéi bei Iech an der Partei: Ech mengen, den Här Huss huet och dergéint gestëmmt an den Här Huss huet eben och eng aner Meenung.

Ech hunn héieren, den Här Huss wier gëschter Owend net zu Esch gewiescht, obschonn déi Escher Leit mat Spannung gewaart haten, den Här Huss zu Esch ze héieren. Hie war och net do. Also an all Partei huet all Mënsch, dovu ginn ech jo aus, d'Recht seng Meenung ze vertrieden. Ech vertrieden d'Meenung, déi eis Partei geholl huet, an zu där Meenung sti mir.

**M. le Président**.- Voilà, domat si mir um Enn vun der Debatt ukomm, mir kommen elo zur Ofstëmmung vun der Motioun vum Här Gibéryen. Kënne mir dat par main levée maachen?

Den Här Gibéryen seet, hie géif een elektronesche Vote froen, da kritt hien deen.

***Vote***

D'Motioun vum Här Gibéryen ass ofgelehnt mat 55 Nee-Stëmme bei 5 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Lucien Thiel), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Jos Scheuer), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat si mir um Enn vun der Sitzung vun haut. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 28., 29. an 30. Juni. Den Ordre du jour gëtt Iech schrëftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 16.57 heures)***

MARDI, 21 JUIN 2005

# 41E SÉANCE

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

Déclaration des chefs d'État ou de Gouvernement des États membres de l'Union européenne sur la ratification du Traité établissant une Constitution pour l'Europe (Conseil européen des 16 et 17 juin 2005)

*(Déclaration du Gouvernement - Débat - Résolution - Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Négation)***

An hire Réunioune vum 17. a vum 20. Juni huet d'Presidentekonferenz décidéiert, datt d'Chamber haut an enger öffentlecher Sitzung siégéiert. Op Grond vun der Deklaratioun vum Europäesche Conseil vum 16. a 17. Juni, wat d'Ratifizéierung vum Traité iwwert déi Europäesch Verfassung ugeet, ass eist Parlament opgeruff iwwert d'Ofhale vun engem Referendum den 10. Juli ze debattéieren an ze befannen.

Mir héieren haut de Mëtteg zu deem Sujet eng Deklaratioun vun der Regierung. Uschléissend féiert d'Chamber eng Debatt. Deenen eenzelne Fraktioune steet eng Riedezäit vu 15 Minutten zou. D'Wuert huet elo fir d'éischt d'Regierung an der Persoun vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker. Här Statsminister.

### Déclaration des chefs d'État ou de Gouvernement des États membres de l'Union européenne sur la ratification du Traité établissant une Constitution pour l'Europe (Conseil européen des 16 et 17 juin 2005)

***Déclaration du Gouvernement***

**M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Chamber huet décidéiert, haut de Mëtteg eng Ausprooch ze halen an hirem Krees iwwert d'Fro, ob een dee fir den 10. Juli vun dësem Joer an d'An gefaasste Referendum ofhale soll oder ob een e verréckele soll. Dat ass wéi ëmmer, wann et ëm Wichteges geet, eng souverän Décisioun vum Parlament, vun deenen, déi gewielt gi si fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, ze vertrieden. Ech war véier Deeg zu Bréissel, dunn annerhallwen Dag a Kanada an du gëschter zu Washington, an ech hu matkritt, esou wéi déi aner Leit hei am Land och, ouni dorop kënnen en décisiven Afloss ze huelen - d'Décisioun vum Parlament ass d'Décisioun vum Parlament -, dass déi, déi d'Parlament zesummestellen, der Meenung sinn, dee Referendum, dee mer geplangt haten, soll op deem Datum stattfannen, fir deen en ugesat war.

Déi Décisioun ass vun der Regierung ze respektéieren a vun der Regierung och net ze diskutéieren a vun der Regierung och net ze disputéieren a vun der Regierung och net änner Kontrovers ze stellen. Mir kommen aus enger Zäit, an där muenches geschitt ass an Europa, eng Zäit, déi séier gelaf ass, eng Zäit, an där een Evenement dat anert gejot huet. Et war fir eist Land eng privilegéiert Zäit, well mer op villes konnten Afloss huelen a muenches hu mussen erdulden, well mer et net anescht konnten an d'Fassong kréien. Déi lëtzebuergesch Presidentschaft vun der Europäescher Unioun, déi an e puer Deeg schlofe geet, ass eng, déi an der Verlängerung vun den Traditioune vun de lëtzebuergesche Presidentschafte steet, nämlech eng, déi sech op ganz ville Pläng duerch grouss Fortschrëtter an der Europäescher Unioun auszeechent.

Mir waren ugetrueden, wann ech bei de grousse Kategorië bleiwe vun deem wat ze regele war, aus eiser Siicht eraus, aus der Siicht vun deenen aneren eraus, fir eng Rei grouss Dossieren a Richtung Léisung vun deeneselwechten ze beweegen. Dacks ass eis dat gelongen, heiansdo ass dat schief gelaf.

Mir waren ugetrueden am Beräich vun der Europäescher Wirtschafts- a Währungsunioun fir de Stabilitéits- a Wuesstemspakt ze reforméieren; dat ass eis gelongen, obscho kaum ee gemengt hat dat kënnt eis geléngen. Déi Reform, déi seet der wirtschaftlecher an der monätärer Stabilitéit net Awar, mä reconfirméiert se esou wéi och eist Parlament se confirméiert an exigéiert hat wéi et de Maastrichter Vertrag ratifizéiert huet. Mir léisen dee Stabilitéitspakt aus senger automatescher, mechanescher Applikatioun eraus a verweisen en an dee Raum, wou e vun Ufank un eigentlech higehéiert huet, nämlech dee vun enger breeder gesamtwirtschaftlecher Lecture.

An deem reforméierte Stabilitéitspakt introduzéiere mer de Prinzip, dee mam gesonde Mënscheverstand eppes ze dinn huet a mat der Lëtzebuerger Aart a Weis eppes ze dinn huet, wéi Finanzpolitik zënter ëmmer scho gemaach gëtt, nämlech dass een a gudden Zäite muss spuere fir a schlechten Zäiten déi Suen ze hunn, déi ee brauch fir net drastesch budgetär korrektiv Moossnamen, déi d'Konjunktur nach weider géife schwächen, virzehuelen.

Mir hunn d'Reform vun dem Lissabon-Prozess gemaach, Lissabon-Décisioun, Lissabon-Programm, Lissabon-Strategie, déi mer am Joer 2000 an därselwechter Stad ugeholl haten a vun där mer festgestallt hunn, bei der Zwëschebilanzéierung, dass se net all Erwaardungen erfëllt huet, déi ee konnt an deen europäeschen ökosoziale Reformprogramm stellen. Mir hunn déi Zwëschebilanzéierung gemaach a mir hu se anescht gemaach wéi d'Kommissioun a véier, fënnef Regierunge vun der Europäescher Unioun, déi net zu deene gehéieren, déi kleng Länner vertrieden, an net zu deene gehéieren, déi keen Afloss hunn, dat wollte maachen.

Well mir hu Suerg dofir gedroen, dass nieft der Noutwendegkeet, déi et gëtt, d'europäesch Wirtschaft méi kompetitiv ze maachen, gläichzäiteg d'Finalitéit vun der sozialer Cohésioun net ënnert den Dësch fält an d'Noutwendegkeet vun ekologescher Politik net an Oppositioun bruecht gëtt zu wirtschaftlechem a sozialem Fortschrëtt. Mir hunn den Equiliber gehalen, deen dee vun der Lissabon-Strategie war, deen Equiliber och, deen d'Politik vun dësem Land iwwer all déi Joren, onofhängeg vun der Kompositioun vun de Regierungen, ausgezeechent huet.

Den Drock war grouss dat Ekologescht ewechzedrécken. Den Drock war immens dat Soziaalt méi niddereg opzehänken. Mir hunn dat gemaach andeem mer déi Allianzen an der Europäescher Unioun organiséiert hunn - bei Regierungen, beim Europäesche Parlament -, déi ee brauch, fir dass Stroosse kënne viru riicht lafen. Eenzel Regierungen, notamment

déi englesch, waren iwwert déi Ausriichtung, déi Confirmatioun vun der Articulatioun vun der Lissabon-Strategie, net frou. Si waren och net fräi vu Revanchegelüsten op aneren Dossieren.

Mir hunn et bei eisem Mäerz-Sommet vun dësem Joer zu Bréissel, deen iwwert de Stabilitéitspakt gaangen ass an iwwert d'Lissabon-Strategie gaangen ass, och fäerdeg bruecht d'Bolkestein-Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vun den Déngschtleeschtungen ze stoppen, se aus hirem normalen, sech harmlos duerstellende legislative Weiderverfolgungsprozess erauszeléise fir der Direktiv eng aner, nämlech méi eng sozial Direktioun ze ginn.

Dat sinn esou Saachen, déi um Enn vun enger Presidentschaft nawell gären a Vergiess geroden, mä déi d'Presidentschaft an eng quasi onméiglech Weiderféierungssituatioun gesat hätten, wa mer se net gemaach hätten. Nu gëtt et awer an der Europäescher Unioun vun deenen ale 15 an an der Europäescher Unioun vun deenen neie 25 der ganz vill, déi gären déi sou genannte Bolkestein-Direktiv esou duerchgezunn hätten an esou gestëmmt hätten an esou a Kraaft gesat hätten, wéi se ursprünglech geplangt war. Wann een zweemol verléiert, eemol bei Lissabon, an eemol mam Bolkestein, dann ass een a schlechter Stëmmung fir weider Kompromisser ze maachen. Mir hunn eis intensiv, well dat ass een Thema, wann och net dat iwweraus grousst Thema, als dat et oft duergestallt gëtt, well d'Inzidenze vun deem Thema éischter marginal sinn, mä awer wichteg si fir déi, déi dovu betraff sinn, mat der Thematik vun den Delokaliséierungen ausernee gesat, de Bléck geschäerft fir d'Noutwendegkeet, déi et gëtt, och dee Prozess, esouwäit wéi en normativ gräifbar ass, duerch Regelwierker ze encadréieren.

Mech huet et durablement verdrësslech gemaach, dass dat Europa, wat mer an deene leschte Jore gemaach hunn, ganz dacks associéiert gëtt mat der Vokabel Delokaliséierung, esou wéi wa se gewënscht gewiescht wier oder awer esou, wéi wa se net ze verhënnere wier. Ouni de Vertrag vu Maastricht iwwert d'Währungsunioun, ouni de Vertrag vun Nice iwwer d'institutionell Reformen, ouni d'Perspektiv vun deem neie Verfassungsvertrag hätt d'Globaliséierung weltwäit an och an Europa an deemselwechte Mooss sech méi als wirtschaftlecht Gesamtkonzept duerchgesat wéi et et gemaach huet.

D'Europäesch Unioun, duerch déi verschidde Verträg, déi mer ofgeschloss hunn, duerch déi verschidde Politiken, déi mer probéieren ze alignéieren, stellt géint déi massiv, géint déi schiedlech Auswierkunge vun där Globaliséierung a vun där aus sozialer Irresponsabilitéit erwuessender Delokaliséierungswut, déi Eenzelner kënnen hunn, deen eenzeg zur Zäit ze besichtegenden Ofwiermechanismus an der Europäescher Unioun an an der Welt duer.

Dat Thema vun der Delokaliséierung huele mer selbstverständlech ganz eescht. Ech hätt just gären, dass mer virsiichteger mat deem Thema ëmginn. De Gesamtimpakt ass méi kleng wéi gesot gëtt, dat ass dat Éischt. Dat Zweet ass, dass ech gären hätt, dass mir Lëtzebuerger vläicht e bësse manner déck optrieden, wann et ëm dat Thema geet, andeem mer probéieren - e puer Deeg wäerte mer dat jo packen - an de Spigel ze kucken: Wien huet, zënter dem Zweete Weltkrich, a wien huet, zënter dass d'Sidérurgie krank ginn ass an Europa, méi vun Delokaliséierung profitéiert wéi de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, wéi d'Lëtzebuerger Wirtschaftsstruktur, wéi d'Lëtzebuerger Statsfinanzen, wéi d'Lëtzebuerger Land? Keen.

D'Goodyear ass eng Delokaliséierung aus Amerika op Lëtzebuerg. Dupont de Nemours och. Déi däitsch Banken, déi d'Stad zumindest architektonesch net besser gemaach hunn, sauf ee Sursaut am leschte Moment um Kierchbierg, deen der Stad erlaabt dem Ordinairen ze échappéieren, wat ass dat anescht wéi eng Delokaliséierung vun Däitschland op Lëtzebuerg? Firwat ass aus dem Rescht vun Europa a Richtung Lëtzebuerg delokaliséiert ginn? Well d'Bedingungen hei besser waren. Firwat hu mer d'Bedingungen hei besser gemaach? Well mer wollten eng attraktiv Plaz si fir investiivt Kapital. Well mer wollten eng attraktiv Plaz si fir wirtschaftlech Tätegkeeten zouzeloossen, déi soss doruechter an där Form, wéi hei erlaabt, net erlaabt waren.

Loosst mer also méi douce optrieden, wann et ëm d'Delokaliséierung geet. Well d'Delokaliséierung, déi gutt verstanen, déi richteg organiséiert, déi propper opgesaten, war zënter éiweg a virun allem zënter den 80er Joren ee Meeschterstéck vu Lëtzebuerger Wirtschaftspolitik, zum Gudde vum Land an zum Gudde vun deene Betriber, déi heihinner komm sinn.

Mir hunn an eiser Presidentschaft - dat fënnt am Ausland, muss ech soen, méi Erwähnung wéi heiheem - eng Décisioun geholl, déi bunnbriechend ass, déi an allen Hinsichten eng spektakulär Décisioun ass, nämlech hu mer d'Europäesch Unioun geréselt fir se drop opmierksam ze maachen, dass den europäesche Projet net nëmmen ee Projet fir Europa ass, mä dass et an der Welt esou eng grouss Demande no Europa gëtt. Esou vill grouss An, déi sech op Europa riichten, virun allem d'An vun deenen, déi näischt ze iessen hunn.

Mir hunn déi Europäesch Unioun opgeréselt fir a Saachen internationaal Solidaritéit an Entwécklungshëllef vun der Plaz ze kommen. Mir hunn eng Décisioun erbäigefouert, an där confirméiert gëtt, während bis de Moment d'Tendenz ganz genau an déi aner Richtung geet, dass mer bis an d'Joer 2015 0,7% vum europäesche Räichtum mussen zur Verfügung stellen zu Zwecker vun der Ausradéierung vun der Aarmut an zu Zwecker vun dem wirtschaftlechen a sozialen Opbau vun deem Deel vun der Welt, deen sech iwwer eis Suergen eigentlech nëmme ka wonneren. Mir hu festgeluecht, dass bis an d'Joer 2010 mer an der Moyenne 0,56% vum europäesche Räichtum fir d'Entwécklungspolitik zur Verfügung stellen, wat mat sech bréngt, dass déi Länner, déi nach net do sinn, mussen an der Moyenne bei deene 15 ale Länner hiren Undeel op 0,51% vum nationale Räichtum eropsetzen an an deenen neie Länner den Undeel muss op 0,17% eropgesat ginn, wat eng ausseruerdentlech Ustrengung fir déi nei Länner wäert duerstellen, vun deenen d'Halschent haut nach keen entwécklungspolitesche Budget huet.

Fir domat däitlech ze maachen, dass mer eis deenen Aufgaben, déi mer an der Welt hunn, wëlle stellen, a fir d'Virausssetzung ze schafen, dass déi englesch Presidentschaft vum G8 Méiglechkeeten huet fir a Richtung Scholdennolooss vun deenen aarme Länner ze goen, wat och wäert gemaach ginn, wat dëst Land, eist Land net trëfft, well mer alt nees eng Kéier der Nues dee richtege Virsprong ginn hunn, well mer nimools sech aner Länner, deenen et méi schlecht geet wéi eis, sech bei eis verschëlde gelooss hunn, mä ëmmer anescht gehollef hu wéi duerch Krediter, déi zréckzebezuele gewiescht wieren.

Déi Festleeungen, déi mer do getraff hunn, fannen ongedeelten Zoustëmmunge weltwäit an hunn eis en exzeptionelle Prestigegewënn ënner anerem um afrikanesche Kontinent abruecht, grad wéi och déi Festleeungen am Ëmweltberäich, heftegst ëmstridden ëmmer erëm iwwregens vun deeneselwechten, dass mer wëlle Suerg dofir droen, dass d'Erhëtzung vun der Welt héchstens zwee Grad méi héich däerf si wéi an der préindustrieller Zäit; gekämpft hu mer bis op dee leschte Millimeter op deem leschte Sommet fir dat kënnen duerchzesetze géint déi, déi fannen, dass dat am Beräich vun den ökoromantesche Phantastereien unzehänke wier.

Mä op engem Punkt si mer net zurand komm, si mer gescheitert - anescht kann ech dat net nennen - , an dat war bei der Festleeung vun der finanzieller Virausschauung, vun de finanzielle Perspektive fir den Zäitraum 2007-2013. Doriwwer ass jo déi lescht Deeg vill geschriwwe ginn. A wann een derbäi war, muss ee bei der Lecture vun deem, wat geschriwwe gëtt, soen: Dat meescht, wat geschriwwe gëtt, ass och richteg. Mä ech géif häerzlech drëm bieden, eescht Problemer an Europa net ze reduzéieren op Problemer tëscht den handelnde Persounen.

Ech hunn an der Europäescher Unioun - Wie wonnert dat? - méi substanziell Frëndschafte wéi déi, déi mech mam englesche Premier verbannen. Dat huet awer näischt mat deenen zwee Politiker u sech ze dinn. Dat huet eppes domat ze dinn, dass et fundamental Meenungsverschiddenheete gëtt wéi d'Europäesch Unioun sech soll an d'Zukunft eran entwéckelen. Mir wäerten heibanne jo iergendwann d'Geleeënheet kréien eng Kéier iwwert déi gesamt Presidentschaft ze bilanzéieren, dofir wëll ech op déi Episod, déi awer ee grousst Kapitel an der Europäescher Unioun opmécht, haut net weider agoen.

Just fir ze soen, dass et an engem aussergewéinleche Mooss beschämend war, um Enn vun där Verhandlung, an engem Moment wou déi Räich, déi näischt wollte gi fir alles ze behale wat se hunn a fir nach méi ze kréie wéi se eigentlech gären hätten, souguer verhënnere wollten, dass déi, déi näischt hunn, nach d'Wuert eng Kéier kritt hu fir ze soen, dass si op dat bëssen, wat se duerch d'Lëtzebuerger Presidentschaft géife bäikréien, gäre géife verzichten, wann dat deene Räiche géif erlaben sech ënnereneen ze verstännegen. Déi, déi alles hunn, sollen sech kräfteg schummen, dass déi, déi näischt haten an déi vun näischt hierkommen, bereet sinn, an Intérêt vum europäesche Kompromëss a fir den europäesche Projet an Liewen ze halen, op dee Minimum ze verzichten, op dee si op Grond vun hirer geschichtlecher kontinentaler Vergaangenheet eigentlech e Recht haten!

Elo hu mer dee Succès net kritt fir déi Finanzperspektiven do an d'Rei ze kréien, well d'Englänner net wollten. Vun Ufank un net wollten! Mä mir hunn een onwahrscheinlecht Kapital u Sympathie bei deenen zéng neie Länner gesammelt a bei deenen aarme Länner vun deenen ale Länner, déi gesinn hunn, dass et de Souci vun der Presidentschaft war, déi zur Verfügung stoend supplementar Geldvolumina a Richtung vun deene Regiounen an Europa ze drainéieren, wou déi Sue wierklech gebraucht ginn.

Nun ass eng ganz Geschicht entstan ronderëm déi gemeinsam europäesch Agrarpolitik. Den englesche Premier a mat him Epigone schlechtester Inspiratioun hu sech géint eng Regelung iwwert d'Finanzperspektive gewiert, well et ee Skandal wier, dass d'Europäesch Unioun esou vill Sue géif fir d'gemeinsam Agrarpolitik zur Verfügung stellen, an hunn no enger Neistrukturéierung vum Budget geruff.

Wéi mer am Dezember 2004 opgefuerdert gi sinn déi Finanzperspektiven ze regelen, huet keen dee Ruff erklénge gelooss. Wéi am Joer 2002 endgülteg bis an d'Joer 2013 d'Agrarpolitik an hir Finanzéierung festgeluecht gi sinn, huet kee gesot dat wier ee Problem. Wéi ech um Enn vum leschte Joer e Bréif kritt hu vun deene sechs Länner, déi d'europäesch Ambitiounen op 1% vun hirem Bruttosozialprodukt wëlle limitéieren, hunn ech mat Erstaune gelies, dass déi sechs, och den Här Balkenende aus Holland, och den Här Persson aus Schweden, och den Här Blair aus England geschriwwen hunn: 1% an net méi, mä et däerf näischt un der Agrarpolitik geännert ginn.

Ech liesen dat mar méi in extenso a mat spezielle Kommentaren no mengem Gusto am Europäesche Parlament nach eng Kéier vir, wou ech eng Bilanzried iwwert d'Europäescht Parlament muss halen. Elo ass dann d'Agrarpolitik dee grousse Problem an Europa. An et ass och ee Problem an Europa! Mä et muss een awer wëssen, dass et déi eenzeg Politik ass, déi eenzeg an alleng total communautariséiert, europäiséiert, vergemeinschaftet ass, dass et déi eenzeg Politik ass, déi ganz aus dem europäesche Budget bezuelt gëtt, während alleguer déi aner Politiken nëmmen à-point-Finanzementer sinn. Normal also, dass déi Politik méi Geld kascht wéi déi aner Politiken, déi gedeelt sinn tëschent den Nationalstaten an dem europäeschen Zentralmechanismus.

Fir dofir elo eng Demonstratioun dergestalt ze maachen, dass mer siwemol méi ausgi fir Fuerschung wéi fir Educatioun, wéi fir Kultur, wéi fir Sécherheet, ass natierlech eng insularesch Betruechtungsweis. Well wa mer zesummerechnen, wéivill Sue mer an Europa an an den Nationalstate fir Bildung, fir Fuerschung, fir Educatioun, fir Kultur a fir Kriminalitéitsbekämpfung ausginn, ass dat natierlech een onendlech méi grousse Betrag wéi dee klengen Deel Agrarpolitikfinanzéierung, deen am europäesche Budget steet. Dofir kann ech nëmme warne virun deene simplistesche Duerstellungen.

Ech wëll just de Lëtzebuerger Baueren a Wënzer eppes soen, vun deenen ech héieren, si wieren an hirer Majoritéit éischter esou opgeluecht, dass se gäre géifen Nee soen zu deem Verfassungsvertrag: Maacht dat net! Maacht dat net! Well et ass haut scho schwéier, besonnesch well Frankräich geschwächt ass duerch säin Nee beim Referendum. Frankräich, dat ëmmer fir eng gemeinsam Agrarpolitik agetrueden ass, fir déi Maartreguléierungsinstrumenter ze retten, déi mer hunn, a fir déi elementar Solidaritéitsinstrumenter, déi mer a Richtung Landwirtschaft hunn, zum Beschte vun der Landwirtschaft an zum Beschte vun den allgemengen Equiliberen am Land um Liewen ze erhalen.

Deen Dag, wou d'Englänner sech durchsetzen a wou Bréissel näischt méi bezilt, hu mir hei am Land net Sue genuch fir dat ze bezuele wat mer da bezuele mussen. Wann et ee gëtt, wann et eng Grupp Leit gëtt, déi am beschte Sënn vum Wuert vun der europäescher Politik a vun hiren Instrumenter profitéiert hunn, da mat Sécherheet d'Baueren an d'Wënzer, déi ech verstinn, dass se queesch ginn iwwert déi Blödelen zu Bréissel, déi se iwwerzéie mat enger administrativer Reguléierungswut, déi kaum erträglech ass, dass wann een, fir déi direkt Bäihëllefen ze kréien, muss 40 Säiten Text ausfëllen, wou deen, dee seng éischt Woch an engem wirtschaftleche Betrib verbréngt, direkt mierkt, dass deen, deen dee Formulaire opgestallt huet, nach ni een Dag an engem landwirtschaftleche Betrib war. Dass doriwwer Roserei entsteet, dat verstinn ech ganz gutt an doriwwer hunn ech een heftegt Gespréich och mam Kommissiounspresident an deene leschten Deeg gefouert.

Mä déi gemeinsam Agrarpolitik, just well dat gutt klengt, zur Verfügung ze stellen, se ze eliminéieren, se platt ze walze well ee seet: „Dat profitéiert nëmme 5% vun de Leit.", dat sinn déi Reflexer, déi mer mussen an Europa bekämpfen. Ass eng Politik eréischt richteg wa se 70% vun de Leit profitéiert? Da wier souguer d'Agrarpolitik richteg, well déi Suen, déi un d'landwirtschaftlech Betriber ginn an déi elo lassgekoppelt si vu reng betriebleche Considératiounen duerch déi Reformen, déi mer gemaach hunn, profitéieren an éischter Linn dem Konsument, profitéieren an éischter Linn der Sécherheet vun der Ernährung, vun der Alimentatioun an Europa.

Ech weess och, dass, wann zu Weltpräisser op eis Agrarmäert erageliwwert gëtt, dass dat méi bëlleg ass. Ech weess awer och, dass weltwäit d'Europäesch Unioun duerch déi Instrumenter, déi mer hunn, féierend ass wann et ëm d'Sécurité alimentaire geet a wann et ëm d'Qualitéit vun de Produkter geet, wann et ëm de ganze Secteur agro-alimentaire geet, deen an engem onwahrscheinleche Mooss - et ass een industriele Beräich vun der Verfeinerung vun den Agrarprodukter - ofhänkt vun der gemeinsamer Agrarpolitik. Do unzesetzen ass Demagogie pur.

Ze verlaangen: „Dat muss geännert ginn!", ier mer hei Budgetsperspektiven opstellen, ass d'Traditioun vum feste Wëllen, vun Ufank un et net zur Eenegung iwwert de Budget kommen ze loossen. An duerfir mussen d'Leit, déi soen: „Et ass jo alles gutt esou wéi et haut ass. Firwat brauche mer en neie Vertrag? Firwat brauche mer déi Verfassung? Firwat brauche mer dee Verfassungsvertrag?", wëssen: Wa mer dat net hikréien an engem absehbaren Zäitraum - dee gëtt méi laang wéi deen, dee mer geplangt haten - da bleift et net esou wéi et ass. Da gëtt zréckgedréint. Déi, déi soen: „Et soll alles bleiwe wéi et ass a mir brauchen näischt Neies. Et ass jo alles gutt esou wéi et ass.", déi liwweren d'Fudder an d'Munitioun fir déi, déi dat Europa, wat mer hunn a wat mir a villen Aspekter net gefält, wëllen zréckdréinen op déi europäesch Situatioun, déi mer haten ier mer déi Politike stoen haten, déi et eis erlaabt hunn an Europa virunzekommen.

Dat, wat ech iwwert d'Agrarpolitik soen a wat technesch klëngt, ass eng politesch Remarque. Mir hunn et hei mat zwou Virstellunge vun Europa ze dinn. Dat hu mer scho méi laang. Scho méi laang soe mer och: Dat explodéiert eng Kéier. An déi Diskussioun iwwert d'Finanzperspektiven, déi huet dat net verursaacht; si huet dat just gewisen.

Et gëtt déi, fir déi ass d'Europäesch Unioun soss näischt wéi e grousse Maart, ee grand magasin, wou een all Produits blancs ze kafe kritt, déi bëlleg sinn, déi näischt kaschten, vun deenen een net weess wou se hierkommen a vun deenen een net weess wat un Aarbecht an deene Produkter drastécht; eng grouss Fräihandelszon, esou wéi den amerikanesche Maart, deen awer net nëmme Fräihandelszon ass, mä och nach aner Elementer behält; ee grousse Marché.

An da gëtt et déi, déi deem Marché, dem Maart wëllen d'Solidaritéit ginn, dem Maart selwer, dem Maart alleng. D'Mateneen an d'Géinteneen an d'Niewentenee vu Betriber produzéiert keng Solidaritéit. En ass allergesch géint d'Solidaritéit. En däerf keng Solidaritéit wëllen, well e muss jo funktionéieren. An et muss esou sinn, dass deen, dee besser drun ass, dee besser kann, alleng Meeschter ass an déi aner dominéiert. Dat ass wat de Maart wëllt.

An da gëtt et déi - heiansdo klëngt dat archaesch, mä ech wëll schrecklech almoudesch sinn -, déi dem Maart wëlle Solidaritéitsinstrumenter ginn, déi d'normativ Kraaft vum politesche Wëllen, de-

mokratesch legitiméiert, der Rücksichtslosegkeet vum Maart wëllen opposéieren an imposéieren. De Maart alleng mécht der e puer frou. D'sozial Maartwirtschaft awer, déi aus Prinzip an deem neie Verfassungsvertrag fir d'éischt an der europäescher Geschicht ageschriwwe gëtt, déi gëtt dem Maart eréischt déi richteg Faarf, déi richteg Kräften, dee richtege Jus, dat Erträglechmaache fir d'Leit, déi mat dem Maartgeschéien ze dinn hunn an déi net nëmmen der renger Gesetzesméissegkeet vum exklusive Maart ënnerworf sinn.

Dat sinn déi zwou Konzeptioune vun Europa, déi sech géintiwwer stinn: Déi, déi d'Fräihandelszon wëllen an déi, déi d'politesch Integratioun wëllen. An ech soen Iech fräi a frank: Mir mussen eis wiere géint de rücksichtlose Maart. Mir mussen eis dergéint wieren, dass, falls mer dee Verfassungsvertrag net kréien, déi Recht behalen, déi en net wollten, déi de Maart alleng wëllen an deenen d'Solidaritéit ee Graus ass.

An ech hunn, net héieren, mä et ass mer gesot ginn, dass den englesche Premier gëschter am ënneschten Haus éischtens d'Lëtzebuerger Presidentschaft attackéiert huet, wat ech net direkt als Beleidegung emfannen, mä gesot huet, d'Verfassung wier dout. Mä den Här Blair seet, d'Verfassung wier dout, net well se dout ass, mä well déi, déi fir de Maart sinn, well déi, déi géint d'Solidaritéit sinn, well déi, déi keng Solidaritéitsinstrumenter vu Räich op Aarm, vu Staark op Schwach wëllen an Europa zouloossen, gären hätten, dass dee Verfassungsvertrag an déi Philosophie, fir déi dee Verfassungsvertrag steet, dout wieren. An dofir muss ee sech wieren, mat aller Energie, géint dee simplizisteschen Dialog iwwer eeschthaft europäesch Problemer.

Den europäesche Kontinent an deen organiséierten Deel vun deem Kontinent, d'Europäesch Unioun, dat ass een dramatesch komplizéierte Kontinent. An déi, déi mengen, dat mat der Zooss vun den einfache Regele kënnen ze iwwerdecken, wat keng Regele sinn, mä de Géigendeel vu Regele sinn, déi ieren sech fundamental. Nëmmen dat deeglech wuessend Netz vun transnationalen Intersolidaritéiten an alle Beräicher vum gemeinsame Liewe mécht deen europäesche Kontinent sécher an erträglech fir op deem Kontinent ze liewen.

Déi, déi nëmmen en Europa vun deene Staarke wëllen, nëmmen een Europa vun deene Performante wëllen, nëmmen een Europa vun deene Schéine wëllen, nëmmen een Europa wëlle vun deenen, déi grouss international Allianze ganz oft op Käschte vun der Europäescher Unioun schmieden, déi weisen net de Wee an déi berouegt europäesch Zukunft, déi mer brauche fir dass déi kleng Länner an déi kleng Leit an deem Europa kënnen eens ginn. An dofir geet et hei net ëm Konflikter tëscht Leit; et geet hei ëm zwou fundamental Philosophien, ëm zwee politesch Entwërf an zwou politesch Architekturen, ëm méi wéi europapolitesch Skizzen, déi openee stoussen a wou et gutt ass, dass se elo openee gestouss sinn, fir dass dee Konflikt eng Kéier däitlech gëtt.

Firwat sinn d'Leit - vill Leit! - eigentlech net frou mat der Virstellung, dass mer deen europäesche Verfassungsvertrag, deen europäeschen neie Vertrag solle kréien? Et brauch ee jo nëmme mat de Leit ze schwätzen, iwwer laang Joren, fir ze wëssen wat net geet. Déi hei am Haus an an der Publizistik, déi iwwert d'Leit schreiwen a schwätzen ouni mat de Leit ze schwätzen, hu jo gemengt, déi Saach - deen neie Verfassungsvertrag - géif hei geholl gi wéi Hunneg. Dat war ni, wéi der vill heibanne wëssen, meng Meenung. Well d'Leit sinn net frou mat deem Europa wat mer hunn. A well se net frou si mat deem Europa wat mer hunn, lehnen se dat Europa of wat mer solle kréien a wat dee Verfassungsvertrag zeechent. Well si kënne jo nëmmen dat oflehnen. Si kënne jo net dat Europa oflehne wat mer hunn, well doriwwer huet jo keen se gefrot an doriwwer freet och keen se. Et gëtt iwwert d'Zukunft gefrot an et gëtt iwwert d'Géigewaart ofgestëmmt. Et gëtt een Text proposéiert an et gëtt ee kontinentale Kontext jugéiert. Dat ass d'Problematik, mat där mer et hei ze dinn hunn.

An dofir musse mer, nieft der noutwendeger Explikatioun iwwert déi Verfassung, fir déi ee méi oder manner laang Zäit brauch - déi politesch Parteien zu Lëtzebuerg menge mir hätten Zäit genuch bis den 10. Juli, an ech mengen, wa mer dat intensiv maachen, dann ass dat och vum Kalenner hier an der Rei -, dat Europa, wat mer hunn, vläicht nei erklären an nei begrënden. An do fält mer op, dass iwwert dat, wat essenziell ass, wat vital ass, wat existenziell ass fir den europäesche Kontinent, net geschwat gëtt. A wann een doriwwer schwätzt gesäit een aus wéi een, deen aus der däischterer Geschicht op d'Bühn vun der Aktualitéit gezu gëtt. Wann ee schwätzt iwwert déi éiweg europäesch Fro: Krich oder Fridden?, gesäit een aus wéi een, deen d'europäesch Geschicht net géif kennen.

Mä just déi, déi se kennen, déi se studéiert hunn, mä déi se selwer net erlieft hunn, déi awer mat deene geschwat hunn, déi se erlieft hunn, wëssen, dass déi Fro sech an Europa ëmmer erëm stellt. An déi, déi, wéi den Ausseminister, de Minister Schmit an ech, déi lescht Deeg erlieft hunn, wëssen: Dat hei ass ee Kontinent, deen een heftegt Konfliktpotenzial huet, wou et ganz séier, net a Richtung Krich geet, mä ganz séier a Richtung ongenéierte Retour zum Nationalstat an Opstelle vun deem engen Nationalstat géint deen aneren Nationalstat geet. Ongenéiert! Virdrun ass dat méi sophistikéiert probéiert ginn. Et ass elo ongenéiert wou dat geschitt, wou d'Leit engem soen: „Mir sinn net do - am Norde vu Schweden - fir ze bezuelen, dass et am Norde vu Griichenland besser geet. Mir sinn net do - an der Mëtt vun Holland - fir derfir ze suergen, dass déi lues entwéckelt Regiounen an de baltesche Staten op d'Bee kommen." D'Casse vun den europäesche Solidaritéitsinstrumenter, d'Ofkéiere vun deem wat Europa ausgemaach huet, well dee Solidaritéitsgedanken de Kontinent esou irrigéiert huet, dass d'Virstellung, d'Konflikter tëscht de State wieren anescht wéi friddlech an enger gutt gefügtener politescher Uerdnung ze léisen, konnt entstoen.

Ech hunn ni behaapt, ech géif et och ni behaapten, dass déi, déi fir den Nee zu deem Vertrag sinn, déi sinn, déi de Krich wëllen. Dat géif ech onerhéiert fanne fir déi Ënnerstellung ze maachen. Ech denken alt ëmmer u Biller, déi een esou huet, déi ee gekuckt huet. Kuckt emol, 1932 stoungen 80.000 franséisch an däitsch Zaldoten zu Versailles, hu sech d'Hand ginn an hu sech geschwuer: Dat do geschitt ni méi! 7 Joer duerno hunn se erëm openee geschoss. Mengt net, déi Gefore wiere fir ëmmer fort. Haut virun zéng Joer ass a Bosnien vergewaltegt ginn, si Kanner ëmbruecht ginn, si Kazetter opgeriicht ginn, ass an d'Haiser vu Sarajevo geschoss gi vun de Scharfschützen, déi ronderëm déi Stad, Olympiastad iwwregens, opgestallt waren. E puer Joer duerno ass et am Kosovo lass gaang, matzen an Europa, annerhallef, zwou Stonne Fliger vun hei ewech, a mir soen: Déi Gefor gëtt et net. Et gëtt se net tëscht Däitschland a Frankräich, et gëtt se net tëscht Lëtzebuerg an der Belsch, et gëtt se mol net tëscht Lëtzebuerg an England,…

***(Hilarité)***

…mä et gëtt se matzen an Europa. A wa mer déi Europäesch Unioun net als dee grousse kontinentale Projet onversehrt an onbeschiedegt an déi nächst 20, 30 Joer eriwwerbréngen, da gi mir där Gefor, där latenter kontinentaler Gefor, déi et an Europa gëtt, Konflikter anescht wéi mat de Mëttele vun der Politik a vu friddlecher Diplomatie ze léisen, net lass.

D'Leit kritiséieren d'Erweiderung a reege sech driwwer op - ech verstinn dat jo och e bëssen -, doriwwer wiere se net gefrot ginn. Ech géif zu där Erweiderung gären eppes soen, well ech mierken, dass dat ee Punkt ass, an deene Länner déi Nee gesot hunn, déi Nee gesot hunn aus dausend Grënn, mä op engem Punkt - Élargissement - enger Meenung waren, a well ech verstinn, dass och hei am Land Bedenke sinn. Ech géif, well ech domat eppes ze dinn hat, méi wéi een aneren hei am Haus, dat gären erklären. Dat hu mer jo net gemaach well mer d'Leit wollte rose maachen. Dat hu mer gemaach well mer keng aner Optioun haten. An heiansdo iergeren d'Leit sech jo - ech verstinn dat jo alles - iwwer esou Aussoe perspektivescher Natur, déi ech maachen.

Ech hunn 1997 dee Conseil européen presidéiert wou d'Erweiderung décidéiert ginn ass, no Ost- a Mëtteleuropa, no Zypern a Malta. Wat war dann d'Situatioun, déi mer '93, '94, '95 virfonnt hunn? Et waren an Europa 32 nei Staten entstan no 1989. Et sinn den 1. Mee 2004 sechs Staten an der Europäescher Unioun agetrueden, déi et viru 17 Joer nach guer net ginn ass: déi dräi Baltestaten Estland, Lettland a Litauen, Slowenien, dee räsonnabelsten Deel vun deem fréiere Jugoslawien, d'Tschechei an d'Slowakei, déi sech getrennt hunn; déi Länner huet et iwwerhaapt net ginn.

An an der Peripherie vun der Europäescher Unioun sinn onendlech vill nei Staten entstan, doduerch dass d'Sowjetunioun sech déságrégéiert huet. Do sinn déi sou genannte GUS-Staten entstan: d'Ukrain, Moldawien, Georgien, Kasachstan, Kirgistan; d'Zeitunge sti voll dovun. Wësst Der wéi wäit dass dat vun hei ewech ass? Et brauch een net dräi Deeg mam Fliger ze fléien ier een do ass. A véier Stonnen ass een do. Dat ass op eiser Hausdier; op eiser Hausdier an an eisem eegenen Haus sinn 30 nei Staten entstan. Hätt een déi sech selwer sollen iwwerloossen?

Déi Staten, déi Grenzproblemer mateneen hunn an haten, an historesch sech d'Käpp ageschloen hu wéinst deene Grenzproblemer, déi Staten, déi wirtschaftlech um Nullpunkt waren, well se aus engem System vun administréierter zentraldirigéierter Ekonomie iwwergewiesselt sinn, ënner dausend Äffere vun de Leit, besonnesch vun deene klenge Leit a Systemer vu sozialgefaasstener Maartwirtschaft, hätt een deene Länner keng Perspektiv dierfe ginn? Hätt een deene Leit solle soen: „Kuckt dass Der eens gitt!"? „Mir hunn näischt mat Iech ze dinn. Mir hunn Iech zwar ëmmer gesot: Kuckt dass Der de Kommuniste lass gitt. Mä elo wou Der e lass gi sidd, lo kuckt no Iech, lo hu mir näischt méi mat Iech ze dinn."

Hätte mer deene Leit zu Budapest, déi 1956 virun de sowjetesche Panzeren hu misse wäichen, deenen zu Prag an zu Bratislava, déi 1968 niddergeknëppelt an niddergerullt gi sinn, deenen zu Warschau, déi sech am Krich dat Schlëmmst hu musse gefale loossen, an nom Krich sech näischt konnten erlaben, hätte mer deene Leit solle soen: „Kuckt dass Der eens gitt!"? Deene baltesche Staten, déi vun de Preise besat waren a vun de Sowjet annektéiert - honnertdausende Balte si bis 1988 an d'sibiresch Lageren ofgefouert ginn -, solle soen: „Klibbert eis! Mir hunn näischt mat Iech ze dinn!"? Hätte mer déi Länner sollen an der totaler wirtschaftlecher, sozialer an historescher Perspektivlosegkeet beloossen?

Wat wier da geschitt? Déi hätten ënnereneen aussergewéinlech vill Konflikter a Raibereie gehat. Déi hätte keng wirtschaftlech Perspektiv gehat. Een, dee militäresch op d'Prouf gestallt gëtt, an een, dee wirtschaftlech keng Perspektiv huet, een, deen dat soziaalt Aus als déi eenzeg Hoffnung huet - an dat ass keng Hoffnung -, dee setzt sech a Bewegung, dee bleift net do wou en ass.

Et gëtt iwwert d'Erweiderung sech geiergert, si hätt net solle sinn a si wier ze séier geschitt. Am Fall vun der Net-Erweiderung, am Fall wou d'Europäesch Unioun sech net op Invitatioun hin transportéiert hätt a Mëttel- an Osteuropa, hätte sech Millioune Ost- a Mëtteleuropäer an de Westen transportéiert. Déi Problemer, déi elo beschriwwe ginn, sinn eng Folleg vun der Erweiderung, an déi, déi minim sinn, wiere maximal a grouss ginn am Fall vun enger Net-Erweiderung. Et ass zu där Erweiderung historesch keng aner alternativ Optioun gi wéi si selwer an dofir huet déi Erweiderung misse gemaach ginn.

Elo kommen 102 Millioune Europäer an d'Europäesch Unioun. Dat ass 102 Millioune Mol Hoffnung, dat ass 102 Millioune Mol Energien, Talenter, Kënnen, Wëssen, historesch Erfahrung, Blutt an Tréinen och. 102 Millioune Mol! A mir soen: „Mir hätte gär eis Rou. Mir bleiwe gär alleng. Mir këmmeren eis gär ëm eis Saachen; bekëmmert Dir Iech ëm Är Saachen!"

De Kontinent, deen hätt een Äerdbiewen erlieft wa mer déi Erweiderung do net gemaach hätten. An dofir - dat soen ech als een, deen 1995 heibanne gesot huet, et géif keng politesch Entreprise ginn, déi esou onpopulär géif gi wéi déi vun der Erweiderung - soen ech, a wann nach esou vill Leit dogéint sinn: Et wier schlëmmer haut um europäesche Kontinent wa mer déi Erweiderung net gemaach hätten. A villerlee Hisiicht. Ech hunn een Deel dovu beschriwwen.

Mir hunn haut een Aussenhandel an Ost- a Mëtteleuropa mat deenen aacht Länner, mat deenen 102 Millioune Leit, deen ass méi grouss wéi deen Aussenhandel, dee Lëtzebuerg an iwwer 60 Joer Wirtschaftsgeschicht mat deenen 290 Millionen Amerikaner opgebaut huet. Mir exportéieren haut méi no Ost- a Mëtteleuropa wéi no Amerika. Eisen Handel mat Ost- a Mëtteleuropa ass méi grouss wéi dee mat eisen traditionellen Handelspartner aus Iwwersée. Eisen Undeel um Osteuropahandel ass dräimol méi séier geklomm wéi eisen Undeel um Welthandel insgesamt. Et gëtt haut méi Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, déi vu Rumänien, vu Bulgarien, vun der Tschechei, vu Slowenien a vu Polen ofhänke wéi vun Amerika.

Hu mer eppes verluer och nach bei der Erweiderung, wa mer schonn net begräife wëllen, dass et noutwendeg war wéinst deenen 102 Millioune Mënschen, déi aus der Gefaangenschaft erauskomm sinn, an där se agespaart waren? Mir hunn och nach selwer esouguer dovu profitéiert. Wéi déi Länner opgaang sinn, wéi mer och an déi Länner eragesinn hunn, hu mer schrecklech Saache gesinn, zum Beispill déi total morod, antikéiert Atomkraaftwierker, déi an deene Länner stoungen. A Bulgarien, a Lettland, op anere Plazen, Modeller vu virun der Tschernobil-Zäit, iwwerhaapt net méi geséchert.

Wa mer déi Länner net an d'Europäesch Unioun opgeholl hätten, wa mer net déi Hëllefsprogrammer entwéckelt hätte fir den Ëmbau vun deenen Anlagen oder d'alternativ Ersetzung vun deenen Anlage kënnen ze finanzéieren, wat wier dann d'Resultat? Da géife mer op deenen Zäitbommen, vun deene mer guer net wossten, dass et se ginn huet, mä wat mer awer elo wëssen, nach ëmmer sëtzen. Soss fäerte mer alles - alles fäerte mer! -, mä mir huelen net zur Kenntnis, dass déi europäesch Perspektiv, dat lues a lues sech Erurobbe vun deene Länner un d'Europäesch Unioun et méiglech gemaach huet, dass och eng aner Energiepolitik an eng aner Energieversuergungspolitik, eng manner geféierlech Energieversuergungspolitik duerch déi Exigenzen, déi mer deene Länner gesat hu fir dass se kënnen an d'Europäesch Unioun kommen, imposéiert ginn ass a méiglech ginn ass.

D'Leit reegen sech op - héieren ech - iwwert den Euro. Jo wat ass dann elo? Ech gesinn d'Madame Flesch; déi war Wirtschaftsminister 1982. Ech héieren nach d'Debatten heibannen, no der Ofwäertung vum belsch-lëtzebuergesche Frang, ofgewäert ëm 8,5% ouni dass nëmmen een eng Kéier mat eis och nëmmen eng Minutt doriwwer geschwat hätt ob dat eis géif passen oder net, wou mer d'gesamt Politik ëmgestallt hu bis hin zu den Indexmodulatiounen, vun deenen anerer gesot hunn, et wiere Manipulatiounen. Et war esou eppes dertëschent.

Elo si mer de Copropriétaire vun enger vun deene stäerkste Wärunge vun der Welt. Musse mer eis doriwwer wierklech bekloen? Ass et, soulaang wéi mer de belsch-lëtzebuergesche Frang haten, net emol heiansdo zu engem Uklamme vun der Inflatioun komm? Net emol heiansdo zu engem Uklamme vun de Präisser komm?

Vun un dass ech Politik maache streiden d'Leit manner iwwert d'Präisser, déi ëmmer an d'Luucht ginn, méi laang ënnert dem belsche Frang wéi elo ënnert dem Euro. Och deemools scho sinn d'Präisser geklomm. An ech gi jo och zou, dass eenzel Secteuren e bësse schamlos profitéiert hu vun der Euroaféierung fir hir Präisser no uewen ofzerënnen. Ënnert dem Stréch hu mer eng Inflatioun, déi ënner Kontroll ass. Wéi ech an d'Regierung komm sinn - et ass laang hier -, 1982, hate mer eng Inflatioun vu 14%. 14%! Hätte mer haut nach eng Inflatioun vu 14%, hätte mer och keng automatesch Indexupassung méi. D'automatesch Indexupassung hu mer duerchgesat 1991, wéi d'Wärungsunioun agefouert ginn ass am Maastrichter Vertrag, géint de Wëlle vu jiddferengem.

Déi Virstellung, Lëtzebuerg kéint sech ni duerchsetze mat senge Spezifissitéiten, mat sengen Extrasaachen, ass eng falsch Virstellung; dat hu mer fäerdeg bruecht. Well mer och gesinn hunn, dass déi präisstabilitéitsorientéiert Politik zu manner Inflatioun géif féieren an d'Indexatioun vun de Léin an de Gehälter null kompetitivitéitsverzerrend Endkonsequenzen zu Lëtzebuerg hätt.

Wiere mer am belsch-lëtzebuergesche Frang bliwwen, am europäesche Währungssystem agespaart bliwwen, wat wier da geschitt déi lescht Joren? Well d'Leit jo dat Europa oflehnen, wat mer elo hunn. Da musse se sech emol froen: Wat ass dann duerch dat Europa, wat mer elo hunn, besser gi wéi déi Situatioun, déi mer haten, ier mer dat Europa, wat mer hunn, haten?

Mir haten ee Krich um Balkan, deen éischte Krich an Europa nom Zweete Weltkrich. Mengt Der, d'Währungen hätten dorop net reagéiert wa mer net amgaang gewiescht wären, den Euro ze kréien? Mir haten ee Krich am Irak - deen zweete Krich am Irak - 2003. Mengt Der, déi europäesch Währungen hätten net matenee geschwat, wann et net déi zwéngend Kraaft vun dem einheitlech organiséierten Euro ginn hätt?

Wie weess dann nach - Firwat vergiesse mer eigentlech esou séier? - wéi dat 1991 beim éischten Irak-

krich war? Tëscht 1991 nom Krich an '93 ass 14-mol an der Europäescher Unioun op- an ofgewäert ginn. De Finanzminister, deen ech deemools war, war all sechs Wochen zu Bréissel fir iwwer Réalignementer ze schwätzen. Bei der mexikanescher Finanzkris, bei der argentinescher Finanzkris, bei der russescher Finanzkris, bei all deene Kricher, déi mer haten, bei der Dollarkris, déi mer elo hunn, beim Uklamme vun de Pëtrolspräisser - 40%, a sechs Méint, déi mer elo hunn - hätten déi national Währungen, géif et se nach ginn, am Süde vun Europa ofgewäert an am Norde vun Europa entweder ofgewäert - belsche Frang - oder opgewäert - däitsch Mark. Den däitschen Export wier zréckgaang, eis Betriber wiere konkurrenzéiert ginn, op alle Mäert vun Europa, vun de südlännesche Betriber.

1992, wéi d'Italiener ofgewäert hunn, sinn dräi Firmen zu Lëtzebuerg Pleite gaang. Wie weess dat nach? Firwat weess eigentlech kee méi dat? Wou déi Betriber, déi op dräi Schichte geschafft hunn, dräi Joer laang nëmme méi op enger Schicht geschafft hunn. Dat Europa hate mer, an elo hu mer ee bessert Europa, well mer een Europa hu wat d'Währungsstabilitéit huet, wou eis Betriber an eng geséchert Planungszon kënnen eran investéieren, wou se net duerch d'Capricë vun nationale Regierungen, déi ofwäerten, kompetitiv ofwäerten, verdrängt gi vun de Mäert. Eis Aarbechtsplaze si méi sécher ginn duerch den Euro. De Bensin un der Pompel, deen hätt zweemol de Präis vun haut, wa mer net den Euro hätten a wa mer nach mam belsch-lëtzebuergesche Frang géife gestikuléieren.

Wat hätte mer gär? Dat Europa, wat mer haten, oder dat Europa, wat mer hunn a wat mer musse besser maachen? Dat Europa, wou d'Rakéiten zu Prag stoungen, déi op Bréissel an op Lëtzebuerg geriicht waren, dat Europa, wou mer Angscht hate virun der nuklearer Katastroph, dat total iwwergerüstet Europa, wou een deen anere gekuckt huet wéi Doudfeinden, dat Europa, wat seng beschte Kräfte gelähmt kritt huet duerch déi fanatesch Oppositioun tëscht zwee Gesellschaftsmodeller, sowjetesch-kommunistesch a westlech-fräiheetlech, dat Europa, wou jiddferee seng eege Währung hat, wou jiddferee fir sech alleng war, dat Europa, wou d'Solidaritéit net organiséiert war oder dat Europa, wat mer haut hunn? Wat wëlle mer eigentlech?

Firwat si mer an enger Zäit, wou ee sech net méi freeë kann? Kënne mer eis net freeën iwwert dat, wat mer zesummen do fäerdeg bruecht hunn? Hei am Land a mat eisen europäesche Partner zesummen. Dat ass dach eppes Formidabeles. D'ganz Welt staunt doriwwer. Just mir soen: Dat ass alles näischt.

Mir stëmmen Nee géint eppes wat soll kommen, well mer mat deem net zefridde si wat mer hunn. A mat deem wat mer hu si mer net méi zefridden, well mer total vergiess hunn, wat mer virdrun haten. Dofir muss een heiansdo vläicht mol erëm beschreiwen, wat mer virdrun haten a wat mer elo eréischt kritt hunn, nodeem mer déi Europäesch Unioun op d'Bee gestallt hunn.

Elo solle mer dee Verfassungsvertrag do kréien. Ob dat ganz gescheit war - vill Kolleegen heibanne wësse vu menge Reserven -, deen neie Vertrag Verfassung ze nennen, ass eng aner Fro. Well fir d'Leit ass dat ee Begrëff aus der nationaler Proximitéit, deen net einfach ze iwwerdroen ass op eppes, wat kee Stat ass a wat awer méi ass wéi eng politesch Organisatioun, méi onofhängeg vun de Wierder.

Firwat musse mer dee Verfassungsvertrag an der Saach wëllen hunn? E steet elo net zur Dispositioun. Den europäesche Rot huet gesot, de Ratifizéierungsprozess, dee geet virun. En huet gesot, déi Länner, déi Paus brauche fir nozedenken, fir ze schwätzen, fir ze diskutéieren, fir ze explizéieren, solle sech déi Zäit huelen. Ee Land, wat am Explikatiounsprozess - oh, et sinn nach vill Explikatiounen ze ginn a vill Ligen aus der Welt ze huelen a vill Onwourechten aus der Welt ze huelen a vill Fantasmen aus der Welt ze huelen - esou wäit fort ass wéi mir, ass mengen ech mat sech selwer an der Rei, well et an e puer Woche senge Bierger déi Fro stellt. Ob et duergeet fir alles ze eliminéieren, wat u falsche Saache gesot gëtt, do musse mer eis gutt druginn. A mir wäerten eis och gutt druginn, fir dat ze maachen.

Et gëtt e puer Parlamenter, déi nach an dësem Mount ratifizéieren - Malta, Zypern -; dat steet a kenger lëtzebuergescher Zeitung. Firwat solle mir eis och mat der Prozedur vun deene klenge Länner beschäftegen?

***(Hilarité)***

Malta an Zypern ratifizéiere virum Enn vun dësem Mount. Estland mécht dat och. Déi aner Baltestaten hunn et och gemaach. Mä loosse mer net no deene klenge Länner kucken, loosse mer eis schéi fixéieren op déi grouss, op déi, déi zu eis passen.

***(Hilarité)***

Mä déi Kleng, déi ratifizéieren. An et gëtt der e puer, déi froe sech Bedenkzäit, well se nach net esou wäit an hirer Explikatioun si wéi mir. A mat där Explikatioun musse mer virufueren.

Wann Der mech haut frot, ob ech 100%eg sécher sinn, dass déi Verfassung a Kraaft trëtt, da kann ech Iech déi Fro net beäntwerten. Ech kann hei Theater spillen a soen: Dat geet schonn. Mat der Pudderdous duerch déi zwielef Kantone fueren: Maacht Iech keng Gedanken, dat geet alles schonn an d'Rei.

Wann d'Fransousen an d'Holländer net nach eng Kéier stëmme ginn, an dat maache se réischt nom Mee 2007, dann trëtt dee Vertrag net a Kraaft. A bis dohinner trëtt e mat Sécherheet och net a Kraaft.

Mä wann en a Kraaft trëtt, well déi déi Fro dann nach eng Kéier, no enger anerer Debatt, anescht beäntwerten, dann hätt ech gären, dass déi eleng si mat hirem Nee an dass mir bei deene sinn, déi zur Zäit Jo gesot hunn.

Mir hunn eis ëmmer an der Geschicht vun eisem Land zur Zäit richteg entscheet. Ech weess net wou mer dat Talent hierhuelen, mä mir hunn eis ëmmer richteg entscheet. Ëmmer.

Mir hunn eis richteg entscheet viru 60 Joer a méi, wéi mer Nee gesot hunn zum däitschen Okkupant, während anerer net Nee gesot hunn. Mir hu vun der éischter Sekund un Jo gesot zur europäescher Integratioun, wéi anerer nach iwwert de Wee gestridden hunn, ob se solle matmaachen oder net matmaachen, a wou der hei am Land vill gesot hunn, mir dierften net matmaachen. Eis Schmelze géifen zougemaach ginn no dräi Méint, wa mer d'CECA géife maachen.

Mir hu Jo gesot zu deem Courage, dee mer gebraucht hunn, nodeem eisen Agrarstat op een Enn komm war, fir een Industriestat ze maachen an, wéi dee krank ginn ass, neien Agrarstat op een Enn komm war, fir een Industriestat ze maachen an, wéi dee krank ginn ass, mat neie Projeten, neien Iddien, neien Aktivitéiten, eng nei Wirtschaft opzebauen. Mir kënne jo, wa mer wëllen. A mir hunn eis ëmmer richteg geluecht, wann et wichteg war. Loosse mer eis och dës Kéier richteg leeën!

Well dat, wat mer do offréiert kréien, dat ass gutt. Dat ass gutt fir eist Land an dat ass gutt fir Europa. Wann d'Fransousen an d'Holländer net d'Kraaft fannen eng Kéier Jo ze soen a wann dee Vertrag eng Kéier muss, wat ech net wënschen a kaum gleewen, renégociéiert ginn, wien négociéiert do aus enger Positioun vun der Stäerkt eraus: déi, déi de Vertrag ofgelehnt haten, oder déi, déi Jo gesot hunn zu deem Vertrag? Et négociéieren déi aus enger Positioun vun der Stäerkt eraus, déi in tempore non suspecto a matzen an enger Atmosphär vum kontinentwäiten Nee era Jo gesot hunn zu deem Vertrag. Déi sinn un der Spëtzt vun deenen, déi hir Vuen, déi gutt europäesch Vuen, déi et sinn, an déi gutt national Interessevertriedungen, déi et sinn, kënnen duerchsetzen.

Deen neie Vertrag, dee regelt d'europäesch Kompetenzuerdnung nei; dat hu mer ëmmer gefrot, als Land, dass Europa net alles soll regelen, mä sech nëmmen ëm dat soll bekëmmeren, wat Europa besser ka wéi den Nationalstat, sech ewechhale soll vun allem, wat mer selwer eleng besser kënnen. Déi Iwwerreguléierungswut, dee Programmrausch vun der Europäescher Kommissioun, déi mer virun 20 Joer a méi ëmmer erëm festgestallt hunn, muss gebremst ginn an ersat ginn duerch eng fein Opdeelung tëscht europäeschen an nationalen Aufgaben. Dat liwwert deen neie Vertrag als Äntwert. Da solle mer déi Äntwert huelen.

Mir wëllen dach net - Oder wëllt een dat? -, dass d'Europäesch Unioun, doduerch dass se déi Regel net festleet, iwwert d'Entwécklung vun der Jurisprudenz - där heiansdo megalomaner - vum europäesche Geriichtshaff an eist Schoulwiesen erandiktéiere kënnt, an eis Kulturinstituter, an eist Kulturbehuelen erandiskutéiert. Wëlle mer dat?

D'Kompetenze si festgeluecht elo, op Punkten och déi fir Lëtzebuerg, sou hat ech se wéinstens emol verstan, an der Vergaangenheet ëmmer wichteg waren a wouriwwer mer mat eisen Noperen ëmmer am Sträit stoungen: d'Steieren.

Wahrscheinlech sinn ech ee vun deene ganz wéinegen heibannen, déi sech iwwerhaapt theoretesch konnte virstellen, dass een do mat Majoritéit kënnt ofstëmmen. Soss ass mer ëmmer gesot ginn, vun all Mënsch: Bei de Steiere muss et bei der Eestëmmegkeet bleiwen. An deem neie Vertrag bleift et bei der Eestëmmegkeet. A mir wëlle jo och net, dass duerch ee mehrheetleche Beschloss vun den europäesche Regierungen driwwer décidéiert gëtt, wéi den normalen TVA-Saz zu Lëtzebuerg ass. Oder wëlle mer dat?

Wëlle mer, dass eng Majoritéit vun den europäesche Regierungen, déi keng Suen hu well se net op hir Suen oppassen, driwwer décidéieren, dass eisen TVA-Saz vun 3% op der Restauratioun, op de liewenswichtege Grondernährungsmëttelen, vun 3% op 25% gesat gëtt, just well d'Majoritéit vun de Regierungen dat wëllt? Wëlle mer dat?

Stoung dat, jo oder nee, am Entworf vum Konvent? An ass dat, jo oder nee, an der Regierungskonferenz ewechgeholl ginn? Wëlle mer dat oder wëlle mer dat net?

Wa frësch verhandelt gëtt, a well jo hei vill Leit Applaus kréien, a si ginn och nach an d'Land invitéiert fir hir Iddien duerzeleeën, déi ënnert dem Deckmantel vun engem Plädoyer fir e méi soziaalt Europa, kloer an däitlech - a wat fir enger Lëtzebuerger Zeitung stoung dat? - fir d'Majoritéitsdécisioune bei der Besteierung schwätzen: Stellt den Här Emmanuelli déi Fro, wann e kënnt, ob zu Lëtzebuerg d'TVA soll duerch Majoritéitsbeschluss vun anere Regierungen erbäigefouert ginn an ob mer selwer zoustänneg si fir d'Skulptéiere vun eiser Steierlandschaft a fir d'Sozialverhältnisser hei am Land?

Wa mer nei verhandelen, wie gewënnt bei där Verhandlung? Obwuel ech deen Ausdrock „gewanne" guer net gär hunn. Wien huet déi beschten Argumenter an där Verhandlung? Deen, dee Jo gesot huet zu där Verfassung, oder deen, deen Nee gesot huet zu där Verfassung an dee mol net ka soen, firwat dass en ee Land muss vertrieden, wat Nee gesot huet?

Mä wann een ee Land vertrëtt wat Jo gesot huet, weess een, zu wat dass d'Leit an engem Land Jo gesot hunn.

Wëlle mer een europäesche Vertrag? Dat wëllen der vill, déi Nee gesot hunn a Frankräich, wou duerch majoritäre Beschloss vun deenen anere Regierungen a vum europäesche Parlament an eise Pensiounsregime agegraff gëtt. Nëmme Gott weess jo, wéi vill Zodi mer hei scho mateneen iwwert d'Pensioune gehat hunn. Mä ech hunn awer léiwer mir streiden hei an dësem Haus mateneen, wéi dass anerer, andeem mir dogéint stëmmen, décidéieren, egal wat mir soe wéi d'Pensiounen hei am Land sollen organiséiert ginn; dat ass eis Décisioun.

Déi, déi am Frankräich Nee gesot hunn, dee sou genannte fortschrëttleche proeuropäeschen Deel vum Nee hätte gären, dass dat Majoritéitsdécisioune ginn, bei de Steieren, bei der Sécurité sociale, an anere Beräicher vun der Politik, wou mir mengen, mir kleng Lëtzebuerger, do wiere mir eleng Meeschter an och wëllen eleng Meeschter bleiwen. Wat jo net heescht, dass mer net am Gedanke vun der Solidaritéit, där interaktiver, mat deenen anere Länner zesumme schaffen.

Mir hu jo eestëmmeg eng Harmoniséierung vun der TVA an Europa gemaach, mam Accord vun alle Parteien heibannen, mat Ausnahm vun deene Gréngen - aus anere Grënn.

***(Interruption)***

Mir hu festgeluecht, dass de Mindestsaz an Europa 15% ass. Mir waren op 12%, mir hu mussen op 15% eropgoen. Mä mir sinn nach ëmmer op 15%.

An ech hätt och gären, dass mer kënnen deen niddregste Steiersaz an der Europäescher Unioun behalen, ouni dass een anenen eis duerch Mehrheetsbeschluss seet, dass en elo muss gehéicht ginn.

Mir hunn dach eng Harmoniséierung vun der Kapitalertragssteier zu Lëtzebuerg an an Europa gemaach, ouni dass mer eist Bankgeheimnis hu missen opginn, mä awer eng europäesch Léisung hikritt. Et geet also och eestëmmeg, wann een déi richteg Verhandlungspositiounen huet a versteet, se mat Geschéck ze vertrieden.

An deem neie Verfassungsvertrag geschitt eppes, wat mer ëmmer verlaangt hunn, jiddfereen heibannen, nämlech dass déi national Parlamenter eng Roll ze spille kréien. Elo steet dran, dass, wann déi national Parlamenter befaasst ginn an a genügend grousser Zuel sech wieren, dass d'Kommissioun, déi dat jo virschléit, eng Direktiv, déi an der Opfaassung vun eisem Parlament net de Regele vun der Subsidiaritéit géif entspriechen, wou eist Parlament also géif mengen, mir kënnen dat dote besser maachen, eleng, wéi dass mer dat an der Europäescher Unioun maachen, kann Asproch erhiewen.

Elo kréie mer dat europawäit Petitiounsrecht. Firwat gëtt de Geck gemaach? Doriwwer gëtt de Geck gemaach? Wou gëtt et dee Kontinent? Wou gëtt et dee Grupp vu 25 Länner an der Welt, wou d'Bierger, d'Interessegruppen, déi, déi eppes ze soen hunn, oder déi, déi eppes fäerten, sech kënnen un déi politesch Instanze wende fir ze soen: „Dat do wëlle mer net oder mir hätte gär dat doten."? Mengt Der wierklech, dass, wann d'Kommissioun zum Beispill am Aarbechtsrecht Reforme mécht, wéi den Här Blair se gären hätt a wéi ech se net wëll, an et si 50 Millioune Gewerkschaftler vum EGB, déi eng Ënnerschrëftenaktioun do dergéint maachen, mengt Der da wierklech da géif d'Kommissioun soen: „Mir maachen dat wéi d'Englänner et gären hätten a mir maachen dat net esou wéi d'europäesch Gewerkschaftsbewegung et gären hätt."?

Wann d'Ëmweltverbänn an Europa, déi iwwregens ganz zefridde si mat der Lëtzebuerger Presidentschaft, eng Petitioun maache géint d'Virpresche vun der Europäescher Kommissioun, mat deem se net averstan wier, mengt Der da wierklech d'Kommissioun kënnt soen: „Dat ass eis egal wat déi Leit, déi d'Ëmweltsensibilitéit duerstellen, zum Ausdrock bréngen."?

Dat europäescht Petitiounsrecht bremst alles, wat an déi falsch Richtung leeft, an erméiglecht alles un Initiativen, déi aus der eegener Verantwortung vun der Politik wahrscheinlech ni géife geholl ginn.

Deen neie Vertrag erlaabt et, an engem onwahrscheinleche Mooss besser géint déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit virzegoen. Déi, déi jo maximal vun Europa profitéieren, dat sinn d'Gangster. Hätte mer gären, dass mer einfach nokucken? Oder solle mer net eis Instrumenter an d'Hand gi fir wierksam géint d'Kriminalitéit, géint den Terrorismus, géint d'Finanzkriminalitéit unzetrieden?

Déi nei Verfassung gëtt eis d'Méiglechkeet fir dat ze maachen. Asyl - mengt Der wierklech, eist klengt Land, dat klengt Frankräich, dat butzegt Frankräich, dat klengt Däitschland, dat butzegt Däitschland an der Weltkaart kënnt sech eleng wiere géint d'Problematik vun der Wanderung vun de Mënschen, géint d'Asylproblematik, géint d'Immigratiounsproblematik? Ronderëm d'Mëttelmier wunnen 350 Millioune jonk Afrikaner an 10 Joer, déi manner wéi 25 Joer al sinn. Menge mer wierklech, wa mer se aarm loossen - wat der vill wëllen, mir net - an déi setze sech a Beweegung, den Nationalstat eleng kënnt sech wieren oder kënnt déi Leit integréieren? E kann et net.

Mir brauchen europäesch Äntwerten op Froen, déi sech un de Gesamtkontinent a senger Breet an a senger Déift adresséieren. Woubäi souguer och nach an deem Verfassungsvertrag steet, dass, wat den Zougank zum Aarbechtsmaart ugeet, d'Länner selwer Meeschter bleiwen, wat ech fir eng wichteg Dispositioun halen.

Hätte mer gären eng Europäesch Unioun, déi sech zréckentwéckelt, och sozial? Wou lues a lues deen neoliberale Gedankegang, deen iwwerhaapt näischt mat Liberalismus ze dinn huet, sech duerchsetzt, an deen den onbefristeten Aarbechtsvertrag lues a lues, mä sécher, als eng absolut Ausnahm erschénge léisst, déi Zäitverträg zum normale Fall mécht? Oder wëlle mer eng Europäesch Unioun, déi d'sozial Maartwirtschaft an hir Verfassung geschriwwen huet? Déi an der Verfassung stoen huet, dass all Politik muss iwwerpréift ginn, ob se de sozialen Exigenzen entsprécht, déi bestëmmte Politik, déi do ugepeilt gëtt, duerch déi sou genannten horizontal Sozialklausel? Alles gëtt der Sozialexigenz ënnerworf a muss bewise ginn.

Wëlle mer dat oder wëlle mer einfach den Duerchmarsch vun deenen, déi den einfache Leit, déi schaffe ginn an déi net méi domm si wéi déi aner, all Rechter ewechhuelen, all Sécherheet ewechhuele wëllen, se bis an hir Dignitéit wëllen treffen, doduerch dass se sech net méi kënne wiere géint déi brutal Gewalt vun de Maartgesetzer? Wat wëlle mer? Dat wat mer an deem Verfassungsvertrag ugebuede kréien oder dat wat riskéiert ze geschéien, wann alles esou bleift wéi et ass a wann zwangsleefeg - dat huet dee leschte Sommet gewisen - déi europäesch Entwécklung sech haaptsächlech géint déi kleng Leit erëm no hannen entwéckelt?

Wëlle mer an eng Verhandlung eragoen, nodeem mer ee Vertrag gestëmmt hunn, wou mer sechs Deputéierten hunn, oder nodeem mer géint e Vertrag gestëmmt hunn, wou mer sechs Deputéierten hunn? Wëlle mer an eng Verhandlung eragoen, wou mer wéi déi grouss Länner d'selwecht behandelt ginn, wann et drëm geet e Kommissär op Bréissel ze schécken, oder wëlle mer mat enger Verhandlungspositioun eragoen, déi vum Vollek ofgelehnt gi wier? A wou een da misst erklären, dass se wuel do derfir waren, mä dass et aner Saache waren, wou se dergéint gewiescht wieren.

Wëlle mer eng wou d'Steieren, wou d'Sécurité sociale, wou de Kënnegungsschutz net kann ëmmoduléiert gi géint eise Wëllen, oder wëlle mer eng - an dofir solle mer se stëmmen, da kënne mer dat och staark vertrieden an der Zukunft -, wou déi Saachen do esou geregelt sinn, wéi et der Interesselag vum Kontinent an der Interesselag vun eisem eegene Land entspriécht?

Wëlle mer eng europäesch Uerdnung hunn, wou europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik no europäeschem Muster, no europäeschem Zoustand gemaach gëtt, oder no dem Zouschnëtt vun den nationalen Interesselage vun deene grousse Länner? Wëlle mer a Richtung europäesch Verteidegung goen, jo oder nee?

Virun 10 Joer, hei an op villen anere Plazen, war grouss Opreegung, dass d'Europäer géifen nokucke wéi um Balkan d'Mënsche géife geschluecht ginn. An elo gi mer eis d'Instrumenter an d'Hand fir selwer, anstatt ëmmer op Washington mussen ze telefonéieren, déi Problemer, déi sech heiheem an eise Länner stellen, an de Grëff ze kréien. Net nokucke musse währed sechs Méint, dass Frae vergewaltegt ginn; net nokucke musse wa Konzentratiounslager erëm um Balkan opgeriicht ginn, mä selwer eppes maachen, aktiv Solidaritéit weisen: Dat steet an där neier Verfassung.

An déi, déi se oflehnen, mat alle méiglechen Argumenter, an ech hu fir villes Verständnis wat un Ängschte formuléiert gëtt, bieden ech och emol Verständnis derfir ze hunn, dass et gutt Grënn gëtt fir Jo ze soen zu deem Entworf, iwwert deen den 10. Juli ofzestëmmen ass. Well dat ass een Entworf, deen zum Gudde vun de Mënschen ass an zum Gudde vun de Länner ass.

A wat hu mir als Land dann dobäi ze gewannen? A firwat applaudéiere mer deenen a Frankräich, déi Nee zur Verfassung soen? Well se gären eng eegestänneg Aussepolitik behalen? Wat ass dat dann, eng eegestänneg lëtzebuergesch Aussepolitik? Wat ass dat? Wat ass dat dann, eng eegestänneg lëtzebuergesch Aussepolitik, trotz allen Talenter, déi mer do zënter Joren an och elo alignéieren, fir eis diplomatesch Ambitiounen no baussen ze droen? Wat ass dat dann, déi lëtzebuergesch Äntwert op d'Konflikter vun eiser Zäit, wa mer eleng op eis gestallt sinn?

Begräife mer dann net - ech komme jo elo mam Här Asselborn aus Kanada an aus Amerika erëm, viru genau engem Dag war ech beim President Bush -, dass déi aner sech froen: Wat geschitt mat deem Europa do? Déi eng spiere sech op eemol méi staark, an déi aner fille sech verlooss. Amerikaner an anerer kënne sech méi staark spieren. Mir hunn dat zwar gutt gemaach dobannen, beim Här Bush, fir dass deen do dat richteg gesinn huet.

*(Hilarité)*

An d'Afrikaner, déi fille sech verlooss.

Mir mussen dach gesinn, dass d'ganz Welt op Europa kuckt. Mir sinn dach net fir eis eleng. Wee si mer dann, dass mer mengen, mir kënnten d'Geschécker vun der Welt no eise Regele festleeën, ouni Rücksicht ze huelen op aner Deeler vun der Welt?

Dee Verfassungsvertrag bréngt méi Demokratie, bréngt méi Transparenz, mécht et méiglech méi Sozialpolitik ze maachen, wa mer déi richteg politesch Majoritéiten an eise Länner hunn. Dat ass jo net eng Verfassung, déi virschreift, de Kënnegungsschutz misst ofgebaut ginn. Et ass eng Verfassung, déi seet: Alles muss de sozialen Exigenzen ënnerworf ginn.

D'sozial Exigenzen, wee befënnt doriwwer? Doriwwer befannen d'Regierungen an d'Europaparlament. Et ass eng Saach vun de politesche Gestaltungsmajoritéiten, déi mer an den eenzelne Länner opriichten, déi där Verfassung Liewe gëtt.

Eis Verfassung seet jo och net: Esou muss et gemaach ginn oder esou muss et gemaach ginn. Et sinn d'Regierungen an et sinn d'Parlamenter, déi décidéieren, wat de Gebrauch ass, wat den Ëmgank ass mat enger Verfassung.

An dofir gesinn ech mam allerbeschte Wëlle keng aner Méiglechkeet, wéi den 10. Juli de Referendum ze hunn, a keng aner Méiglechkeet, wéi den 10. Juli mat méiglechst grousser Zuel Jo ze soen.

Well ganz Europa kuckt op eis. Ech kommen aus Sitzunge mat Europäer a mat Amerikaner a mat Kanadier, fir Iech kënnen ze soen - den Här Asselborn bestätegt mech doran -, dass den 10. Juli net nëmmen Europa op Lëtzebuerg kuckt, mä d'Welt op Lëtzebuerg kuckt.

Nach ni hat ee klengt Vollek esou eng grouss Entscheedung ze huelen an Europa. Nach ni!

An dat klengt Vollek, dat ass eist. An ech sinn iwwerzeegt, dass dat klengt Vollek, wéi ëmmer a senger Geschicht, déi richteg Décisiounen trëfft. An dofir musse mer, ech maachen dat, mat Leidenschaft kämpfen, fir dass d'Lëtzebuerger den 10. Juli Jo soen, wéinst Europa a wéinst deem eegene Land.

Wéinst deem eegene Land fir d'éischt an da wéinst Europa; wéinst Europa fir d'éischt an da wéinst deem eegene Land. Et geet ëm eis Plaz an der Europäescher Unioun; et geet ëm eis Harmonie mat eis selwer. Et geet drëm ob mer eis versöhne mat deem, wat mer an der Vergaangenheet geholl hunn opzebauen a wat mer wëlle mathuelen an d'Zukunft eran, eng Zukunft, déi vun deene wäert an 30 Joer dirigéiert ginn, déi näischt méi wësse vun deenen Ursaachen, déi dozou gefouert hunn, dass mer d'Europäesch Unioun an de 50er Joren hu musse maachen.

Den Hitler an de Stalin sinn an de Käpp vum Joer 2004 sou wäit ewech wéi de Wëllem II an de Clemenceau aus eisen Erënnerungskategorien. Haut scho wëssen 80% vun de jonken Éisterräicher net méi wien de Goebbels an den Himmler waren. Haut schonn! Wie soll an 30 Joer dann nach wëssen, wou mer hierkommen a wat mer ze maachen hunn?

An dofir: Et ass eng Saach vum Häerz.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

***(Applaudissements)***

**M. le Président**.- Ech soen dem Statsminister an Ärer aller Numm Merci fir seng engagéiert Deklaratioun, déi hien hei ofginn huet, a mir kommen dann zur Diskussioun vun deem, wat hie gesot huet. Als éischte Riedner ass den Här Michel Wolter agedroen. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Kolleege vun der CSV-Fraktioun si sech eens, dass dat elo net einfach gëtt. De Statsminister huet aus eisem Häerz geschwat an en huet op seng Aart a Weis an enger Stonn an zéng Minutten de kompletten Tour vun der Fro gemaach, wéi se sech stellt.

Ech wollt am Numm vu menger Fraktioun - an och wa mer haut net de Bilan zéie vun der Présidence - eis Regierung ausdrécklech félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se an deene leschte sechs Méint am Intérêt vun Europa gemaach huet. Dir hutt, léif Kolleegen, eist Land würdeg an Europa vertrueden. Ech hunn e Statsminister, en Ausseminister, en deleguéierten Ausseminister an eng ganz Équipe ronderëm gesi vu Politiker awer och vu Beamten, déi wierklech dat Allerlescht ginn, fir aus där Présidence, déi mer dës Kéier haten, deeselwechte Succès ze maachen, wéi déi Présidencen, déi mer an deene leschte Jorzéngten haten.

Dir hutt eist Land gutt vertrueden an d'Leit hunn dat och esou gesinn. An och wann de Sommet vun der leschter Woch net zu deem Erfolleg gefouert huet, ass dat contrairement zu deem, wat ee gëschter an engem Parlament gehéiert huet, net d'Schold vun der Présidence, mä d'Schold vun deenen, déi géint gutt Argumenter net bereet ware fir de Schong vun der Solidaritéit unzedoen an domat Europa virunzebréngen.

Mir wollten, Dir Dammen an Dir Hären, an dat ass mäin zweete Punkt, eng Diskussioun iwwer Europa kréien. An deem Moment wou mer dat zesummen décidéiert hunn, hate mer éischter un eng akademesch Diskussioun geduecht, eng akademesch Diskussioun am Stil, dass mer jo déi lescht 50 Joer an Europa net villes falsch gemaach hunn an dass ee sech net kënnt virstellen, dass aus där Diskussioun eng politesch Diskussioun kéint entstoen. Eng politesch Diskussioun, déi mer hunn, déi mer dobausse mat eisem Vollek féieren, engem Vollek wat Argumenter huet, engem Vollek wat Froen huet, engem Vollek wat Ängschten huet. An duerfir ass et gutt, dass mer déi Diskussioun hunn, mä et ass och gutt, dass mer déi Diskussioun elo den 10. Juli mat engem Vote ofschléissen.

D'Argumenter sinn amgaangen ausgetosch ze ginn am ganze Land, op de Manifestatioune vun der Chamber, op de Parteimanifestatiounen, déi déi eng an déi aner organiséieren. D'Leit stelle vill Froen iwwert d'Verfassung, awer net nëmmen iwwert d'Verfassung. Si stelle Froen iwwer Europa, si stelle Froen iwwert d'Roll vu Lëtzebuerg an Europa, si stelle Froen iwwer hir eegen Zukunft a wéi et virugeet. A mir als Politiker, mengen ech, hunn och eppes geléiert, nämlech dass een och op engem europa-politesche Sujet mat de Leit iwwer konkret Inhalter, och vun nationaler Politik diskutéiere kann a soll.

Eng Schwieregkeet, déi mer an deene leschte Méint haten - an et ass enger Rei vun eis opgefall -, ass déi, dass d'Leit dobausse mat der Prozedur Schwieregkeeten haten. Net ze schwätze vun deenen, déi der Meenung waren, dass een iwwerhaapt kee Referendum sollt ofhalen. Och där gëtt et der an eiser Bevölkerung, déi der Meenung sinn, dass d'Politik, déi se dohinner gestëmmt huet, dat en fin de compte hätt solle maachen, sou wéi se dat ëmmer an deene leschte Joren a Jorzéngte fir Lëtzebuerg gemaach huet.

Mä d'Leit hate Schwieregkeete mat dem Text, dee se virgeluecht kritt hunn. Manner, mengen ech, well se Schwieregkeeten hate mam Text, mä well se keng zwee Texter dohinner geluecht kritt hunn. D'Leit hu manifestement e Besoin, wa se fir eppes décidéieren, dat ze maache par rapport zu eppes anescht. An d'Schwächt vun dëser Diskussioun, an déi mer eis eragefouert hunn - an de Statsminister huet dat an där leschter Stonn op eng brillant Aart a Weis duergestallt -, war déi, dass et en Text war, dee kee Géigentext, keng Géigepropositioun géint sech do leien hat.

De Feeler, dee mer gemaach hunn, ass deen, dass mer dunn och nach zu fënnef - et si jo elo Gott sei Dank keng fënnef méi, mä nëmmen nach véier - de Leit gesot hunn, datt se deen Text och nach solle stëmmen. A spéitstens an deem Moment ware ganz vill Leit duerjerneen, well se gesot hunn: Dir hutt eis bis elo nach ni gefrot, Dir frot eis elo an en fin de compte loosst Dir eis keng Alternativ, well Dir der Meenung sidd, aus Äre Grënn, déi héchstwahrscheinlech vun Iech aus déi richteg sinn, dass ee mat Jo soll stëmmen.

De Jo konnt sech op eppes eenegen, et ass e Kompromiss tëschen engem Europa - an dat hunn déi lescht Deeg gewisen -, wat ganz vill verschidde Biller a ganz vill verschidde Komponenten huet. Et ass also selbstverständlech en Text, dee kengem individuell vun eis zu honnert Prozent gefält, mä et ass en Text, dee resolut an d'Zukunft kuckt an et ass en Text, dee fir Lëtzebuerg e gudden Text ass. Mir hunn d'nächst Woch den 28. Juni ausféierlech Geleeënheet op déi eenzel Dispositioune vun där Verfassung zréckzekommen an och op d'Avantagen an d'Erausfuerderungen, déi se fir Lëtzebuerg an Europa stellt.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt ee Jo, mä et gëtt honnert Neenen. Honnert Neenen, déi de Beweis net hu missen untrieden, dass si sech ni op en Text gëeenegt hätten. Oder gitt Dir dovunner aus, dass a Frankräich den Här Fabius an den Här Le Pen, wa mer se zwee Méint géifen ewechspären, eraus géife komme a sech op en Text géifen eenegen, an duerno mat deem Text d'Majoritéit vun de Fransousen hanneru sech géife kréien?

Ech ginn dovun aus, datt wa mer den Här Bossi aus Italien mam Här Blair aus England beienee setzen a mer soen zu deenen, si sollen en alternativen Text zu dëser Verfassung opschreiwen, dass déi zwee mat engem Text kommen, deen e Kompromiss géif ginn. A wa se, Här Henckes, zu engem Text géife kommen, da ginn ech lech op eng Salztuut, dass deen Text esou wier, dass en zu Lëtzebuerg ni eng Majoritéit géif kréien, well déi Leit fir en anert Europa astinn wéi dat Europa, firwat dass mir do stinn.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- No dem Neen a Frankräich an an Holland ass an Europa eppes geschitt, wat vill Politiker sech an deem Sënn net erwaart haten. Vill méi schnell, wéi mer jeemools gemengt hunn, hu sech europawäit d'Leit an eng aner Richtung beweegt. Mir ware sécher, dass mer d'Leit hannerun eis hätte fir den europäesche Gedanken. A mir hu festgestallt an deene leschten zwou, dräi Wochen, dass op ville Plazen an eisen Ae ganz bedenklech national politesch Egoismen nees zuvirkomm sinn. Leit, déi Europa an eng ganz aner Richtung wëllen drainéieren, wéi mir dat gären hätten.

Et ass en Zécken duerch d'europäesch Politik gaangen. En Zécke wat däitlech ze spiere war op deem Sommet vun der leschter Woch, en Zécken, wat am Fong dozou bäigedroen huet, dass dee Sommet vun der leschter Woch net zu deem Succès konnt ginn, deen en en fin de compte verdéngt hätt.

An et huet ee villes héieren an Europa déi lescht zwou Woche vun Denkpaus, vun ophalen, vu viruféieren. Verschidde Leit hunn et fäerdeg bruecht an Europa an enger Woch zwee verschidde Messagë vu sech ze ginn. An duerfir ass op de Sommet gekuckt ginn. Och hei zu Lëtzebuerg, hu mer op de Sommet gekuckt, a mir hu gekuckt, wat d'Konklusioune sinn, déi aus deem Sommet erauskommen.

An dee Sommet huet en Zeeche gesat. Et war net dat Zeechen, wat sech déi eng oder déi aner heibannen erwaart haten. Dee Sommet huet net décidéiert, dass de Ratifizéierungsprozess géif opgehale ginn. De Sommet huet net décidéiert - wat eis Préférenz gewiescht wier -, dass ee sech elo op een Datum am nächste Joer gëeenegt hätt an dass een dann d'Ratifizéierungsprozedur europawäit ofgeschloss hätt op engem Datum.

De Sommet huet gesot, all Land muss nom beschte Wëssen a Gewëssen décidéiere wann, wéini an op wat fir enger Plaz dass et seng Ratifizéierungsprozedur wéilt ofschléissen. D'Regierung huet déi Responsabilitéit an d'Parlament ginn, net well d'Regierung sech hirer Responsabilitéit wollt entzéien, mä well d'Parlament eng Décisioun geholl huet, fir d'Leit ze convoquéiere fir den 10. Juli.

D'Parlament, Dir Dammen an Dir Hären, huet déi Responsabilitéit opgeholl. Et héiert een elo dobaussen, dat hätt dräi Deeg gedauert. Ech fannen, dass d'Parlament eng exemplaresch Aarbecht gemaach huet, fir an dräi Deeg innerhalb vun deenen eenzelne Fraktiounen, déi se composéiert, an duerno an der Conférence des Présidents zu enger Décisioun ze kommen, zu enger unanimer Décisioun ze kommen an net zu enger Décisioun, déi net unanime wier.

Et sinn an deenen eenzelne Parteien, wéi am Vollek, zwou Meenunge gewiescht, ob ee soll viruféieren oder net, ob ee soll aussetzen, ob ee sech un enger Denkpaus soll bedeelegen, wéi se a gewëssene Länner jo och agetrueden ass, oder ob een dee Processus, dee mer ugefaangen hunn, zu Enn sollt bréngen.

Mir waren an eiser Fraktioun mat enger grousser Majoritéit der Meenung, dass een dee Processus op en Enn soll féieren. Sou wéi jo och d'Mënschen dobaussen, d'Leit dobaussen, an hirer Majoritéit der Meenung sinn, dass een dee Processus zu Enn soll féieren.

D'Verfassung ass dout, gëtt da gesot vun deenen, déi zwar elo soen, se géife gär virufueren, mä déi net nëmme gären hätten, datt se dout ass, mä se och nach gäre géife mam Lëtzebuerger Nee begruewen. D'Verfassung ass net dout, well d'Verfassung ass an enger Prozedur. Zéng Länner hu Jo gestëmmt, zwee Länner hunn Nee gestëmmt, an ier mir den 10. Juli ofstëmmen sinn nach een oder zwee Länner, déi hir Prozedur ofschléissen.

An et war esou gewollt, Dir Dammen an Dir Hären, et war gewollt, dass de Bilan géif gezu ginn, nodeem déi 25 Länner eent nom anere sech dofir oder dergéint ausgeschwat hätten. Si mir Lëtzebuerger da manner wéi d'Fransousen? Si mir Lëtzebuerger manner wéi d'Engländer? Si mir Lëtzebuerger manner wéi d'Spuenier, déi sech zu där Fro do ausgeschwat hunn?

Mir sinn der Meenung, dass d'Lëtzebuerger och d'Recht hunn zu där Verfassung hei hir Meenung ze soen. Ob se dann a Kraaft trëtt - de Statsminister huet et gesot - décidéiert sech spéider, wann de Bilan gezu gëtt. Mä mir si resolut der Meenung, dass et fir eist Land besser ass, wa mer, wann de Bilan gezu gëtt, op där Säit vun deene stinn, déi Jo zu där heiter Verfassung gesot hunn, well mer einfach net gesinn, wat fir eng Verfassung dann amplaz kéint kommen, wat fir een Text dann amplaz kéint kommen, dee fir eist Land eng besser Solutioun géif bréngen.

An dofir wëlle mer als CSV virufueren zu Lëtzebuerg mam Ratifizéierungsprozess, well e virugeet, well mer gären hätten, dass eis Stëmm gehéiert gëtt, well och nach anerer virufueren, well contrairement zu deem, wat ee jo dobausse permanent gezielt kritt, et der net nëmme gëtt, déi ophalen, mä och eng ganz Rei, déi virufueren. Well eis

Wahl ugefaangen huet a well, wann een eng Wahl ugefaangen huet an d'Leit zur Urn geschratt sinn, ee ganz, ganz gutt Argumenter an enger Demokratie muss hu fir dee Rendez-vous mam Wieler a leschter Sekonn nees ofzesoen.

Mir sinn der Meenung, dass d'Diskussioun gutt viru sech geet. Et ass jo net, wéi wa se eréischt geschter ugefaangen hätt. Ech kennen der eng ganz Partie heibannen, déi si scho säit Wochen, säit Méint ënnerwee, fir mat de Leit ze diskutéieren. Et gëtt awer ee groussen Ënnerscheed: Virun dräi Méint hues de nach mat 20 Leit an engem Sall diskutéiert, wann s de haut iwwer Europa diskutéierst, sëtzen an deemselwechte Sall 200 an 250 Leit fir matzediskutéieren. Wann dat kee Beweis ass, dass d'Lëtzebuerger an deene leschte Wochen amgaange si sech hir Froen ze stellen an hir Meenung ze maachen, dann, mengen ech, gëtt et keen anere Beweis.

A schlussendlech, Dir Dammen an Dir Hären, si mer der Meenung, dass Europa en anere Message brauch wéi deen, deen amgaangen ass sech zur Majoritéit ze deklaréieren ouni datt e majoritär ass.

Mir géife gären als Lëtzebuerger e Message vun Hoffnung gi fir all déi nei europäesch Länner, déi fir e politesch integréiert Europa stinn an déi dat op der Basis vun enger sozialer orientéierter Maartwirtschaft wëllen opbauen, dass si wëllkomm sinn an deem Europa. Mir wëllen e Message erausginn, dass mir keen Europa wëllen, dat sech op d'Realisatioun vun enger Fräihandelszon beschränkt. Mir hunn nach dräi Wochen Zäit fir an engem rouege Gespréich mat de Leit doriwwer ze diskutéieren. Mir mengen, dass mir ganz gutt Argumenter hätten. Den 10. Juli sinn d'Leit souverän. Mir hu Vertrauen an d'Leit.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Charles Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Fraktioun félicitéiert d'Lëtzebuerger Présidence fir all déi Efforten, déi si an deene verschiddene Virsëtz, déi se gefouert huet an deenen diverse Composantë vum Conseil gemaach huet, si an hir Équipen, hir Beamten, alleguer déi Leit, déi sech an de leschte sechs Méint an och virdrun engagéiert hunn, fir datt Lëtzebuerg déi beschten Tromp konnt ausspillen, déi et ëmmer hat, nämlech déi vun der Crédibilitéit.

Wann e Land kleng ass an et gëtt klenglech, dann ass et verluer. Mä wann e Land kleng ass an et huet Crédibilitéit, da kann et engem groussen Ensembel Impulser ginn, an ech mengen, dat ass deene successive Présidencen an och déser Présidence besonnesch gelongen.

Mir wëllen och duerfir déi Succèsen, déi d'Lëtzebuerger Présidence remportéiert huet, net schmaléren. Et ass doudsécher e grousse Succès, datt de Stabilitéitspakt konnt ënnerdaach gefouert ginn; wat net esou evident war a mir ginn och dem Statsminister do eis voll Unerkennung an eis Félicitatiounen.

Mir fannen och dat eng Revolutioun - an ech schwätzen elo vun engem Beräich, fir deen ech selwer fënnef Joer laang d'Responsabilitéit gedroen hunn -, datt mer konnten d'europäesch Partenairen iwwerzeegen, fir vun elo bis d'Joer 2015 vun 0,39 op 0,7% öffentlech Zouwendungen eropzekommen vun der nationaler Wäertschöpfung, fir et deenen Äermste vun deenen Aarmen zoukommen ze loossen. Dat ass eng Victoire fir d'Solidaritéit!

Mir sinn och frou, datt an deene verschiddene Relatiounen, déi Europa mam Rescht vun der Welt hat, d'Présidence - an do all déi, déi d'Responsabilitéit gedroen hunn - eng gutt Figur ofginn hunn. Ech mengen och, datt hei am Haus - ech wëll dat och soen als Vertrieder vun der Demokratescher Fraktioun - bal jiddfereen dozou bäigedroen huet, a mir och. Mir hunn eis zréckgehale mat lästege Froen oder Débaten. Mir hunn - net fir owes doheem erauszegoen, oder fir fir näischt ugestallt ze ginn - déi Zäit profitéiert, wou mer keng Question parlementaire virbereet hunn, fir bei d'Comptoiren erklären ze goen, wourëm datt et geet. A mir si paff iwwert dee Gruef, deen et engersäits tëschent den Aussoe gëtt an anerersäits tëschent deem, wat bis elo percevéiert ginn ass.

An de Michel Wolter huet Recht, wann e seet, do wou soss zéng Leit souzen, begéine mer der elo 120. Et ass awer net, datt do wou der soss zéng souzen, net iwwer Europa geschwat ginn ass. Et ass driwwer geschwat ginn, mä et huet keen interesséiert. Firwat interesséiere sech d'Leit elo op eemol? Mir hunn d'Gefill, datt et d'Leit haaptsächlech duerfir interesséiert, well et elo spannend gëtt. Et gëtt spannend an déi Tensioun wäert och nach zouhuele bis zum 10. Juli. An déi Spannung huet, quoi qu'on en dise, awer ee Virdeel, nämlech deen, datt mer alleguer ënner Zwang sinn, fir déi Obligation de résultat, fir den 10. Juli dat do eriwwerzekréien, voll a ganz ze assuméieren. Ech mengen, ech schwätzen do bal am Numm vu jiddferengem heibannen; bal am Numm vu jiddferengem, wann ech dat virun zwee Méint gesot hätt, dann hätt ech gesot, mir kënnten am Numm vu jiddferengem heibanne schwätzen.

Well et geet hei ëm schrecklech villes. Et geet ëm villes, wat mer verstane ginn ass, et geet ëm villes, wat d'Leit plot a wat se dann - à tort mengen ech - mam europäeschen Integratiounsprozess assimiléieren. An et ass och esou, datt - op jidde Fall sou wäit wéi ech déi Rendez-vousë mat der öffentlecher Meenung an Erënnerung hu bis elo - et net drëm geet, fir sech doriwwer ewechzesetzen, mä deen, dee geplot ass mat engem Problem, dee muss och eng Äntwert fannen op dee Problem.

Een, dee seng Aarbecht viru kuerzem verluer huet oder dee soss vill Misère huet, dee kann een an där Phas doudsécher net fir Europa begeeschteren.

Et stëmmt och, datt et bei all Prozess Verléierer gëtt. Am europäeschen Integratiounsprozess gëtt et sécher enorm vill Gewënner, et gëtt och vläicht déi eng oder déi aner Verléierer. Mat deene musse mer och schwätzen an deene musse mer ganz kloer soen, datt d'Politik sech besonnesch muss mat deenen ofginn an net sech iwwert deenen hir Suergen ewechsetzen.

Et ass een tentéiert no den Ausféierunge vum Statsminister, fir elo grouss Wierder oder grouss Sätz ze beméien. Ech hat probéiert derlaanscht ze kommen. Mä ech wollt Iech awer, wéi ech nogelauschtert hunn, och e puer Zitater an Erënnerung bréngen, déi mech perséinlech terribel beweegt hunn. 1990, kann ech mech erënneren, hunn ech mat engem Direkter vun enger Klinik am Oste vu Rumänien geschwat, an do sot deen, wéi mer erausgaange sinn, an engem perfekte Franséisch - an en hat d'Land ni verlooss, en huet dat niewebäi studéiert -: „Den Hitler huet mir eng hallef Generatioun confisquéiert. De Stalin an de Brejnev an den Tchernenko a wéi se alleguer heeschen, déi hu mer annerhallef Generatioune confisquéiert. Zwou Generatioune vu mengem Liewe sinn hin. Je suis arrivé au bout du rouleau."

De Mann ass och 14 Deeg drop gestuerwen.

E bësse méi wäit war eng Demonstratioun vu Studenten, an déi hunn den Uschloss un d'transatlantesch Sécherheetsstrukture gefuerdert, engersäits, an den Zougank zum europäeschen, politesche Wirtschaftsraum, anerersäits. An ech hunn och gesot, datt dat net esou evident wier, datt dat net esou séier géing goen.

Déi, déi deemools 15 Joer al waren, déi hunn der haut 32. Déi, déi 45 Joer al waren deemools, an deenen hir Eltere schonn hir Jugend confisquéiert kruten a si bis dohinner hiert Liewen, déi sinn haut an der Pensioun. An alleguer déi, déi mengen, den Elargissement wier ze séier gaangen, déi sollen eng Kéier mat deenen dote schwätzen. Déi hunn d'Gefill, datt et bei hinnen ze lues gaangen ass.

Si si privéiert gi vun den Zouwendunge vum Marshall-Plang. Do si 16 Milliarde fir 17 Länner - oder 17 Milliarde fir 16 Länner, ech weess et net méi - zur Verfügung gestallt ginn, a si waren alleguerten privéiert. Mir hunn nogekuckt, ouni iergendeppes ze ënnerhuelen, 1956 zu Budapest. Mir hunn nogekuckt, ouni eppes kënnen ze ënnerhuelen, 1978 zu Prag. Mir hu bei villem nogekuckt, wat mat Ënnerdréckung vu Mënscherechter a Minoritéitérechter ze dinn hat.

An da kënnt och dat zweet Zitat. Wéi dunn den eiserne Rideau gefall ass, du war zu Lëtzebuerg eng Konferenz. Do huet de fréiere polneschen Ausseminister Skubiszewski eng Ried gehalen an du sot en: „Mir sinn amgaang en attendant …" - 1990 huet nach kee vun Erweiderung no Polen geschwat - „…eis Relatioune mat den Nopeschlänner, well den Droit positif international esou aarm ass, anescht ze gestalten. A mir hu wëlles der däitschsproocheger Minoritéit a Polen wäitgehendst politesch a kulturell Rechter ze ginn. Deeselwechte Standard, dee mer do an deen Traité setzen, dee wëlle mer applizéieren an eisen Négociatioune mat Litauen. Well et do eng staark polneschsproocheg Minoritéit gëtt, deenen hir Rechter bafouéiert ginn, a mir hätte gär, datt dat lues a lues ëm sech gräift."

Spéider koumen d'Kopenhagener Kritären, an déi Länner hu sech alleguer dru gehalen. A wann een nëmmen ee Moment zréckdenkt: An engem Land wéi Rumänien, wann een do e Rattenfänger gehat hätt, deen nëmmen d'Halschent vum Talent gehat hätt vun engem Jean-Marie Le Pen, deen hätt bei deem Mosaik vu Kulturen a Minoritéiten dat Land do à feux et à sang gesat.

D'Rumänen haten d'Intelligenz, ënnert der Bannière vun de Bäitrëttskritären, fir un d'Spëtzt vun hirem Ministère, dee responsabel ass fir d'Gestioun vun de Minoritéiten, e Magyar ze setzen, wat en Zeechen no bannen an och en Zeechen no bausse war.

An et ass erstaunlech, an dat confirméiert och dat, wat mer de Mëtteg am Ufank hei héieren hunn, datt an all deenen do Länner, déi eng Perspektiv kruten, keen eenzegt sech tentéiere gelooss huet fir op dee Wee ze goen, deen esou laang virdrun an der Geschicht vun Europa begaange ginn ass.

A wann ee sech dat nëmmen ee Moment an Erënnerung rifft, fir et dann op déi Comptabel-Dimensioun vun der Politik ze reduzéieren, déi leider à l'origine ass vum Echec zu Bréissel, da stelle mer fest, datt mer de Präis bezuelt hu vun der Responsabilitéit. Dee Präis, deen ass esou lächerlech niddereg, datt mer eis bal musse schummen, datt mer iwwerhaapt mussen doriwwer schwätzen.

Do wou Dir Iech net konnt drop eenegen - an dat ass wéi gesot Är Schold net - dat sinn 0,05% Crédits d'engagement souwäit wéi ech verstanen hunn, dat si mol keng Crédits de payement. D'Crédits de payement sollen op 1% plafonnéieren. A souguer wann d'Crédits d'engagement alleguer duerno, am Fall wou déi Virschléi do eng Kéier ugeholl géifen, géife Crédits de payement ginn, da géife mer mat 5‰ - Mat 5‰! - dat bezuelen, wat déi do an Aussiicht gestallt kritt hunn. Et muss ee wierklech awer en Effort maachen, fir net mussen haart doriwwer ze laachen, datt iwwer esou eng minim Zomm muss gestolpert ginn.

Déi Kris, an där mer dra sinn, mécht eis Suergen, well et ass eng Kris vun der Solidaritéit. Eng Kris vun der Solidaritéit, déi praktesch esou al ass wéi d'Europäesch Unioun a si kënnt elo voll zur Explosioun. Grouss Divergenze si schonn am Haager Kongress vun 1947 mengen ech zur Sprooch komm, an déi hu bis haut ëmmer d'Europäesch Unioun net gespléckt, mä et ass maskéiert ginn duerch déi Accorden, déi komm sinn.

Mir hätte gär, datt mer an den nächste Wochen et fäerdeg bréngen, datt déi Dynamik, an där mer dra ware säit den Ufäng vun der europäescher Integratioun, net gebrach gëtt, an et ass och ee vun de Grënn, firwat datt mer fir den 10. Juli antrieden, datt mer dann dee Referendum kréien. Well den 11. Juli, wann dat den Dag nom Jo ass, dann huet Lëtzebuerg dem europäeschen Integratiounsprozess e formidabelen Impuls ginn.

Well d'ganz Welt - an dat stëmmt - déi kuckt op eis an op dat, wat mir deen Dag maachen. Well mir sinn dat éischt Land, wat no deene Katastrophen a Frankräich an an Holland duerch säi Vollek wiele léisst. An all déi, déi drun interesséiert sinn, dat sinn der ganz vill. Dat sinn der eng Partie an Europa, an ech hoffen, datt et déi meescht sinn, an et sinn der och eng Partie am Rescht vun der Welt.

Wa mer owes d'Verfassung erkläre ginn, da kréie mer ëmmer den Neoliberalismus an d'Gesiicht gehäit. Mä et ass ee Saz dran, dee vun Économie sociale de marché schwätzt. Wann een elo dat do verzielt hannert de Grenze vun der Europäescher Unioun, dann trëfft een zimlech op daf Oueren. Do wëllt keen eppes dovun héieren. Et ass awer Europa, doduerch datt mer engem oder zwee Kommissären de Mandat gi fir négociéieren ze goen um Welthandel, wat dat do diskutéiert. Et ass Europa, wat dat do an d'Debatten erabréngt. Et ass Europa, deem et geléngt, datt och déi Aarm eng Stëmm kréien an deene ganzen Ausenanersetzungen. Ech mengen, mir wiere gutt beroden, wa mer eis géifen op dat Wesentlecht konzentréieren.

En zweet Zitat, wat ech awer nëmmen zum Deel wëll hei erëmginn, well soss kënnt et Ulass ginn, wann ech den Original zitéieren, zu gewëssenen Irritatiounen. Duerfir ginn ech et nëmme just an ofgewandelter Form erëm, dat ass: „Wann ee mam Fanger op d'Zukunft…" - et ass eng Ofwandlung vun engem chinesesche Spréchwuert - „…weist, da gesinn déi eng nëmmen de Fanger an déi aner nëmmen d'Zukunft."

Et wier vläicht gutt, wa mer géifen an där Ausenanersetzung, déi elo op eis duerkënnt, méi wéi de Fanger gesinn. Zu Lëtzebuerg kënne mer jo alleguerten deene Leit, déi deen Text kritiséieren - an et sinn der jo, déi sech offusquéieren, wa se dann en Artikel virliesen, wou ech muss zouginn, datt een domat net eng Quinzaine du beau langage kënnt opmaachen, oder eng Semaine littéraire - wann déi Artikelen zitéieren, alleguer nach honnert aner Artikelen zitéieren, déi grad esou blöd klèngen, wann ee se aus dem Kontext erausbhält.

Mä dat, wat wichteg ass, dat ass, datt mer en Text hunn, an dat schéngt allgemeng vergiess ze sinn, dee verbindlech ass fir déi aner. Hätte mer esou en Text gehat virun 61 Joer, dann hätte mer vläicht aner Argumenter gehat wéi nëmme just eis Verfassung deenen ze opposéieren, déi wollten op Besuch kommen an déi net hei erwënscht waren.

Dat, wat nämlech wichteg ass, dat ass net nëmmen, datt ee Regelen huet an datt een ee gescheiten Aufsaz schreift, mä dat ass datt déi Regele respektéiert ginn. Datt mer an engem politesche Gebaren dra sinn, wou Regelen hir Gültegkeet hunn, wou d'Rechter kënnen ageklot ginn a wou et och Justizorganer gëtt, déi, wa se befaasst ginn domadder, kënnen erëm eng Kéier fir d'Anhale vun deenen Texter do suergen.

Mir hu vum Präis vun der Responsabilitéit geschwat. De Statsminister huet vum Präis vun der Indifferenz geschwat, an ech mengen, et ass keen dee bereet wier, de Präis vun der Indifferenz ze bezuelen. Et ass kee Mënsch, dee géing drun denken, wat et géing kaschten, géing woen nëmmen drun ze denken, wat et géing kaschten, wa mer missten nach e puer sou Operatiounen duerchzéie wéi déi am Balkan. A wa mer wëllen hunn, datt mer als Lëtzebuerger an als Europäer eis nach nom 10.Juli kënnen an de Spigel kucken, da solle mer eis bewosst sinn, datt et net duergeet mat Sonndesrieden, wou mer ëmmer erëm kënne soen «Plus jamais ça.» Dat ass soss näischt wéi Monumenter vun Hypokrisie, wa mer net bereet sinn déi Responsabilitéiten unzehuelen, déi sech dorauser implizéieren.

De «Plus jamais ça.», dat hu mer no Auschwitz erlieft. De «Plus jamais ça.», dat hu mer no Srebenicza gesot. De «Plus jamais ça.» ass fir d'lescht gesot gi beim 10. Anniversaire vum Ruanda. De «Plus jamais ça.», dee wäerte mer och soen, wa mer nach e bëssen tatenlos nokucken, datt am Darfur honnertdausende Leit schonn dout sinn, dat sech niet déi honnertdausenden nach eng Partie gesellen, wou och d'Frae violéiert ginn an duerno an de Pëtz geheit ginn an et gëtt Sand drop geheit, an duerno wäerte mer dann iergendwann erëm eng Kéier en Anniversaire feieren, den 10., wann dat eriwwer ass, dat Schluechtfest, da wäerte mer soen: «Plus jamais ça.»

De Verfassungsvertrag, iwwert dee mer den 10. Juli ofstëmmen, huet eng Partie Äntwerten op d'Ängscht, déi d'Leit beweegen. Am Beräich Justice et affaires sociales gëtt et Méiglechkeete fir méi wäit ze goen. An ech mengen, et geet net wäit, wann een, wat do drasteet, net kann uwenden.

Am Beräich wirtschaftlech a monetär Organisatioun gëtt et eng Partie Äntwerten, déi eis méi wäit bréngen. Am éischten Deel vun der Verfassung gëtt et ganz staark Signaler a Richtung Parlamentsrechter. An där ganzer verréckter Globalisatioun, an där mer haut dra liewen a wou d'Europäesch Unioun am Fong e Bouclier duerstellt, hannert deem mer eis kënnen organiséieren, fir déi Defiè besser kënnen ze relevéieren, mengen ech stinn och Äntwerten op déi Zukunftsängscht, déi d'Leit beweegen. Dat ass e ganz staarke Signal fir déi jonk Leit, déi mer leider net esou masseweis an eise Versammlunge gesinn, wéi mer eis dat alleguer géinge wënschen.

Ech hoffen, dass et eis geléngt, dass mer d'Quintessenz vun där ganzer Démarche, déi Lëtzebuerg zu engem onwahrscheinleche Wuelstand, Prospéritéit a Prestige an der Welt verhollef huet, dat mer déi kënnen eriwwerretten an d'Zäit nom 10.Juli. Well wéi gesot, déi ganz Welt kuckt op eis. Et ass un eis fir mat Détermінatioun, mat Courage, mat ganz vill Ausdauer an déi verschidden Owender ze goen, eis Frënn ze iwwerzeegen, eis Bekannten ze iwwerzeegen a besonnesch och déi ze iwwerzeegen, déi bis elo nach mat aneren Argumenter sech erëmploen. Een-

zel Argumenter muss ee sech zu Gemitt féieren. Anerer ginn duerch Widderhuelung net méi richteg. Dofir ass et un eis fir elo mat ganz vill Asaz dee Match do ze packen.

Mir sinn iwwerzeegt - an duerfir hu mer och gesot, datt mer den 10. Juli wëlle stëmme goen -, datt et déi beschte Regelung war, datt et net gutt gewiescht wier fir een demokratesche Prozess ze ënnerbriechen, datt déi Dynamik an déi opbauend Argumentatioun, déi konnt gefouert ginn, ka weider gefouert ginn, well se fänkt menger Meenung no un ze gräifen.

Et ass aus deene Considératiounen eraus, wou mer ouni Wenn und Aber mat ganz vill Détermination wäerten déi Épreuve do packen. Mir wäerten et gemeinsam maachen, a wa mer duerno de Bilan zéien, da kënne mer stolz sinn iwwert déi Ausenanersetzung an och déi Qualitéit vum Débat, déi mer dann an de leschte Wochen a Méint hei am Land haten.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Ben Fayot.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber confirméiert haut, dass mer den 10. Juli wéi virgesinn de Referendum ofhalen an dann och déi parlamentaresch Ratifikatioun den 28. Juni ufänken, déi zwar och schonn haut remarquablement ugefaangen huet, mä den 28. geet et eigentlech eréischt richteg lass.

Här President, zu där Décisioun vun der Chamber wollt ech zwee Punkten ervirhiewen. Den éischte betrëfft den Objet vum Referendum, nämlech de Verfassungsvertrag u sech. Nom franséischen an hollännesche Referendum gouf jo allgemeng behaapt de Verfassungsvertrag wier dout. Dat stëmmt aus zwou Ursaachen net.

Engersäits huet jo de Conseil européen bestëmmt, dass d'Ratifikatioun virugeet. Wann de Verfassungsvertrag dout wier, hätt de Conseil européen d'Ratifikatiounsprozedur ofgebrach. Hien huet dat net gemaach. Hien huet au contraire gesot, déi Prozedur géif virugoen.

Op där anerer Säit an elo mol ofgesi vum Respekt fir déi Memberlänner, déi scho ratifizéiert hunn, gëtt et fir mech virun allem inhaltlech Ursaachen, firwat dee Verfassungsvertrag net dout ass. De Kompromiss iwwer Inhalter, iwwer Institutiounen a Politiken, deen an deem Text erreecht ginn ass, ass deen eenzeg méiglechen zwëschent de 25 Memberlänner an Europa.

Besonnesch déi lescht Deeg hu jo gewisen, wéi schwéier et ass trotz intensiven Ustrengungen Kompromisser an Europa erbäizeféieren. Déi Deeg hu gewisen, dass iwwer e Sträit iwwert d'Suen eng déif Zerrassenheet ënnert de Länner iwwert d'Natur vun Europa besteet.

Mir Lëtzebuerger sinn un engem integréierten Europa interesséiert, dat besser a méi demokratesch fonctionnéiert, dat méi staark den europäesche Gesellschaftsmodell mat dem Gläichgewiicht zwësche Wirtschaft, Sozialem an Ekologeschem verfollegt. De Verfassungsvertrag ass den Astieg an esou en Europa. En ass den Ufank fir aus enger reng wirtschaftlecher Logik vum Bannemaart an eng Logik vun der Nohaltegkeet, an eng sozial an eng ekologesch Logik eranzeklammen. A wa mer iergendeng Chance an der Zukunft wëllen hunn, dat politesch ze erreechen an Europa, ob zu alle 25 oder nëmmen zu e puer, da solle mer ophalen dee Verfassungsvertrag, deen dat erméiglecht, als dout ze erklären.

Da solle mer ophalen sou ze maachen, wéi wann elo duerch eng Neiverhandlung eppes Besseres an där Hisiicht erreecht kënnt ginn. Da solle mer ophalen ze maachen, dat wier alles näischt. Mir solle vill méi insistéieren op déi Perspektiven, déi am Verfassungsvertrag sinn, fir Europa besser fonctionnéieren ze dinn, fir Europa säi Modell an der globaler Welt ze stäerken, fir Europa a seng Sécherheet no bannen an no baussen ze stäerken. Fir déi politesch Eegestännegkeet vun Europa an der Welt och vis-à-vis vun de Vereenegte Staten ze affirméieren. Déi Perspektive gëllen och nach muer, esouguer wann de Vertrag formal net ratifizéiert géif. Fir dass déi Perspektiven zum Droe kommen, wann och vläicht dann nëmme mëttelfristeg, musse méiglechst vill Länner sech dofir ausschwätzen.

Dat ass déi inhaltlech Ursaach, firwat dass all Land sech par rapport zum Verfassungsvertrag situéiere soll a firwat och d'Biergerinnen an d'Bierger vu Lëtzebuerg hir Meenung soe mussen an dass dat och net däerf ausgesat ginn.

Här President, den zweete Punkt, deen ech kuerz sträife wollt, ass déi gemeinsam Décisioun vun der Chamber, de Referendum net ze verleeën, mä den 10. Juli wéi virgesinn ofzehalen. Déi fënnef Fraktiounen hunn dat zesummen décidéiert, no enger kuerzer an intensiver Phas vu Reflexioun a Consultatioun an de Parteien, an de Fraktiounen, och zwëschent de Parteien. Dës Phas huet e Freideg de Moien ugefaangen, nodeem d'Resultat vum Conseil européen bekannt gouf.

Mir haten ons éierlech gesot - et ass scho vu menge Virriedner ënnerstrach ginn - méi eng kloer Décisioun vum Conseil européen erhofft. Mir haten zum Beispill gehofft, de Conseil géif en neien Zeenario fir déi nach ausstehend Ratifikatioun virschloen, zum Beispill e gemeinsamen Datum fir all Referenden, eng europäesch Léisung éischter wéi eng reng national.

Déi europäesch Léisung gëtt an Zukunft onëmgänglech. Ganz einfach, well mer amgaange sinn aus dem nationalen an den europäesche politesche Raum ze trieden. De franséischen Débat huet vill Lëtzebuerger interesséiert an influenzéiert. Den Interesse vun der internationaler Press un deem, wat zu Lëtzebuerg vir sech geet, weist dat och. Mir sinn awer nach net an engem Espace public européen ukomm. Mir hunn dofir gesicht, eng gemeinsam Positioun zu Lëtzebuerg ze erreechen, well mer alleguer der Meenung waren, dass innenpolitesch Grabenkämpf iwwert den Datum vum Referendum der Ausenanersetzung iwwer Europa méi schuede wéi notze géif.

Et gouf och keen Hin an Hier, wéi dat mol behaapt ginn ass. Et gouf e responsabelt Virgoen. Et gouf an de Parteien an zwëschent de Parteien eng demokratesch Diskussioun an duerno eng Décisioun.

Wat sinn dann d'Ursaache fir den 10. Juli als Datum vum Referendum ze behalen? Déi éischt ass déi, dass kee richteg gesäit, wat weider sechs oder néng Méint Campagne nach géifen un Informatioun oder Diskussioun méi bréngen.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ech erënneren trotzdeem hei drun, an d'Chamber misst dat eigentlech wëssen, dass de Prozess vum Verfassungsvertrag direkt am Dezember 2000 ugefaangen huet. Dunn huet den europäesche Conseil no de batteren Nuechte vun Nice erkannt, dass déi intergouvernemental Method fir Verträg auszehandelen um Enn ukomm wier. En huet erkannt, dass Europa méi no zu de Bierger komme muss. Hien huet d'Länner opgefuerdert méi intensiv mat de Bierger iwwer Europa ze schwätzen, si méi anzebannen.

An där Logik huet d'Lëtzebuerger Chamber sech während dem Joer 2001 mat engem Questionnaire a mat e puer Versammlungen un d'Bierger gewant. Am Dezember 2001 huet den Europäesche Rot zu Laeken e Konvent aberuff an an deem Konvent all déi Froe gestallt, déi uechter ganz Europa iwwert d'Europäesch Unioun gestallt goufen.

Loosse mer och drun erënneren, dass schonn en éischte Konvent zwëschen 1999 an 2000 d'Charta vun de Grondrechter op eng offen an demokratesch Manéier ausgeschafft huet. Och do hu mer Auditiounen hei an der Chamber organiséiert an d'Zivilgesellschaft gefrot.

Den zweete Konvent huet vum Mäerz 2002 bis de Juli 2003 getagt, an aller Öffentlechkeet an Transparenz. All Kaarte goufen op den Dësch geluecht. Dëse Konvent war demokratesch an offen. En huet an alle Medie grouss Opmierksamkeet fonnt. D'Regierungskonferenz huet duerno bis zum Oktober 2004 de Verfassungsvertrag vum Konvent zu néng Zengtel iwwerholl an d'Stats- an d'Regierungschefen hunn dat Dokument den 29. Oktober 2004 ënner grousser öffentlecher Opmierksamkeet ënnerschriwwen.

Fir keen aneren europäesche Vertrag ass esou vill an esou offen an der breeder Öffentlechkeet, mat der Zivilgesellschaft, mat den ONGen, mat de Gewerkschaften, mat den Acteuren aus der Wirtschaft diskutéiert ginn.

Et ass dunn an de leschte sechs Méint e groussen Effort vu Kommunikatioun an Diskussioun vun der Regierung, der Chamber, de Parteien, de sozialen a wirtschaftlechen Acteuren ënnerholl ginn.

Vill Mouvementer - mir wäerten dat d'nächst Woch gesinn an ënnerstäichen - hunn Avisë virgeluecht, Positioune geholl, d'Beruffschamberen, d'Mënscherechtskommissioun, d'ONGen, d'Gewerkschaften, d'Parteien. D'Zivilgesellschaft huet sech zu Wuert gemellt. Ech erënneren un den Appel vun de 66 Personalitéite fir de Jo. D'Zeitunge si säit Woche voll vun Europa. Europa ass elo am Mëttelpunkt vum öffentlechen Interessi. Dat steigert sech an de leschten dräi Wochen. Ech mengen éierlech gesot net, dass mer méi maache kënnen, an dofir sinn ech der Meenung, dass d'Bierger sech elo ausdrécke sollen.

Dobäi kënnt och eppes, wouvun ech ëmmer iwwerzeegt war. Um Enn vun der Présidence ass et ganz sécher e Bonus fir de Jo fir de Verfassungsvertrag, dass déi Présidence esou sech entwéckelt huet wéi se sech entwéckelt huet. Mat all deene Succèsen, déi de Mëtteg hei duergeluecht gi sinn. Mat all deenen Unerkennungen, déi d'Lëtzebuerger Présidence uechter ganz Europa fonnt huet. Och esouguer den Echec op de Finanzperspektiven. Dee révéléiert no bausse wat ka geschéien, wann aner Virstellungen iwwer Europa sech duerchsetze wéi déi, déi mir an der Logik och vun der Europäescher Verfassung wëllen duerchsetzen an déi de Statsminister hei op eng ausgezeechent Manéier duergeluecht huet.

Ech menge schonn, dass déi Présidence e Sprangbriet ass fir ze rebondisséieren an dem Asaz fir den Europäesche Verfassungsvertrag an och de Lëtzebuerger ze soen, dass dësen Europäesche Verfassungsvertrag an der Logik vun där Présidence a vun där Politik, déi d'Lëtzebuerger Regierung do probéiert huet duerchzesetzen, ass.

Da stellt d'Fro sech, Här President: Gëtt et e Risiko? Sécher gëtt et ëmmer e Risiko, wann een eng Wahl mécht. Mir si jo hei an enger Demokratie. Mir sinn net hei an enger Volleksdiktatur. Esou dass et ganz kloer ass, dass och déi baussentlech Afléss kënnen en Afloss dorobber hunn, wéi mer dat bei der franséischer Wahl gesinn hunn, déi déi Tendenz och zu Lëtzebuerg verstäerkt huet, an och déi vill Argumenter vum franséischen Débat, deen an de Lëtzebuerger Débat agefloss ass.

Ech sinn awer iwwerzeegt, dass dëse Risiko vun engem Neen zu Lëtzebuerg net reell ass.

Ech sinn iwwerzeegt, dass wat d'Wahl méi no kënnt, d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger sech hire Vote gutt iwwerleeë wäerten. Si wëssen nämlech, dass Lëtzebuerg net Frankräich ass. Si wëssen och, dass Lëtzebuerg an Europa eng aner Geschicht ass wéi Frankräich an Europa oder Holland an Europa. An nach ganz aner wéi Groussbritannien oder Schweden an Europa. Lëtzebuerg ass Europa.

Lëtzebuerg, zwëschent Däitschland a Frankräich agekeilt, kann ouni Europa net existéieren. Säi Räichtum, seng Méiglechkeeten, seng Zukunft vu senger Jugend sinn europäesch.

Wann d'europäesch Länner ronderëm sech net verstinn, steet d'Existenz vu Lëtzebuerg als souveränt Land um Spill. Wann d'europäesch Länner zesummeschaffen, ass dat gutt fir Lëtzebuerg. Lëtzebuerg brauch Europa.

Et gëtt kaum e Land vun Europa wat esou enk mat dem Opbau vun Europa verwuess ass. Et gëtt kaum e Land wat esou vill politeschen, wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Profit aus dem europäesche Mateneen zitt.

Ouni Europa hätt Lëtzebuerg keng Bankplaz mat iwwer 20.000 Beschäftegten, mat villen Affekotenetüden, Fiduciairen an anere Servicebetriber, déi dorun hänken.

Ouni Europa hätt Lëtzebuerg, et ass scho gesot ginn, weder eng Goodyear, nach en DuPont de Nemours. An ouni Europa hätt ons Ekonomie net iwwer 100.000 héich qualifizéiert Beschäftegter aus dem Grenzgebitt zur Verfügung.

Ouni Europa hätte mer keng Währung, déi iwwerall an Europa ugeholl gëtt an onsen Exportbetriber Stabilitéit gëtt.

Villes vum moderne Lëtzebuerg gouf iwwer ons Zesummenaarbecht an Europa ugestouss. Et gëtt kee Land wat duerch seng geographesch Positioun, duerch seng Dimensioun an duerch d'Wiese vu senger Wirtschaft, déi no bausse geriicht ass a gréisser Mäert brauch, esou staark un Europa gebonnen ass wéi Lëtzebuerg.

Mir sinn och e Land op der Landkaart, mat sengem Ruff an Europa an an der Welt, an ons Sécherheet gëtt duerch déi aner Länner garantéiert no banne wéi no baussen, zesumme mat hinnen. Dat alles gëtt Europa ons.

An dofir sinn ech iwwerzeegt, dass d'Lëtzebuerger den 10. Juli massiv dem Verfassungsvertrag zoustëmme wäerten an domat natierlech och der europäescher Geschicht an der europäescher Zukunft vun onsem Land.

Mir wëllen als LSAP och an de kommende Wochen alles maachen, fir dass dat geschitt.

Här President, ech wollt zum Ofschloss och eng Resolutioun virleeën, an där d'Chamber confirméiert, dass se den 10. Juli dee Referendum wëllt halen an dass se also zu deem Vertrag steet. Déi Resolutioun ass vu véier Fraktiounen ënnerschriwwen, de Fraktiounschefe vun de véier Fraktioune vun dem Front du oui.

***Résolution 1***

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les conclusions du Conseil européen des 16 et 17 juin 2005 appelant les États membres à poursuivre le processus de ratification du Traité constitutionnel sans autre précision que celle d'une éventuelle période de réflexion;*

*- considérant de ce fait que le projet de Traité constitutionnel, préparé par la Convention, négocié par la Conférence intergouvernementale et signé par les 25 chefs d'État et de gouvernement, reste acquis et constitue le seul compromis valable à l'heure actuelle pour faire avancer l'Europe;*

*- considérant l'affirmation du Conseil européen que «ce traité est le fruit d'un processus collectif, destiné à donner la réponse adéquate pour un fonctionnement plus démocratique, plus transparent et plus efficace d'une Union européenne élargie»;*

*- considérant que chaque État membre est et reste souverainement responsable pour fixer la date et le mode de sa ratification;*

*- considérant qu'au Luxembourg, c'est le mode référendaire qui a été retenu pour la ratification, que la date du référendum sur le Traité constitutionnel a été fixée par voie législative, que la procédure menant au vote du 10 juillet suit son cours et que les opérations de vote par correspondance ont d'ores et déjà commencé;*

*- considérant que le débat sur le Traité constitutionnel et sur la construction européenne s'est développé dans notre opinion publique depuis des mois et qu'il prend de l'ampleur à l'approche du scrutin;*

*- considérant que la Chambre confirme sa volonté de donner la parole aux citoyennes et aux citoyens luxembourgeois pour se prononcer sur ledit Traité;*

*décide*

*- de maintenir la date du 28 juin 2005 pour le vote en première lecture parlementaire du projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe et celle du 10 juillet 2005 pour le référendum sur le Traité constitutionnel.*

*(s.) Ben Fayot, François Bausch, Lydie Err, Charles Goerens, Michel Wolter.*

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den Här François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt fir déi gréng Fraktioun zwee Grënn, firwat de Referendum den 10. Juli soll stattfannen.

Den éischten ass dee vum Demokratieverständnis. Dat ass dee Grond, wou ech mech manner muss beméie fir en ze erklären, well e relativ kloer ass. Et ass esou, datt mer an deem Ratifizéierungsprozess sinn, wou 25 Länner dra sinn. Een Deel hunn en ofgeschloss, e groussen Deel schonn. E groussen Deel vun deem groussen Deel huet e positiv ofgeschloss an eng Minoritéit huet e bis elo negativ ofgeschloss. An et ass virgesinn, datt an deem Ratifizéierungsprozess d'Stëmm vun engem Land gradesou vill wäert ass wéi déi vun engem aneren. Dat ass iwwregens och an der Logik wéi d'Europäesch Unioun fonctionnéiert, wéi se sech opgebaut huet a wéi se och weider wäert fonctionnéieren.

Duerfir ass et och kloer fir eis als gréng Fraktioun, datt weder d'Fransousen, nach d'Hollänner d'Recht hunn de Lëtzebuerger virzeschreiwen, wéi een Europa datt si wëllen. Eréischt nodeem 25 Länner ausgedréckt hunn, wéi si zu deem Text do stinn, kann en definitive Bilan gezu ginn.

An duerfir ass et och nëmmen normal, datt den 10. Juli d'Lëtzebuerger Vollek souverän säi Wëlle soll ausdrécke par rapport zu deem Traité constitutionnel, deen elo virläit. An et ass och gradesou selbstverständlech, an dat huet dëst Parlament onmëssverständlech zum Ausdrock bruecht, an enger Resolutioun virun e puer Wochen, datt dëst Parlament de sou-

veräne Wëllen, deen den 10. Juli wäert ausgedréckt ginn, wäert respektéieren.

Domadder kann ech schonn iwwergoen zum zweete Grond. Nämlech dee politesche Grond, firwat een den 10. Juli onbedéngt muss bäihalen, a mat deem ech mech wëll e bësse méi laang beschäftegen.

Et gëtt jo elo behaapt, am Ausland am Moment nach méi wéi hei am Land, mä et wäerten der och gläich elo hei am Land doruechter lafen, déi dat behaapten, dësen Traité wär dout, en hätt keng Valeur méi an eigentlech géinge mer hei d'Lëtzebuerger doen iwwer eppes ofstëmmen, wat souwisou an där Form ni a Kraaft wäert trieden.

Bei deenen hei am Land, behaapten ech, déi dat verziele ginn, dat ass well se souwisou an hirem Schlingerkurs, dee se bis elo gefuer sinn, kaum besser Argumenter fannen, fir duerch den 10. Juli ze versichen innenpolitesch eppes fir sech erauszezéien. Bei deenen am Ausland, déi dat behaapten, gëtt et aner Grënn. Do gëtt et handfest a knallhaart politesch Grënn, firwat se de Moment behaapten, datt den Traité dout ass.

Mir brauchen eis nëmmen e bësselchen op europäeschem Niveau unzekucken - an de Premierminister huet dat op eng brillant Aart a Weis och scho gemaach virdrun - an da festzestellen emol, wat fir eng Länner a wat fir eng Vertrieder vu wat fir enge Länner et dann elo sinn, déi eigentlech schonn nom éischten Nee schadenfro sech an d'Fauscht gelaacht hunn, nom zweeten Neen nach méi a spéitstens nom leschte Sommet, no deem Trauerspill, dat mer ronderëm d'Finanzéierungsfro och erlieft hunn, ass et däitlech ginn, wat fir eng Kräften an Europa eigentlech Interessen drun hunn, datt et net zu engem politeschen Europa kënnt.

Bei de Finanzéierungsperspektiven, déi d'lescht Woch vill diskutéiert gi sinn, do ass jo e virgeschobene Grabenkampf haaptsächlech an de Vierdergrond gestallt ginn, nämlech dee vun deem ominöse Briterabatt par rapport zu den Agrarsubventiounen. Mä ech behaapten awer ganz däitlech, datt dat e virgeschobene Grond ass, well wann ee mol kuckt an och tëschent den Zeile liest, wat do vun den Engländer probéiert ginn ass a wat gesot a behaapt ginn ass, a virun allem och elo wat nom Echec behaapt gëtt, och en vue vun der englescher Présidence, da gesäit ee ganz däitlech, datt net nëmme bewosst et net zu engem Accord hätt solle kommen, mä datt et hei wierklech ëm eng aner Konzeptioun vun Europa geet.

Wann een d'Kommentaren an deene leschten Deeg an den Zeitunge liest, gëtt et däitlech, wien am meeschte Profit aus dëser aktueller europäescher Kris zitt; an d'Engländer, déi iwwerhuelen elo d'Présidence.

An do muss ech soen, op Basis vun engem Tëscheruff, deen elo am Ufank hei gemaach ginn ass, an England regéiere jo leider net déi nei Gréng, mä déi nei Sozialisten.

***(Interruption)***

An dee Wee, deen den Här Blair, de Chef vun den neie Sozialisten, virzeechend, gëtt ëmmer méi däitlech an deem Kontext: manner Reguléierung a méi Wirtschaftsfräiheet. An et gëtt alles esou diskutéiert an op Basis vun där, eigentlech guer net neier, mä ganz ganz aler wirtschaftsliberaler Thees, déi soll heeschen: Méi Wuesstem bréngt automatesch méi Aarbechtsplazen, bréngt automatesch méi Wuelstand fir jiddereen.

Fakt ass awer, datt ee muss feststellen - a jiddereen, dee sech d'Méi mécht regelméisseg déi inan auslännesch Wirtschaftssäiten ze liesen an den Zeitungen, weess dat -, datt mer weltwäit an deene leschte Joren, eng kolossal Augmentatioun vum Räichtum kennen, eng Augmentatioun vum Gesellschaftsräichtum insgesamt, déi historesch ass. De Problem ass just, datt dëse Räichtum ëmmer manner gerecht verdeelt gëtt. A Fakt ass och, dass ee Wirtschaftssystem, deen ouni een öffentlecht Regelwierk fonctionnéiert, blann ass par rapport zu de Bedierfnisser vun der Allgemenghheet.

Den Här Blair huet déi lescht Woch d'Konzeptioun vun deenen heitege Kohesiounsfongen insgesamt a Fro gestallt. An et misst een him och vläicht mol an Erënnerung ruffen, an iwwregens steet dat däitlech an deem neien Traité, wat d'Konzeptioun ass, déi sech hannendru verstoppt, hannert där Finanzéierungsperspektiv, hannert deene Kohesiounsfongen, ëm déi et jo eigentlech do geet.

D'Grondphilosophie vun dëse Fonge war, dass déi méi räich EU-Länner iwwert déi Fongen deene méi aarme Länner esou géingen hëllefen hire wirtschaftlechen a sozialen Entwécklungsstand méi schnell unzegläichen. Solidaritéit also zu Gonschte vun enger mëttelfristeg besserer a méi harmonescher Entwécklung am ganzen EU-Raum.

Wann een awer dem Här Blair senger angelsächsescher Theorie gleeft, da missten elo virrangeg vill méi massiv Gelder an d'Privatekonomie fléissen - et gëtt hei behaapt an d'Fuerschung an an d'Wëssensgesellschaft, mä am Endeffekt geet et hei drëms fir ze soen, direkt se an d'Privatekonomie fléissen ze loossen - an dass dëst da géing zum Wuesstem féieren, Wuesstem schafen an dann och automatesch de Wuelstand géing erbäiféieren an datt dann déi sozial Kohesioun, déi mer hei gär duerch déi Kohesiounsfongen hätten, géing automatesch passéieren. Laut där wirtschaftsliberaler Theorie bräicht een dann och keen esou ee verdéiftent politescht Europa, wéi dat, wat an dësem Traité constitutionnel festgehale ginn ass.

Déi Theorien, wéi gesot, sinn al an d'Konsequenzen dovunner sinn och gradesou däitlech. Mir hunn an Europa zwou Konzeptiounen - et ass scho virdrun ugeschnidde ginn -, eng dovun ass déi angelsächsesch Konzeptioun, déi liberal wirtschaftlech fräiheetlech Konzeptioun. An England gëtt et effektiv de Moment an den offizielle Statistiken e relativ niddrege Chômage. Mä an England gëtt et awer och eppes, wat een am englesche Jargon nennt „working poor", dat heescht Leit, déi zwou bis dräi Aarbechtsplaze mussen hunn, fir ee minimalen dezente Loun ze hunn.

An et muss een sech d'Fro stellen: Wéi wéineg hunn dës liberal Theoretiker aus der Geschicht geléiert? Et ass eigentlech eng Evidenz, wann ee sech fir fënnef Su mat Ekonomie beschäftegt an och mat der Geschicht vun den ekonomeschen Theorien, datt de Maart zwar e ganz gutt Instrument ass fir d'Schafung vu gesellschaftlechem Räichtum, mä datt de Maart blann ass par rapport zu der Verdeelungsgerechtegkeet.

Déi wirtschaftsliberal Virgoensweis, déi huet eis am 20. Jorhonnert zwee Mol an eng Katastroph gefouert. De Modell vun der sozialer Maartwirtschaft, sou wéi en nom Zweete Weltkrich opgebaut ginn ass, ass aus der Erkenntnis eraus opgebaut ginn, dass eng Gesellschaft net ka fonctionnéieren, wann een se den entfesselte Kräfte vun der Ekonomie einfach iwwerléisst, wann een se eigentlech einfach der Ekonomie esou iwwerléisst, dann ass déi net iwwerliewensfäeg an da geschitt dat, wat zwee Mol am leschte Jorhonnert passéiert ass. De Maart, wéi gesot, ass e fantastescht Instrument fir d'Erschafe vum gesellschaftleche Räichtum, mä en ass guer net geeegent fir duerfir ze suergen, dass den erschaffene Räichtum och gerecht verdeelt gëtt.

An duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn déi Gréng der Meenung, datt een e politescht Europa brauch. Mir brauchen et an där globaliséierter Welt méi wéi jee. A grad dëse Verfassungsvertrag ass en éischten Usaz - an ech betounen éischten Usaz -, fir dëst politescht Europa ze kréien. Et ass an engem gewëssene Sënn och een neie Versuch, fir dass d'Politik erëm méi Handlungsspillraum kritt par rapport zu der Wirtschaft, fir datt se deen erëm zréckgewënnt.

Den duebelen Neen a Frankräich an an Holland huet Europa als solches net an eng Kris geworf, mä en huet déi politesch Kräften an Europa an d'Defensiv gedrängt, déi ebe genee dëst politescht Europa wëllen, fir dass duerno kënne Regelen entwéckelt ginn a fir dass aus deem EU-Wirtschaftsraum och een Europa gëtt, wou fir sozial Kohesioun an nohalteg Entwécklung gesuergt gëtt.

De Sommet vun der leschter Woch huet bewisen, dass d'Verfechter vun der EU-Fräihandelszon duerch déi franséisch-hollännesch Oflehnung däitlech un Uewerwaasser gewonnen hunn. Et wär duerfir och aus politesche Grënn, grad elo falsch gewiescht, fir de Referendum vum 10. Juli op Äis ze leeën. Den 10. Juli ass duerfir ganz kloer eng Richtungswahl hei zu Lëtzebuerg fir Europa. Zur Wahl steet eng Stäerkung vum Konzept vun der reguléierter Wirtschaft par rapport zum Konzept vun der EU-Fräihandelszon. Et geet net méi an net manner wéi dorëms.

Déi Gréng sti fir eng reguléiert Maartwirtschaft. Mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass de virleienden Text zur EU-Verfassung bei all senge Mängel, déi en och huet, ee wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Et ass deen éischte Versuch, säit 1957, deen et wot Europa eng politesch Dimensioun ze ginn. An et ass effektiv e Paradox vun der europäescher Geschicht, datt grad bei deem éischte Versuch fir Europa déi politesch Dimensioun ze ginn, datt grad do dee gréisste Widderstand entsteet.

D'Erklärungen dovunner leien op der Hand a si si ganz um Ufank hei vum Premierminister beschriwwe ginn. Mä et ass esou, datt eigentlech all déi Leit, déi sech de Moment éierlech asetze fir dat politescht Europa, och hei zu Lëtzebuerg dat solle bedenken, wa se sech an deenen nächste Woche weider an d'Diskussioune ronderëm den 10. Juli wäerte geheien.

Mir wäerten als gréng Fraktioun duerfir ee sachlechen an awer, wéi an deene leschte Méint och, en engagéierte Kampf féieren, fir dass den 10. Juli ee Jo bei dësem Traité erauskënnt. Dëse Jo wäert eiser Meenung no - wann en da geléngt - een däitlecht Zeechen am Asaz sinn, fir datt d'Politik erëm primat par rapport zu der Wirtschaft zréckkritt.

Mir hoffen, datt d'Lëtzebuerger den historeschen Enjeu vun dësem Ratifizéierungsprozess erkennen an dass den 10. Juli ee positiivt Zeechen hei vu Lëtzebuerg eraus geet.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Bausch. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun mech och de Wierder vu menge Virriedner uschléissen an d'Lëtzebuerger Présidence félicitéiere fir hir gutt Aarbecht, déi se an deene leschte sechs Méint gemaach huet; dat souwuel d'Regierung, wéi d'Fonctionnairë mat all hire Mataarbechter. Si hunn alles gemaach fir Accorden ze fannen, an datt et en Désaccord um Niveau vun de Finanzperspektive ginn ass, do weess jiddfereen, dass dat net d'Schold vun der Lëtzebuerger Présidence ass.

De leschte Weekend huet de Conseil décidéiert, datt d'Ratifizéierungsprozedure vum Traité constitutionnel solle verlängert ginn. Mir fannen et richteg, datt de Conseil net décidéiert huet, wéi déi eenzel Länner am Kader vun där Prozedur misste ratifizéieren, mä datt et deenen eenzelne Länner, am Respekt vun hire Constitutiounen an hire Gesetzer, iwwerlooss ass, déi Prozedur ze wielen, déi laut hire Gesetzer Constitutiounkonform ass, fir d'Traitéën nu mol eben ze ratifizéieren.

Ech wëll och dem Statsminister félicitéiere fir déi engagéiert Ried, déi en de Mëtten hei gehalen huet, déi mer a ville Punkten deelen, awer sécherlech net an alle Punkte wäerten deelen, an dat wäerte mer dann och d'nächst Woch, den 28. Juni, wa mer d'Debatt iwwert den Traité selwer heibanne féieren, iwwert déi Differenzen, déi mer hunn, hei diskutéieren.

Haut hu mer eis zur Missioun geholl, fir iwwert de Referendum vum 10. Juli ze diskutéieren. Et ass e parteiiwwergräifenden Accord fonnt ginn, fir un dem 10. Juli festzehalen.

Den ADR war nach ëmmer als Partei fir Referendumen. Mir hunn zum Beispill den 10. Mäerz '93, duerch mäi Fraktiounskolleeg Roby Mehlen, eng Proposition de loi hei am Parlament deponéiert, fir de Referendum hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Mir ware bei Maastricht fir de Referendum a mir hunn och den 13. Februar 2003 hei eng Motioun eraginn, fir iwwert den Traité constitutionnel e Referendum ofzehalen; deemools hu mer eleng missten derfir stëmmen. Mä e puer Méint méi spéit, den 1. Juli, huet de Kolleeg Fayot déiselwecht Motioun erabruecht, an d'Parlament huet dunn hei eestëmmeg décidéiert fir e Referendum iwwert deen Traité ofzehalen.

Eisen Nationalcomité an och eis Fraktioun hunn iwwert de Weekend getagt a mir hunn eestëmmeg festgehalen, bei eisen Décisiounen ze bleiwen, fir den 10. Juli dee Referendum ofzehalen. Et gëtt eng Rei vun Argumenter, déi dofir schwätzen.

En éischt, d'Wahlprozedur ass amgaangen. Vill Leit hu scho gestëmmt, hunn hir Stëmmziedelen am Kader vun der Bréifwahl schonn zréckgeschéckt.

D'Diskussioun mam Bierger iwwer Europa ass an deene leschte Wochen esou intensiv ginn, wéi mer se ni virdru kannt hunn, an et wier falsch fir déi Diskussioun ofzebriechen an ze mengen, mir géifen se iergendwann zu engem spéideren Datum erëm op deem Niveau lancéiert kréien.

A mir stelle fest, op deene Réuniounen, déi vun der Chamber organiséiert sinn, wou ganz vill Leit do sinn, och vun de Parteien, datt d'Leit sech fir déi europäesch Froen interesséieren a ganz selte fënnt een nationalpolitesch Themen, déi op deene Versammlungen owes zum Virschäi kommen, mä, a priori, d'europäesch Politik ass dat wat d'Leit interesséiert.

Mir hunn nei Momenter kritt, an et ass och duerfir wou déi Debatt esou intensivéiert ginn ass, wéi Frankräich an Holland Nee gesot hunn, England décidéiert huet auszesetzen an de Sommet elo décidéiert huet d'Ratifizéierungsphas ze verlängeren.

Ass den Traité dout? Dat ass eng vun deene Froen, déi haut de Mëtten och meng Virriedner hei opgeworf hunn. A mir mengen, mir misste mam Bierger éierlech sinn. Fir hinzegoen an einfach ze soen, den Traité, dee lieft, deen ass net dout, dat ass falsch. Et kann een net soen, datt e scho begruewen ass deen Traité, well et muss een d'Ratifizéierungsphas ofwaarden. Et ass kloer, datt déi 25 Länner e Recht hu fir sech ze expriméieren an datt een zum Schluss eréischt kann offiziell décidéieren oder soen, datt deen Traité net esou kann a Kraaft trieden.

***(Interruption)***

Här Braz, wann Der mir elo nolauschtert: Ech hunn elo eng Fro gestallt. Elo ginn ech lech d'Äntwert drop.

Deen Traité, dee mer hei hunn, deen, wësse mer, kann net méi agesat ginn oder ëmgesat ginn. Dat ass definitiv, an dëser Form net. Et sief, d'Fransousen oder d'Hollänner géifen en zweete Vote maachen a se géifen da Jo stëmmen. Mä mir wëssen awer alleguer, datt dat méi wéi onsécher ass. D'Chance ass éischter méi grouss, datt an anere Länner nach Neeë bäikommen, wéi datt déi zwee Länner sollten nach eng Kéier ofstëmmen, fir dann eben eng Korrektur ze maachen.

Et ass och hei gesot ginn, et géif elo einfach esou gemaach gi vu verschiddene Leit. Ech huelen un, datt mir domat gemengt waren, wéi ee Virriedner, ech mengen den Här Wolter war et, gesot huet, an duerfir wëll ech mol e puer Leit hei zitéieren, déi am Fong soen, datt deen Traité dout ass. Dat si mir net eleng, déi dat soen.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Den Här Jack Lang, dee fir den Traité war, huet an der „Welt" geschriwwen: „Doch nun ist es wohl so, dass dieser Text kaputt ist, um es mit einem deutschen Wort zu sagen." An zwar stoung do: «La constitution reste à la morgue.» An der „Süddeutsche Zeitung" stoung: „Die Verfassung ist tot. Alle Bemühungen des Gipfels hätten sich zuletzt nur noch darum gedreht, wie man die Beerdigung organisiert." An der „Libération" stoung: «Une constitution quasi enterrée.» Am „Focus" stoung: „Öffentlich verkauft Juncker die Entscheidung als angemessene Antwort auf die Sorgen der Bürger vor dem Monstrum Europa, dem Euro und der Türkei. In Wahrheit weiß er genau, dass das historische Verfassungswerk damit gestorben ist." An déi belsch Dageszeitung „Le Soir" kommentéiert: „Die Verfassung liegt im Leichenhaus."

An ech kéint esou virufueren, säiteweis a säiteweis, déi lescht Deeg Kommentaren an Aussoen. Mä och Leit, wéi de fréieren däitsche Bundeskanzler, den Helmut Schmidt, dee geschriwwen huet: „Die EU-Verfassung, in Gestalt des bisherigen Entwurfs, wird niemals in Kraft treten."

Et sinn also vill Leit, déi déi Aussoen do maachen, an et sinn och ëmmer méi Leit, déi soen, datt deen Traité do keng Chance huet, an där Form duerchzegoen. An duerfir, mengen ech, sollt een och net einfach elo mordicus vis-à-vis vun de Leit soen, se geet esou duerch a se lieft, well dat - d'Leit wësse jo awer och d'Realitéit, wéi se ass - geet un d'Substanz, un d'Glafwierdegkeet vun der Diskussioun.

An d'Leit hätte léiwer, si kriten d'Wourecht gesot, wa gesot gi wier: Bon, deen Text do geet net duerch, mä trotzdeem solle mer eis iwwert deen Text expriméieren, fir datt mer wëssen, wéi d'Meenung vun de Lëtzebuerger ass. A wann déi 25 Länner herno fäerdeg sinn a mir stelle fest, datt do op d'mannst ee Land dobäi ass, dat den Text net ratifizéiert huet, da musse mer eben nei Verhandlunge maachen, Deeler oder ganz, fir een Text ze fannen, deen nu mol eben d'Zoustëmmung vun deene 25 Länner kritt.

Och den Här Juncker huet dat de 26. Mee elo gesot: «Et si nous n'ar-

rivons pas à trouver la bonne réponse, le traité n'entrera pas en vigueur.»

Ech mengen, et sinn also och aner Leit, déi soen, et ass eng Chance fir en Neiufank ze maachen, an: «La Constitution européenne, telle qu'elle a été présentée et gérée est finie», steet am „Figaro"; et ass also iwwerall, wou mer déiselwecht Argumentatioune bréngen.

Mä och an de Lëtzebuerger Zeitungen, ech zitéieren hei „d'Wort" vum 3. Juni, do stoung: „Verfassungsvertrag tot. Nach Frankreich, wo sich 55% der Franzosen gegen das EU-Grundgesetz aussprachen und es damit ebenfalls ablehnen, kann der EU-Verfassungsvertrag in der vorliegenden Form nun wohl ad acta gelegt werden." An och am „Tageblatt" steet an dem Leitartikel vun der Madame Danièle Fonck: «Oui, le traité constitutionnel est mort.»

Dat heescht also, et si vill Leit, déi dat schreiwen, an duerfir verstinn d'Leit och elo net dobausse wann d'Politik kënnt an einfach seet: Neen, dat ass net esou.

Mir sollen de Leit d'Wourecht soen, wéi et nu mol eben ass.

An och den Tony Blair, Här President, huet scho gesot, ier d'Fransousen ofgestëmmt hunn, datt wann d'Fransouse géife mat Nee stëmmen, datt et da kee Wäert méi hätt, datt si géifen ofstëmmen, well et kee Wäert méi hätt, iwwer eppes ofzestëmmen, wat net méi besteet.

An ech mengen d'Englänner hunn dat och duerno confirméiert, quitte datt se elo net ofgesot hunn, mä hire Referendum suspendéiert hunn. An net méi spéit wéi haut liese mer am „Tageblatt", datt de President vun der gréisster Gewerkschaft, de Jean-Claude Reding vum OGB-L schreift: „Ich verstehe nicht, dass man über etwas abstimmen soll was es nicht mehr gibt." Dat ass haut hei am „Tageblatt" ze liesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gesinn also, datt déi Diskussioun breet gefächert ass. An dofir sollt een éierlech vis-à-vis vun de Leit sinn, an deene soen: Hei den Traité, wann net all 25 Länner e ratifizéieren, dann trëtt en net esou a Kraaft, mä mir sollen awer eis Meenung zu deem Text do soen.

De Conseil, Här President, huet och geschriwwen, de Samschden a sengem Schlusstext: «Les citoyens ont toutefois exprimé des préoccupations et des inquiétudes dont il faut tenir compte.» Et ass net preziséiert ginn, wéi deem dann elo soll Rechnung gedroe ginn, mä d'Leit erwaarden sech awer, wann de Conseil esou eppes festschreift, datt deene Besuergnisser vun de Leit Rechnung gedroe gëtt.

An deem kann net esou Rechnung gedroe ginn, datt mir de Leit elo den Traité esou laang op de Kapp schloen, bis mir menge si géife Jo soen an dann hätte mir hire Bedierfnisser Rechnung gedroen, mä mir musse schonn op d'Suerge vun de Bierger agoen, déi berechtegt sinn an och mannegfalteg sinn. Et huet net jiddfereen déiselwecht Problemer mat deem Traité, mä mir mussen op déi verschidde Suergen agoen.

Wann ee Léisungen, déi novollzéibar sinn, net vag politesch Aussoen, mä novollzéibar Léisungen an Décisiounen de Leit virféiert, hinnen hir Suergen, hir Ängschten hëlt, nëmmen da kritt een d'Meenung vun de Leit geännert. Am anere Fall kritt een d'Meenung vun de Leit net geännert.

Här President, zum Schluss, well mir hunn eng Zäit iwwer 15 Minutten, zu der Resolutioun, där Resolutioun, déi hei deponéiert ginn ass. Mir hunn zu fënnef Parteien een Accord fonnt, fir den 10. Juli festzehalen. Mir kënnen déi Resolutioun hei awer net ënnerschreiwen an och net stëmmen. Mir wäerten eis beim Vote enthalen, an ech soen och firwat.

Mir sinn domat averstanen, wéi gesot, datt mir um 10. Juli festhalen. Dat ass en Accord, deen iwwert d'Parteie gegraff huet, mä déi Resolutioun hei mécht och e politesche Message, quitte datt mir deen am Laf vum Dag elo e bëssen ofgeschwächt hunn.

An där éischter Versioun, déi mir de Moie kritt hunn, stoung dran, datt den Traité «est bien vivant». Haut de Mëtteg steet elo dran: «reste acquis…» - et ass also schonn eng Ofschwächung vun dem Text, wéi en an der éischter Propositioun war vis-à-vis vun elo - «…et constitue le seul compromis valable à l'heure actuelle» a seet, et wier déi adequat an eenzeg Méiglechkeet fir op d'Erausfuederungen an Europa haut ze reagéieren. Déi Feststellung an där Resolutioun kënne mir net integral deelen, an dofir kënne mir och der Resolutioun net zoustëmmen.

Mir sinn domat averstan, an dat ware mir vun Ufank un ëmmer, datt den 10. Juli soll ee Referendum sinn. Et steet och dran, datt mir géife «maintenir la date» vum 28. Juli, och do hu mir eng aner Visioun: Mir waren als ADR dogéint, datt d'Parlament 12 Deeg virum Referendum hei eng Diskussioun mécht - d'accord -, mä och ee Vote mécht, deen am Fong als Zil huet fir de Bierger ze weisen, wat d'Parlament gäre beim Referendum hätt, also eng Beaflossung vum Referendum ass.

***(Interruptions)***

…eng Beaflossung vum Referendum ass!

***(Interruptions)***

Jo, jo, dat ka jiddferee maachen, mä et ass kee Land a ganz Europa…

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här Gibéryen, Dir hutt elo grad dauernd gesot, firwat datt Dir fir den Neen antriet, ass dat keng Beaflossung, neen?!

***(Hilarité)***

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här Bausch, jiddfereen argumentéiert esou wéi hie wëllt. Mä an enger Demokratie, Här Bausch, wann ech d'Bierger ofstëmme loossen…

***(Interruptions)***

Wann ech d'Bierger ofstëmme loossen, an ech soen, ech respektéieren de Vote vum Bierger, dann hätt dat heite Parlament och kënne genausou gutt higoen an den 12. Juli déi Diskussioun heibanne maachen, an dann hätte mir direkt kënnen de Vote vum Bierger respektéieren, sou wéi hien deen den 10. Juli zum Ausdrock bréngt.

Mä déi Debatt vum 28. Juni, an do si mir eis jo awer eens, an dat ass jo och vun Iech aus gesot ginn, dat soll ee klore Message un d'Wieler sinn!

***(Interruptions)***

Maja! Da si mir eis jo eens. Et soll ee klore Message un de Wieler sinn.

***(Brouhaha général)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Sou wéi Dir ganz kloer sot, dass Der fir den Nee sidd.

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

# Chamber TV

**weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

•

An der Stad
*um Kanal S29 (Coditel) oder*
*um Kanal S40 (Eltrona/Siemens*
•
Zu Esch
*um Kanal S24 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Déifferdang
*um Kanal S29*
•
An der Gemeng Diddeleng
*um Kanal S32*
•
An der Gemeng Nidderaanwen
*Kanal S29*
An der Gemeng Bartreng
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Walfer
*um Kanal S29 / 367.25 Mhz*
•
Zu Biwer an zu Wecker
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bous
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Dikrech
*um Kanal S19 / 287.25 MHZ*
•
Zu Iermsdref
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Esch-Sauer
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hieffenech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- …eng kloer Beaflossung vum Wieler duerch ee Vote, deen hei an der Chamber geholl gëtt. An do ware mir och dogéint, datt hei d'Chamber soll 12 Deeg virun engem Referendum e Vote maachen, wat jo lächerlech ass. Mir hätten och kéinten eng Woch no hanne réckelen an dräi Deeg virum Referendum dee Vote hei huelen, dat hätten d'Leit doudsécher net méi vergiess, well da wier et nach méi no dobäi.

Et ass jo awer lächerlech, datt mir als Parlament, als eenzegt Parlament 12 Deeg virun engem Referendum de Leit virmaachen, wéi mir et gären hätten.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Fannt Dir et fierchterlech, dass ee Parlament seng Meenung seet? Ass dat lächerlech? Abee jo!

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här Fayot, ech hu gesot, mir sinn dat eenzegt Land, wat virun engem Referendum ee Vote hëlt fir de Wieler ze beaflossen. Dat ass Äert Recht! Ech soe just, datt mir net déi Meenung deelen. Dir kënnt dat jo roueg maachen. Dir hutt Är Argumenter fir et ze maachen, a mir hunn eis Argumenter fir dat ze contestéieren.

Op jidde Fall, Här President, aus deenen Ursaache kënne mir déi Resolutioun hei net stëmmen. Mir wäerten eis dofir bei der Resolutioun enthalen.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Voilà, d'Wuert huet zum Ofschloss vun der Debatt nach den Här Ausseminister Jean Asselborn.

**M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass rar effektiv, wéi elo grad e Kolleeg gesot huet, dass an der Lëtzebuerger Chamber a bei enger uerdentlecher Debatt spontan geklappt gëtt.

Ech wëll soen, dat Nämlecht ass virun e puer Deeg geschitt bei enger internationaler Pressekonferenz zu Bréissel, dat war um eng Auer nuets den 18. Juni, wéi och do d'international Press der Lëtzebuerger Présidence, eisem Premier spontan Bäifall geklappt huet no sengen Ausféierungen iwwer seng Iwwerzeegungen zu Europa. Ech mengen, dës Kraaft, dës Energie fir seng Iwwerzeegung ze vermëttelen ass scho remarquabel, an ech mengen, dat wat hien de Mëtteg hei gesot huet, dat ass eis alleguerte wierklech politesch aus dem Häerz komm.

De Fraktiounen aus der Chamber hir Astellung, den 10. Juli ee Referendum ofzehalen, ass a mengen Aen als couragéis anzestufen. De Courage an der Politik ass de Géigendeel vun Irresponsabilitéit. Well Courage erfuerdert Asaz, a keng Gläichgültegkeet. An d'Lëtzebuerger wäerten den 10. Juli deeselwechte Courage hu wéi d'Chamber hei, an iwwert de Verfassungstext ewech - ech betounen iwwert de Verfassungstext ewech - beweisen, dass mir Lëtzebuerger Europäer sinn am Kapp, awer och am Bauch.

Am Kapp, well et am Avantage ass vun eisem Land, wann Europa eng Chance behält sech eng Verfassung ze ginn, déi seng Funktiounsfäegkeet verbessert. Ee Jo zu Lëtzebuerg - et ass e puer Mol de Mëtteg gesot ginn - gëtt nees Hoffnung a ganz Europa.

An och am Bauch, oder am Häerz wann Dir wëllt, well mir Jo soen, net eleng zur EU-Verfassung, mä zur Kontinuitéit vun der europäescher Integratioun op eisem Kontinent - dovunner sinn ech iwwerzeegt!

Nee-Positiounen, léif Leit, sinn et der jo dräi ginn eigentlech, zënter dem 29. Mee. Et war een Neen a Frankräich, et war een Neen an Holland an et war zu Bréissel de 17. Juni Neen. Lëtzebuerg kann a wäert den 10. Juli sech den Avantage verschafen an och der Europäescher Unioun dësen Avantage verschafen, een neien, fréschen Impuls ze ginn duerch ee Jo.

Mir kënnen hei vu Lëtzebuerg aus beweisen, dass d'Europäesch Unioun nach Bensin am Moto huet, fir hir Rieder vijenzech ze dréinen an net zréck. Mir kënne beweisen, dass et an der EU vill Bierger gëtt, deenen ass d'Taktéieren tëschent dem Check vun den Engländer oder der neier hollännescher EU-Nee-Phobie manner wichteg, vill manner wichteg wéi dat wierklecht Sichen nom Kompromiss, fir dat soziaalt Europa virunzebréngen, d'Europa a sengen Ëmweltfroe virunzebréngen, d'Sécherheetspolitik virunzebréngen, d'Kriminalitéit ze bekämpfen, den Terrorismus, de Mënschenhandel an esou weider.

D'EU ass awer, an däers musse mir eis bewosst sinn, an enger Vertrauenskris - et muss een dat soen -, seng Politiker, dat si mir jo alleguerten, déi och Nationalpolitik maachen, par rapport zu senge Bierger. Déi zwee Referenden hunn dat bewisen. Europa ass falsch oder net genuch expliziéiert ginn. Wann et expliziéiert ginn ass, ass et ëmmer wéi eng Schwéiermamm a ville State behandelt ginn.

Mä och d'Astellung vun den eenzelnen Nationalstate par rapport zu der EU-Essenz. Dës Essenz, léif Kolleegen, ass sech obeneen zoubewegen, net à tout prix virun deem anere fortlafen, wéi et de leschte Freiden zu Bréissel de Fall war, dat ass de Komproméss um Altoer vun den nationalen Egoisme geaffert.

Net all Conseil européen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, däerf ee Futtballsmatch sinn tëschent Liverpool a Bayern München oder tëschent Marseille an Ajax Amsterdam, do wou et dann all Kéiers muss ee Verléierer ginn an ee Gewënner.

Mir Lëtzebuerger hunn - wéi Dir wësst - alleguerten Nee gesot, wéi d'Nazien eis Lëtzebuerger Heemecht an eise Lëtzebuerger Charakter accaparéiere wollten a speziell jo duerch d'Volkszählung eis d'Lëtzebuergescht ausdreiwe wollten. Mir hunn och Nee gesot beim Referendum 1937, wéi eis politesch Fräiheeten hei am Land sollte beschnidde ginn. Mir hunn Nee gesot, hei an dësem Haus, deenen, déi uganks den 90er Joren de Maastrichter Vertrag als Ausverkaf vun eisem Land wollten duerstellen.

Den 10. Juli wäerten d'Lëtzebuerger beim Referendum Jo soe fir mat der Chamber a mat der Regierung den negativen Trend an der Europäescher Unioun ze stoppen. Et ass gesot ginn, vill Leit an Europa an doriwwer eraus kucken deen Dag op eis an eis Gréisst deen Dag läit an eiser Sensibilitéit, dat Richtegt am richtege Moment ze maachen. Am Fong hu mer zu Lëtzebuerg ëmmer un d'Equatioun: méi Europa ass gläich méi Lëtzebuerg, gegleeft. Den 10. Juli bleiwe mer zu Lëtzebuerg op déser Linn, well dës Equatioun war jo eigentlech ëmmer de Motto vun eisem Wuelstand, ekonomesch gesinn, kulturell gesinn an och sozial gesinn.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Ausseminister. Mir kommen dann zum Vote iwwert d'Resolutioun, déi vum honorabelen Här Fayot déposéiert ginn ass. Ech denken, dass jidderee Stellung geholl huet zu där Resolutioun an da kënne mer direkt zur Ofstëmmung kommen.

***Vote***

D'Resolutioun ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Nancy Arendt), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Patrick Santer), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par M. Fernand Diederich), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Charles Goerens), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 28., 29. an den 30. Juni. Den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech matgedeelt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 17.35 heures)***


## Chambre des Députés

**Compte rendu officiel**

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg


## Sommaire des séances publiques


Communications pages 431-432

Dénomination de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire page 432

Ordre du jour page 432

5442 - Projet de loi portant approbation du Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Protocoles annexés au Traité établissant une Constitution pour l'Europe, des Annexes I et II et de l'Acte final, signés à Rome, le 29 octobre 2004 pages 432-449

Débat d'orientation sur la revalorisation des friches industrielles de la région Sud (suite) pages 449-450

5466 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, et du Règlement, faits à Washington, le 2 décembre 1946

- du Protocole, fait à Washington, le 19 novembre 1956, à la Convention internationale pour la réglementation de la chasse à la baleine, faite à Washington, le 2 décembre 1946 pages 450-451

5376 - Projet de loi portant approbation du Protocole relatif à l'adhésion de la Communauté européenne à la Convention internationale de coopération pour la sécurité de la navigation aérienne „EUROCONTROL" du 13 décembre 1960, telle qu'amendée à plusieurs reprises et coordonnée par le Protocole du 27 juin 1997 et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 8 octobre 2002 pages 451-452

5396 - Projet de loi portant approbation

- de la révision 2, entrée en vigueur le 16 octobre 1995, de l'Accord concernant l'adoption de conditions uniformes d'homologation et la reconnaissance réciproque de l'homologation des équipements et pièces de véhicules à moteur, fait à Genève, le 20 mars 1958, et approuvé par la loi du 1er août 1971 (Accord concernant l'adoption de prescriptions techniques uniformes applicables aux véhicules à roues, aux équipements et aux pièces susceptibles d'être montés ou utilisés sur un véhicule à roues et les conditions de reconnaissance réciproque des homologations délivrées conformément à ces prescriptions);

- de l'Accord concernant l'établissement de règlements techniques mondiaux applicables aux véhicules à roues, ainsi qu'aux équipements et pièces qui peuvent être montés et/ou utilisés sur les véhicules à roues et des Annexes A et B, faits à Genève, le 25 juin 1998 page 452

5355 - Projet de loi concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles pages 453-457

5456 - Projet de loi relative à la revalorisation du site de Höhenhof pages 457-459

Communications pages 459-460

Ordre du jour et dépôt d'une motion par M. Gast Gibéryen page 460

5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution (Second vote constitutionnel) page 460

5457 - Projet de loi relative à la transformation et à l'extension de l'Annexe Jenker du Lycée Technique Mathias Adam à Differdange page 460-463

5464 - Projet de loi relative aux mesures constructives préparatoires de la liaison Micheville pages 463-466

Motion de M. Gast Gibéryen relative à la campagne d'information du Gouvernement dans le cadre du référendum sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe pages 466-468

Déclaration des chefs d'État ou de Gouvernement des États membres de l'Union européenne sur la ratification du Traité établissant une Constitution pour l'Europe (Conseil européen des 16 et 17 juin 2005) pages 468-477



# «Chamber aktuell»

*Depuis le 21 janvier 2005,*
*Chamber TV vous propose*
*tous les* **vendredis** *à* **19.00 heures** *un* **résumé** *de l'activité parlementaire de la semaine.*

*L'émission est* **rediffusée**
*le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures.*

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 0417 | M. Marcel Oberweis | Exploitation du laitier de la décharge sise entre les communes de Rumelange et Kayl par l'entreprise Intermoselle s.à r.l de Rumelange-Langengrund |
| 0418 | Mme Françoise Hetto-Gaasch | Éducation physique à l'école primaire |
| 0424 | M. Xavier Bettel | Mise en place d'une législation «prévention et protection contre les incendies» |
| 0425 | M. Xavier Bettel | Propagation de la rage |


**Question 0417** (25.4.2005) de **M. Marcel Oberweis** *(CSV)* concernant l'**exploitation du laitier de la décharge sise entre les communes de Rumelange et Kayl par l'entreprise Intermoselle s. à r.l. de Rumelange-Langengrund:**

La production de ciment de l'usine Intermoselle représente un des fleurons du tissu industriel de notre économie. Le produit de base pour la fabrication de ciment est le clinker, pour l'élaboration duquel on utilise comme matière première principalement du calcaire et de la marne. À l'usine de Rumelange ces matières naturelles sont extraites par tirage à l'explosif dans une carrière à ciel ouvert située à un kilomètre de l'entreprise.

Afin d'ajuster la composition chimique du mélange et d'obtenir un clinker de qualité optimale, des matières de correction supplémentaires sont ajoutées à l'entrée du four. Une des matières de correction consiste en du laitier concassé. Avant la fermeture des hauts-fourneaux luxembourgeois, l'entreprise Intermoselle a consommé environ 150.000 t de laitier granulé par an comme matière de remplacement.

Selon les informations obtenues auprès des responsables de l'usine Intermoselle, le laitier stocké dans la décharge située entre les communes de Rumelange et de Kayl constitue un des matériaux de remplacement idéal dans le processus de fabrication du clinker.

En cas d'exploitation du laitier de cette décharge d'une capacité de 700.000 t, située à deux kilomètres de l'entreprise Intermoselle, il ne faudrait plus acheminer cet apport alumineux nécessaire pour la production du clinker par camion de l'étranger ce qui entraînerait sûrement une amélioration dans notre bilan de réduction des gaz à effet de serre.

À titre d'information, l'usine Intermoselle s.à r.l. pourrait en reprendre jusqu'à 120.000 t par an.

L'utilisation de ce laitier comporterait donc plusieurs volets:

- le volet économique, voire la diminution des distances de transports, réduisant ainsi la consommation de carburant, et en aval, la réduction de l'émission des gaz à effet de serre;
- le volet écologique, voire l'assainissement de la décharge;
- le volet social, voire la création de nouveaux emplois primo par l'enlèvement et le concassage du laitier, secundo à travers la création éventuelle d'une zone horticole ou d'une cité jardinière sur ce terrain et tertio par l'implantation de nouveaux logements et de petites et moyennes entreprises.

Conscient du développement durable et de la nécessité de protéger notre environnement et les ressources naturelles, j'aimerais poser dans ce contexte les questions suivantes à Messieurs les Ministres de l'Environnement et de l'Économie:

- Est-ce qu'on pourrait entamer des pourparlers avec les responsables des communes de Rumelange et de Kayl ainsi qu'avec les dirigeants de l'usine Intermoselle s. à r.l. de Rumelange et le propriétaire de la décharge afin de discuter de ce dossier: mise à disposition du laitier?
- Ne devrait-on pas songer à moyen terme, après l'enlèvement du laitier, d'aplanir cette décharge pour revaloriser ce site?

**Réponse** (24.5.2005) de **M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement:*

L'honorable Député s'interroge sur les possibilités d'utilisation des scories du crassier de Rumelange/Kayl comme correcteur de la composition chimique du mélange utilisé par la société Intermoselle de Rumelange afin de pouvoir produire du clinker.

Il faut en premier lieu rappeler que l'utilisation de matériaux par la société Intermoselle relève du domaine de l'économie privé et donc de sa propre compétence. Il s'agit de transactions commerciales où seuls les acteurs économiques directement intéressés sont compétents. L'État n'a aucun moyen d'influence afin de prescrire à Intermoselle l'utilisation de l'un ou de l'autre des matériaux. La compétence de l'État est d'assurer que toutes les activités, y inclus l'utilisation de matières premières et surtout de matières secondaires, se fassent dans un cadre légal.

En ce qui concerne plus particulièrement l'utilisation des scories, il faut mentionner que la société Intermoselle a utilisé ce matériel pendant de nombreuses années. C'est pour des raisons économiques qu'un choix a été fait en faveur d'autres matériaux secondaires.

Les scories quant à elles constituent des matériaux de construction précieux qui ont une importance pour l'économie luxembourgeoise dans le sens que le Luxembourg ne dispose que de peu de matières premières de construction. À défaut de scories, des matériaux minéraux de construction devraient être importés, augmentant ainsi les nuisances liées à leur transport.

C'est dans l'optique de la revalorisation des scories, fusse dans le secteur de la construction ou dans des procédés industriels tels que la production du clinker, que les crassiers luxembourgeois sont systématiquement exploités. Les analyses effectuées sur la base géologique de ces crassiers mise à nue ont montré que ces sols ne présentent en général pas de contamination. Dès lors, rien ne s'oppose à une revalorisation de ces terrains.

**Question 0418** (25.4.2005) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant l'**éducation physique à l'école primaire:**

Dans l'enseignement primaire luxembourgeois on remarque que de plus en plus certaines branches ne sont plus assurées par le titulaire de classe mais par des tierces personnes. À titre d'exemple on peut citer les cours d'éducation physique ou de natation. Ces derniers sont fréquemment assurés par des chargés de cours ou d'autres intervenants qui ne disposent souvent pas d'une formation adéquate en la matière. Or, il existe au Luxembourg un certain nombre de personnes motivées et diplômées en éducation physique et sportive, notamment celles qui n'accèdent pas à la carrière de professeur d'éducation physique et qui seraient disposées à dispenser des cours d'éducation physique ou de natation dans l'enseignement primaire.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle et à Monsieur le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:

- Quel est le nombre de personnes qui assurent des cours d'éducation physique ou de natation qui ne sont pas en possession d'un certificat d'études pédagogiques ou d'une formation spécifique y relative?
- Ne pourrait-on pas envisager de recruter des diplômés en la matière afin de garantir un encadrement pédagogique de qualité à nos enfants?
- Quel statut pourrait-on leur accorder en sachant que les personnes concernées disposent d'une formation universitaire?

**Réponse commune** (26.5.2005) de **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle* et de **M. Claude Wiseler,** *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:*

Il faut d'abord relever que beaucoup d'enseignants brevetés, et notamment ceux qui sont entrés en service au cours des dernières années, assurent eux-mêmes les cours d'éducation physique et sportive.

Toutefois, en raison de la pénurie d'enseignants brevetés dans l'enseignement primaire, un certain nombre de leçons doivent être prestées par des chargés de cours. Les autorités communales organisent l'école de manière que les chargés de cours enseignent principalement des branches secondaires et dès lors un certain nombre de leçons d'éducation physique et sportive sont assurées par des chargées de cours.

Il s'agit en tout de 56 chargés de cours, y compris ceux de la réserve de suppléants, qui assurent ces cours. Très souvent ils disposent d'une formation supplémentaire en éducation physique et sportive qu'ils ont acquise notamment dans le cadre de la formation continue offerte par l'ENEPS.

Les candidats à la carrière de professeur d'éducation physique de l'enseignement secondaire, qui n'ont pas réussi à se classer en rang utile pour être admis au stage, peuvent certes postuler pour un poste de chargé de cours. Dans ce cas ils doivent être détenteurs d'une attestation habilitant à faire des remplacements dans l'enseignement primaire ou dans l'éducation préscolaire. Ces chargés de cours sont classés au grade E2, conformément au règlement grand-ducal modifié du 28 juillet 2000 fixant le régime des indemnités des chargés de cours.

Ces mêmes candidats ne peuvent toutefois pas être recrutés comme instituteurs, étant donné qu'ils ne remplissent pas les conditions d'admissibilité au concours réglant l'accès à la fonction d'instituteur. La profession d'instituteur est seulement accessible qu'aux candidats détenteurs d'un certificat d'études pédagogiques ainsi qu'aux candidats détenteurs d'un diplôme étranger d'instituteur conforme aux dispositions de l'article 3 de la directive du Conseil 89/48/CEE du 21 décembre 1988.

S'ils souhaitent le faire, ils doivent s'inscrire dans une formation d'instituteur de l'enseignement primaire, où ils pourront demander une validation des crédits de leur formation universitaire initiale (ECTS) respectivement des acquis professionnels éventuels auprès de l'Université du Luxembourg.

**Question 0424** (2.5.2005) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant la **mise en place d'une législation «prévention et protection contre les incendies»:**

En date du 26 avril 2005 un reportage sur RTL - Télé Lëtzebuerg indiquait que le Luxembourg était un des seuls pays européens à ne pas disposer d'une loi prévoyant la prévention et la protection contre les incendies. Il semblerait également que les sapeurs-pompiers réclament depuis des années la mise en place d'une telle législation.

Ainsi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Intérieur:

- Est-ce que Monsieur le Ministre a connaissance des faits relatés ci-dessus?
- Dans l'affirmative, est-ce que Monsieur le Ministre n'estime pas qu'une telle loi fait actuellement défaut?
- Enfin, dans le cas de figure où Monsieur le Ministre partagerait l'avis des professionnels de la prévention et de la protection contre les incendies, est-ce que Monsieur le Ministre peut me dire quand il estime pouvoir déposer un projet de loi allant dans ce sens auprès de la Chambre des Députés?

**Réponse** (23.5.2005) de **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire:*

La loi du 25 juin 2004 portant création d'une Administration des Services de Secours dispose en son article 10 que «les communes sont tenues d'organiser pour leur territoire un service assurant la prévention d'incendie». L'article 8 de cette même loi impose à la division d'incendie et de sauvetage de l'Administration des Services de Secours de «veiller à l'exécution des mesures prévues en matière de prévention (...) contre l'incendie».

Il est utile de rappeler à cet égard que la loi de 2004 se distingue sur ce point du projet gouvernemental qui avait préconisé d'habiliter le Grand-Duc «à réglementer, par mesure générale ou par des dispositions particulières par catégories de bâtisse, les mesures de prévention d'incendie qu'il y aura lieu d'observer et à définir les compétences y afférentes de la division d'incendie et de sauvetage». Cette proposition avait toutefois rencontré l'opposition du Conseil d'État qui avait estimé que «lesdites mesures de prévention font partie des pouvoirs de police administrative générale dont certains textes généraux investissent certaines autorités administratives et notamment les autorités communales». De l'avis de la Haute Corporation, la prévention des incendies devait donc rester une compétence communale, comme le prévoient d'ailleurs déjà le décret du 14 décembre 1789 relatif à la constitution des municipalités, les articles 1er et 3 du titre XI du décret des 16-24 août 1790 sur l'organisation judiciaire, la loi du 27 juin 1906 concernant la protection de la santé publique et, enfin, l'article 29 de la loi communale.

Enfin, il échet de rappeler à Monsieur le Député que la matière de la prévention contre les incendies est également réglée au Grand-Duché de Luxembourg par la loi du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles ainsi que par la loi modifiée du 9 mai 1990 relative aux établissements dangereux, insalubres ou incommodes.

Il est donc inexact de prétendre qu'une législation relative à la prévention des incendies fait défaut dans notre pays.

**Question 0425** (2.5.2005) de **M. Xavier Bettel** *(DP)* concernant la **propagation de la rage:**

Dans le magazine allemand d'information «Der Spiegel» j'ai pu lire que l'on s'inquiète actuellement en Allemagne de nouveaux cas de rage que l'on aurait détectés chez les renards.

Il semblerait également que les autorités françaises se montrent inquiètes au vu de la rapidité de propagation de ce virus que l'on croyait endigué en Europe. En effet l'on estime que le virus se propage actuellement sur une distance de 30 kilomètres en dix jours.

Ainsi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Environnement:

Est-ce que Monsieur le Ministre a connaissance des faits relatés ci-dessus?

Dans l'affirmative, est-ce que Monsieur le Ministre estime que le virus pourrait atteindre le Luxembourg?

Si tel était le cas, est-ce que Monsieur le Ministre peut me dire si le Luxembourg dispose d'un plan d'urgence pour empêcher la propagation de ce virus sur notre territoire?

**Réponse** (19.5.2005) de **M. Lucien Lux,** *Ministre de l'Environnement:*

La lutte contre les maladies des animaux est de la compétence de l'Administration des Services vétérinaires du Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.

Comme le renard est une espèce figurant comme gibier (un cas similaire se présente dans le cas de la peste porcine parmi les sangliers) des contacts étroits entre les deux administrations se sont formées au cours des dernières années.

Au cours de la session du Conseil supérieur de la Chasse du 10 mai 2005, le Directeur des Services vétérinaires a fourni les informations suivantes:

Le virus se trouve actuellement à une distance de 100 km des frontières de notre pays. Dans la même réunion il été décidé que l'Administration des Eaux et Forêts soumettra au Ministère de l'Environnement la proposition d'installer un monitoring des renards dans notre pays en profitant des installations techniques des centres de collecte pour sangliers. Les chasseurs seront invités à livrer environ 300 renards dans les centres de collecte. Conformément à la législation en vigueur cet engagement des chasseurs sera honoré par le payement de 25 euros par renard. Les cadavres des renards seront analysés dans le laboratoire des Services vétérinaires.

La décision éventuelle de vacciner les renards à l'aide d'appâts par voie aérienne et/ou terrestre appartient au Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. Comme dans le passé cette campagne de vaccination éventuelle devrait se faire en étroite collaboration entre l'Administration des Eaux et Forêts, les Services vétérinaires et les chasseurs.